Well mer an enger aussergewéinlecher Sessioun sinn, géif ech virschloen, de Bureau folgendermoosseen ze besetzen: als President de Rangeelsten, an als Vizepresidenten den Zweeteelsten, den Dréetteelsten an de Véierteelste vun der Rangléscht, dat heesch déi Häre Lucien Weiler, Jos Scheuer an d'Madame Lydie Err.

Fir déi siwe Membere géif ech déi Jéngstgewiéle proposéieren, dat heesch: déi Häre Xavier Bettel, Claude Meisch, d'Madame Octavie Modert, déi Häre Felix Braz, Jean-Louis Schiltz, d'Madame Vera Spautz an den Här Marc Spautz.

Ass d'Chamber mat dése Virschléi averstanen?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Ass d'Chamber ebenfalls averstanen, d'Nomination vum Här Claude Friesen als Generalsekretär vum Bureau fir dës extraordinar Sessioun virzehuelen?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

De Bureau vun der Chamber ass deemno folgendermoosseen zesummegesat:

President:

Jean Asselborn.

Vizepresidenten:  
den Här Lucien Weiler,  
den Här Jos Scheuer,  
d'Madame Lydie Err.

Memberen:  
den Här Xavier Bettel,  
den Här Claude Meisch,  
d'Madame Octavie Modert,  
den Här Felix Braz,  
den Här Jean-Louis Schiltz,  
d'Madame Vera Spautz an  
den Här Marc Spautz.

Generalsekretär:

den Här Claude Friesen.  
D'Aufgab vum provisoiresche Büro ass ofgeschloss.

Ech soen eisen zwee jéngste Ge-wiéle merci fir hir Hélfel an iwwer-huelen dann elo d'Presidenz vum Bureau fir déi extraordinar Sessioun vun der Chamber.

## 8. Validation des élections européennes

No de Wahle fir d'Europaparlament vum 13. Juni 2004 ass d'Chamber zesummegeöfft, fir och dës Wahlen ze validéieren.

D'Texter vum Wahlgesetz vum 18. Februar 2003 iwwert d'Europawahle soe Folgendes:

Artikel 282: „La Chambre des Députés se prononce seule sur la validité des opérations électorales qui sont régies par la loi nationale. Toute réclamation contre ces opérations doit être formulée, sous peine de reclusion, par écrit et introduite dans les dix jours de l'élection auprès du Secrétaire général de la Chambre des Députés.“

Artikel 283: „Le Parlement européen vérifie les pouvoirs des représentants et statue sur les contestations qui pourraient éventuellement être soulevées sur la base des dispositions de l'Acte portant élection des représentants au Parlement au suffrage universel direct.

Toutefois, les contestations qui sont relatives à des dispositions nationales auxquelles cet Acte renvoie sont vidées par la Chambre des Députés.

Le Président de la Chambre des Députés adresse au Président du Parlement européen les documents nécessaires à la vérification des pouvoirs des représentants du Grand-Duché de Luxembourg.“

Ech wéilt d'Chamber nach drop opmerksam maachen, dass keng Reklamation iwwert d'Europawahlen agetraff ass.

Mir lousen dann elo déi siwe Membere vun dä Kommission aus, déi nokontrolléiere soll, ob alles uerdungsgeméiss bei de Wahle verlauf ass.

D'Kommission setzt sech folgendermoosseen zesummen:

1) den Här Jean-Louis Schiltz

2) d'Mme Nelly Stein

3) d'Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen

4) den Här Jean-Pierre Klein

5) den Här Fred Sunnen

6) den Här Norbert

D'Wuert huet de President vun der Vérificatiounskomissioune, den Här Robert Mehlen.

**M. Robert Mehlen, (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioune, déi elo grad ausgeloust gouf a sech aus folgende Memberen zesumme-setzt:

1) der Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen

2) dem Här Norbert Haupert

3) dem Här Jean-Pierre Klein

4) dem Här Jean-Louis Schiltz

5) der Mme Nelly Stein

6) dem Här Fred Sunnen

a mir selwer, huet mech als hire President designéiert an d'Madame Nelly Stein als Rapportrice ernannt. Duerfir géif ech lech bidden, Här President, fir der Rapportrice, der Madame Nelly Stein, d'Wuert ze ginn.

**M. le Président.** - Merci, Här President Mehlen. D'Wuert huet dann elo d'Rapportrice, d'Madame Nelly Stein.

**Rapport de la Commission de vérification des élections au**

#### Parlement européen du 13 juin 2004

**Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice.** - M. le Président, Messdames, Messieurs, j'ai l'honneur de vous communiquer les résultats de l'examen auquel a procédé la commission que vous avez désignée en vue de la validation des élections au Parlement européen du 13 juin 2004.

Résultat de la circonscription unique:

Bulletins trouvés dans les urnes: 209.689

Bulletins blancs: 10.184

Bulletins nuls: 7.320

Bulletins valables: 192.185

Nombre total des suffrages valables de toutes les listes: 1.089.936

Nombre électoral: 155.706

Les différentes listes ont obtenu les suffrages suivants:

Liste 1 (ADR - Aktionskomitee für Demokratie und Rechtsgerechtigkeit) 87.666

Liste 2 (DP - Demokratische Partei) 162.064

Liste 3 (LSAP - d'Sozialisten)

240.484

Liste 4 (DÉI GRÉNG) 163.754

Liste 5 (CSV) 404.823

Liste 6 (d'é Lénk) 18.345

Liste 7 (KPL - d'Kommunisten)

12.800

Il en résulte la répartition des sièges suivante:

Liste 1 (ADR): aucun élus

Liste 2 (DP): 1 élus, à savoir Mme Lydie Polfer

Liste 3 (LSAP): 1 élus, à savoir M. Jean Asselborn

Liste 4 (DÉI GRÉNG): 1 élus, à savoir M. Claude Turmes

Liste 5 (CSV): 3 élus, à savoir: M. Jean-Claude Juncker, M. Luc Frieden, M. François Biltgen

Liste 6 (d'é Lénk): aucun élus

Liste 7 (d'Kommunisten - KPL): aucun élus

Vu le procès-verbal de la circonscription électorale unique et en l'absence de réclamations, la Commission propose à la Chambre de valider les élections européennes du 13 juin 2004.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Madame Rapportrice. Huet d'Chamber iergendwellech Bemerkungen zu de Konklusiounen vun der Vérificatiounskomissioune ze maachen?

#### (Négation)

Dat ass net de Fall.

Ass d'Chamber deemno domat averstanen, d'Europawahlen ze validéieren? Ech géif lech ém en Handzeeche bidden.

Wien ass domadder d'accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

#### (Assentiment)

Da si se eestëmmeg validéiert. Et ass also esou décidéiert.

Ech wäert de President vum Europaparlament an deem Sénn informéieren.

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen. Merci.

Entschélllegt, ech muss d'Sitzung erém opmaachen!

#### (Hilarité)

Den Här Premierminister huet d'Wuert. Émmer d'lescht Wuert!

#### (Hilarité)

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Dat war eng ganz perspektivesch Remarque, Här President.

Ech wollt just preziséieren, Här President, fir dass weder falsch Hoffnungen nach falsch Erwaardungen, a virun allem keng falsch Kommentaren am Krees vum Europaparlament oder an der europäischer Press opkommen, dass ech duerch Bréif un d'Europaparlament, mat Kopie un d'Chamber, op mäi Mandat am Europaparlament renoncierien.

**M. le Président.** - Merci. D'Chamber hét dovunner Kenntnis. Kann ech d'Sitzung elo ophiewen? Et ass jo näisch méi soss beim Divers?

#### (Hilarité)

Da maache mer dat esou. Merci.

**(Fin de la séance publique à 16.35 heures)**

## 2<sup>È</sup> SESSION EXTRAORDINAIRE 2004

MARDI, 3 AOÛT 2004

## 1<sup>RE</sup> SÉANCE

Présidence: M. Lucien Weiler, Vice-Président  
Président élu

### Ordre du jour

- Clôture de la 1<sup>re</sup> session extraordinaire 2004 et ouverture de la 2<sup>re</sup> session extraordinaire 2004
- Prestation de serment de cinq élus
- Vérification des pouvoirs et prestation de serment des suppléants
- Élection du Bureau
- Allocution du Président élu
- Constitution des groupes politiques
- Institution de la Conférence des Présidents
- Constitution des Commissions parlementaires réglementaires et permanentes
- Renouvellement de la nomination du Secrétaire général
- Assemblées parlementaires internationales
- Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'Etat.

#### (Début de la séance publique à 15.02 heures)

- Clôture de la 1<sup>re</sup> session extraordinaire 2004 et ouverture de la 2<sup>re</sup> session extraordinaire 2004

**M. Lucien Weiler, Vice-Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, den Artikel 72, dréttent Alinea vun eiser Verfassung gesait Folgendes vir: „Toute session est ouverte et close par le Grand-Duc en personne, ou bien en son nom par un fondé de pouvoirs nommé à cet effet.“

Durch groussherzoglichen Arrêté vum 29. Juli 2004 huet de Grand-Duc Henri dem Här Jean-Claude Juncker, Premier- a Statsminister, d'Vollmacht ginn, déi éischte Session extraordinaire 2004 zouzemachen an déi zweit Session extraordinaire 2004 ass op.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Grand-Duc huet mer, duerch Arrêté vum 29. Juli vun désem Joer, d'Vollmacht ginn, déi aussergewéinlech Sessioun zouzemachen, déi mer viru kuerzem opgemaach hunn, an déi vun désem Woch a vun deene Méint dueren opzemaachen.

Ech soen lech merci.

**M. Lucien Weiler, Vice-Président.** - Ech ginn Akt vun Ärem Eed an ech hunn d'Éier, d'Madame Anne Brasseur an déi Här Charles Goerens, Henri Grethen, Carlo Wagner a Michel Wolter zu Membere vun der Chamber ze proklamieren.

- Prestation de serment de cinq élus

D'Chamber huet an hirer éischter extraordinaire Sessioun vum 13. Juli d' Wahle vum 13. Juni validéiert an d'Vérification des pouvoirs vun de Gewielten duerchgeführt. Duerno goufen hei am Parlament 49 Membere vereedegt. Dir dispenseiert mech elo, déi 49 Nimm nach eng Kéier virzeliesen, well et sinn der derbäi, déi an der Zwéischenzäit schonn erém net méi Deputéierte sinn.

Mir géifen dann elo déjéineg vereedegen, déi den 13. Juli net konnte present sinn: Et sinn dat d'Madame Anne Brasseur, déi Här Charles Goerens, Henri Grethen, Carlo Wagner a Michel Wolter.

Ech géif lech bidden, virun de Büro ze trieden, fir den Eed ofzeleeën, esou wéi en am Artikel 57 (2) vun der Verfassung virgesinn ass.

Ech liesen lech elo d'Eedesformel vir:

„Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat.“

Ech géif lech bidden, een nom aneren déi riets Hand an d'Luucht ze hiewen an d'Wiederer ze widderhuelen: „Je le jure.“

*Les députés suivants ont prêté serment:*

Mme Anne Brasseur

M. Charles Goerens

M. Henri Grethen

M. Carlo Wagner

M. Michel Wolter

Ech ginn Akt vun Ärem Eed an ech hunn d'Éier, d'Madame Anne Brasseur an déi Här Charles Goerens, Henri Grethen, Carlo Wagner a Michel Wolter zu Membere vun der Chamber ze proklamieren.

**3. Vérification des pouvoirs et prestation de serment des suppléants**

Mir kommen elo zur Vérification des pouvoirs vun de Suppléant, bedéngt duerch d'Kompositioun

vun der Regierung a vun de Représentant am Europaparlament. Mir baséieren eis dobäi op den Artikel 57 (1) vun der Verfassung, dee seet: „La Chambre vérifie les pouvoirs de ses membres et juge les contestations qui s'élèvent à ce sujet“, an den Artikel 3 vum Chamberreglement:

- Paragraph 1: „La Chambre est juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.“

- Paragraph 2: „A cet effet, les procès-verbaux d'élections sont, avec les pièces justificatives, transmis à une commission de sept membres, que le Bureau provisoire désigne en séance publique par voie du sort pour vérifier les pouvoirs.“

- Paragraph 3: „La commission nomme un ou plusieurs rapporteurs chargés de présenter ses conclusions à la Chambre.“

- Paragraph 5: „La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission, et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides.“

Mir lousen elo siwe Membere fir d'Vérificatiounskomissioune aus.

D'Kommissioune setzt sech folgendermoessen zesummen:

1) Madame Viviane Loschetter

2) Här Lucien Clement

3) Här Paul Helminger

4) Här François Bausch

5) Här Jean Huss

6) Här Emile Calmes

7) Madame Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen.

Ech géif d'Membere vun der Vérificatiounskomissioune bidden, sech zréckzeéien an d'Wahl vun de Suppléant, ze vérifiéieren an dann der Chamber hir Konklusione virzeleeën. Ech géif duerfir d'Sitzung fir ee Moment énnerbriechen, bis dass déi Aarbecht geamaach ass.

\* \* \*

D'Sitzung geet weider.

D'Wuert huet de President vun der Kommissioune, den Här Paul Helminger.

**M. Paul Helminger (DP).** - Här President, d'Kommissioune, déi Dir ausgeloust hutt, setzt sech aus folgende Memberen zesummen:

- dem Här François Bausch

- dem Här Emile Calmes

- dem Här Lucien Clement

- der Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen

- mir selwer

- dem Här Jean Huss an

- der Mme Viviane Loschetter.

D'Kommissioune huet d'Madame Gantenbein-Koullen zur Rapportrice ernannt a mech selwer zum President vun déser Kommissioune. Ech géing lech also bidden, der Madame Rapportrice d'Wuert ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. Lucien Weiler, Vice-Président.** - Merci. D'Wuert huet dann elo d'Madame Rapportrice vun der Kommissioune, d'Madame Gantenbein.

#### (Rapport de la Commission de vérification)

**Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (CSV), rapportrice.** - Monsieur le Président, Messdames et Messieurs, les élections législatives du 13 juin 2004 ont été validées lors de la sé

dame Mady Delvaux-Stehres, Messieurs Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz ont été nommés à la fonction de Ministres et Madame Octavie Modert à la fonction de Secrétaire d'État par le même arrêté.

Il appartient dès lors à la Chambre de vérifier les pouvoirs de leurs suppléants. A cet effet le Président de la Chambre a convoqué à la séance publique d'aujourd'hui les personnes suivantes:

Monsieur Marc Angel, Mesdames Nancy Arendt et Claudia Dall'Agnol, Monsieur Fernand Diederich, Mesdames Christine Doerner, Marie-Josée Frank et Françoise Hetto-Gaasch, Messieurs François Maroldt, Roger Negri, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Roland Schreiner et Madame Martine Stein-Mergen.

La Commission constate que la procédure a été régulière en la forme et recommande à la Chambre de valider les pouvoirs de ces 15 élus.

**M. Lucien Weiler, Vice-Président.** - Merci, Madame Rapporatrice. Ass d'Chamber domat averstanen, d'Pouvoiré vun de Suppléanten ze validéieren?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidément.

Ech géif déi nei Membere vun der Chamber elo bidden, virun de Büro ze kommen, fir den Eed ofzeleeën, esou wéi en am Artikel 57 (2) vun der Verfassung virgesinn ass.

Ech liesen elo d'Eedesformel vir:

„Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat.“

Ech géif lech bidden, een nom aneren déi riets Hand an d'Lucht ze hiewen an d'Wieder ze widderhuelen: „Je le jure.“

*Les députés suivants ont prêté serment:*

*M. Marc Angel*

*Mme Nancy Arendt*

*Mme Claudia Dall'Agnol*

*M. Fernand Diederich*

*Mme Christine Doerner*

*Mme Marie-Josée Frank*

*Mme Françoise Hetto-Gaasch*

*M. François Maroldt*

*M. Roger Negri*

*M. Marcel Oberweis*

*M. Patrick Santer*

*M. Marcel Sauber*

*M. Jean-Paul Schaaf*

*M. Roland Schreiner*

*Mme Martine Stein-Mergen*

Ech ginn Akt vun Ärem Eed. Deemno hunn ech d'Éier, zu Membere vun der Chamber ze proklaméieren: den Här Marc Angel, déi Dammen Nancy Arendt a Claudia Dall'Agnol, den Här Fernand Diederich, déi Damme Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Françoise Hetto-Gaasch, déi Häre François Maroldt, Roger Negri, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Roland Schreiner an d'Madame Martine Stein-Mergen.

#### 4. Élection du Bureau

Dir Dammen an Dir Hären, mir wiegen elo de Bureau vun der Chamber.

Eisem Reglement no besteet de Bureau aus engem President, dräi Vizepresidenten, maximal siwe Memberen an dem Secrétaire général.

Am Artikel 4 vun eisem Reglement steet Folgendes:

„(1) La Chambre, après la vérification des pouvoirs, procède à l'élection du Bureau, composé d'un pré-

sident, de trois vice-présidents et de sept membres au plus.

(2) Il est successivement procédé à un scrutin spécial pour la nomination du président, des trois vice-présidents et des membres.

(5) Au cas où pour la nomination soit du président, soit des vice-présidents, soit des membres le nombre des candidats correspond au nombre des places à pourvoir, le ou les candidats peuvent être proclamés élus sans qu'il soit nécessaire de procéder au scrutin prévu aux alinéas précédents.“

Mir wielen elo de Chamberspresident.

Gëtt et do iergendwellech Virschléi ze maachen? Den Här Wolter!

**M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, d'CSV-Fraktiouen géif den Här Lucien Weiler proposéieren.

#### (Hilarité)

**M. Lucien Weiler, Vice-Président.** - Gëtt et nach Virschléi?

#### (Négation)

Ech gesinn, dass dat net de Fall ass. Et ass soss keng Kandidatur do.

De Paragraph 5 vum Artikel 4 aus dem Chamberreglement gesäßt vir, dass d'Chamber op eng Ofstëmmung verzichte kann, wann et kee Géigekandidat gëtt, an dass deemno deen eenzege Kandidat zum Chamberspresident proklaméiert ka ginn.

Ech géif déi bidden, déi domat averstane sinn, d'Hand an d'Lucht ze hiewen.

#### (Assentiment)

Wann ech dat richteg gesinn, dann hutt Dir mech elo just zum President vun der Chamber proklaméiert.

#### (Hilarité et applaudissements)

Ech soen lech merci fir dat Vertrauen, dat Dir mir entgéintbruecht hutt. Ech wäert herno a menger Ried dorobber zréckkommen.

Mir wielen elo dräi Vizepresidenten. Gëtt et dozou iergendwellech Virschléi? Den Här Grethen!

**M. Henri Grethen (DP).** - Ech proposéieren d'Kandidatur vum Här Niki Bettendorf.

**M. le Président.** - Den Här Fayot!

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech proposéieren d'Kandidatur vum Här Jos Scheuer.

**M. le Président.** - Den Här Wolter!

**M. Michel Wolter (CSV).** - D'CSV-Fraktiouen proposéiert d'Kandidatur vum Här Laurent Mosar.

**M. le Président.** - Et gëtt also, wann ech dat richteg gesinn, dräi Kandidate fir dräi Posten. Et brauch also net ofgestëmmt ze ginn, wann d'Chamber domadder averstanen ass.

Ech géif déi bidden, déi domat averstane sinn, d'Hand an d'Lucht ze hiewen.

#### (Assentiment)

Voilà. Also sinn déi Häre Scheuer, Bettendorf a Mosar zu Vizepresidente vun der Chamber proklaméiert.

Mir wielen dann elo d'Membere vum Bureau.

Fir d'éischt muss d'Chamber d'Zuel vun de Membere vum Bureau festleeën. Nom Chamberreglement däerfen et höchstens siwe Leit sinn.

Ass d'Chamber domat averstanen, siwe Memberen ze wielen?

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidément.

Ginn iergendwellech Kandidature

fir déi siwe Poste vun de Membere vum Bureau virgeschloen? Madame Err!

**Mme Lydie Err (LSAP).** - Här President, ausser de Félicitatiounen un lech wollt ech lech den Här Fayot an den Här Bodyr fir d'Sozialistesche Partei proposéieren.

**M. le Président.** - Aner Virschléi? Madame Brasseur!

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Ech wollt am Numm vun der DP-Fraktiouen den Här Henri Grethen proposéieren.

**M. le Président.** - Den Här Huss!

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - D'Gréng Fraktiouen proposéiert den Här François Bausch.

**M. le Président.** - Den Här Haupert!

**M. Norbert Haupert (CSV).** - Här President, eis Fraktiouen proposéiert den Här Lucien Clement an den Här Michel Wolter.

**M. le Président.** - Den Här Gibéryen!

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, eis Fraktiouen proposéiert den Här Robert Mehlen.

**M. le Président.** - Et gëtt also esou vill Kandidate wéi et Poste gëtt. Et brauch deemno net ofgestëmmt ze ginn, wann d'Chamber domadder averstanen ass.

Ech géif déi bidden, déi domat averstane sinn, d'Hand an d'Lucht ze hiewen.

#### (Assentiment)

Et ass also esou décidément.

Deemno setzt sech de Bureau vun der Chamber folgendermoosse zusammen:

President: Lucien Weiler.

Vizepresidenten:

den Här Jos Scheuer,

den Här Niki Bettendorf,

den Här Laurent Mosar.

Memberen:

den Här Michel Wolter,

den Här Ben Fayot,

den Här Henri Grethen,

den Här François Bausch,

den Här Robert Mehlen,

den Här Lucien Clement,

den Här Alex Bodry.

Sou wéi den Artikel 6 vum Chamberreglement et virgesäßt, deelen ech dem Grand-Duc mat, dass d'Chamber sech an hirer zweeter aussergewéinlecher Sessiouen konstituéiert huet an dass se hire Bureau gewielt huet mat deene Leit, déi Der elo just allegueren designéiert hutt.

#### 5. Allocution du Président élu

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen!

An dësem Moment, wou Dir mer d'Présidence vun der Létzebuerger Chamber uvertraut hutt, wëll ech lech alleguer e groussen an häerzleche Merci dofir soen.

D'Létzebuerger Chamber ze présidéieren ass gradesou eng nobel Aufgab wéi déi Aufgab, déi d'Wieiller all Eenzelne vun eis opgedroen hunn, wéi se eis den 13. Juni zum Députéierte gewielt hunn.

Dir hutt vill Vertrauen a mech gesat an ech versécheren lech haut um 3. August, dem Dag vu mengem 53. Gebuertsdag, alles ze maache fir dësem Parlament e gudde President ze ginn.

Ech wëll mech dobäi leede losse vun deem, wat meng Elteren, respektiv dee Mann, deem ech an der Politik villes, wann net alles ze verdanken hunn, námlech eise fréiere Vizepräsident, den Ed. Juncker, mech geléiert hunn: „Kuck fir d'éischt no deenen, fir déi du d'Verantwortung dréis, a kuck fir d'lescht no dir.“ Et ass no deem Motto wou ech wëll meng Aarbecht als President hei maachen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, den 13. Juni si mer wiele gaangen. Et war dat e grousse Rendez-vous vum Land a seng Leit mat der Demokratie. Speziell an dësem Joer, wou déi grujeleg Evénementer vum Zweete Weltkrich eis erém esou no bruecht ginn, spiere mer, wat fir eng Chance dass et ass, an engem demokratesche Stat ze liewen an eis politesch Ausrichtung selber kennen ze bestëmmen. Et ass an dëse Momenter, wou ee sech bewosst gëtt, wéi kostbar a wéi verletzlech zugläich d'Demokratie mat hiren inhärente Fraîheete ka sinn.

Den 13. Juni haten d'Wieler d'Wuert. Si hu 60 Députéierte gewielt, déi haut, no der Regierungsbildung, vollzieleg hiren Eed gelesen hatt. D'Volleksvertriedung ass elo komplett.

Deputéierten ze sinn, dat ass eng nobel Aufgab a gläichzäiteg mat héije Responsabilitéite verbonnen. Bei der Ausübung vu sengem Mandat soll den Députéierte wessen, dass eis Verfassung eng Dispositioun virgesäßt, déi seet: „Les députés votent sans en référer à leurs commettants.“ Dat heescht, dass den Députéierten, jenseits vu perséinlechen a kollektiven Interessen, d'Wuel vum ganzen Land a sengem Vollek am A muss hinn, während e seng Missioun wouerhelt.

Wa mer ofstëmmen, musse mer eis selwer an eisem Gewësse Rechenschaft drijvver ofleeeën, ob mer dat, wat mer stëmmen oder oflehn, genuch gepréift hatt - ob mer also eiser Verantwortung esou nokomm sinn, wéi d'Verfassung et vun eis verlaagt. Kee Vote ass e Vote de complaisance, an Députéierten ze sinn ass keng Mission de complaisance.

An dësem Haus ass bei all Vote jidder eenzelnen Députéierten d'ganz Vollek. Dacks si mir eis dëser Ufuerderung net ausreechend bewosst. Mir müssen eis se awer émmer a permanent an d'Ge diechtnis zréckruffen.

An deem Kontext wëll ech soen:

Mes très chers collègues,

Bien que nous venions d'être élus par les citoyens luxembourgeois, nous devons avoir constamment conscience du fait que nous sommes également les représentants de nombreux hommes et femmes qui ne possèdent point la nationalité luxembourgeoise mais qui vivent et travaillent au Grand-Duché et qui contribuent d'une façon ou d'une autre au bien-être et à la prospérité de notre pays.

À eux je voudrais donner l'assurance de notre Parlement que nous serons aussi attentifs à leurs problèmes qu'à ceux des concitoyens qui nous ont élus.

Le défi consiste dans un développement harmonieux de notre vie commune et dans le respect mutuel des particularités culturelles et des différentes communautés. Ce défi devra être et sera la première préoccupation de notre institution.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Létzebuerger fonctionnéiert nom demokratesche Grondprinzip vun der Gewaltentrennung. D'Regierung proposéiert der Chamber legislativ Texter, duerch déi d'Politik Gesetz a Wierklicheet gëtt. Mä d'Chamber muss se beschléissen. Et ass si, déi décidément. Mir sinn et, déi gewielt Vertriebeder vum Vollek, déi „en définitive“ bestëmmen.

Bei der politescher Démarche brauchen a sollen d'Regierung an

d'Chamber net émmer op enger Linn leien. Och wann et normal ass, dass et eng zolidd Nuebel-schnouer téschent der parlamentarescher Majoritéit an der Regierung gëtt - wat iwwregens selbst-verständlech ass, soss géif eisen demokratesche System net fonctionnéier -, esou wénschen ech mer, dass d'ganz Parlament op dem Wee vun der Emanzipatioun virükennet, well dat ass de Sauervstoff fir eis Demokratie. Et ass net eng Optioun fir d'Parlament, sech eng eege Meenung ze leeschten, mä et ass eng konstitutionell Obligation, sech esou eng Meenung ze bilden.

Den 13. Juni huet d'Demokratie hei zu Létzebuerger déi Loft geholl. Bis zu deene nächste Wahlen ass et hei an der Chamber wou se otmet. An der Chamber lieft d'Demokratie, hei beweegt se sech, hei fénnet se hir konkret a regelméisseg Artikulation. Esou ass

sinn, sinn net ze énnerschätzen. Den däitsche Professer fir politesch Wëssenschaften, den Hermann Lübke, huet geschriwwen: „Noch nie hat eine Gegenwartsziviliéisation so wenig über ihre Zukunft gewusst wie unsere eigene. Frühere Generationen wussten Verlässliches über ihre Zukunft zu sagen, da sie davon ausgehen konnten, dass die bestimmenden Strukturen ihrer Lebenswelten so aussehen wie die bisherigen.“ Dat ass haut net méi esou.

Et ass eis Flicht, dass mer déi grouss Zukunftsdéifién ophuelen, dass mer eis hinne stellen an an enger demokratescher Ausenanersetzung no deene beschte Léisunge sichen. An deem Senn wünschen ech eis all eng gutt Zesummenaarbecht am Déngsch vum Lëtzebuerger Land an deene Leit, déi hei schaffen a wunnen.

Plusieurs voix.- Très bien!

## 6. Constitution des groupes politiques

M. le Président.- Mir kéimen dann zur Konstitutioun vun de Fraktiouen.

Am Artikel 13 vum Chamberreglement steet:

- .1) Les députés peuvent se constituer en groupes politiques.
- 2) Pour être reconnu, un groupe politique doit comprendre au moins cinq membres.

3) Les groupes politiques remettent à la présidence la liste de leurs membres et indiquent le nom de leur président.“

Et hu sech fénnef Fraktioune konstituéiert. Dat sinn:
 

- d'Fraktiou vum ADR mam Här Gast Gibéryen als President;
- d'Fraktiou vun der CSV mam Här Michel Wolter als President;
- d'Fraktiou vun deene Géng mam Här François Bausch als President;
- d'Fraktiou vun der DP mam Här Henri Grethen als President;
- d'Fraktiou vun der LSAP mam Här Ben Fayot als President.

## 7. Institution de la Conférence des Présidents

Da komme mer zur Institutioun vun der Conférence des Présidents.

Am Artikel 26 vum Chamberreglement steet:

- .1) Il est institué une commission dénommée Conférence des Présidents.
- 2) Elle se compose du Président de la Chambre ainsi que du président de chaque groupe politique constitué conformément à l'article 13.“

Deemno presentéiert sech d'Zesummesetzung vun der Presidenkonferenz folgendermoosseen:

- de Chamberspresident: Lucien Weiler;
- de President vun der CSV-Fraktiou: Michel Wolter;
- de President vun der LSAP-Fraktiou: Ben Fayot;
- de President vun der DP-Fraktiou: Henri Grethen;
- de President vun der Fraktiou vun DÉI GRÉNG: François Bausch;
- de President vun der Fraktiou vum ADR: Gast Gibéryen.

## 8. Constitution des Commissions parlementaires réglementaires et permanentes

Da komme mer zu der Konstitutioun vun deene parlamentaresche Kommissiouen.

Am Artikel 16 vum Chamberreglement steet:

.1) Après chaque renouvellement de la Chambre, celle-ci forme dans son sein des commissions permanentes, dont elle fixe le nombre, la dénomination et les attributions.

2) Les commissions permanentes sont composées de cinq membres au minimum et de treize membres au maximum.

3) Toutes les commissions permanentes nomment dans leur sein, à la majorité absolue des votants et pour la durée de la session, un président et deux vice-présidents.“

Et läit eng Propositioun vir iwwert d'Asetze vun dräi reglementareschen a 17 permanente Kommissiouen.

D'Zuel vun de Kommissiouensmembere soll op eelef festgeluecht ginn, dovu véier Membere fir d'CSV-Fraktiou, dräi Membere fir d'LSAP-Fraktiou, zwee fir d'DP-Fraktiou a jeeweils ee Member fir d'Fraktioune vun deene Gréng vum ADR.

Ech zielen elo déi verschidde Kommissiouen op:

### Commissions réglementaires:

- 1) Commission des Comptes et du Contrôle de l'exécution budgétaire
- 2) Commission des Pétitions
- 3) Commission du Règlement

### Commissions permanentes:

- 4) Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense et de la Coopération
- 5) Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire
- 6) Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
- 7) Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement
- 8) Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports
- 9) Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
- 10) Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture
- 11) Commission de l'Environnement
- 12) Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse
- 13) Commission des Finances et du Budget
- 14) Commission de la Fonction publique, de la Réforme administrative, des Media et des Communications
- 15) Commission juridique
- 16) Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle
- 17) Commission de la Santé et de la Sécurité sociale
- 18) Commission des Transports
- 19) Commission du Travail et de l'Emploi
- 20) Commission des Travaux publics

Ass d'Chamber mat dése Virschléi averstanan?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidiéert.

D'Lësch vun de Kommissioune mat hirer Zesummesetzung gétt am Compte rendu veröffentlicht (cf. 4<sup>e</sup> page au début de ce compte rendu).

Den Här Henri Grethen freet d'Wuert.

## 9. Renouvellement de la nomination du Secrétaire général

M. Henri Grethen (DP).- Här President, zum Punkt 4, Election du Bureau, misste mer och nach de Mandat vum Generalsekretär renouveléieren.

M. le Président.- Ech sinn dem honorablen Här Grethen ganz dankbar, well wann en dat elo net gemaach hätt, da wär ech muer méi schlecht dru wéi iergende aneren!

### (Hilarité)

Voilà! Dofir wéll ech soen, dass mer als Chamber mussen dem Generalsekretär säi Mandat erneieren. Dofir froen ech d'Chamber, ob d'Chamber averstanen ass, d'Nomination vum Här Claude Friesen als Generalsekretär fir dès extraordinaire Sessioun ze erneieren?

### (Assentiment)

Ech stelle grouss Unanimitéit fest an ech si ganz erlückert, dass mer dat doten elo gemaach hunn.

## 10. Assemblées parlementaires internationales

D'Chamber muss ebenfalls hir Delegierte fir déi verschidden internationale parlamentaresche Versammlungen designéieren.

D'Presidentekonferenz huet sech an hirer Réunioun vum 29. Juli iwwert d'Zesummesetzung vun deene verschiddenen Delegatiounen prononcéiert.

### 1. Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe (CE):

3 effektiv Memberen: dovun 1 Vertreter vun der CSV-Fraktiou, 1 LSAP, 1 DP;

3 Suppléanten: 1 CSV, 1 DP, ofwiesseln 1 DÉI GRÉNG an 1 ADR.

Fir d'CSV si proposéiert: den Här Marcel Glesener als effektive Member an den Här Norbert Haupert als Membre suppléant;

fir d'LSAP: d'Madame Lydie Err als effektive Member;

fir d'DP: den Här Charles Goerens als effektive Member an d'Madame Anne Brasseur als Membre suppléant;

fir den ADR: den Här Gast Gibéryen als Membre suppléant fir déi zwee lescht Joer vun der Legislaturperiode.

Bei deene Gréng, den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Déi gréng Fraktiou proposéiert den Här Jean Huss fir déi zwee lescht Joer.

M. le Président.- Voilà, dann hu mer d'Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe komplett.

### 2. Assemblée parlementaire de l'Union de l'Europe Occidentale (UEO):

3 effektiv Memberen: 1 CSV, 1 LSAP, 1 DP;

3 Suppléanten: 1 CSV, 1 DP, ofwiesseln 1 DÉI GRÉNG an 1 ADR.

Fir d'CSV: den Här Marcel Glesener als effektive Member an den Här Norbert Haupert als Membre suppléant;

fir d'LSAP: d'Madame Lydie Err als effektive Member;

fir d'DP: den Här Charles Goerens als effektive Member an d'Madame Anne Brasseur als Membre suppléant;

fir den ADR: den Här Jacques-Yves Henckes als Membre suppléant fir déi zwee lescht Joer vun der Legislaturperiode.

Här Bausch?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Mir proposéieren d'Madame Viviane Loschetter als Membre suppléant.

M. le Président.- Dont acte.

Den Här Bausch deelt mer de Membre suppléant vun deene Gréng mat.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Den Här Jean Huss fir déi éisch dräi Joer, Här President.

M. le Président.- Den Här Jean Huss, okay. Voilà, da wär déi och komplett.

### 3. Assemblée parlementaire de l'OTAN (APO):

3 effektiv Memberen: 1 CSV, 1 LSAP, 1 DP;

3 Suppléanten: 1 CSV, 1 LSAP, ofwiesseln 1 DÉI GRÉNG an 1 ADR.

Fir d'CSV: den Här Marc Spautz als effektive Member an den Här Fred Sunnen als Membre suppléant;

fir d'LSAP: den Här Marc Angel als effektive Member an d'Madame Lydia Mutsch als Membre suppléant;

fir d'DP: d'Madame Colette Flesch als effektive Member;

fir den ADR: den Här Jean-Pierre Koepf als Membre suppléant fir déi zwee lescht Joer.

Une voix.- Déi éisch.

M. le Président.- Fir déi zwee éisch Joer? Ah, Dir defineert dat spéider. D'accord. Et geet jo duer, dass mer elo komplett sinn.

### 4. Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe (OSCE):

De Chamberspresident plus 4 effektiv Memberen a 4 Suppléanten;

jeweils 1 CSV, 1 LSAP, 1 DP an ofwiesseln 1 DÉI GRÉNG an 1 ADR.

Fir d'CSV: den Här Patrick Santer als effektive Member an den Här Marcel Sauber als Membre suppléant;

fir d'LSAP: den Här Alex Bodry als effektive Member an d'Madame Lydia Err als Membre suppléant;

fir d'DP: den Här Paul Helmlinger als effektive Member an den Här Niki Bettendorf als Membre suppléant;

fir den ADR: den Här Aly Jaerling als Membre effectif fir déi zwee lescht Joer an den Här Gast Gibéryen als Membre suppléant och fir déi zwee lescht Joer.

Här Bausch?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Déi gréng Fraktiou proposéiert fir déi dräi éisch Joer, Här President, den Här Jean Huss als Membre effectif an d'Madame Loschetter als Membre suppléant.

M. le Président.- Ech huelen Akt dovunner. Da si mer och do komplett.

### 5. Assemblée parlementaire euro-méditerranéenne (nouvellement créée):

3 effektiv Memberen: 1 CSV, 1 LSAP, 1 DP;

3 Suppléanten: 1 CSV, 1 DP, ofwiesseln 1 DÉI GRÉNG, 1 ADR.

Fir d'CSV: d'Madame Martine Stein-Mergen als effektive Member an d'Madame Christine Doerner als Membre suppléant;

fir d'LSAP: d'Madame Lydie Err als effektive Member;

fir d'DP: den Här Emile Calmes als effektive Member;

fir den ADR: den Här Jacques-Yves Henckes als Membre suppléant fir déi zwee lescht Joer vun der Legislaturperiode.

Här Bausch?

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Déi Gréng proposéieren den Här François Bausch, Här President.

M. le Président.- Voilà. Da wéll ech froen, ob d'Chamber mat all deene Virschléi, déi hei gemaach gi si fir d'Assemblées parlementaires internationales, averstanen ass?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidiéert.

## 6. Assemblée parlementaire de la Francophonie (APF):

De Chamberspresident plus traditionell 3 Membere vum Bureau.

Fir d'CSV: den Här Michel Wolter; fir d'LSAP: den Här Jos Scheuer; fir d'DP: den Här Henri Grethen.

## 7. Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux:

7 effektiv Memberen a 7 Suppléanten, dovu jeewells 2 CSV, 2 LSAP, 1 DP, 1 DÉI GRÉNG, 1 ADR.

Fir d'CSV: déi Damme Marie-Josée Frank an Nelly Stein als effektiv Memberen an déi Häre Marco Schank a Jean-Paul Schaaf als Membres suppléants;

fir d'LSAP: d'Madame Lydia Mutsch an den Här Roger Negri als effektiv Memberen an déi Häre Marc Angel a Fernand Diederich als Membres suppléants;

fir d'DP: den Här Xavier Bettel als effektive Member an den Här Emile Calmes als Membre suppléant;

fir den ADR: den Här Jean-Pierre Koepf als Membre suppléant fir déi zwee lescht Joer.

fir den ADR: den Här Aly Jaerling als effektive Member an den Här Aly Jaerling als Membre suppléant.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, déi gréng Fraktiou proposéiert fir de Conseil Benelux den Här Camille Gira als Membre effectif an den Här Felix Braz als Membre suppléant.

M. le Président.- Très bien.

## 8. Conseil Parlementaire Interrégional (CPI):

De Chamberspresident plus 6 effektiv Memberen: 2 CSV, 2 LSAP, 1 DP, 1 ADR,

a 6 Suppléanten: 2 CSV, 2

D'Lësch vun de Lëtzebuerger Vertreider an deene verschidde internationale parlamentaresche Versammlunge gëtt am Compte rendu veröffentlicht (cf. 3<sup>e</sup> page au début de ce compte rendu).

Den Här Michel Wolter huet d'Wuert gefrot.

11. Dépôt d'une proposition de modification

## du Règlement de la Chambre

M. Michel Wolter (CSV).- Här President, ech hunn d'Wuert gefrot fir en Dépôt ze maache vun enger Proposition de modification vum Reglement vun der Chamber am Zesummenhang mat der Budgetsprozedur. D'éi Proposition gëtt énnerstétz vu véier Fraktiouen, der Fraktiouen vun der CSV, déi en-

nerschriwwen huet duerch mech selwer an den Här Clement, LSAP, den Här Fayot, DP, den Här Grethen, an DÉI GRÉNG, den Här Bausch.

M. le Président.- Merci, Här Wolter.

Well et sech bei dësem Dépôt ém en Ofännungsvorschlag vun der Procédure budgétaire handelt,

deen an der nächster Sessioun a Krafft triede soll, froen ech d'Chamber, ob si domat averstanne ass, an der Sitzung vu muer, no der Deklaratioun vum Här Statsminister, iwwert dësen Ännérungsvorschlag ofzestéammen. Ass d'Chamber d'accord domat?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Muer um hallwer dräi hériere mer dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker seng Regierungserklärung.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.55 heures)

## Ordre du jour

1. Déclaration de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, concernant le programme gouvernemental
2. 5368 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

(Rapport de la Commission du Règlement - Discussion générale - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.34 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Ech géing d'Journaliste bidden hir Aarbecht färddeg ze maachen an eis dann alleng ze loossen.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen huet.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Nach net, Här President, awer ge-schwënn!

M. le Président.- Ech ginn dovunner aus, dass dat de Fall wäert sinn. An dofir ginn ech dem Här Statsminister Jean-Claude Juncker d'Wuert fir de Regierungsprogramm vun där neier Regierung virzestellen.

Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

1. Déclaration de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, concernant le programme gouvernemental

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

D'Wahle sinn eriwwer an d'Schluecht ass geschloen. Ma Gott sei Dank war et keng Schluecht. D'Parteien hunn - am Regelfall - fair mateneen diskutéiert. Et huet kee probéiert deen aneren ze massakréieren.

Et gouf sech virum 13. Juni dacks drivwuer beklot, d'Wahlcampagne hätt keen eigentlecht Thema. Déi, déi déi Klo gefouert hunn, schéngemengt ze hunn, et misst an der Politik een Thema ginn, ronderém dat sech alles géing dréien, sou wéi wann am Liewe vum Eenzelnen oder am Liewe vum Land némmen een Thema, eng Suerg, een Dram, eng Hoffnung d'Mënsche géif émdreien. D'Liewe vu jiddferengem - mir wëssen dat - an och d'Liewe vun engem Land, dat ass awer méi breet, méi villschichteg a méi komplizéiert wéi némmen esou. Keen huet némmen een Thema oder et ass een aarme Mënsch. An d'The-

ma vun eisem Land, dat ass seng Zukunft, an déi Zukunft, déi setzt sech aus villen Themen zesummen.

Keng Partei huet op all déi Froen, déi sech stellen, eng kohärent Antwert aus engem Goss. Och déi net, déi d'Wahlen op eng vu kengem kontestéiert Aart a Weis gewonnen huet. Wahle gewannen, méi staark ze si wéi anerer, dat heescht nach laang net op alle Punkte Recht ze hunn. Wahle gewonnen ze hunn, dat ass keng Invitatioun fir sech als Meeschter vum Land ze spieren oder als Meeschter vum Land op-zespillen, aner Meenungen, aner Iwwerzeugungen ze ignoréieren, aner Sensibilitéiten ze laminéieren an aner Liewensvirstellung, aner Liewenswérwef an hirem geschlosse Berechtigungskrees ze niéieren. Eist Land ass net d'Proprietéit vun enger méi staarker Partei oder vun engem duerch de Suffrage universel besonesch däitlech Legitiméierten. Eist Land, dat ass d'Kopropriétéit vun alle Lëtzebuerger; en fait vun de Leit alleguer, och vun deenen, déi vu méi wäit kommen an awer no mat eis zesummeliewen.

Eng Partei - d'CSV - huet d'Wahle kloer gewonnen, eng aner - d'Demokratesch Partei - huet se däitlech verluer. Esou ass dat an der Demokratie: Eng Kéier ass een uewen, eng Kéier ass ee méi énnen. Deen, deen haut uewen ass, dee ka mar ganz énne sinn. Dorunner sollen déi denken, déi haut uewe sinn. Déi, déi haut méi énne sinn, déi kenne mar erém uewe sinn. Dorunner sollen déi denken, déi haut méi énne sinn. Si brauche sech fir hir Aarbecht net ze schummen, scho guer net déi, déi an der Regierung waren. Si leien net um Buedem.

Eng drétt Partei - déi Gréng - huet bei de Wahlen hier Positioun gestäert. Si mécht vu Programmatisch a vu Personal hier de Krees vun de regierungsfäege Parteie méi grouss: eng positiv Entwicklung an eiser demokratescher Landschaft.

Den ADR ass méi schwaach gi wéi e war. D'Zuel vun deenen, déi net besser si wéi déi aner, déi dofir awer mordicus wëllen anescht si

wéi déi aner, déi hëlt of: och eng gutt Entwécklung.

D'Sozialistesch Partei hirersäits huet hir Positioun confirméiert an ausgebaute. Si ass mat Ofstand déi zweetstærkste Partei ginn. Et mécht Senn, arithmetesch a virun allem awer inhaltech, mat hir eng Regierung ze bilden. D'Sondiéierungsgespréicher hunn dat gewisen, d'Verhandlungen hunn dat bestätigt, déi grouss Traditioun vun där Partei mécht dat méiglech, an déi gemeinsam CSV-LSAP-Leeschungen téشت 1984 an 1999 beleeeën, datt d'CSV an LSAP zesummen d'Land vun der Plaz bréngen können.

Némme wann déi politesch Viraussetzung stëmmen, kann een d'Land weider vun der Plaz bréngen. Et brauch een dofir eng staark Majoritéit an der Chamber. Et brauch een dofir een zolitte Programm. Béid Virbedéngunge si beim Zesummegoe vun CSV an LSAP erfëllt.

Béid Parteien hu bei de Chamberwahlen zesummen nobai 60% vun de Stëmme kritt; si stellen 38 vu 60 Deputéierten. Béid Parteien hunn an alle véier Wahlbezirker d'Majoritéit: iwwer 52% am Norden, iwwer 54% am Zentrum, iwwer 55,5% am Osten a bal 68% am Süden. Keng aner Zwou-Parteie-Kombinatioun géif iwwer eng Majoritéit an deene véier Wahlbezirker verfügen. Do-mat ass kloer: Dés Regierung entspricht dem nationalen, méi awer och dem regionale Wielerwëllen; e gouf bei den Europawahle bestätigt.

Fir se regéiere brauch een eng Majoritéit, méi et brauch een awer och een zolitten, ee kohärente Regierungsprogramm. Deen hu mer a 15 Verhandlungsronnen ausgeschafft an opgestallt.

Net jiddferee fénnnt sech mat allem wat e wollt a wat e gäre gehat hätt an deem Programm erém - ech och net; ech scho guer net -, méi d'Demokratie lieft och vum Kompromiss a vun der Konscht zum Kompromiss. D'Konscht vum Kompromiss besteht am Uleeë vun enger staarker Intersektioun vu gemeinsamen Usiichten, vu gemeinsamen Absichten, deenen hir Bündelung de Stoff ergëtt, aus deem sech Léisunge fir d'Problemer vum Land a vun de Leit erfannen, erdenken, émsetze loassen.

D'Konscht zum Kompromiss bestéet an der Bereetschaft, déi fonn-te Léisungen net doduerch on-méiglech ze maachen, datt ee sech selwer méi wichteg hëlt wéi déi aner. Ech ginn zou - eng Kéier, dann ni méi -, datt ech relativ dacks eng ausgesprachen Tendenz an déi Richtung hunn, méi ech probéiere mech ze fleegen a mech ze besseren. An de leschte Joren, Méint an och Wochen hunn ech Eenzelner begéint, déi genau esou krank si wéi ech. Si solle sech och fleege loassen. Si sollen och probéiere sech ze besseren. Mir maachen dat zesummen.

An dëst Weeschéld féiert néierens hin, wann een d'Logbuch, de Code de la route vu Modernisatioun, Innovatioun, Transformatioun an Integratioun net gelies an net verstanen huet: De Wee zur Modernisatioun, de Wee zur Integratioun, zur Transformatioun an de Wee zur Innovatioun, dat ass d'Moderatioun.

D'Moderatioun, dat ass d'Method, d'Landkaart, d'Aart a Weis, de Kompass.

D'Moderatioun - Dir hutt et gemierkt -, dat reimt mat Modernisatioun, Innovatioun, Transformatioun an Integratioun. D'Zil an d'Method, dat ass eng Melodie.

Et war, Här President, schonn émmer modern, modern ze sinn.

Déi Modernitéit awer, déi mer wëllen, dat ass net déi gängeg Modernitéit, déi iwwerflächlech Modernitéit, déi Modernitéit ouni Délfgank, ouni Konsequenz an ouni Émstellung.

Dee Programm, deen d'Regierung lech fir déi nächst Woche propo-séiert, leet kee radikale Klimawiesel an. Seng Application féiert al-lerdéngs zu engem relativen Temperaturwiessel. Déi nei Koalitions-partei hunn an deene leschte Wochen dem Land an sengen Zukunfts-themen d'Temperatur geholl. Mir brauche méi e kille Kapp, do wou d'Temperatur ze héich ass, a méi Temperatur do, wou eis Ambitionen ze kill sinn.

Ech hu gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Thema vun der Politik, dat wier d'Zukunft vun eisem Land. An dat Thema, dat setzt sech eben aus villem zesummen.

Dat Villt, dat d'Thematik vum Land ausmécht, dat hu mer probéiert am Koalitionsprogramm zesummenzedroen, deen déser Erklärung zur detailliérter Ergänzung báilait. Dés Ried an de Koalitionsprogramm erginn de Regierungsprogramm. An deem steet villes, méi nach laang net alles. An him steet alles, wat mer maache wëllen a wat mer maache können. An him steet net alles, wat mer maache müssen, jee nodeem wéi d'Welt sech entwéckelt. Well niewent Lëtzebuerg gëtt et nach eng ganz Welt, déi no hire Gesetzer wilsst, Gesetzer, déi se selwer nach net kennt, méi Gesetzer, déi, wann d'Welt se bis formuléiert huet, sech och heiheem imposéieren.

Mä loosst mer mol zesummen ee Spadséiergang maachen duerch déi Landschaft, déi mer kennen, duerch deen Themebesch, deen ugewuss ass, duerch dat Ge-strepps, dat eis bis un d'Been reecht an aus deem keen däischtere Bësch däarf ginn. Mir können dobai net hannert all Strauch kucken, net an all Wénkel hannert alle Wénkel blécken, méi mir müssen d'Ascht esou auserneen zéien, datt mer wäit genuch gesinn, fir eise Wee ze fannen.

Dee Wee, dee musse mer zesumme fannen a mir müssen en och zesumme sichen. Op deem Wee sengem Ufank steet ee Weeschéld an op deem Weeschéld steet eppes dat sech reimt: Modernisatioun, Innovatioun, Transformatioun an Integratioun.

An dëst Weeschéld féiert néierens hin, wann een d'Logbuch, de Code de la route vu Modernisatioun, Innovatioun, Transformatioun an Integratioun net gelies an net verstanen huet: De Wee zur Modernisatioun, de Wee zur Integratioun, zur Transformatioun an de Wee zur Innovatioun, dat ass d'Moderatioun.

D'Moderatioun, dat ass d'Method, d'Landkaart, d'Aart a Weis, de Kompass.

D'Moderatioun - Dir hutt et gemierkt -, dat reimt mat Modernisatioun, Innovatioun, Transformatioun an Integratioun. D'Zil an d'Method, dat ass eng Melodie.

Et war, Här President, schonn émmer modern, modern ze sinn.

Déi Modernitéit awer, déi mer wëllen, dat ass net déi gängeg Modernitéit, déi iwwerflächlech Modernitéit, déi Modernitéit ouni Délfgank, ouni Konsequenz an ouni Émstellung.

Mir wëllen net d'Modernitéit duerch afen- an epigonenhaft Upassung un den Zäitgeesch. Mir wëllen d'Modernitéit duerch de Mentalitéitswiessel.

Dee Mentalitéitswiessel, dee stéisst op Grenzen, net op Grenzen, déi sech eis absolut opzwangen, mä op Grenzen, déi mer eis selwer opdrécken, well mer virun den Aufgaben, déi sech stellen, esou gäre géife fortlaufen. Aus Ängstlichkeit, aus Bequemlichkeit, aus sympathescher lëtzebuerger Kommoditéit eraus.

Mir welle bleiwe wat mer sinn": Dat war den Nationalsproch, wéi anerer eis huele wollte wat mer waren a wollte bleiwe.

Mir hale wat mer hunn": Dat ass de Motto vu villen déi mengen, dass "hunn" a "sinn" genau datselwecht wär. Mir mengen, datt dat net datselwecht ass. Och déi, déi net vill hunn, sinn esou vill wäert wéi déi, déi menge si wiere méi well se méi hunn.

Déi Modernitéit, déi Moderniséierung, déi mer wëllen, dat ass déi, déi am Changement d'Chance vum "Bleive wat mer sinn" gesait. "Mir welle bleiwe wat mer sinn" - jo, honnertmol jo -, mä dofir musse mer eis awer - dausendmol jo - änneren, upassen, adaptéieren, evolueren.

D'Welt, déi waart nämlech net op eis. A mir däerfen och net op d'Welt waarden. Mir müssen hir entgéintgoen oder d'Welt iwwer-rennt eis.

Déi - an et gétt der vill -, déi alles welle si loosse wéi et ass, déi, déi net moderniséieren, innovéieren, kreéieren, transforméiere wëllen, déi, déi op d'Gemettlechkeet vum Strukturkonservatismus setzen, déi lafen der Welt dauernd no, déi ver-passen de Rendez-vous mat der Zukunft. Mir wëllen dëse Rendez-vous organiseren, an aller Rou, mä mat Begeescherung. Mat zwee Féiss um Buedem, mä a permanenter Bewegung. Mat Senn fir dat, wat gutt, a fir dat, wat richteg gewuiss ass, awer och am Wëssen drëm, wat d'Veränderungs-noutwendegkeete vun der Zäit sinn.

Fréier - et ass nach net esou laang hier - do waren d'Politiker émmer dann op der gewonnener Säit, wa se Reformen ugekennegt hinn. Reforme ware populär. Haut mécht d'Reform Angsch. D'Reform provo-ziert Ofléhnung. Schonn eleng d'Nenne vum Wuert Reform provo-ziert Opreegung. Deen, dee Reformen upaakt, deen, deen ännernen, transforméieren, moderniséiere wëllt, dee kritt kee Respekt, mä en ass ville suspekt. Mir wëllen hinn, dass d'Leit eis respektéieren, well mer reforméieren.

Här President, heiansdo heescht Moderniséieren intelligent, flexibelt Konservéieren. Dat ass de Fall - ouni all Zweifel - an der Finanzpoliti-

D'Finanz-, Budgets- a Steierpolitik wäert keng drastesch Revirement erliewen. Si géif och keng iwwerluecht,

virsichteg bleiwen an däerf de Känaal net verloossen, deen d'méttel-fristeg Wirtschaftswuesstum hir grieft.

D'Budgetspolitik muss sech dem europäesche Stabilitéits- a Wuess-tumspakt confirméieren, Stabili-téitspakt, dee mer zesumme mat eisen EU-Partner aus senger kon-junktur-neutraler Sakgaass eraus-huele wëllen. D'Budgetspolitik gëtt recibléiert: Mir musse léieren, net méi alles an net méi alles alleng ze finanzéieren, soss lafe mer d'Gefor-mittelristeg Schong an Huesen ze verlérieeren.

D'europäesch Ekonomie kënnt ém-mer méi op Touren. Op wéi vill Tou-ren dass se kënnt, dat kann haut nach kee soen. Dat kann eigent-lech ni een op eng verlässlech Aart a Weis virum Hierscht soen. Dofir gëtt de Budget an Zukunft am Hierscht an net am Summer op-gestallt. Douraus ergi sech wiesent-lech Ännérunge fir är parlamenta-resch Budgetskalenneren.

D'Steiersätz hirersäits maache keng grouss Spréng: guer keng no uewen, klenger no ennen. D'Steier-laascht vun de Privatpersoune ka periodesch un d'Inflatioun uge-passt ginn. Déi vun de Betriber ka liicht ofgesenk ginn, fir datt mer op der Skala vun der europäescher Steierstruktur wettbewerbsfähig bleiwen. D'Steierpolitik verschreift sech dernieft verstärkt der Promotioun vun de métteilstännege In-vestitiounen.

Fir déi Leit, déi hei am Land wunnen, bleift d'Bankgeheimnis be-stoen an et gëtt eng Quellesteier vun 10% op verschidde Kapital-erträg agefouert. Des Quellesteier ass libératoire a Klengspuerer fal-en net énnert si. Am Gélgenzuch entfällt d'Verméigungssteier fir d'Pri-vateit. Op déi Bankclienten, déi net hei am Land wunnen, gëtt eng Applikatioun vun der europäescher Zénsdirektiv ugewannt: Si bezuele vum 1. Juli 2005 u 15% Quelle-steier.

D'Finanzplaz, déi duerch den eu-roپäesche Steieraccord vum exter-nen Drock befreit ginn ass, déi wäerde mer méi pousséiert, méi strukturéiert, méi koordinéiert wéi bis elo promovéieren. Si bleift ee wesentleche Bestanddeel vun ei-ser Ekonomie. Dofir passe mer de legislative Kader, an deem se sech beweegt, lafend un nei Exigenzen un. Dofir wëlle mer déi finanzplaz-relevant Direktive vun der Eu-roپäescher Unioun méi séier ém-setze wéi aner Länner, fir datt eis Finanzplaz virun anere vun neie Créneauü ka profitéieren. Iwwer-haupt kénnt et zu enger méi séierer Transpositioun vum EU-Recht.

D'Finanzplaz ass wichteg, mä d'Ekonomie, dat ass méi wéi d'Finanzplaz.

Mir wëllen alles maachen, fir dass eis Ekonomie nohalteg a res-sourcéschounend ka wuessen. Mir wëllen hire Wuesstumspotenzial stärken an zwar iwwerall do, wou Wirtschaft stattfénnnt: an der Indus-trie, am Handwierk, am Handel, am Tourismus, an der Landwirtschaft, am Waibau, am Commerce élec-tronique oder Internet-Handel, an den Émwelttechnologien an an den alternativen Energien. D'Diversifi-katioun muss méi divers ginn, ouni datt se schwammeg, matscheg oder diffus gëtt.

D'Wirtschaft kann net - a si brauch och net - zu däerf Wuesstumsme-galomanie vum Enn vun den 90er Joren dréckzefannen. Mä si muss méi wusse wéi an deene leschten dräi Joer, och, fir datt Aarbecht fir jidd-feren net zur Illusioen gëtt. Dat ka se némme wa se kompetitiv bleift respektiv méi kompetitiv gëtt.

Mä net némme d'Wirtschaft, d'ganzt Land, mat all sengen Ac-teuren, d'ganzt Land an all senge Facetten, muss méi kompetitiv, méi modern, méi zäitgeméiss, méi op-pe fir Neies ginn. Mir musse méi woen. Mir musse méi énnerhuelen. Mir müssen eis méi zoutrauen. Mir brauche méi Selbstständergekeet.

- Dofir ginn d'Aarbechte vun der Kompetitivitéitstripartite viruge-driwwen,
- dofir gëtt d'Recherche verstärkt a méi no bei d'Wirtschaft - och bei déi métteilstännege Wirtschaft - bruecht,
- dofir ginn déi administrativ Prozedure méi geschmeideg an d'Décisiunsprozesser méi séier ge-maach,
- dofir bleiwen déi öffentlech Investitiounen héich an d'Lounniewekäschen niddreg,
- dofir drécke mer d'Reformagen-da vu Lissabon virun,
- dofir suerge mer fir méi Mobilitéit op eise Stroosse an op der Schinn,
- dofir setze mer - zesumme mat de Sozialpartner, net géint si - d'CFL an d'Lag, d'ekonomesch Zukunfts-chancen ze notzen a sozial Existenzrisiken ze émfueren,
- dofir gi mer der e-Dynamik am Land a beim Stat den décisive Push,
- dofir initiéieren, lancéieren a for-céiere mer, wann et da muss sinn, nei Aarbechtszäitmodeller,
- dofir conciliéiere mer Beruff a Famill iwwert dat bisheregt Mooss eraus,
- dofir gi mer eis mat der Universitéit Létzebuerg ee Gestaltungs-instrument fir eng méi komplett Zu-kunft,
- dofir schafe mer méi Plazen an de Kannercrêchen, well d'Kannerkréie keng Strof ass a keng Belaaschung däerf sinn, mä Chance a Gléck muss sinn, well d'Wahlfräi-heet zwësche Beruff a Famill keen eidelt Wuert däerf ginn.
- Wat mer brauchen, dat ass eng Verantwortungspartnerschaft fir all dést, fir dat Ganzt, fir dat, wat ech gesot hunn a fir dat, wat ech nach soe wäert. Dést Hand-an-Hand-Goe vun alle betraffene Partner, dës national Verantwortungspartnerschaft, déi muss organiséiert ginn. D'Regierung wäert se organiséieren an d'Regierung wäert se animéieren.
- Här President, d'Modernisatioun, d'Transformatioun an d'Innovatioun déngen engem Zil: der Kohäsion an eiser Gesellschaft, der Kohäsion an eisem Land.
- D'Kohäsion, dat ass eng Fro vu Wëllen an dat ass och eng Fro vu Kénnen.
- Mir müssen de Wëllen hunn, d'Op-komme vu Parallelgesellschaften am Keim ze erstécken. Mir däerfen et net zouloosse, datt an eisem Land eng Grupp niewent däar an-einer lieft, Létzebuerg an Ausländer, „Looser“ a Gewënner, Leit ouni Aarbecht an ouni Hoffnung op Aar-becht, Leit mat Aarbecht an ouni Verständnis fir déi, déi keng Aar-becht hunn, Jonker an Eelerer, déi hirersäits kee Verständnis hu fir hir énnerschiddlech Liewensetappes an domat hir énnerschiddlech Liewensplâng. Op ee Land lauert Desintegratioun, wa Gruppe sech a sech selwer verléiven, keng Aë méi hu fir déi aner a fir den Noper, wa Gruppenegoismé galoppéieren, statt dat Ganzt ze balancéieren, wann eenzel Interesse pri-méieren, statt datt mer mateneen harmonéieren. Ee Land, dat ass net d'Additioun vun Interessen-ethnien a vun Egoismuskolonien. Ee Land ass némme dann ee Land, wann et ee Ganzt ass, ee starke Wëllen huet, eng robust Ambitioun fir jiddfereen. Esou ee Land welle mer.
- Kohäsion verlaangt Wëllen, mä verlaangt och Kénnen. Wie Kéenne seet, dee seet Moyenen, finanziell aner Métstellen, Instrumenter, Méthoden: Mir wëllen d'Regierung vun der Moderatioun sinn, net vun der Divisioun, net vum Géinteneen.
- Eng Regierung net vum Géinteneen - jo -, mä eng Regierung awer och vun der Décisioun. Eng Regierung kann net némme négociéieren, si muss och décidéieren. Et

négociéiert ee mat de Gruppen, et décidéiert ee fir dat Ganzt.

Mir hunn ee Programm fir méi Kohäsion a fir eng besser Integratioun. Mir wëllen eis d'Métstellen an d'Instrumenter fir déi national Kohäsions- an Integratiounsambition ginn.

Dofir moderniséiere mer d'Schoul am Dialog mat all deenen, déi d'Schoul zur Schoul maachen: En-seignanten, Schüler, Elteren, Sozialpartner, mat all deenen och, déi eppes ze soen hunn, well d'Zukunft vun eise Kanner hinnen net egal ass. Mir wëllen den Erfolleg vun all Kand. Mir wëllen duerch d'Schoul Liewenschancé ginn, keng Lie-wenschancen huellen. Mir schafen ee Ganzdagspilotprojet. Mir ver-stärken d'Evaluatioun, net zum Zweck vun der Sanktioun, mä zum Zweck vu jiddferengem senger Promotioun. Mir ginn der Participatioun an dem Partenariat nei Méig-lechkeiten. Mir iwverpréifen an änneren d'Inhalter an d'Kompetenze vun de Schoulprogrammer, iwwerkucken an differenzéieren de Sproochenunterricht. Mir wëllen déi auslännesch Kanner besser intégréieren. Mir bauen déi lie-wenslänglech Weiderbildung aus, reforméieren de Beruffsunterricht. Kanner mat Verhalens- a Léier-schwierigkeiten, och a grad Kan-ner mat engem Handicap, solle méi geholle kréien. Mir bécken eis iwwert d'Praxis vum Redoublement: Sétze bleiwen däerf net am Liewe stoe bleiwen heeschen. De Précoce, dés formidabel Integratiounsschinn, muss an Zukunft an all Gemeng ugebude ginn, grad wéi d'Ganzdagsbetreibung an alle Gemenge soll weiderentweckelt ginn.

D'Schoul bleift awer och eng Schoul vun der Leeschtung. Ouni Léieren an ouni Schaffe geet et net, net am Liewen an och net an der Schoul. Mä d'Schoul muss fir all Kand d'Dier zum Liewe ginn, eng Dier, déi opgeet, an net eng Dier, déi zougeschloe gëtt. Dofir muss all Partner vun der Schoul an all Partner an der Schoul seng spezi-fesch Verantwortung iwwerhuelen: De Ministère, deen hält keng Schoul, mä hien definéiert den all-gemeine Kader, d'Schoul selwer muss an deem Kader, dee se mat gréisser Autonomie ausfellen a be-liewe soll, all Schüler um Wee an d'Liewe begleeden. D'Schoul als Sprangbriet fir d'Liewen. Gëtt et eppes méi Schéines, wéi gutt ze sprange fir besser liewen ze kén-nen? Gëtt et eppes méi Schéines, wéi déi sprangen a landen ze ge-sinn, déi ee sprangen a lande gé-léiert huet? Mir hätte gären, datt déi, déi sprangen, hires Liewes frou ginn, an déi, déi se sprange geléiert hunn, och.

Här President, Integratioun a Kohäsion, dat ass eng duebel Exigenz, déi besonnesch evident ass an ei-sem Matenee mat deenen, déi hei-liewen ouni Létzebuerger ze sinn. Téschent eis an hinnen däerf kee Gruef bestoen a kee Gruef ent-stoen. D'Integratioun vun den NetLétzebuerg ass eng Offerte, déi d'Létzebuerger mussé maachen an d'NetLétzebuerguer mussen déis Offerte och unhuele wëllen. Et gëtt keng Flucht zur totaler Assimi-latioun, mä et gëtt eng Flucht zur Inte-gratioun. Ouni dës Offer an ouni d'Unhuele vun déser Offer, ouni ei-se Respekt virun deenen hiller Eegenaart an ouni hire Respekt virun eise fundamentele gesell-schaftleche Wärter, gëtt et weder Integratioun nach Kohäsion.

- An dofir wëlle mer d'duebel Na-tionalitéit aféieren. Si bréngt eis méi no zesummen, féiert zu méi Mateneen, ouni datt deen, deen e Létzebuerg Pass kritt, deen net létzebuergeschen Deel vu sengem Liewen ewechgeholl kritt.
- Dofir bidde mer méi Létzebuergesch-Courses un. VIII NetLétze-

buerger géife gären eis Sprooch - déi ass jo esou schéin an esou wärtvoll wéi deenen aneren hir - méi intensiv léieren, fir sech besser ze intégréieren. Zur Offer vun der Integratioun gehéiert och d'Offer vum Létzebuergeschen.

- Dofir maache mer den öffentle-chen Déngscht, ouni Ángschlech-keet an ouni Fäerterechkeet, méi grouss op fir d'EU-Bierger.

- Dofir bleiwe mer ee Land, wëllen och ee Land bleiwen, müssen ee Land bleiwen, dat op muss si fir déi, déi verfollegt sinn. Si müssen hei eng Plaz fanne wou se roueg sinn a wou se sécher sinn.

Dofir gëtt d'Unerkennungsproze-dur fir déi Leit, déi Asyl sichen, däitlech verkierzt.

Déi, déi Asyl froen an es kréien, déi kénne selbstverständlech hei blei-ven.

Déi, déi Asyl froen a kee kréien, deenen héllefe mer hiert Liewe bei sech doheem nees nei unzefan-ken.

Déi, déi Asyl froen a kee kréien, deenen hir Kanner awer schonn ee gutt Stéck Wee an eisem post-primären Unterrecht avancéiert sinn, kénnen a bestémmte Fall - wa se dräi Joer zu Létzebuerg wunnen - mat hire Kanner am Land blei-ven.

D'Flüchtlingsfro, dat ass eng dra-matesch Fro. Et gëtt keng gutt, et gëtt keng richteg Flüchtlingspolitik. Ech kenne keng a kee Land, dat eng hätt. Et kann ee just probéieren - mir probéieren dat - et esou gutt an esou richteg wéi némme méig-lech ze maachen.

- Well mer Integratioun a Kohäsion wëllen a well dat domat ze-summenhänkt, nämlech Kohäsion, fuere mer mat Determination viru géint déi illegal Awande- rung ze kämpfen.

- Genau dofir schafe mer een neit Awanderungsgesetz.

- An dofir iwwerpréife mer och, ob déi restriktiv Iwwerganksbesté-mmunge fir Aarbechtskräften aus métteleuropäeschen EU-Länner no e puer Joer kénnen opgehewe ginn.

D'Kohäsionsgebot huet vill aner Facetten. Si gehéieren net émmer zesummen a beieneen. Mä si inspiréiere sech um selwechten „état d'esprit“, si entspriechen därselwechter Kohäsionsdémarche.

- D'Vérkéiersakzidenter mat hirer terribler Zuel vun Doudegen a schwéier Blesséierte bréngt all Zort vu Kohäsion op e brutaalt Enn. Mir - d'Politik, awer och all Eenzel-nen am Verkéier - hinn et selwer an der Hand, dës national Katastroph, dësen dramatesche Cortège vu Leed a Misär ze bremsen. Mir - d'Politik an all Eenzelnen am Verkéier - droe jidderee fir sech eng regelrecht national Verantwortung all Dag.

- Et gëtt keng integral Kohäsion wann d'Recht op d'Wunnen némme partiell an Usproch geholl ka ginn. Wunnen a Bauen müssen erém jiddferengem zougänglech gemaach ginn. Dofir fuere mer mat eiser aktiver Wunnengsbaupolitik virun. Dofir gëtt dës duerch villfäl- teg Methoden an Instrumenter zur Vergréisserung vun Offer u Bau-land beräichert. All getraffen Énnerstétzungsmethoden um steierleche Plang ginn einstweile virun. D'Afériere vun eng Speku-latiounsteier ass wáit dovun ewech tabu ze sinn. Stat a Gemen-ge musse regelrecht Bündnisser fir méi Wunraum ofschléissen.

- Wunnen, Schaffen, Fräizait, Be-wegung, Sozialinfrastrukturen, na-tierlech Raim fir ze ootmen, dat sinn och Kohäsions-Polen, déi ee muss énnereene gewiichten, orga-niséieren, lokaliséieren. Dat ass d'Aufgab vum IVL, vun der Lan-desplanung. Dëse Moderniséie- rungsschub packe mer némme mateneen: Stat a Land, Regierung a Gemengen, Politik a Leit. Ouni territorial Reorganisatioun, ouni in-telligent Regionalisatioun, ouni Mo-difikatioun vun eise Strukture bis hin zu Synergien a méi wéi an engem Beräich ass dat net ze maachen. Eng grouss Debatt kennegt sech un: Wéi kénne mer, mat allem wat mer denken, wénschen, brau-chen, verbrauchen a verwalten, an d'21. Jorhonnert kommen?

- Méi Kohäsion ass och an engem Beräich gefrot, wou d'Kohäsion nach Zeeche vu Fragilitéit opweist, an der Fraen- a Chancégläich-heetspolitik. Gläichstellung a Gläichberücksichtigung vu Männer a Frae féiere mer als duerchgänge Leitprinzip an der Regierungs-politik duerch.

- An da gëtt et Politikzonen, an deenen ass d'Kohäsion eréischt no an no gewuess. An hinne kann ee sech némme virsichteg bewegen. All gréisser Erschütterung ris-kiert ganz Gebaier zum Afalen ze bréngen.

Esou een Domän ass d'Sécurité sociale. An hir fénnt déi organiséiert Solidaritéit statt. Dofir solle méi Fraen an de Genoss vun der Mammerent kommen, Mammerent, déi an Zukunft no enger anerer Systematik finanzéiert gëtt.

Dofir gëtt et zur Behiewung vum Krankendefizit ebe keen All-heelméttel. Mä eppes ass kloer: Breet Schéllere kénne méi Solidari-téitskiloe schleele wéi schmueler.

De Mix vu Messbrauchbekämp-fung, Aspuerung, Austaréieren a méi Finanzéieren däerf zu kenger eesáiteger Belaaschtung fir kee féléieren. Am meeschte Sie spuere mer, wa mer der Krankheet duerch eng besser Preventivmedezin aus de Féiss ginn.

- Dái atmosphäresch Kohäsion am Land ass och wichteg, an déi atmosphäresch Kohäsion brauch Kreatioun. Dofir gëtt d'Kultur net wéi d'Stéifkand vun der Politik be-handelt. Do brauch kee sech iwwerdriwwen Ángschten ze maachen. Si hat an de leschte Jore vill Finanzmoyenen, si behält se grad a virun allem während an no dem Kulturjoer 2007, dat eis an der Groussregioun méi Visibilitéit wäert ginn.

- Mä de Souci no Kohäsion mécht net un de létzebuergesche Grenzen Halt. Mir wëllen och eise Beitrag zur globaler Kohäsion leeschten an dofir setze mer eis Entwécklungshélfel no an no op 1% vun eisem nationale Räichtum erop.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, ech hunn elo vun de Lan-desgrenze geschwatt. Ech wollt mam Hiwais op d'Grenzen een Hiwais op de Rescht vun der Welt ginn. Dee Rescht vun der Welt ass an eisem Fall besonnesch grouss, an dofir verdéngt en och eis besonnesch Optiérksamkeet.

Eise Beitrag a puncto Entwéck-lungshélfel ass eng Konsequenz aus engem globaler Analys. Aus Honger an Aarmut, aus Énnerdréckung a wirtschaftlecher a sozialer Ongerechtigkeit entstinn nämlech Konsequenzen.

Et entsti Verflichtungskonsequenze fir d'éischt fir déi räich Länner am Westen: Mir verflichten eis zu méi Entwécklungshélfel well mer man-ner Aarmut, manner Misär, manner Krich a méi Liewe fir déi wénschen, fir déi e séieren Doud déi eenzeg Perspektiv ass.

Et entstinn niewent de Verflich-tungskonsequenzen awer och Fol-gekonsequenzen, mat deene mer eis an eise Länner auserneesetze müssen: Terror a Gewalt, déi och bei eis kénnen zouschloen. Et gëtt keng Justifikatioun fir den Terror, net dobaussen an der Welt, net heiheem. Mir däerfen eis von him net impressionéiere loessen. Mir müssen der Bedrohung fir eis Sé-cherheit an der Bedrohung fir eis fräle Gesellschaftsmodell ener-geschst entgéintrieden. Dofir blei-we mer wuechtsam a Saachen Ter-rorgef or heiheem an dofir blei-we mer opmierksam fir d'Terrorgef or dobaussen.

D'NATO ass erklärermoosseen och ee Bündnis géint den Terror. Dofir passe mer eise Verdeedegungs- a Sécherheetssétat no uewen un, fir eisen Obligationen an der Allianz nozekomme fir d'éischt, awer och fir eis Arméi besser ze équipéiere fir hir Missionen dobaussen an der Welt sécher kénnen duerchféreren. Net némnen eis Arméi iwwregens, och eis Polizei. Mir rekutréiere weiderhi staark, mir équipéieren d'Policei anstänneg. Mir stelle méi Magistraten an a mir ginn den Affer vu Verbriechen deen néidege Schutz am Kader vun de Gerichtsprozeduren.

Sécherheet dobaussen: Do leeschte mer eise Beitrag; ech hu vun der Entwicklungspolitik geschwatt.

Sécherheet heiheem: Dat ass eng vun den éischten Aufgabe vum Stat a vum Stat senger Regierung.

Här President, op dës Regierung, op dem Stat seng Regierung komme besonnesch schwéier Aufgabe während der Presidentschaft vun der Europäescher Unioun zou. Mir hu se an der leschter Regierung materiell optimal virbereet. Dës Regierung muss se elo och inhaltlech an de Gréff kréien.

Déi Themen, déi ustinn, betreffen europäesch an national Froen - do gétt et keen Énnerscheid méi - am gläiche Mooss. Mir gi gemooss a mir müssen op der Héicht sinn. Do wou Eenegungen énnert den Europäer méiglech si féiere mer se erbai. Do wou Géigesätz téschen de Länner ze grouss si rapprochéiere mer d'Standpunkter, fir dass déi nächst folgend Presidentschaften am Senn vun engem definitiven Accord kenne mat der Aarbecht virfueren.

Mir bréngen Europa weider, mir wëllen Europa weider bréngen a mir werfen et néierens zréck. A mir wellen och no der Présidence fënnef Joer laang iwwerall do derbäi sinn, wou méi Europa stattfénn.

Méi Europa heiheem zu Lëtzebuerg kann, wa mer et richteg maachen, duerch deen ugekennegte Verfassungsreferendum stattfannen. Dee Referendum soll eng breet Europa-Debatt zu Lëtzebuerg lasstrieden a provozéieren. An um Enn vun där Europa-Debatt müsse mer ee klore Jo zu Europa soe kennen, aus Iwwerzeugung, aus Noutwendegkeet, wéinst eis, wéinst deenen, déi jont sinn, wéinst deenen, déi an den nächste Joréngten eréischt gebuer ginn.

Dofir musse mer déi Debatt, eisen Deel vum grousse Rendez-vous vun den europäesche Mënsche mat hirem Kontinent, gutt virbereeden. Och hei am Parlament. D'Parlament huet bei der Ratifizéierung vun der europäescher Verfassung dat éischt Würt. D'Vollek kritt dat lescht Würt. Et schwätzet sain Uerteel a leschter Instanz. Mir wéssen dat. D'Vollek weess et hoffentlech och.

Europa - ech hunn et gesot - kritt eng nei Verfassung an déi Verfassung bréngt nei Institutionen.

Mä eng Verfassung hu mer jo och heiheem. Plazeweis datéiert se nach aus dem politesche Postkutschenzäitalter. Am Jumbo-Zäitalter muss se nei Flilleke kréien. D'Chamber huet ugefaang hir déi ze ginn a si fiert mat déser Aarbecht - ech zweifelen net drun - vi run.

Eis Institutioune müssen de Contrainté vun der Zait ugepasst ginn.

D'Leit froe méi Partizipatioun um politeschen Entscheidungsprozess téschen de Wahlen: Si kréien se - méi Partizipatioun - duerch Volleksbefroung an duerch Volleksinitiativ.

Mir müssen, wéinst de kuerzen Délaien an der Europäescher Unioun a wéinst der Noutwendegkeet vun der reaktiver Vitesse heiheem - Mir sinn ze lues! -, méi séier légitéréieren. Méi séier heesch net manner gutt. D'Vitesse däerf net op d'Käschte vun der Qualitéit goen. Dofir erhéije mer d'Zuel vun de Statsréit. All politesch Parteien, déi heibanne Fraktionsstäärt hunn, sollen eiser Meenung no Virschléi fir d'Nomination vun de Statsréit maache können. Mä opgepasst: De Statsrot ass keen Ofstellgleis fir midd Männer a Fraen, kee Verschiebebahnhof fir Personalien ze klären. An de Statsrot gehéiere Männer a Fraen, déi wësse wat wat ass. De Statsrot soll gestäärt, net geschwächt ginn. Dorunner sollen d'Regierung, de Statsrot selwer an d'Parteien, deenen hir Finanzéierung séier gekläert muss ginn, denke wa se dës wichteg Institutioune opstocken a se net schwächen, mä stäärke wëllen.

D'Parteien hirersäits géifen ee grousse Kredibilitéitspronk realiséieren, wa se énnerteneen eng Léisung géife fanne fir ze verhénneren, datt deeselwechte Sonndeg déiselwecht Politiker op zwou verschidde Léschte fir zwee Parlementer - eist nationaal an dat europäesch - kandidéieren, obscho se ganz genau wëssen, dass se némnen an engem vun deenen zwee Parlementer kenne siégéieren. Mat deem Unfug muss definitiv Schluss gemaach ginn.

Modernisatioun also iwwerall, Här President, Innovatioun, Transformatioun, Integratioun. Dat ass de Motto vun eiser Zait. Dat soll och d'Riichtschnouer vun eiser Aktioun sinn.

Vun eiser Aktioun heiheem, fir datt d'Kohäsion méi grouss a méi fest gétt.

Vun eiser Aktioun an Europa, fir datt de Kontinent, seng Geschicht a seng Geografie zesummewussen. Fir de Fridden ass kee Präis ze héich. Wat de Präis vum Krich ass, dat hu mer viru 60 Joer a méi op eng terribel Aart a Weis erfuer.

Vun eiser Aktioun och, Här President, an der Welt. Wa mer eis Welt, déi schéi Welt mat deene ville géngéigte Mënschen, och némnen e bësse besser maachen, mir Lézuberger, dann hu mer net fir náischt gehofft, net fir náischt gedreempt, net fir náischt geschafft, net fir náischt gelieft.

Ech soen lech merci fir Är Opmerksamkeet.

**Plusieurs voix.- Très bien!**

**M. le Président.-** Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Statsminister Juncker, Deklaratioun, iwwert déi mer muer de Moie vun 10.00 Auer un diskutéiere wäerten.

Esou wéi d'Chamber dat an hirer Sétzung vu géschter décideiert hat, komme mer elo zu engem Änderungsvorschlag vum Chamberreglement. D'Riedezäit ass nom

Basismodell festgeluecht, dat heesch 10 Minute fir de Rapporteur, jeeweils 5 Minute fir d'CSV an d'LSAP, an 2 Minute fir d'DP, Déi Gréng an den ADR.

D'Würt huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Michel Wolter.

## 2. 5368 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

### Rapport de la Commission du Règlement

**M. Michel Wolter (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der öffentlecher Sitzung vu géschter Metteg hunn ech eng Proposition de modification vun eisem Chamberreglement déposéiert, déi vun de Fraktiounen vun der CSV, der LSAP, der DP an deene Gréng énnertëtz ginn ass.

No der öffentlecher Sitzung sinn du fir d'éischt d'Conférence des Présidents an duerno d'Commission du Règlement zesummekomm, esou wéi den Artikel 186 vun eisem Règlement dat virgesäit. D'Commission du Règlement, énnert der Présidence vum honorablen Här Gast Gibéryen, huet mech zu hirem Rapporteur ernannt.

D'Zil vun der Reglementsänderung ass et fir d'Budgetsprozedur an der Chamber ze straffen a se op een Trimester ze begrenzen. Den Dépôt vum Budget soll an Zukunft déi drëtt Woch spéitstens am Oktober stattfannen an net méi wéi bis elo téschen dem 10. a 15. September.

D'Chambres professionnelles, de Conseil d'Etat an d'Cour des Comptes sinn invitéeert hir Avise bis de 15. November ofzeliwweren. D'Finanz- an d'Budgetskommission huet bis maximal den 30. November Zait fir de Budget ze analyséieren. D'Présentatioun en séance publique ass den éischten Dénchdeg no der Approbatioun vum Budgetsrapport duerch d'Finanzkommission.

Wa mer vun désem Joer un der Régierung et erlabe fir de Projet de budget eréischt an der drëtter Oktoberwoch ze déposéieren, dann heesch dat, dass d'Regierung zu deem Moment iwwert déi neisten national an europäesch Wirtschaftsprognosen disposéiert. Et kann een also dovun ausgoen, dass d'Regierung virum Dépôt iwwert d'Zuele vun der Rentrée fiscale vum drëtten Trimester vum Joer verfügt. De Budget gétt also insgesamt méi no un d'Realitéit vum Moment bruecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif deemno d'Chamber biede fir de Modifikatiounen, déi sech doraus erginn an den Artikelen 99, 100, 101, 105 an 107 vun eisem Chamberreglement, zouzestëmmen. Wann dat de Fall ass, dann trieden dës Änderungen nämlech gemäss Artikel 188 vun eisem Règlement an der nächster öffentlecher Sitzung, dat heesch muer, a Krafft, esou dass déi nei Budgetsprozedur schonn dést Joer kenne ugwannt ginn.

Ech soen lech merci.

**Une voix.- Très bien.**

**M. le Président.-** Merci, Här Rapporteur.

Wie wéll nach d'Würt ergräifen? Den Här Henri Grethen huet d'Würt.

### Discussion générale

**M. Henri Grethen (DP).**- Här President, mir ware mat deene Propositiounen do schonn an der viregister Regierung d'accord. Den 13. Juni huet un eisem Accord náischt geännert. Dofir hu mer och déi Propositioun énnerschriwwen, an ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu dése Reglementsänderungen.

**Plusieurs voix.- Très bien.**

**M. le Président.**- Merci, Här Grethen. Den Här Ben Fayot huet d'Würt.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, selbstverständlech si mir mat déser Propositioun d'accord. Ech wéll just soen, dass mer müssen am A behale wéi dat sech bewaert no dár éischt Tentative elo 2004, dass een och a Funktioun vun den Daten dat waméiglech misst adaptéieren. Mä esou wéi dat elo virläit si mir d'accord fir dat ze applizéieren.

**M. le Président.**- Merci, Här Fayot. Den Här Gast Gibéryen huet d'Würt gefrot.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President, ech wéll soen, dass mir eis bei désem Vote wäerten enthalen. Mir hunn an der Vergaangenheit bei den Debatte vum Budget émmer gesot, dass mer frou wieren, wa mer d'Budgetsdebatte méi vir géife verleeën, well mer émmer am Dezember énner Zuchzwang stinn, well d'Budgetsgesetz den 1. Januar a Krafft trétt.

An deenen anere Länner ginn och d'Budgetsdebatte méi fréi geuecht. Mir hunn awer um Prinzip festgehalten, dass et am Dezember zum Vote kenne. Mir ginn doríwweraus hin a mir reduzéieren d'Prozeduren, wat eiser Meenung no op d'Qualitéit vun den Aarbechte geet, well mer de Conseil d'Etat an d'Chambres professionnelles méi énner Droch setzen, fir hir Avisen ofzeginn. Mir fannen dat net gutt an dofir enthalte mer eis bei désem Vote.

**M. le Président.**- Den Här François Bausch huet d'Würt.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, net némme wéinst den Argumenter vum Rapporteur si mir als gréng Fraktioun fir déi hei Prozedur, mä och als een, deen dee Marathon vun dár Budgetsprozedur schonn zénter Jore matmécht, weess een, dass, wann een d'Debatte schonn Enn Juli ufánkt, deelweis mat falschen Zuelen, iwwert den August bis an de September weiderfeiert, dann am Oktober erém fréisch ufánkt, dat net onbedéngt zu der Qualitéit vun den Debatten am Parlament baidréit.

Mir als Gréng sinn interesséiert un enger uerdentlecher Debatt, un enger Qualitéitsdebatt ronderém dat wichtigest Gesetz an eisem Parlament, de Budget. Dofir fanne mir déi Prozedur hei gutt a mir énnerstëtz se och.

Ech wéll just dem Här Gibéryen soen, wat d'Beruffschamberen ugeet ass et net esou, dass d'Be-

ruffschamberen an deem heiten Délaï net genuch Zait hätten. Ech wéll drop hiweiseen, eenzel Beruffschamberen hate virdru vill méi Zait, hunn awer hir Avisen net méi fréi ofgi wéi dat wat elo hei am Text steet. Ech gesinn dee Risiko als net ganz grouss un.

### (Interruption)

Ech mengen, dass dat do insgesamt, wa mer et esou organiséiert kréien, zur Qualitéit vun enger besserer Debatt baidréit.

**M. le Président.**- Merci, Här Bausch. Den Här Lucien Clement freet nach d'Würt.

**M. Lucien Clement (CSV).**- Au contraire zum Här Gibéryen wéll ech dem Rapporteur merci soen a matdeelen, dass d'CSV-Fraktioun dëse Projet wäert énnerstëtzten.

**M. le Président.**- Mir stëmme dann elo of iwwert den Änderungsvorschlag vum Chamberreglement. Den Text steet am Document parlementaire 5368'.

### Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement

Déi fir d'Propositioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Propositioun ass mat 55 Jo-Stëmme a 5 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Marco Schank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmlinger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koopp et Robert Mehlen.*

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Muer de Moien um 10 Auer fänkt d'Chamber u mat den Debatten iwwert d'Regierungserklärung, déi dei Statsminister elo just ofginn huet.

D'Sitzung ass domadder opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 15.25 heures)**



**Annexe à la déclaration gouvernementale 2004**

1. Ministère d'État
  - Questions institutionnelles
  - Médias et communications
  - Société de l'information
2. Ministère des Affaires étrangères et de l'Immigration
  - Politique étrangère et de défense
  - Politique européenne
  - Coopération au développement
  - Asile – Immigration
  - Réseau diplomatique
3. Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
4. Ministère des Classes moyennes, du Logement et du Tourisme
  - Classes moyennes
  - Logement
  - Tourisme
5. Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche
  - Politique culturelle
  - Enseignement supérieur, recherche et innovation
6. Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur
7. Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle
  - Éducation nationale
  - Sport
8. Ministère de l'Égalité des chances
9. Ministère de l'Environnement
10. Ministère de la Famille et de l'Intégration
  - Politique familiale
  - Contrôle de qualité
  - Politique de la jeunesse
  - Politique pour personnes âgées
  - Politique pour personnes handicapées
  - Politique de la solidarité
11. Ministère des Finances
  - Politique fiscale, SNCI et participations de l'État
  - Politique budgétaire
  - Place financière
12. Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative
13. Ministère de l'Intérieur
  - IVL
  - Aménagement du territoire
  - Aménagement communal et développement urbain
  - Politique communale
  - Gestion de l'eau
  - Administration des services de secours
14. Ministère de la Justice
15. Ministère de la Santé
16. Ministère de la Sécurité sociale
17. Ministère des Transports
18. Ministère du Travail et de l'Emploi
19. Ministère des Travaux publics

**1. MINISTÈRE D'ÉTAT**

- Questions institutionnelles

Entamée sous la période législative écoulée, l'œuvre de refonte et de révision globale de notre Constitution sera poursuivie sous l'égide de la Chambre des Députés. Les bases de notre Loi fondamentale ayant été jetées au 19<sup>e</sup> siècle, son adaptation tiendra compte des réalités tant de la vie politique moderne que de l'évolution des conceptions concernant les droits fondamentaux.

Alors que la Constitution consacre le droit d'enquête de la Chambre des Députés, la loi de 1911 sera réformée en vue de préciser l'exercice pratique des enquêtes parlementaires par une réforme du droit d'enquête parlementaire et du régime des commissions d'enquête.

Pour permettre au Conseil d'État d'exercer ses prérogatives en matière législative et réglementaire dans les meilleures conditions possibles, face à l'augmentation et la complexité croissante des projets

de textes normatifs dont il est saisi, le Gouvernement envisage de faire porter le nombre des membres de la Haute Corporation de 21 à 27.

En matière réglementaire, l'obligation pour le Gouvernement de requérir l'avis du Conseil d'État sera reconSIDérée pour être atténuée dans certaines hypothèses.

Moyen d'expression démocratique et de participation politique des citoyens, les partis et groupements politiques participent à la formation de la volonté publique démocratique: dans une démocratie représentative, les partis constituent une base de la volonté populaire. L'État doit veiller à les mettre en mesure d'assurer cette tâche par un soutien matériel, conditionné par des règles strictes de contrôle et de gestion transparente des finances des partis.

25 années après la première élection directe du Parlement européen, le Gouvernement invite les partis à évaluer la façon dont se sont déroulées jusqu'ici les élections des six membres luxembourgeois du Parlement européen et à trouver un accord politique pour éviter à l'avenir les doubles candidatures au cas où les élections européennes et nationales continuent de coïncider. Dans cette hypothèse, le nombre des candidats d'une liste est fixé à six.

Le Gouvernement souhaite l'adoption du projet de loi sur le référendum et l'initiative populaire qui a été déposé à la Chambre des Députés en 2003. Outre la nécessité de régler l'organisation de référendums, le Gouvernement veut promouvoir par ce biais une participation accrue de la société à la vie publique.

**• Médias et communications**

Le Gouvernement continuera à favoriser une politique basée sur le pluralisme des opinions. Il donnera suite à la motion que la Chambre des Députés a adoptée dans le cadre de la loi sur la liberté d'expression, notamment en rapport avec un futur Code de Déontologie.

**Nouvelle loi sur la radio et la tv**

Une nouvelle loi sur la radio et la télévision, qui se basera sur les grands principes retenus par la Chambre des Députés dans le cadre de son débat d'orientation, et qui sera complémentaire à la loi sur la liberté d'expression, à la nouvelle législation sur les communications électroniques et sur la gestion des fréquences, reprendra les règles spécifiques aux programmes de radio et de télévision et réglera l'accès de ces programmes aux fréquences et aux réseaux.

La loi fournira également une base légale pour un service public de radio et de télévision, étant entendu que le service public de télévision continuera en principe à être confié à une entreprise privée et celui de la radio e. a. à l'établissement public de radiodiffusion socioculturelle.

La surveillance des programmes sera confiée à une commission indépendante professionnelle qui pourrait également se voir confier la mission de veiller au respect de la dignité humaine et à la protection des mineurs dans l'ensemble des médias audiovisuels, en remplaçant notamment la Commission de surveillance du cinéma. La Commission indépendante sera flanquée de conseils consultatifs représentant les entreprises du secteur respectivement les utilisateurs.

**Contrat de concession RTL/CLT**

Le contrat de concession conclu avec la CLT en 1995 viendra à échéance en 2010. Sans remettre en cause l'accord de 1995, le Gouvernement devra cependant préparer l'après 2010. Ainsi, avant la fin de la législature, il engagera des négociations avec RTL Group ou une de ses filiales concernant la prestation du service public de télévision au-delà de 2010.

À côté du service public, les personnes qui veulent offrir des émissions télévisées au public résidant seront libres de le faire. Les programmes présentant un intérêt particulier pour le public pourront bénéficier d'un droit d'accès aux réseaux câblés. Ils auront également accès aux fréquences terrestres dans la mesure où celles-ci deviendront disponibles pour la diffusion en numérique et ce d'après des critères transparents, pluralistes et équitables. Le passage à la radio-diffusion numérique sera organisé de façon pragmatique, en tenant compte des circonstances, des projets des acteurs en présence et de la disponibilité de fréquences, sans fixer nécessairement un calendrier à l'avance.

Un objectif important sera de préserver à l'ère du numérique l'accès du public luxembourgeois aux programmes de télévision étrangers, et notamment à ceux des pays voisins.

**Soutien à la Production audiovisuelle**

Le Gouvernement continuera à porter une attention particulière au développement du secteur de la production audiovisuelle. Il sera procédé le cas échéant aux adaptations nécessaires du régime de soutien pour maintenir la compétitivité du secteur et pour assurer son développement.

Le Gouvernement encourage par ailleurs les producteurs et établissements financiers à tirer avantage de la nouvelle législation concernant les fonds d'investissement Sicar ainsi que de celle sur la titrisation.

Estimant que la production d'un plus grand nombre d'œuvres de qualité à composante technique et artistique nationale substantielle est un objectif majeur de la politique de soutien à la production audiovisuelle, le Gouvernement est prêt à examiner la possibilité de procéder par voie de discrimination positive en faveur de ce type de projets.

**Protection des données**

Il sera procédé rapidement à une révision de la loi du 2 août 2002 relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel avec comme objectif primaire de clarifier et de simplifier les procédures de façon à éliminer certains obstacles purement administratifs sans plus-value pour la protection de la vie privée et les libertés individuelles.

**Télécommunications et services postaux (volet réglementaire)**

Le nouveau cadre réglementaire pour les réseaux et services de communications électroniques sera mis en vigueur dans les plus brefs délais de manière à permettre le développement rapide et diversifié des nouvelles technologies de la société de l'information conformément à la déclaration de Lisbonne.

Le Gouvernement poursuivra sa politique de maintien d'un service postal de qualité et à prix abordable et entamera dans cet esprit les discussions au niveau communautaire sur l'envergure du service universel et sur son financement par le maintien d'un service postal réservé.

**Politique spatiale**

En matière de politique spatiale, une nouvelle loi sur l'utilisation de l'espace ainsi que la ratification de différentes conventions internationales fourniront un cadre légal plus complet pour l'exploitation de systèmes de satellites luxembourgeois. Le Gouvernement veillera à tirer pleinement avantage de sa participation aux organisations internationales du domaine spatial (U.I.T, E.S.A. etc.) pour ancrer encore davantage ce secteur à Luxembourg et pour faire bénéficier les entreprises établies à Luxembourg des avantages qui se dégageront de ces participations.

**Développement du secteur des médias et des communications et des technologies d'information**

Le Gouvernement poursuivra les efforts en vue de développer le secteur des médias, des communications et des technologies de l'information.

Dans ce contexte, il procédera à une adaptation continue du cadre réglementaire et financier applicable aux entreprises actives dans ces secteurs en vue de maintenir, voire d'accroître la compétitivité du site dans ce domaine.

Dans ce même contexte, une attention particulière sera portée à la qualité des infrastructures de communication électronique et notamment aux connexions à large bande avec les principaux centres d'activité économique en Europe.

Les activités de promotion de ce secteur seront étroitement coordonnées avec celles d'autres secteurs de l'économie nationale.

**• Société de l'information**

Les nouvelles technologies de l'information et des communications auront un impact sans cesse croissant sur notre société. Le Gouvernement est bien conscient de l'enjeu stratégique que constitue l'avancement rapide, cohérent et de qualité dans le domaine de la société de l'information pour le maintien et le développement de la compétitivité économique.

Le Gouvernement entend par conséquent poursuivre la mise en œuvre, sous une forme ajustée, du programme d'action eLuxembourg en vue de mieux positionner notre pays dans la société de l'information en Europe.

Une vue holistique (gouvernance électronique) sera adoptée en ce qui concerne la stratégie poursuivie dans le domaine de la société de l'information et de la connaissance. L'ensemble des domaines et acteurs concernés seront impliqués dans les actions à mener: administration publique nationale, communes, monde économique, citoyens, éducation, santé, social, politique, démocratie ...etc.

Un accent particulier sera mis sur le développement des réseaux de communications, la protection des mineurs, la mise en œuvre systématique des technologies de l'information pour améliorer le processus éducatif, la lutte contre la fracture numérique via l'initiation de tous les résidents à ces technologies par le déploiement des centres locaux d'apprentissage (Internetstullen), la protection des données nominatives et la sécurité des réseaux.

L'administration électronique sera mise en œuvre de manière conséquente au niveau de l'ensemble des organismes publics. À cette fin, il s'agira de centraliser et de coordonner les procédures électroniques.

La mise en œuvre de l'administration électronique requiert la remise en cause de multiples procédures administratives.

Une attention particulière sera réservée à l'introduction des nouvelles technologies de communication en vue d'améliorer la participation des citoyens à la vie démocratique.

Le Gouvernement continuera les travaux en vue d'un projet de loi régulant l'accès des citoyens aux documents administratifs susceptibles d'être communiqués au public.

Le Service eLuxembourg (SEL) ayant comme mission d'assurer la coordination et la planification dans le domaine de la gouvernance électronique, d'élaborer et de proposer les stratégies globales, d'assister les différents ministères, administrations et services de l'Etat dans la planification et la réalisation de leurs actions respectives et d'agir au niveau de la promotion et de la communication dans le domaine. Afin qu'il puisse le plus efficacement possible assurer de manière neutre ces missions à caractère essentiellement transversal, le Service eLuxembourg sera soumis directement à la tutelle du ministre compétent.

Un comité de coordination composé de hauts responsables directement concernés par le domaine de la gouvernance électronique assurera le suivi coordonné de l'ensemble et agira vis-à-vis du ministre compétent et vis-à-vis du Conseil de Gouvernement dans son ensemble comme structure consultative dans le domaine.

Une stratégie de mise en œuvre des différentes actions en rapport avec la société de l'information sera adoptée le plus rapidement possible par le Gouvernement sous forme d'un plan directeur pour la gouvernance électronique. Ce plan directeur détaillera les objectifs à atteindre ainsi que les moyens nécessaires pour leur mise en œuvre.

Une attention particulière sera apportée aux projets à haute plus-value ainsi qu'aux projets catalyseurs et stratégiques (comme par exemple une signature électronique commune ou encore la gestion électronique des documents).

Le Gouvernement se donnera un cadre pluriannuel, cohérent et coordonné au développement de l'administration électronique.

Les services électroniques et le contenu offerts aux citoyens et aux entreprises seront organisés et structurés en fonction des besoins et des attentes des citoyens et des entreprises et ne seront pas le simple reflet des structures organisationnelles et des répartitions de compétences existantes entre ces différentes structures. Une attention particulière sera apportée à l'ergonomie et à l'accessibilité des services électroniques et des sites Internet en général. La communication entre l'Etat, les citoyens et le monde économique sera progressivement portée vers les plateformes d'échange électroniques et télématisques dont notamment Internet notamment par le biais de la mise en œuvre des portail(s) unique(s). Les administrations et services de l'Etat ainsi que les procédures administratives sous-jacentes seront adaptées, réorganisées et simplifiées afin de pouvoir maximiser le bénéfice potentiel à tirer de la mise en place des services électroniques.

Des normes techniques et méthodologiques seront adoptées dans tous les domaines où cela s'avère nécessaire afin de garantir un fonctionnement efficace des systèmes d'information et de communication virtuels en création ou afin de permettre l'interopérabilité nécessaire et les synergies recherchées. Les logiciels libres seront pris en compte dans la mise en œuvre du plan directeur si une valeur ajoutée réelle peut être dégagée.

Des plans de formation pour maîtriser et assimiler les nouveaux outils (systèmes d'information et de com-

munication) et méthodes de travail (transparence, efficience, partage des connaissances, collaboration virtuelle, etc.) de la société de l'information seront développés et proposés aux différents acteurs concernés.

Toutes les actions menées dans le domaine de la gouvernance électronique devront à chaque moment prendre en compte les évolutions qui auront lieu au niveau de l'Union européenne et s'intégrer harmonieusement dans ce cadre européen.

## 2. MINISTÈRE DES AFFAIRES ÉTRANGÈRES ET DE L'IMMIGRATION

### • Politique étrangère et de défense

Pour ce qui est de la politique de défense, il faut placer ce sujet désormais non seulement dans le contexte de nos engagements en tant qu'allié à l'OTAN, mais aussi dans le cadre du renforcement de la politique de sécurité et de défense de l'Union européenne.

Depuis le sommet de l'OTAN à Prague l'Alliance s'est transformée pour agir en réponse aux nouvelles menaces et ce aussi en dehors de la zone euro-atlantique. Cette direction a été confirmée par le sommet d'Istanbul de juin 2004.

L'UE s'est aussi doté d'objectifs quantitatifs et qualitatifs pour agir dans des missions militaires soit avec les moyens de l'OTAN, comme cela sera le cas en Bosnie-Herzégovine, soit de façon autonome comme ce fut le cas en Irak.

Face à ces nouvelles responsabilités de l'OTAN et de l'UE le Luxembourg doit apporter une réponse à sa mesure mais tout en prenant les responsabilités qui lui incombent en tant qu'allié et membre à part entière de l'UE. Le Luxembourg devra donc développer des capacités nationales proportionnées et crédibles dans le domaine de la gestion de crise et de maintien de la paix afin de contribuer à la sécurité territoriale et de réaliser les engagements pris au sein de l'OTAN et de l'Union européenne.

Le Luxembourg devra de ce fait renforcer les efforts de formation de son armée et augmenter les efforts budgétaires de manière à se doter aussi des moyens de son action. Le Gouvernement a comme objectif d'augmenter les moyens budgétaires en matière de défense pour arriver à 1,2% du PIB. Cet effort portera aussi sur l'amélioration urgente des infrastructures militaires.

Le Gouvernement élaborera un programme d'investissement. Le fonds d'équipement militaire sera doté sur base de ce programme.

L'organisation militaire sera adaptée, notamment par une mise à jour de la législation et par l'introduction d'un statut spécial basé sur le volontariat mais avec une disponibilité contractuelle et garantie pour ce qui est de la participation aux missions de gestion de crise et de maintien de la paix, avec l'objectif global d'une professionnalisation progressive.

La loi relative à la participation à des opérations pour le maintien de la paix dans le cadre des organisations internationales devra être revue dans son intégralité notamment pour répondre aux nouvelles exigences de l'OTAN et de l'UE et pour simplifier les procédures et délais des missions les moins exigeantes.

### • Politique européenne

Conformément à sa tradition, le Luxembourg entend participer de manière active et crédible au devenir d'une Europe toujours plus dynamique, plus solidaire et plus intégrée. Aussi aspire-t-il à faire partie dès le départ de toute coopération renforcée ou structurée qui verrait le jour.

## Coordination de la politique européenne au niveau national

Entwécklung vum Land duerstellt. Dofir brauche mer Planungsregiounen, Dezentralisatioun, sektoriel Pläng, verändert Aufgabe fir d'Gemengen an eng nei Logik an der Kompetenzopdeelung tésche Stat a Gemengen. Dái 14 Punkten, déi ech als zoustännege Minister am Oktober vum leschte Jor um Schluss vun der Chambersdebett iwwert d'Kompetenzopdeelung tésche Stat a Gemengen als Fortschrittsellementer formuléiert hat, fanne sech praktesch integral am Koalitiounsofkommen erém. Wat beweist, dass eng bestémmten Approche zum Plangen an zum Organiséieren hei am Land hire Wee gemaach huet. Si ass haut majoritär am Parlament.

Véier Usätz gi vum IVL an d'Perspektiv gestaltt an duerch d'Regierungserklärung konfirméiert.

Éischtens, méi dicht an anescht bauen a wunnenen eng méi urban Approche fanne fir eist Land. Ee Pilotprojekt zur urbaner Verdichtung gëtt op de Wee bruecht. Mä déi urban Verdichtung geet net duer, fir méi Leit bezuelbaart Bauland a Wunnraum unzebidden. Mat engem Pak vu steierleche Moossnamen, och däri contraignanter, soll dat méiglech ginn. Duerch d'Schafe vun öffentleche Baulandreserve wäerten de Stat an d'Gemenge selwer um Wunnungsmaart agéieren, mat enger sozialer Zilsetzung. Gläichzäiteg kann dës Baulandreserve derzou déngen, dass de Stat wichtig Infrastrukture besser ka plangen a realiséieren.

Zweetens, d'Industrie- an d'Aktivitészone just nach do ariichten, wou se mat öffentlechem Transport accessibel sinn an eng national Plus-value duerstellen. E Plan sectoriel „Zones d'activités économiques“ gëtt an dár Hisicht élaboréiert.

Dréttens, eng fundamental Modernisierung vun de Strukturen an de Verwaltunge vum Stat fir dat administratiivt Létzebuerg an d'21. Jorhonnert ze féieren; op dése Punkt kommen ech gläich zréck.

Véiertens, eng nei Approche am Transport. Wéi Recht hat dach de Professer Brändli, wéi e gesot huet: „Dir hutt iwwerhaapt kee Verkéiersproblem, Dir sidd dës Verkéiersproblem.“ Et ass ee radikaalt Émdenken noutwendeg fir vun dár Létzebuerger Attitude vum „sech transportéieren“, déi just op den Auto orientéiert ass, ewechzekommen.

Mir hunn haut 1,2 Milliounen einzel Verkéiersbewegungen den Dag zu Létzebuerg. Fir datt mer eis och mat 1,5 oder 2 Milliounen Verkéiersbewegungen den Dag nach kënnen am Land réieren, muss de „modal split“ vu 25/75 téschten öffentlech-kollektivem an individuellem Transport erreecht ginn. Weder deen öffentlechen, nach deen individuellen Transport packen d'Verkéiersbewegunge vun der Zukunft eleng.

Zwar brauche mer eng Partie nei Stroossen, mä virun allem leeë mer d'Prioritéit op d'Schinn an all hirer Erscheinungsformen. „mobilité.lu“ gëtt émgesat, sou zwar datt de Findeel an de Kierchbierg iwwer Dummeldeng d'Ubannung un d'Schinn kréien. Weiderhi wéile mer préifen, wéi déi vum IVL relativ relevant Kriet vun Zéisseng, Houwald an Dummeldeng kenne matenee verbonne ginn. Dat ass och wichteg am Hibleck op déi weider akademesch Entwécklung mat deene verschiddeine Campussen - et hänkt ebe villes mateneen zesummen.

D'Ubannung un d'international Schnellzuchnetzer ass och absolut prioritar. Dobäi sinn, fir d'Attraktivitéit vun eiser Haaptstad als Siège vun europäischen Institutionen sicherstellen, virun allem Eurocap-Rail an TGV-Est kruzial. Et gëtt keng Politique du siège ouni eng drastesch verbessert Accessibilitéit vun der Stad Létzebuerg mat schnellen Zich zu aneren europäischen Haaptstied.

Am Kontext vum Transport begësst d'CSV et ausdrécklech, dass an der Regierungserklärung e staarkt Kapitel iwwer Verkéierssicherheit ze fannen ass. All Doudégen am Verkéier ass een ze vill. All Schwéierverwonnte stellt e Liewen duer, duerch dat eng Zäsur leeft an dat vlaicht ni méi esou gétt wéi et war. D'Metzlerei op eise Stroossen, déi all Jor er klenget Duerf auslässt, muss ophéieren. Dofir schafft den Transportminister en zesummenhängende Pak vu Moossnamen aus, an deem feststoend Radaren, weider Sensibilisierungscampagnen, verstärkt Kontrollen op Vitesse, Alkohol an Drogen um Steier sech ergänzen. Preventioun, Repression an Upassung vun de Stroosse müssen effikass gebündelt ginn, fir dass de Wahnsinn op de Stroosse en Enn kritt. Frankräich ass an dësem Domän amgaangen ze weisen, dass et geet.

Ee Stat, deem seng Strukture sech wandelen, dee sech logistesch an infrastrukturell an eng nei Zäit begëtt, dee muss och sech selwer an d'Modernitéit beförderen. Et däerf kee Gruef téschten den Ambitiounen vum Stat a senge Méttele bestoen, fir dës Ambitiounen émzeseten. Dofir gëtt de Ministère vum öffentlechen Déngsch, dee sech verstärkt ém e-Gouvernement an d'Modernisierung vun der Verwaltung an hirem Ofslaf muss bekämpfern, ee vun deene ganz wichtegen an dëser Legislatur. Un hir wäert et zu engem net onerhieblechen Deel leien, ob mer mat eiser ganzer staatlecher Administratioun am 21. Jorhonnert ukommen, wou eis Gesellschaft an eis Wirtschaft längst scho sinn. Déi erhieblech Retarden, déi mer mat den elektronische Verwaltungs- ofleef hunn, müssen opgeholt ginn; e-Gouvernement muss a fënnef Jor eng spierbar an novollzéibar Realitéit sinn.

Et geet awer net némmen ém ee performante e-Gouvernement, et geet grad esou drëms eng modern an eiser Zäit ugepasste Kohärenz an Interaktiouen téschten déi verschiddeinen Niveaue vun den Administratiounen ze kréien. Vun de Gemengen iwwert d'Syndikater, d'Établissements publics, eventuell neie Forme vun interkommunaler Zusammenarbeit bis hin zum öffentlechen Déngsch vum Stat, muss d'Verwaltung an hire Methoden, an hirer Ausbildung, an hirer Arbeitsaart a -weis an an hire Missiounen iwwerduecht an duerch d'Zäit bis an d'Jor 2004 transportéiert ginn. Et hänkt och hei villes zesummen.

### 2) D'Entwécklung vun eiser Wirtschaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Gesellschaft ass net méi déi, déi se nach virun zéng oder zwanzeg Jor war. Eis Ekonomie, iwwerhaapt déi europäesch Ekonomie, och net méi. Mir hunn eis an eng Wéssens- a Kommunikatiounsgesellschaft beginn an och d'Wirtschaft fonctionnéiert drastesch verstärkt mat der Ressource Information. De Sommet vu Lissabon huet a senge Konklusiounen festgehalen, datt Europa bis 2010 soll déi weltweit competitivitét wéssensbaséiert Ekonomie entwéckelt hunn. Am sou genannte Prozess vu Lissabon, deen zu deem Zil soll féieren, si Wirtschaft a Wéssen, Ekonomie a Bildung, Héichschoul a Recherche net méi vuneneen ze trennen. Dat entsprécht och enger gesellschaftslecher Bewegung a Richtung vu méi Bildung an Ausbildung fir jiddfereen, Demokratisierung vun den akademesch Formatiounen, ee lievenslaangt Léieren als Schlüssel fir dauerhafte berufflechen a gesellschaftsleche Succès. Am Koalitiounsaccord steet ee Kloero Bekenntnis zur Uni Létzebuerg. All déi, déi scho mol prophylatesch vum Begriefnes vun der Uni geschwat a geschriwwen hunn, solle sech raviséieren. Héichschoul a Fuerschung huelen eng Plaz ganz uewen am Agenda vun der Koalitioun an.

Dés Majoritéit mécht eescht mam Opbau vun der Uni Létzebuerg a si huet fest wélls, Létzebuerg zu engem international unerkannten an europarelevanten Zentrum fir akademesch Excellenz ze maachen, ouni dem universitär Gréissewahn ze verfalen. Dofir ass bekräftegt ginn, dass mer eng Universitéit „de taille réduite“ opbauen. Mir wéllen net déi 51. normal Uni an der Groussregioun opbauen. Mir wéllen déi eischt an déi bescht multidisziplinär orientéiert, op Recherche fokusséiert an op Nischeberäicher spezialiséiert Uni an der Groussregioun kréien.

Déi Recherche, déi zu Létzebuerg bedriwwen gétt a soll an Zukunft bedriwwen ginn, ass gläichzäiteg d'Reckgrat vum universitaire Betrib, wéi mir eis e virstellen. Eis Wirtschaft brauch spezialiséiert Fachleit - a mir forméieren dár zu Létzebuerg - am Finanzwiesen, an den Nanotechnologien an an der Materialwissenschaft zum Beispill. Gläichzäiteg ass d'Economie en noutwendige Sponsor vum Gesamtphénomène „autonom Uni“. Wirtschaftlech relevant Fuer- schung a reell Ekonomie sinn net vuneneen ze trennen. Dést ass d'Majoritéit sech bewosst an opgrond vun dár Erkenntnis gétt och eng vernetzte Politik bedriwwen. Eng Politik, déi Standuert brauch, wéi mer se an der Landesplanung ausweisen an déi muss vun enger Verwaltung, déi d'Ziler vun der Wéssensgesellschaft mat verkierpert, begleet ginn. Et hänkt och hei alles zesummen.

3) D'Afléss vu baussen, d'Integratioun no bannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Létzebuerg ass keng Insel. Dat ass schrecklech wouer an et gëtt wuel dofir esou dacks betount. Mir bleiwe vun náischt verschount, och net vun terroristesche Bedrourgen, deene mer eis musse mat der Determinatioun vum Anstand a vun de fráie Ménisce stelle. An zwar mat alle Méttelen, déi mer zur Verfügung hunn, well den Terrorismus viru kenge Méttelen zréckschreckt.

Dat maache mer als Rechtstat mat de rechtstaatleche Garantien awer mat net manner Entschlossenheit. Mir wéllen d'Sécherheet vun alle Leit, déi zu Létzebuerg liewen, garantéieren; och a besonesch vis-à-vis vum Terrorismus.

An dësem Kontext - awer net némme an dësem - féiere mer och d'Politik zu Gonschte vun der Polizei fort, déi an deene leschte Jore bedriwwen gouf. D'Police kritt weider Leit bái, fir hir émmer méi komplizéiert a komplex Missioune kënne ze erfëllen. Dozou gehéiert och an erhieflechem Mooss zivili Personal an der Verwaltung, fir dass d'Polizisten dat kenne maachen, wat hire Beruff ausmécht an net brauche vill ze vill Zait um Schreifdësch ze verbréngen. An dozou gehéiere Fachleit, déi sech an deene verschlongene Réseauë vun der internationaler Kriminalitéit, mat hirer Finanzstruktur an hirer Deckungsstrukturen, zurechtfannten. Kriminalitéit an all hiren Erscheinungsformen gétt och an Zukunft konsequent bekämpft.

Déi vill Leit, déi op Létzebuerg kommen, fir zesumme mat eis hei ze liewen, ze léieren, ze schaffen, Familljen ze grënnten, sinn eppes Schéines, eppes Guddes an eppes Noutwendeges fir eist Land. Si si wéllkomm bei eis a mir welle si optimal intégréieren.

Bal 40% vun deene Leit, déi hei am Land liewen sinn net Létzebuerg - an et ginn der nach méi. D'Integratioun vun dëse Leit an eis Gesellschaft, an eis Veräiner, an eis Gewerkschaften, an eis Parteien ass fundamental wichtig fir d'Kohäsion vun der Létzebuerg Gesellschaft.

Am Koalitiounsaccord steet dofir e ganze Pak vun integratiounsfördernde Moossnamen, fir dass déi Leit, déi hei een neit Doheem sichen a fannen, sech hei solle kén-

nen optimal aliewen a wuel llen. Dat wichtegst Stéck Identitéit vun de Létzebuerg, dat wat eis all matenee verbennet, well et dat ass, wat mer brauche fir matenee ze schwätzen, dat ass eis Sprooch. Si ass net just een Element vun Integratioun, si ass de Schlüssel zur Integratioun. Dofir welle mer méi Leit forméieren, déi Létzebuergesch énnerrichten, an esou méi Leit d'Méiglechkeet ginn et ze léieren. Fir déi énner hinnen, déi eis Nationalitéit wéllen unhuelen, ass d'Kenntniss vun der Létzebuerg Sprooch onerlässlech. Et muss eis all dru geleeé sinn, datt all Létzebuerg kenne Létzebuergesch matenee schwätzen.

A mir maachen déi duebel Nationalitéit méiglech. Leit, déi welle Létzebuerg ginn, brauchen an Zukunft net méi e Stéck vu sech selwer zréck op hir Ambassade ze schécken, wa se eis Nationalitéit wellen unhuelen. Létzebuerg am Ausland kenne Létzebuerg mat hirem Pass an hire Rechter bleiben, och wa se d'Statsbiergerchaft vun deem Land unhuelen, an deem se liewen a schaffen.

Mä well déi duebel Nationalitéit eppes aneschters wéi eis eleng, kritt se speziell Bedingungen. Dobái maache mer den Énnerscheed téshent dar Optioun, besonnesch fir déi Kanner, déi hei gebuer sinn, an der Naturalisation. Wie sech Létzebuerg wéllt naturaliséiere loessen a seng Nationalitéit wéllt bai behalen, dee muss an eisen Aen zéng Joer hei gelieft henn. Déi fit eis Nationalitéit unzehuelen hir eegen oppinn, brauchen némme fénnef Joer hei ze wunnen. Esou weise mer, dass d'Verbindung vun zwou Nationalitéiten, eiser an enger anerer, eppes Besonnesches ass.

Net all Leit, déi bei eis kommen, maachen dat fräiwelleg. Déi, déi verfollegt ginn, aus iergendengem Grond a bei eis Asyl froen, déi kréien et - an zwar an Zukunft méi séier. Asylrecht däerf awer net abuséiert ginn, wann et seng Bedeutung soll behalen. D'Recht op Asyl ass eent vun deenen nobelste Mënscherechter. Et ass d'Recht vun engem geploté Mënsch op eng Plaz ze goen, wou een nees frái kann otmen, sech bewegen, nei ufánken. Wien awer mat dësem Recht vun der Verfolgten de Spunes dreift, an domat och mam Létzebuerg Stat, deen däerf net heibleiben.

Verbonne mat dem Komme vu Flüchtlingen, deene richtegen an deene falschen, ass d'Onglächheet vum Räichtum an der Welt. Well schrecklech vill Armut an der Noperschaft vun Europa ass, siche Leit aus Afrika, Zentralasien an dem Noen Osten eng besser Zukunft bei eis. Létzebuerg huet am Verlauf vun deene Jore seng öffentlech Entwicklungshélfel op 0,84% vu sengem nationale Räichtum eropgesat. Mir sinn eent vu weltwáit fénnef Länner - et sinn iwwregens lauter europäischer -, déi iwwer 0,7% ukomm sinn a mir fuere weider, bis mer ee ganze Prozent vun eisem nationale Räichtum dofir benotzen, deenen Äermsten op der Welt ze héllef. Dat si mir hinne schéllleg, a mir sinn et eis selwer, als engem vun deene räichste Länner op der Welt, schéllleg.

Een aneren Domän, deen eppes mam Engagement an der Welt a fir de Fridde fir eng besser Zukunft ze dinn huet, ass dee vun der Verteiligung. Och hei erhéije mer eise finanziellen Engagement fir eis Arméi, fir dass d'Arméi hiren Engagement fir die Fridde ka verstärken, zesumme mat eisen europäischen an atlantesche Partner. Mir wéllen eng handlungsfäeg an eng asazbereet Arméi, déi dozou báidroe kann, dass Krich verhennert a Fridden erhale gétt. E Land wéi eist, an deem kaum eng Famill net weess, wat Krich fir ee Misäi bedeut, ka keen anere Wee beschreiden. Mir si frou, datt de Regierungsprogramm op dësem Punkt keen Zweifel dru léisst, wou eis Responsabilitéit läit.

4) D'Entwicklung vun der Gesellschaft an der Famill.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wéllt ech am Numm vun der CSV-Fraktioune déi Entwicklung belichten, déi eis individuell direkt an heiansdo décisiv betreffen. D'Entwicklung um Aarbechtsmaart, an de Famillen an an der Schoul.

Den Aarbechtsmaart ass Deel vum Prozess vu Lissabon. E gétt affektéiert vum gesellschaftlechen Drang no Wéssen an Informatioun. Hie selwer fonctionnéiert méi a méi op Basis vun Informatioun; dat heescht an dësem Fall meeschent Qualifikatioun. Mir brauchen och an Zukunft Leit, déi manne oder net qualifizéiert Aarbechte maachen, déi net méi gär gemaach ginn. Mir hänken awer all dervun of, datt se gemaach ginn. Mir géifen eis als Gesellschaft also gutt drun doen, Unerkennung a Respekt virun deene Leit ze behalen, déi déi méi désagréabel Aarbechte maachen.

An dach ass et esou, dass déi allermeeschten Aarbechten haut méi Qualifikatioun verlaangen, wéi dat viru Joren de Fall war. Ouni déi richteg, ouni déi gesichten a gefropte Qualifikatioun ass et schwéier, fir net ze soen onmégliche, déi Zort vun Aarbecht ze fannen, déi ee gär géif maachen. A mat der Ufanksqualifikatioun geet et net duer. Wat ee mat 30 weess, geet dacks net méi duer fir mat 50 net entloos ze ginn. De Schlüssel vun engem laangen Aarbeitsliewen ass haut d'Bereetschaft saí Wéssen a seng Fäegkeet stänneg a Fro ze stellen a permanent ze verbesseren.

D'Aarbechts- a Beschäftigungspolitik, sou wéi dës Majoritéit se gesäit, muss vun der Politik esou begleet ginn, datt mer fir déi Leit, déi schaffen a welle schaffen, Viaräussetzunge bidden, datt si um Aarbechtsmaart wéllkomm sinn, an domat si mer do ukomm, wou an dëser Zait esou vill Fiedem beinee lafen: Bei der Schoul.

D'Schoul huet haut esou vill Aufgaben, datt se se bal net méi packt.

Si muss bilden, ausbilden, weiderbilden, si soll sozialiséieren, betreien, encadréieren, si muss encouragéieren a motivéieren, si muss zum Denken an zum Handelen ureegen, si muss opfänken an oprichten, si muss Elteren ersetzen an och alt mol mat hinne streiden.

Mir wéllen de Schoule méi Autonomie ginn, fir datt si kenne pedagogesch Modelle a Programmer ausprobéieren, fir datt se erkennbar euge Bildungs- an Ausbildungsoffensive kenneentwéckelen, déi matenee verglach a géintenee kenne bewäert ginn. Esou brénge mer méi Dynamik an d'Schoul a méi staark gétt d'Motivatioun vun deen, déi doranner schaffen.

D'Offer vun de Programmer gétt iwwerpréit an eng gréisser Praxisorientierung gétt gesicht. Gréisser Praxisorientierung, gréisser Noperschaft bei den Inhalter, déi den Aarbechtsmaart sieht, sinn haut onverzichtbar, virun allem bei de Sproochen, wou mer müssen un eiser Méisproochegkeet festhalen, déi een immensen Atout ass am europäischen Émfeld. Mä mir müssen de Schüler d'Chance ginn, déi verschidde Sproochen op ugepassten an ugemoosste Manéier ze léieren an esou, dass hiert Sproochewéissen hinen herno och eppes bréngt.

Fir ze probéiere wéi dat geet, wann d'Schoul méi laang op huet wéi just während de Schoulstonnen, gétt e Pilotprojet vun engem Ganzdagschoul lanciéert. Dëse Pilotprojet soll et erlabe verschidde Konzepter ze testen, déi mer gäre géifen an der Schoul zur Geltung bréngen: Disponibilitéit vun deenen, déi Schoul halen, e richtegen Tutorat fir

d'Chance vun deenen, déi léieren, ze verbesseren, gemeinsam Aktivités, déi net um Léierprogramm stinn.

D'Ganzdagsschoul, net ze verwiesele mat Gesamtschoul, ass och e Modell fir d'Vereinbarkeet vu Beruff a Famill ze stáipen a méi konkret ze maachen. Famill a Beruff énnert een Hutt ze kréien ass fir all Concernéierte wénschenswáert. Mir mengen, dass et d'Recht vun all Famill ass och de Beruff énnert daach ze kréien, ouni een Deel vun deem, wat d'Famill ausmécht, opzeginn.

D'Vereinbarkeet vu Famill a Beruff ass eng Ersäufderung. Si ass e reellen Ausdruck vu Chancéglächheet. Do huet d'Schoul eng Roll ze spille an d'Ganzdagsschoul ass eng Pilotexperiénz, déi mer op hir positiv Wierkungen an dësem Beräich welle préifen an évaluéieren. Selbstverständlichkeit mussen d'Opfangstrukturen op alle Pläng och ausgebaut ginn. Dés Majoritéit steet fir däitlech méi Crèchéplazzen, déi finanziell accessibel sinn, a fir eng Ganzdagsbetreibung an a ronderem d'Schoulen, déi un Dicht an Emfank spierbar zouhélt.

D'Vereinbarkeet vu Famill a Beruff ass, wéi gesot, eng Noutwendegkeet fir de Choix vun den Elteren an hirer Liewensgestaltung fräizeloosen. Et ass esou, dass dëse Choix aus ville Grénn émmer méi a Richtung vun der Beruffstätigkeet vu béiden Eltere geet. Mä deen anere Choix gétt et och nach, nämlech deen, dass een Elterendeel décidéiert fir aus dem Beruffsliewen auszescheeden, fir sech ganz singer Famill ze widmen. An dee Choix do géilt et och, an zwar absolut, ze respektéieren. D'Aarbecht doheem ass och Aarbecht, wichteg Aarbecht am Déngsch vun der Famill an der Gesellschaft. An d'CSV wäert weiderhin och all déi Familljen énnertstézen, déi dëse Choix maachen.

Familljen an eiser Zait sinn de Brennpunkt vun allen Entwicklungsgen, déi ech beschriften henn. An hirer Métt begéine sech par rapport zu fréier verändert Liewenserwaardungen. Et begéine sech Liewenserwaardungen an Erfahrung vun Elteren a Kanner, wat net émmer ouni Konflikter ofgeet. Et begéine sech Freedens, Enttäuschungen, Hoffnungen, Ängscht, déi all mat der Welt ronderem zu dinn henn: mam Aarbechtsmaart, mat der Schoul, mam Fanne vun enger Wunneng, mat der Grénnung vun engem Betrib, mam Kontakt mat der Verwaltung.

Eigentlech beweist d'Banneliéwe vun enger Famill, dass alles zersummegehéiert, dass dat eent an dat aner iwwergräift, dass eppes, wat ee mécht oder énnertlésis, en direkten oder indirekten Afloss op eppes aneschters huet. D'Famill ass de Méttelpunkt vum Liewen. Si bleibt och de Méttelpunkt vun eiser Politik, well iergendwéi bal alles mat hir zersummenhänkt. A si beschreift d'Noutwendegkeet zu vernetztem, transversalem politesch Denken an Handelen op ganz praktesch Manéier. Et hänkt eben definitiv alles zersummen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Politik vun der Majoritéit, esou wéi mer se am Koalitiounsaccord festgeschriften henn, ass esou eng transversal ausgerichtet, vernetzte Politik. An déi konkretesten Ausgestaltung vun enger ganzheetlech politescher Opferierung wäert missen am éischten Hallejoer 2005 geliwwert ginn, wa Létzebuerg fir d'lescht an dár Form d'Présidence vun der Europäischen Union iwwerhelt. Dat ass keen einfachen Exercice, mä en ass vu laanger Hand virebereet an dofir wäert en och geléngt.

Déi Themen, déi mer wäerten énnert eiser Présidence ze behandelen henn, henn et a sech. Et geet ém déi finanziell Perspektive vun der Unioun, hir Erweiterung an den europäischen Südosten, hir Verfassung och, déi nach muss a Krafft trieden. Dat alles muss Létzeburg op d'Schinne bréngen an dat erfuerert de ganzen Asaz vu ganz ville Leit an der Regierung, am Parlament an och an der Verwaltung.

Létzebuergesch Présidence waren émmer gutt fir Europa. Mir sinn éierlech Europäer. Eierlech an deem Senn, dass mer europäesch denken a sinn, gradwei mer létzebuergesch denken a sinn. Mir brauchen eis an Europa net ze verstellen, well mer Europa wierlech wéllen. Europa huet eis Fridde bruecht. Europa léisst eis a Rou d'Politik esou erliewen a gestalten, wéi mer selwer dat wéllen. Eis Présidence gétt eis Geleeéhheet, iwwerall an Europa déi Iwwerzeugung auszestrahlen, déi eis un Europa bénnt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, deen Tour duerch d'Entwicklungen heibannen an dobaussen, deen ech gemaach henn, ass u sengem Zil ukomm. Ech wéll bei der Arrivée feststellen, dass meng Fraktioune der Regierung zoutraut, déi Politik émzeseten, déi mer am Koalitiounsaccord definéiert henn. Ech selwer an d'Fraktioune vun der CSV bidden der Regierung eng engagéiert a loyal Zesummenarbeit un, fir dass Létzebuerg nees e gutt Stéck weiderként. A mir komme weider, wa mer Politik aus engem Goss maachen, eng Politik fir d'ganzt Land, déi d'Liewensrealitéit vun de Leit bei eis an hirer ganzer Komplexitéit erfaasst an do upaakt, wou eng Hand gebraucht gétt.

An deem Senn wéllt ech dann nach am Numm vun de Majoritéitsfraktioune eng Motioun hannerleeën, déi der Regierung d'Vetrauen auschwätz.

#### **Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- après avoir entendu la déclaration gouvernementale, y donne son approbation, fait confiance au Gouvernement pour sa réalisation et passe à l'ordre du jour.

(s.) Michel Wolter, Lucien Clement, Ben Fayot, Norbert Haupert, Romain Schneider.

Ech soen lech merci fir Ár Opmerksamkeet.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Wolter. Deen nächste Riedner, deen ageschriften ass, ass den Här Henri Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Henri Grethen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 13. Juni 2004 huet de Jean-Claude Juncker d'Wahle gewonnen. Seng Partei, d'CSV, krut sechs Sétz bái. D'Equipe vun der DP huet fénnef Sétz verluer, déi Gréng henn zwee Sétz gewonnen, d'LSAP keen, den ADR huet zwee Sétz verluer an déi Lénk sinn net méi an der Chamber vertrueden.

D'Demokratesch Partei akzeptéiert dat Resultat a wäert hir Lektiounen aus deem Wahlresultat léieren. Als gréissen Oppositionspartei huet d'Demokratesch Partei och eng besonnesch Verflichtung. Mir wäerten eng energiesch a kritesch Oppositiounspolitik maachen. Mir wäerten eng Oppositiounspolitik maachen, déi konstruktiv ass an déi kloer weist wat d'Alternative vun der Demokratescher Partei sinn. Mir wäerte kee schoumen, weder eise fréiere Koalitiounspartner, d'CSV, nach hiren neie Koalitiounspartner, d'LSAP, wa mir eng aner Meuning henn.

Mir wäerten dës Regierung énnertstézen, fir datt d'Présidence 2005 e Succès fir Létzebuerg gétt. Während deene sechs Méint Présidence kann dës Regierung beweisen, wat si europapolitisch drop huet. Mir wäerten dës Regierung och énnertstézen, wann et dréms geet, déi nei europäesch Verfassung ze adoptéieren. A mir hu scho proposéiert a mir proposéieren et hei an enger Motioun, dass

mer e groussen nationalen Débat iwwert déi Verfassung organiséieren an dass mer sollten de Referendum iwwert d'Verfassung nach virum Enn vun désem Joer respektiv zu Ufank vun der Lëtzebuerger Présidence 2005 duerchzéien.

## Motion 2

### La Chambre des Députés,

- considérant la signature du Traité instituant une Constitution pour l'Europe le 29 octobre 2004 à Rome;

- soutenant la décision du Gouvernement d'organiser un référendum permettant aux citoyens de se prononcer sur cette question de fond pour l'avenir des pays membres et de l'Europe;

- estimant que le Luxembourg, alors qu'il assurera la Présidence du Conseil de l'Union européenne durant la première moitié de l'année 2005 et en sa qualité de pays fondateur de l'Union européenne, doit impérativement figurer parmi le peloton de tête des pays membres ratifiant la Constitution européenne;

- consciente de ce que d'autres pays membres ont déjà annoncé vouloir ratifier le texte constitutionnel avant la fin de l'année 2004,

invite le Gouvernement

- à se doter des moyens nécessaires pour organiser ensemble avec tous les partis politiques et forces vives de la nation un large débat politique sur la Constitution européenne;

- à organiser le référendum sur la Constitution européenne avant la fin de l'année 2004 ou au plus tard au mois de janvier 2005.

(s.) Henri Grethen, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Colette Flesch, Carlo Wagner.

Här President, mir wäerten dès Majoritéit do énnertstetzen, wou si eng Politik mécht, déi mir opgrond vun eisem Grondsaz an eisem Wahlprogramm énnertstetze können. Dat ass keen einfache Prozess, besonnesch dann, wann ee weess, datt vill Projete vun deenen, déi mir an de vergaangene Joren ausgeschafft hunn, haut a muer vun anere können, jo souguer musse fäerdeg realiséiert ginn. Mir stinn zu deem, wat mer an deene leschte fennet Joer geleescht hunn. Mir stinn och zu eisem Wahlprogramm a mir wäerten eis an de kommende fennet Joer inhaltlech weiderentwickelen an och déi Iddien hei am Parlament vertrieben.

Här President, erlaabt mer als éischt e puer allgemeng Remarquen zu där neier Koalitioun ze maachen an do op folgend Fro eng Antwort ze ginn: Wéi hu se sech eingentecht konnt a wat war d'Konsequenz dovunner? D'CSV huet sech nom 13. Juni missen e Koalitionspartner sichen. D'Sich war schnell gemaach. Et war net eng Sich nom Prinzip vum „beauty contest“ opgrond vun de Wahlprogrammer, mä et war eng Sich vun der arithmetescher Logik. D'CSV huet sech d'LSAP erausgesicht.

Et waren net déi Gréng, déi als ei-gentleche Gewënner vun de Wahlen nieft der CSV an eng Koalitioun erageholl gi sinn, obwuel si reng arithmetesch och eng Majoritéit kritt hätten. Si kruten duerfir vun der CSV e puer Streicheleenheiten, well et weess ee jo net, wéini een déi Gréng nach eng Kéier kéint gebrauchen.

Arithmetesch gesinn ass also d'Entscheidung vun der CSV, fir mat der LSAP Verhandlungen ze féieren, déi beschte Lösung fir d'CSV. Si war et awer net némmen arithmetesch. Si war et och programmatisch gesinn - fir d'CSV selbstverständliche. Et huet ee sech jach kannnt vun der Zäit virun 1999, an dobai war gewosst, datt do e lauter Leit wieren, déi bereet waren, hir programmatisch Ecken a Kanten ze vergiessen, fir némmen emol können an d'Regierung ze kommen.

Den Här Asselborn, Här President, huet jo scho fréi dréms gebiedelt fir dierfern an d'Regierung ze goen. Dobai ass et him jo net dréms gaangen, fir esou vill wéi méiglech vu sengem Programm kënnen ze verwierklechen. Et war also fir d'CSV net just eng Koalitioun vun der arithmetescher Logik, mä och eng Koalitioun vun der programmatischer Dominanz.

Datt dat esou kéim, dat huet net d'DP eleng esou gesinn. Au contraire: Datt dat esou kéim, hunn déi zwou gréissten Dageszeitungen hei am Land, zoufälleg also déi, déi der CSV an der LSAP no stinn, genau d'selwecht gesinn. Et huet nämlech net laang gedauert, dunn huet d'CSV duerch de Mond vun engem „Wort“-Journalist gesot, wat d'Konsequenze vun der arithmetescher Logik ze sinn hätten, an ech zitéieren: „Die politische Marschrichtung für die Koalitionsverhandlungen hat CSV-Chef Biltgen, selbstsicher wie es sich für einen Wahlgewinner gehört, bereits vorgegeben. Im Resümee: In den Kernbereichen Luxemburger Politik, Finanzen, Soziales, Europa wird es wohl kaum zu wesentlichen Kurskorrekturen kommen, arithmetische Vernunft oblige. Dass die LSAP nicht aus einer Position der Force heraus verhandeln wird, weiß keiner besser als die Sozialisten selber.“ Dat huet den Här Marc Glesener den 1. Juli am „Lëtzebuerger Wort“ geschriwwen.

D'CSV schéngt also gewéllt ze sinn, dem Land an der LSAP de séchere Wee ze dikteieren. An d'LSAP huet do entspaant matge-maach um séchere Wee, ob-schon d'Komeroden aus der Kahlstrooss, deenen et ém déi politesch Inhalter an ém de Profil vun der LSAP geet, all méiglech Warn-signaler vu sech ginn hunn. Ech zitéieren: „Juncker, diese Bête politique, dieses politische Naturtalent, nutzt die Gunst der Stunde höchst professionell. Er verhandelt nicht mit einer selbstbewussten Partei im Aufwind, sondern mit einer solchen, die sich selber einredet, sie hätte sowieso dem Kräfteverhältnis Rechnung zu tragen. Die Bereitschaft zum Kuscheln ist derart offensichtlich, dass das CSV-nahe „Wort“ die LSAP bereits jetzt, noch vor Abschluss der Gespräche, dahinstellt wie den berühmten Vogelfriss-oder-stirb.“, huet den Här Alvin Sold am „Tageblatt“, de 24. Juli, geschriwwen.

Dat ass e verbatterte Kommentar vum „Tageblatt“, e Kommentar, deen op reellen Ängschte berout. E Kommentar, deen net aus heiterem Himmel koum, well d'Bereitschaft fir ze Kusche war immens grouss, oder wéi anescht ass et ze erklären, datt ee schonn no enger Woch Koalitiounsverhandlungen héieren huet, et kéim een zügeg weider? D'CSV huet dikteiert, d'LSAP huet notéiert. Déi LSAP ass net méi erémzeerkennen! Esouguer hir euge Basis gesät dat an! Déi intern Differenze ware scho laang net méi esou grouss an därt Partei, an dat konnt ee jo och op désem Kongress, wou d'LSAP den Accord de coalition ofseene sollt, feststellen.

D'Enttäuschung an de Reie vun der LSAP ass also grouss. Firwat huet d'LSAP dann net op d'mannst emol versicht fir och némmen en Deel vun hire Fuerderunge vu virun de Wahlen an d'Realitéit émzesetzen? Wien hätt se dru gehénnert? Wat hätt se ze verléiere gehat? Keen, keen Eenzegen huet se dru gehénnert, ausser si sech selwer! Wat huet sech an den Iwwerleueunge vun der CSV an LSAP innerhalb vu véier Woche Koalitiounsverhandlungen par rapport zur Zäit vu virun dem 13. Juni 2004 geánnert? Erlaabt mer, datt ech mat e puer méi generelle Remarquen ufänken. 1999, muss ee wéssen, huet déi deemoleg nei Koalitioun fir d'éischte Kéier an der Geschicht dem Parlament dee ganze Koalitiounsaccord an allen Detailer zougeleet. D'LSAP wollt méi wält goen an huet gefrot, d'Procès-verbalé public ze

maachen, an de Statsminister huet a senger Réplique 1999 op déi Motioun hi gemengt, datt hien domadher kee Problem hätt. Ech zitéieren: „Loosst mer eent nom anere maachen! Et ass scho gutt, dass mer dee Koalitiounsaccord hunn. Déi nächste Kéier sollen d'Parteien direkt décideéieren, wa se ufänken ze négoциéieren, hir Procès-verbalé public ze maachen.“ 13. August 1999.

D'Demokratesch Partei énnertstetzt dat och wéi d'CSV an d'LSAP. An dofir mengen ech sollte mir eis eens maachen, déi Procès-verbalen ze veröffentlechen. Ech well an deem Senn och eng Motioun hei abrénggen, déi inhaltlech identesch ass mat därt, déi d'LSAP 1999 hei am Parlament abruecht huet.

## Motion 3

### La Chambre des Députés,

- considérant la motion N° 2 déposée le vendredi, 13 août 1999, par le Groupe POSL ayant invité le Gouvernement «à publier dans leur intégralité tous les procès-verbaux des réunions de négociation rédigés en vue de l'élaboration de l'accord de coalition présenté en date du 12 août 1999 par Monsieur le Premier Ministre»;

- considérant la réplique de Monsieur le Premier Ministre à la motion susmentionnée: „Dat Zweet ass, dass dés Kéier, erstmaleg an der Lëtzebuerger parlamentarescher Geschicht, de gesamte Koalitiounsaccord dem Parlament zougeleet ginn ass. Dat war fréier net de Fall. Loosst mer eent nom anere maachen! Et ass scho gutt, dass mer dee Koalitiounsaccord hunn. Déi nächste Kéier sollen d'Parteien direkt décideéieren, wa se ufänken ze négoциéieren, hir Procès-verbalé public ze maachen.“;

- considérant qu'aucune information détaillée n'a été publiée pendant toute la durée des négociations:

- constatant que l'accord de coalition diffusé par le nouveau Gouvernement ne permet guère de discerner les voies et moyens à travers lesquels le Gouvernement se propose de réaliser son programme de coalition;

- dans le souci de permettre et à la population et à la Chambre des Députés de retracer la volonté politique de la nouvelle majorité gouvernementale;

- vu que les procès-verbaux des réunions entre les partenaires de coalition ont été rédigés par le Secrétaire général du Conseil de Gouvernement,

invite le Gouvernement

- à publier dans leur intégralité tous les procès-verbaux des réunions de négociation rédigés en vue de l'accord de coalition entre le PCS et le POSL.

(s.) Henri Grethen, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Colette Flesch, Carlo Wagner.

Här President, erlaabt mer dann och eppes iwwert d'Regierungsparteiung, datt soen: Bonjour les dégâts! D'Resultat vun därt d'Prioritéit vun déi Regierung net déiselwecht si wéi déi vun der DP. Ech fännen u mat deem Beräich, dee fir eis nach émmer éischt, zweet an drëtt Prioritéit ass: d'Educatioun.

Bei der Educatioun, Här President, ee vun deene wichtigsten Domänen, wann net dee wichtigsten, si mir carrément enttäuscht. Béid Regierungsparteien haten d'Bildung zu engem vun de Wahlthème gemaach. D'Resultat ass leider moer ausgefall. Dat, wat no de Verhandlungen ugekennegt ginn ass, ass wierklich náisch Neies.

De Précoce gëtt vun 2009 u generaliséiert. Wéi vill Gemengen ofréieren de Précoce? Et sinn der honnert. Et huet zwar laang gedauert bis zum Beispill déi sozialistesch gefouert Escher Gemeng dat awer némmen deelweis agefouert huet, mam Resultat, datt leider net all Kanner énnerdaach kommen.

De Précoce am Allgemeinen unzébidden ass also keng Neiegkeet, well d'Madame Brasseur huet dat de Gemengen all Joer nees matgedeelt. Dat ass och am Projet de loi 5224 vun der Schoulreform an den Artikelen 1 a 47 virgesinn.

D'Ganzdagsschoul, eppes Neies? Eng Neierung wuel kaum! Eng Rei Lycéeën offréieren elo schonn eng Betreibung bis véier Auer an och bis sechs Auer owes. Dobai froe mer eis awer, wéi d'Regierung d'Kompatibilitéit vun der Ganzdagsschoul mam Schoultransport gesät, wa se némmen an e puer Klassen ugebuuedé gëtt, a wéi se d'Kompatibilitéit vun der Ganzdagsschoul mam Plan sectoriel gesät. Alles Froen, op déi mer am Koalitiounsaccord keng Antwort kreien an Antwort verlaangen.

Ech muss awer dann och soen, datt ech mat enger gewésser Satisfaktiou - an d'Madame Brasseur sécher och - festgestallt huet, datt den Accord de coalition virgesait, och d'Dispositioun vum Gesetz

Si huet net emol d'Asyl- an d'Immigratiounspolitik geholl, wou mer wéssen, datt d'Entscheidunge ganz schwéier sinn an och zu Recht kontrovers an der Gesellschaft diskutéiert ginn. A grad beim leschte Punkt gesät ee ganz gutt wouréms et der CSV gaang ass. A kengem Land ronderém eis ginn d'Froe vun Asyl an Immigratioun vum Ausseminister traitéiert. An Däitschland ass et den Innenminister, a Frankräich ass et den Innenminister, an an Europa ass et net de Conseil Affaires étrangères, mä de Conseil Justice-Affaires intérieures, deen déi dote Froen ze klären huet. Ech kann also net verstoen, wéi een dann nach behaapte kann, et hätt ee Wäert geluecht, ech zitéieren: „auf ein allgemeines Gleichgewicht in der Sache als auch auf eine gute Organisationsstruktur der Regierung“, wéi am „Lëtzebuerger Wort“ de leschte Freideg nozeliese war.

An hirem Wahlprogramm haten d'Sozialiste geschriwwen: „Die Sozialisten treten dafür ein, dass alle Dienststellen, die sich mit der Zuwanderung befassen, in einem einzigen, eventuell neu zu schaffenden Ministerium zusammengelegt werden.“ Si hinn dee Cadeau empoisonné kritt. Si proposéieren um Landesplang d'Asyl- an d'Immigratiounspolitik an deem Kader, déi en CSV-Minister op europäesch Plang mat deenen anere Memberstaaten inhaltlech aushandelt. An deeselwechten CSV-Minister dikteert wéi déi Politik am Justiz-, Polizei- a Budgetsberäich exekutéiert gëtt. Ob dat op Dauer déi grouss Besserung an der Asyl- an Immigratiounspolitik ergëtt, woen ech hei ganz staark ze bezweifelen.

D'CSV huet sech dann am Ausseministère och nach zwee aner Stécker vum Kuch erausgeschridden, nämlech d'Défense an d'Kooperatioun. Ass d'Défense iere bei d'CSV gaang, well d'LSAP, déi jo sibyllinesch Wieder an hirem Programm iwwert déi transatlantesch Beziunge stoen huet, Problemer huet mat verschiedenen transatlantesche Partner oder Organisationen? Oder ass et souguer, well der LSAP hir Demagogie am Irak-Krich kengem zouzemudde war? Soit.

Ech gesinn net direkt de Senn a vun därt Operatioun, well déi zwee Beräicher do am beschte fonctionnéieren, wa si an enger kohärenter aussepolitescher Démarche agebett sinn. D'ailleurs muss ee feststellen, datt an der leschter Regierung zwee Mandatairen zoustanngé ware fir dee ganzen aussepolitesche Beräich; an déser Regierung sinn et der carrément fennet. Den Här Asselborn, huelen ech un, fir dat Aussepolitesch, den Här Schmit fir d'Europapolitik, den Här Frieden fir d'Défense, den Här Schiltz fir d'Kooperatioun an den Här Krecké fir de Commerce extérieur.

Also, wann ech mer dat just némmen um Niveau vun der Koordinatioun esou virstellen, da kann ech just soen: Bonjour les dégâts! D'Resultat vun därt d'Prioritéit vun déi Regierung net déiselwecht si wéi déi vun der DP. Ech fännen u mat deem Beräich, dee fir eis nach émmer éischt, zweet an drëtt Prioritéit ass: d'Educatioun.

Här President, et ass also kloer no wéi engem Prinzip d'Ministère opgedeelt gi sinn: D'CSV huet sech geholl an d'LSAP huet kritt. La loi du plus fort, also net eng partnerschaftlech Ofmaachung!

Här President, ech ka mech och nach erénnernen, datt d'LSAP ee grosse Wirtschaftsministère wollt huet, an deem de Mettelstandsmistère integréiert wär. „Erstens“, an ech zitéieren aus hirem Programm, „muss Innovationspolitik als Querschnittspolitik verstanden werden, um gegenseitige Abschottung zu überwinden. Innovationsziele müssen im Dialog mit allen interessierten Kreisen definiert wer-

iwwert d'Autonomie vun de Schoulen émzeseten. Dat freet eis besonnesch, well jo d'Sozialisten, et ass nach guer net esou laang hier, géint dat Gesetz gestémmt haten. De President vun der Sozialistischer Aarbechterpartei, den Här Jean Asselborn, huet deklaréiert, et wier elo Schluss mam „back to basics“. Ech si trou, Här President, datt den Här Asselborn net Educationnsmister ass, well ech froemech, wéi ee soll Wësse vermettelen, wann net fir d'éischt d'Basis geschafe gëtt.

Mussen dann d'Kanner an Zukunft net méi liesen, rechnen a schreiwe léieren? Léiere wäert ofgeschaافت ginn. Natierlech da géint den Avis vum Här Alvin Sold, deen am „Taageblatt“ den 19. Juli an engem Artikel, deen intituléiert ass „Lernen, lernen, lernen“, schreift: „Lernen ist Arbeit. Lernen strengt an. Noch ist die automatische Wissensvermittlung via e-Technologie nicht erfunden. Dort in der Großregion sind derer zuhauf, die lernten und lernten und lernten, was man sie lehrte.“ A géschter sot den Här Statsminister jo: „D'Schoul bleift eng Schoul vun der Leeschung. Ouni Léieren a Schaffe geet et net.“ De Statsminister Juncker an den Här Sold si sech also eens. Dat ass op d'mannst emol dat.

**Une voix.- Net op alle Fall!**

**M. Henri Grethen (DP).- Mä heiansdo, dat freet een dann.**

Déi nei Regierung huet och wélles, nei Weeér wat d'Evaluatioun vun de Schüler ubelaangt ze goen. Déi Aarbechten, wéi eng ganz Rei anerer, sinn énnert dem viregten Titulaire an deem Ministère ugelaaf. A wann een da liest, datt de Redoublement a Fro gestallt gëtt, da muss dat een nodenklech stëmmen. Solle mer dann elo de Schüler an den Elteren Illusione maachen an dann, wann et drëms geet fir en Diplom ze kréien, kénnt „das böse Erwachen“? Mir ass et baang ém eis Schoul, wann ech feststellen, wat an dësem Domän d'Prioritéite vun der Regierung sinn. Hoffentlech awer bréngt d'Madame Delvaux et fäerdeeg als fréier Professesch, méi realistesch a méi räsonnable un d'Saachen erunzegeen am Intérêt vun de Kanner an am Intérêt vum Land.

Här President, en aneren Dada, besonnesch vum Här Asselborn, war jo d'Trennung vu Kierch a Stat an de Finanzement vun de Privatschoulen. Ech stelle fest, datt d'LSAP sech wuel och an deem Punkt bei der CSV net némmen net duerchsetze konnt, mä et net emol probéiert huet. Wann ech de Presseberichter gleewe kann, dann ass jo emol net iwwert d'Privatschoulegesetz an de Koeffizient 1 am Relioufach vun der LSAP geschwatt ginn. Par contre soll eis elo d'Aféierung vun engem Pilotprojekt als eng enorm Neierung verkaft ginn, nämlech d'Aféierung vun engem Wäertunterrecht. Et soll den Androck entstoen, datt d'LSAP sech vis-à-vis vun der CSV duerchgesat hätt.

D'Realitéit ass awer eng aner, an de Statsminister huet de Sozialiste jo direkt gesot, wou et higeet an engem Interview, de 26. Juli op RTL, ech zitiéieren: „Mir wëllen d'Formation morale et sociale an de klassesche Relioufunterrecht, esou wéi mer en haut kennen, ze summelfe loosseen an engem eenheetleche Cours, deen obligatorisch ass an deen déi zwee aner Courses ewechfale léisst, an deem déi grouss Weltreliounen enseignéiert ginn. Mat engem besonnesche Gewicht natierlech, well mir eben hei zu Létzebuerg sinn, op chréschtliche-kathoulesch Elementer, wou awer och déi aner Reliouf huet Wuerst ze soe kréien a wou déi aner geeschteg Stréimungen, déi Europa gemaach hunn, och enseignéiert ginn. Zu deem Zweck maache mer eng Kommissioun, déi beim Statsminister ugesiedelt ass, deen och zesumme mam Educationnsmister aktiv dru

schaft, datt esou ee Programm fir September 2005 stoe kann.“

Dir gesitt, dat ass d'Enn vum Zitat, datt dës Regierung iergendwéi scho schlecht ufánkt, andeem se sech énnerteneen net eens ass, wat een da mat där enger oder anerer Ausso a Réalitéit mengt. Mä kommt mir kucken emol wéi déi nei Regierung am Detail soll funktioniéieren. De Reliouf- an de Moralunterrecht sollen also bääbehale ginn, ausser an engem Projet pilote vun der Ganzdagsschoul, wou soll op Septième en eenzege Cours ugebueude ginn.

Ech stelle mer d'Fro: Wat huet de Wäertunterrecht da mat der Ganzdagsschoul ze dinn? 2005 soll dat emol lues op enger Klass ulafen, sou dass d'Schüler iwwer all Reliouf informéiert ginn. Dat ass u sech ze begréissen, mä net nei. Bei der Reform vu Quatrième bis Première huet d'Madame Brasseur de Reliouf- an de Moralunterrecht op der Deuxième ofgeschaافت an an der Philosophie duerch e Cours iwwert d'Reliounen ersat. Des Weiheren ass fir d'Deuxièmen e Cours à option virgesinn: Histoire et philosophie des religions. De Programm ass fäerdeeg, e komplettent Dossier fir d'Enseignanten zesummege stellt. Ech iwwerreechen lech, Här President, den Iwwerbléck vun deem Programm, deen Der da kénnt der Regierung weiderginn, fir sech ze informéieren, datt op deem Gebitt excellent Aarbech gemaach ginn ass, déi fäerdeeg ass.

Här President, ech wollt da weiderfuere mat engem Beräich, dee mir zimlech no stong an nach weidersteet: der Ekonomie. An do ass et gutt, wann ee sech nach emol de Rhythmus vun de Koalitiounsverhandlungen virun Ae féiert. De 7. Juli goufe bekanntlech déi siwen Aarbechtsgruppe vun deenen deemoos présuméierte Koalitiounspartner agesat, fir iwwer spezifesch Domäner ze verhandelen. Ee vun deenen Aarbechtsgruppe war deen, dee sech mat der Wirtschafts- a Finanzpolitik beschäftige sollt. Deen Aarbechtsgrupp huet sech dann och sougläch un d'Aarbecht ginn énnert der Lee dung vum Formateur an der Partici patioun vun den Häre Frieden a Krecké.

Net méi spéit wéi den 9. Juli, dat heescht no knapps zwee Deeg, koum schonn de wäissen Damp zum Kamäin eraus. Et war ee sech no zwee Deeg eens iwwert d'Wirtschafts- a Finanzpolitik. Här President, dat erstaunt mech! Wéi schlëmm stoung et dach ém Létzebuerg an der Zäit virum 13. Juni, no de Sozialisten! D'Wirtschaft huet net méi gedréint, d'Keese waren ei del, alles war schlecht. Létzebuerg ass an engem regelrechte Morast vu wirtschaftlechem Mësserfolleg versonk.

Kommt, mir erënneren eis emol: War et net den Här Asselborn, deen nach bei der Debatt zur Lag vun der Natioun de leschten 28. Abréll Folgendes sot, an ech zitiéieren: „Dës CSV-DP-Regierung huet d'Létzebuerg-Economie gebremst, well se total d'Lag falsch erkannt huet. Dës CSV-DP-Regierung dréit d'Schold um schwaache Wuesstum zénter 2001, um Uwesse vum Chômage a selbsterklärend un der dramatescher Verschlechterung vun de Stats- an domadder och de Gemengefinanzen.“

No de Wahle stelle mer fest, datt de Wirtschaftswesstum erém do ass, datt en neien Opschwonk do ass, a souguer dem Zentralbankchef seng Statistiker sinn entre-temps zu dár Konklusioun komm. Ganzer zwee Deeg, Här President, hu se gebraucht, d'Sozialisten, fir dës gewalteg Problemer ze liesen. Wann dës Regierung géif an deem Rhythmus weiderfueren, Här President, dann hätt dëst Land am Dezember keng Problemer méi. Oder ass et vläicht esou, datt déi sozialistesch Fuerderungen énnert den Dësch gefall sinn innerhalb vun

zwee Deeg? Am Wahlkampf gouf e groussen, e ganz grousse Sommet de la relance gefuerdert. Nom Wahlkampf schwätzet kee méi do vunner.

E Communiqué an ee sozialistische Wirtschaftsprogramm huet deen anere gejot. Virun de Wahle gouf ech perséinlech als Wirtschaftsminister ugegraff, ech hätt all déi Joren náischt fir d'Wirtschaftsdiversifizierung gemaach. Elo op eemol, lélé Kollegen, gëtt gesot, datt mir mat dár Wirtschaftspolitik weiderfueren, a just kleng Ajustementer misste maachen.

Zwee Deeg Verhandlungen hu mat sech bruecht, datt aus engem Elefant eng Méck gouf, datt aus engem Sommet de la relance e puer kleng Ajustementer goufen. An nach, Här President, ech liesen, déi Kleng- a Mettelbetribler solle weider énnertstzt ginn duerch déi bekannten Instrumenter wéi de Guichet unique, d'Subventione wat d'Kapital ubelaangt, a Prêts de démarrage, Prêts participatifs, Prêts à l'innovation an esou weider an esou fort.

Et sollen och weider Maisons relais an Industriezonen erschloss ginn. D'Recherche soll énnertstzt ginn. Et soll weider un der Image de marque vu Létzebuerg geschafft ginn. Dat begréisse meng Fraktioune an ech natierlech, mä a wat énnerscheet dat sech vun der Politik, déi d'Regierung an deene fénnef leschte Jore bedriwwen huet? D'Resultat vun deem ganzen Tam tam vun de Sozialiste war awer, datt si onsécher Zäiten un d'Mauer gemoolt hunn an d'CSV parallel d'Leit mat der Theorie vum sécherre Wee ageniuwelt huet.

Fir d'DP ass dat, wat am Koalitiounsaccord steet, just d'Fortsetzung vun dár Politik, déi mat eis 1999 engagéiert ginn ass. Dat ass och gutt esou, mä d'Original ass émmer besser wéi d'Copie. Well a wesentleche Punkte fénnt een náischt erém am Koalitiounsaccord.

Wat ass d'Politik vun der neier Regierung vis-à-vis vun den industrielle Betribler, déi schonn zu Létzebuerg implantéiert sinn? Maache si déi Konsolidéierungspolitik weider, déi 1999 ugefaangen huet? Wéi eng Secteurs clés wëlle se dann op Létzebuerg lackelen? Sinn dat vläicht Biotechnologien oder d'Gen-Forschung, zu deenen d'LSAP bis elo émmer e gespléckend Verhältnis hat? Et schéngt, wéi wa se mat dem Gedanke spille wéllt eng Etüd iwwert d'Forces an d'Faiblessé vu Létzebuerg am Domän vun de Biotechnologien duerchférien ze loosseen.

Wann ech mech gutt erënneren, huet mä sozialistesche Virgänger am Wirtschaftsministère, den Här Goebbel, eng Kéier an engem Artikel geschriwwen, mir géingen de Sprong an d'Biotechnologié vernennen. Et war och d'sozialistesch Fraktioun, ugefériert vun der Madame Delvaux, déi d'Initiativ vun engem Motioun geholl hat, wéi et ém d'Transposition vun der Direktiv iwwert d'Protection juridique des inventions biotechnologiques gaangen ass, fir déi Direktiv ze rénegociéieren. Déi Motioun, déi finalement gestémmt ginn ass, ass daper vun den Häre Krecké, Bodry a Fayot énnerschriwwen. Mir begréissen et op jidde Fall, datt d'Sozialisten deen Domän entdeckt hunn an elo schéngt sech duerchgerongan ze hunn op dee Wee ze goen. Hoffentlech dauert et net ze laang.

Wat d'Simplification administrative ubelaangt, huet dës Regierung jo och direkt mam Contraire ugefaangen, andeems se emol en neie Poste geschaافت huet an der Person vun engem Kommissär. Dat gesait gutt no baussen aus, mä wat mécht dee Kommissär? Huet deen

horizontal Kompetenzen an all Ministère eran? Well d'Simplification administrative fir d'Betribler fánkt do un, an net mat engem Kommissärsposten. Fir eis ass d'Fro net, wien et mécht, mä d'Fro fir eis ass, wat ee mécht. Doriwwer fanne mer náischt am Koalitiounsaccord.

Ech hunn och mat vill Intérêt gelies, Här President, datt d'Kommodo-Prozedur soll méi kuerz ginn. Och do meng Fro. D'Gesetz gesait elo scho knapp Délaie vir, mat deenen all Acteure kénnt d'accord sinn. Et läit also net méi un de gesetzlech festgeluechten Délaien, mä et ass éischtet d'Komplexitéit vun den Dossieren, déi engersäits Schold ass, an anersäits déi duebel Kompetenz vum Émweltministère an der ITM, woubäi mer jo festgestallt hunn, datt de Gros bei der ITM hänke bleift an net am Émweltministère. Et wier also besser gewiescht de Fanger op an net niewent d'Wonn ze leeén.

Här President, de Sozialiste war eppes an eisem Wahlprogramm e schrecklechen Dar am A: D'Proposition fir eng Quellesteier fir Résidenten anzeféiere bei glächzäitiger Ofschafung vun der Vermégenssteier an der Net-Afélérung vun enger lerfschaftssteier en ligne directe. Monaco-DP si mer du vum Här Lux genannt ginn. Mir géinge just eppes fir déck Fortune wëlle maachen an náischt fir déi kleng Leit, war den Tenor vun engem vu senge villen Tageblatt-Pamphleten.

Nun d'Resultat am Koalitiounsaccord, ech sollt mengen Aen net trauen, ass genau dat, wat mir als éischt an eisem Wahlprogramm stoen haten, mat engem eenzegen Ennerscheed, datt den Här Lux keen Artikel méi am Tageblatt schreift, mä au contraire déi Mesure elo matdréit. Ech si trou fir d'Bierger, datt d'LSAP do asiichteg war, well dat hei ass eng gutt Measure, déi vun der DP an hirem Wahlprogramm initiéert gouf an déi d'CSV bei der LSAP elo duerchgesat huet.

Här President, virun de Wahlen huet et bei der LSAP geheesch, si géing den öffentlechen Transport zum Nulltarif ubidden. Ech hunn de Koalitiounsaccord erop an erof gelies, mä ech hunn náischt vun Nulltarif dran erémfonnt. Et gëtt also, wéi et schéngt, keen Transport public gratuit, mä just d'Proposition socialiste gratuite.

#### (Hilarité)

Här President, dat ass symptomatisch fir d'Politik vun der Létzebuerger Sozialistescher Aarbechterpartei. Virun de Wahle gëtt egal wat, zu egal wéi engem Präs ver sprach, an duerno gëtt alles erém schnell vergiess a gekuscht.

Ech liesen och am Koalitiounsprogramm, datt d'Gesetz vum 29. Juni 2004 iwwert den öffentlechen Transport iwwerschafft soll ginn. Do gëtt gesot, datt dat Gesetz soll revidéiert ginn, fir de Prinzip vun der Co-décisioun téschent de concerneerten Acteure ze respectéieren. Hei gëtt elo versicht dat ze maachen, wougeint méng Partei sech gewiort huet. Hei gëtt also probéiert fir an de Conseil d'administration vun deem Etablissement public, deen den öffentlechen Transport organiséiere soll, d'Opératoren anzebannen.

Ech wéll just hei soen, datt ech lech Bonne chance wënschen, wann Dir dat do wéllt maachen. Ech hat bei den Debatten zu désem Gesetz kloer betount, a wéll hei nach eemol widderhuelen, mir müssen eng Situationsverhénneren, wou een herno Leit am Conseil d'administration sätzen huet, déi Juge et partie sinn.

Elo, wann dann déi nei Regierung dat wouer mécht, kénnt d'Opératoren sech d'Opträg selwer ginn an och nach ausférieren. Ech mengen, mir sinn da ganz wäilt ewech vun deem Zil vun engem qualitativ héichwäertegen Transport, dat d'LSAP sech wollt ginn. D'LSAP fánkt erém do un, wou se 1999 op gehalen huet, nodeem se während

15 Joer am öffentlechen Transport an net némmen do, falsch Déci sioune geholl huet, wa se der dann iwwerhaapt geholl huet.

Ech stellen awer trotzdem mat enger gewésser Satisfaktioun fest, datt nodeems während der leschter Legislatur d'Kredditer fir d'Maintenance vum Réseau vun der Létzebuerger Eisebunn ém 40% an d'Luucht gaange sinn, nodeems an deemselwechten Záitraum d'Kredditer fir d'Investissementer an d'Schinn ém 400% an d'Luucht gaange sinn an nodeems, last but not least, an deene leschte fénnef Joer d'Kredditer fir de Service public ém 65% an d'Luucht gaange sinn, déi nei Regierung do schéngt weider wéllen ze fueren, wou déi al opgehaleen huet.

Déi Infrastrukturprojeten, déi an der leschter Legislatur gestémmt gi sinn, ginn och realiséiert. Sie et zum Beispill d'Ubannung vum Kierchberg a Findel un d'Schinnennet, oder de Bau vun neie Viaduc Polvermillen. Déi Projeten, déi nach gestémmt solle ginn, wéi dee vun der Verdubelung vun der Eisebunnsstreck Péteng-Létzeburg ginn och an der neier Regierung énnertstzt.

Här President, ech mengen, ech brauch lech net allegueren d'Projeten opzezielen. Si si bekannt an Dir fannt se och am Strategiepabeier mobilitéit.lu erém.

Zur Eisebunn wollt ech dann awer och nach e puer Wuert verléieren, well dat jo e passionnante Thema hei am Land ass, en Thema, wat jo elo erém soll an enger Tripartite Eisebunn geregelt ginn. D'LSAP huet also hir Fuerderungen net duerchgesat kritt vis-à-vis vun der CSV, a versicht dann elo mat Hélf vun enger Tripartite sech aus der politescher Verantwortung erauszéien. Op dár do Tripartitesitzung wäert jo d'LSAP sech assetzen, fir dat, wat si zum Beispill an de Wahlprüfsteine vun der FNCTTEL age trueden ass, an et si jo och e puer Vertieder vun dár Organisatioun direkt an d'Chamber komm, fir dat ze iwwerprélien.

Här President, dann hunn ech mer emol ugekuckt, wat déi nei Regierung dann als Wonnerwaffen zur Bekämpfung vum Chômage erfonnt huet. „70% méi Chômage“ stong op dár schwarzar Säit vun den LSAP-Wahlplakaten. Mir paken et un, huet een da kénnen op dár rouder Säit liesen. Do hätt ee sech jo kénnen esou muches erwaarden.

Dofir ass et och fir mech verwonderlech, dass e puer Wochen no de Wahlen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun upake keng Rieds méi ass. Et soll nämlech fir d'éischt emol iwwerpréift, auditéiert a studéiert ginn, sief et um Niveau vun den Instrumenter fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeit, déi ounihin am Kader vum PAN stänneg observéiert ginn, oder um Niveau vun der ADEM, wou fir d'éischt emol mol en auslännischen Expert erugezu gëtt fir de Fonctionnement vun der Administration ze amélioréieren. Fir de Rescht schéngt een drop vertraut ze hunn, dass den Opschwonk, dee verschidde Instituter jo virausgesinn, kénnt an d'Aarbechtslosenzuelen no énnen dréckt. Dat fannen ech zimlech ouni Imaginatioun vun enger Partei, déi d'Bekämpfung vum Chômage ganz uewen op hir Prioritéitslöscht geschriwwen huet.

De Gesetzesprojet iwwert d'Beschäftigungsinitiative soll der Regierungserklärung no punktuell of geannert ginn. D'Demokratesch Partei wäert gutt drop oppassen, datt déi Ofännerungen do d'Saach net nach méi ontransparent maachen. Déi Ongereimtheeten, déi an de leschte Méint festgestallt goufen am Kontext vum Objektiv Plein emploi an duerno Défi Job, därfen sech net widderhuelen. Mir wäerten an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire vläicht emol en A op déi Saache werfen.

Mir wäerten och dee Gesetzesprojekt op alle Fall genauestens énnert d'Lupp huelen, fir dorfir ze suergen, datt déi grésstméiglech Transparenz garantéiert ass an datt déi Beschäftigungsinitiativen net au détriment vun de Betriber hei am Land ginn. Staatlech subventionéiert Initiativen daerfen de Privatentreprise keng Konkurrenz maachen.

Här President, déi wonnersam Wandlung vun der LSAP oder d'Kusche vun der LSAP virun der CSV, wéi d'Tageblatt sech géif ausdrécken, ass dann nach weidergaangen am Beräich vun de Renten. Laang an intensiv Verhandlunge gouf et téschent de Sozial- a Familljenexperté vun der LSAP an der CSV ém déi sou genannte „Mammerent.“ Intensiv ware se wahrscheinlech, well et huet ee misse kucken, wéi een den OGB-L an déi Décisioun mat abanne kénnt a wéllt an et huet ee misse kucken, wéi een d'Gesicht vun der LSAP kénnt retten.

D'Léisung war schnell bei Hand. D'Nouvelle sollt um Enn vun de Verhandlunge kommen. D'Nouvelle sollt och an aneren Nouvelles, nämlech deene vum Projet-pilote mam Wäertunterrecht énnergoen. Et sollt dem Land gewise ginn, datt d'LSAP an d'CSV sech duerchgesat hätten. D'CSV an d'LSAP wollten also nom Spill eng gutt an eng schlecht Nouvelle virgoen, woubäi mir der Meenung sinn, datt keng gutt Nouvelle derbäi erauskoum.

Soit, déi wierklech schlecht Nouvelle war eng, déi all privat Rentebeitragszueler hei am Land concerneert. Et gouf mir náischt dir náischt décidéiert de Forfait d'éducation an Zukunft iwwert d'Pensiounskeessen ze finanzéieren. Den Här Krecké hat hei an der Chamber den 9. Dezember 2003 gefuerdert, et misst e Ruck duerch d'Land goen. Abbee, d'LSAP an d'CSV hinn dat fäerdege bruecht. Mat hirer Entscheidung fir d'Mammerent ass e Ruck duerch d'Land gaangen, well déi Entscheidung ass eng Senn widder de Geesch. Bal jiddereen am Land war sech eens, datt de Forfait d'éducation eng familljepolitesch Mesure wier. Bal jidderee war sech eens, datt déi Mesure op kee Fall kénnt iwwert d'Rentekeesesse bezuelt ginn, well d'Rentekeesesse de Beitragszueler a soiss kengem gehéieren. Hei gétt elo vun CSV an LSAP staatlech organiséiert e Gréff an d'Rentekeesesse gemaach, ouni datt d'Beitragszueler, d'Bierger an d'Betriber iwwerhaapt ém hir Meenung gefrot ginn. Hei gétt e Wee getréppelt, deen de Rentendéesch, wou d'LSAP an den OGB-L esou wéi d'CSV an de LCGB jo mat um Désch vertrueden waren, net gär wollt, wéi en a senger Schluss erkläration geschriwen huet, an ech zitiéieren: „Le „Rentendéesch“ peut se rallier aux mesures proposées suivantes, sous condition qu'elles soient assumées par le budget de l'Etat: Extension des baby years pour les naissances antérieures au 1<sup>er</sup> janvier 1988; Introduction d'un forfait d'éducation d'un ordre de grandeur de 3.000 francs par mois et par enfant accordé aux femmes qui n'ont pu bénéficier des baby years.“;

An ech froen dofir hei: Ass dat den neie Létzebuerger Sozialmodell à la CSV an LSAP? E Sozialmodell, deen all Partner ausse vir stoe léisst. Hei an der Chamber sétze jo vill Gewerkschaftler an och Leit, déi dem Patronat ganz no stinn. Ech froe mech, wéi déi Leit déi Décisiounen do mat hirer Gewësse vereinbare kénnen. An d'LSAP mécht do aus eegennéitzege Grénn mat, well mer jo alt erém am Tageblatt den 28. Juli liese konnten, an ech zitiéieren: „Die Erpressung. Formateur Juncker hat es gleich zu Beginn wissen lassen. Eine Koalition mit der CSV werde es nur geben, wenn die 'Mammerent' in Zukunft aus der Pensionskasse bezahlt werde. Seine ultimative Forderung stellte der neue Regierungschef gleich bei den Sondie-

rungsgesprächen und sollte sie mehrmals während der Koalitionsverhandlungen wiederholen. Wer sich dagegen ausspreche, für den werde es keinen Platz in der zukünftigen Regierung geben. Das Ergebnis dieses Erpressungsmanövers ist seit Montagabend bekannt. Die 'Mammerent' wird zumindest für die Versicherten des Privatsektors aus den Pensionskassen bezahlt.“

Dofir erlaabt mer och den Här Bodry ze zitiéieren, deen nach am August 1999 Folgendes vun der LSAP an deenen anere Parteie behaupt huet. Ech zitiéieren: „Här President, dës Koalition schéngt déi liicht ofgenotzte Sprooch vu Changement an der Kontinuitéit op hire Fändel geschriwen ze hinn. Mir Sozialiste sinn do schonn éischter fir d'Kontinuitéit am Changement. Mir stellen de Fonctionnement vun der Gesellschaft kritesch a Fro. Mir welle veränderen, verbesseren an net op der Plaz fréppelen.“

**Une voix.- Très bien!!**

#### (Hilarité)

**M. Henri Grethen (DP).** - Et war net schlecht gesot, mä a Saache Mammerent wéll ech de Sozialiste soen: Dir hutt zwar verändert, mä Dir hutt net verbessert. Dir sidd och net op der Plaz getréppelt, mä Dir sidd méi wéi zéng Schrëtt hannertzech gaangen. Dir hutt och net de Fonctionnement vun der Gesellschaft kritesch a Fro gestallt, mä Dir hutt just némmen no Årem eegene Fonctionnement gekuckt.

Dat Spill, Här President, dat LSAP hei mat der CSV spilt, mécht d'DP op alle Fall net mat. An dofir bréngen ech och, fir d'Regierung virun désem kapitalen lertum ze retten, eng Motiou an. Mir hunn némmen dräi Énnerschrëften drop gesat, fir Kolleegen hei aus dem Haus d'Méiglechkei te giinn, ze énnereschreiwen - dat ka beim Här Thiel ugoen iwwert den Här Kaes an den Här Spautz an den Här Glesener weidergoe bis zum Här Castegnaro, dem Här Negri an dem Här Schreiner.

#### (Interruption et hilarité)

#### Motion 4

##### La Chambre des Députés,

- considérant que la déclaration finale du 16 juillet 2001 de la table ronde «pensions» («Rentendéesch») disait dans son point A.3 que:

« Le 'Rentendéesch' peut se rallier aux mesures proposées suivantes, sous condition qu'elles soient assumées par le budget de l'Etat: Extension des baby years pour les naissances antérieures au 1<sup>er</sup> janvier 1988; Introduction d'un forfait d'éducation d'un ordre de grandeur de 3.000 francs par mois et par enfant accordé aux femmes qui n'ont pu bénéficier des baby years.»;

- estimant que la proposition, contenue dans l'accord de coalition du PCS et du POSL, de faire assumer le forfait d'éducation par les caisses de pension du secteur privé va clairement à l'encontre de ce qui a été décidé par le «Rentendéesch»;

- persuadée qu'à moyen et à un long terme un financement du forfait d'éducation par le biais des caisses de pension du secteur privé irait clairement au détriment des assurés;

- remarquant que le législateur avait précisé dans l'article 9 de la loi du 28 juin 2002 portant création d'un forfait d'éducation que le forfait d'éducation est à charge de l'Etat, c'est-à-dire une mesure à financer par le budget et non pas une mesure relevant des caisses de pension;

- soulignant qu'en général les bénéficiaires du forfait d'éducation ne sont pas affiliés aux caisses de pension;

- décidée à ne pas hypothéquer l'équilibre financier du régime de pension par de nouvelles dépenses extraordinaires;

- considérant l'opposition formelle de plusieurs représentants du patronat et des syndicats contre cette proposition du nouveau Gouvernement,

invite le Gouvernement

- à respecter la décision prise le 16 juillet 2001 par les partenaires réunis à la table ronde «pensions» («Rentendéesch»);

- à éviter toute décision unilatérale allant à l'encontre des assurés des caisses de pension du secteur privé;

- à continuer à financer le forfait d'éducation par le budget de l'Etat.  
(s.) Henri Grethen, Niki Bettendorf, Carlo Wagner.

Also, eis Fraktioun huet zéng Memberen, dofir fanne mer och genuch Énnerschrëften, mä ech wollt deene Kolleegen awer d'Méiglechkeet gi sech dár Motiou unzeschléissen, Här President, op déi een nach kann herno vläicht zréckkommen.

Här President, wat huet sech nach vun dár Zäit vu virun de Wahle par rapport zu dár Zäit no de Wahlen am Beräich vun der Émwelt verändert? An der Émweltpolitik setzt dës CSV-LSAP-Regierung keng nei Akzenter. De Volet Emwelt an hirem Koalitionsaccord ass net besonnesch ambitiéis, obwuel d'LSAP duerch de Mond vum Här Bodry d'Emweltpolitik émmer wollt als eng vun hire Prioritéite verkafen. E Waasserwirtschaftsamt am Émwelministère bleift eng Utopie oder e fromme Wonsch, esou laang d'CSV déi stäerkst Partei an der Regierung ass.

Et ass och keng manifest Kurskorrektur an deenen Dossieren, déi d'DP an der Hand hat, festzestellen. Am Accord ass ze liesen: «Le Luxembourg assurera que la plupart des réductions d'émissions suivant l'accord de Kyoto sera réalisée au niveau national et que le recours aux mécanismes dits flexibles sera limité au strict minimum.» Mech géif nawell interesséiere wéi grouss respektiv wéi kleng dëse Minimum wäert ausfalen, fir de Sozialisten hiert deemolegt gewotent Engagement vu minus 28% anzehalen. Huet dës Regierung vläicht wélles kuerzfristeg den Tankourissem ofzeschafet? Wa jo, da soll een dat wann ech gelift de Leit dobausse kloer soen an hinne glächzäiteg d'Konsequenze vun esou enger Décisioun kloer maachen.

Vill ass an deene leschte Joren iwwer eng ekologesch oder nohalteg Steierreform geschwatt ginn. Virun de Wahlen huet d'CSV sech bei enger Émfro vum Mouvement écologique dofir ausgeschwatt dee Sujet an der nächster Législatioun unzogen. De Steierexpert vun der LSAP, den Här Krecké, huet esou eng Reform och begréisst. Dës Koalition schwätzt net méi dovun.

D'Kommodo-Prozedure solle beschleunegt a vereinfacht ginn. Et muss een ervirhiewen, datt déi lescht Regierung de Sozialisten hir Reschtbestänn huet missen opschaffen. Hei muss opgepasst ginn, datt d'Vereinfachung vun de Prozeduren net zum Bradéiere vum Schutz vu Mënsch an Émwelt austart.

Här President, erlaabt mer nach e puer Wuert zur Gesellschaftspolitik. Ech hu versicht am Programm nei Iwwerleeungen ze fannen am Beräich vun der Gesellschaftspolitik. Wat seet dës Koalition zur Aidsproblematik hei am Land? Ech hinn do náischt fonnt. Duerfir proposéieren ech lech de Programm vun der DP ze liesen.

Wat seet dës Koalition zur Droge-problematik, wou - erénnere mer eis - dat neit Gesetz der LSAP an der leschter Legislatur net wäit genuch gaangen ass. Och heifir proposéiere mir lech den DP-Pro gramm ze liesen. Wat seet dës Koalition zur Fro vun der Euthanasie? Och do si mer kee Millimeter weiderkomm. Wat seet dës Koalition zur Homo-Ehe? Mat der DP si mer och an der leschter Legislatur e Schrëtt weiderkomm a puncto Partenariat. Mir hate gehofft, et géing elo an déser Legislatur weidergoen, besonnesch wann d'LSAP do wier. Mir bleiwen am Partenariatsgesetz vum 9. Juni 2004, mir evaluéiere seng Applikatioun a gegebenenfalls maache mer deen een oder aneren Ajustement. D'Madame Err wäert begeeschtert sinn. Och hei kénnt ech elo weiderfuere mat mengen Lëscht.

Här President, ech ka leider net op all Aspekter vun désem Accord de coalition agoen. Ech mengen awer mat dése puer Beispiller gewisen ze hinn, datt mir eng schwaach Koalition an eng staark CSV hinn. All Mënsch weess, datt an déser Regierung d'CSV diktéiert an d'LSAP notéiert. Ech muss lech soen, datt dat net gutt ass an datt dat à la longue der Politik am Land schuede wäert.

Och d'CSV hätt trotz hire 24 Sätz der LSAP méi Spillraum an deene Verhandlunge misse loossen. Et geet net duer ze affichéieren, datt ee gutt géing zesummen eens ginn, datt ee Gespréicher géing féieren, wou déi zwee Partner sech géigesäiteg géinge respektéieren, wann d'Resultat dat ass, datt just ee Partner seng Iwwermuecht mat alle Moyene wéllt ausspillen. De facto hu mir elo eng CSV-Regierung, wou d'LSAP just de Rôle vum Mehrheitsbeschaffer spilt an dobäi hiren eegene Programm an hir eegene Wieler verreit. D'CSV huet gewisen, wien Här ass a wie Max ass. Si huet hir Muechpositioun voll ausgespilt an dréit fir déi fénnef kommand Joren duerch déi Haltung och quasi eleng d'Verantwortung vun deem, wat hei am Land geschiht. D'CSV eleng muss dann och bereet si geruedzesstro fir déi Saachen, déi si selwer mécht a fir déi Saachen, déi si hirem Koalitions-partner opzwéngt.

Här President, ech stellen an désem Koalitionsaccord keng grouss Akzenter an Neierunge fir d'Zukunft vun désem Land fest. E Ruck, vun deem d'LSAP émmer gäre geschwatt huet, geet op alle Fall mat désem Programm net duerch d'Land. E Ruck geet héchstens no hinnen, wéi bei der Mammerent, an do stellen ech just fest, datt mat der DP an der Regierung eng Léisung an der Rentefro fonnt gi war. Knapps sinn déi zwou Parteien, déi den S an hirem Logo esou héichhalen, erém um Ruder, schonn ass erém Sträit, an d'Land ass gespléckt. D'LSAP ass mat „um séchere Wee“ énnerwee an huet sech énner Wäert verkauft. Hir Oppositiounsriede vun de fénnef leschte Joer si quasi wéi ewechgeblousen.

Här President, d'Demokratesch Partei wäert an de kommende fénnef Joer hire Wahlprogramm hei an der Chamber verteidegen. Mir wäerten eng konstruktiv a kritesch Oppositiounspolitik maachen, déi net zéckt de Fanger op d'Wommen ze leeën, wann et muss sinn. Mir wäerten eis Prioritéiten an désem Haus verteidegen a konkret Propositiounen op den Désch leeën. Dést Land brauch eng kritesch an opgeschlossen Oppositioun méi wéi jee. Dést Land brauch eng Politik vum séchere Wee, wann d'Land an d'Leit sech bewosst sinn, dass si hir eegen Zukunft an der Hand behalen. Mir vertrauen dem Bierger an net just engem oder enger Partei. Mir vertrauen déser Regierung net, well si ongläch zesummegesat ass.

Mir vertrauen déser Regierung net, well déi zwou Koalitionspartrie sech énnereneen net respektéieren, well la loi du plus fort bei déser Koalitionsbildung voll gespielt huet. Mir vertrauen déser Regierung net, well emol net hir egee Basis wollt Vertrauen a si hinn. Mir vertrauen déser Regierung net, well mer mengen, datt hire Programm d'est Land an dës Gesellschaft net esou no vir bréngt wéi dat mat der Demokratescher Partei de Fall gewiescht wier. Mir vertrauen déser Regierung net, well si um séchere Wee an déi falsch Richtung ass.

**Plusieurs voix.- Très bien!**

**M. le Président.- Merci, Här Grethen.** Als nächste Riedner ass de Fraktionschef vun de Sozialisten, den Här Ben Fayot, agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, l'éf Kolleginnen a Kollegen, vun de leschte 60 Joer waren d'CSV an d'LSAP der 30 ze-summen an enger Regierung. Et ware Koalitionen vu Reformen an Opbau vum Land. Et waren och emol Koalitione mat Sträit, an zweemoel - 1959 an 1968 - mat fréizäitger Opléisung vun der Chamber. Et waren och laang Koalitionen - zum Beispill vun 1984 bis 1999 -, déi d'Land geprägt hinn. Et ware Koalitionen vu staarke Partner, an dár jiddfer Partei hir Eegenheet behaapten an duerch-setze wollt. D'LSAP setzt mat désem Regierungsfunk hir Traditionen weider, dass si ni méi laang wéi fénnef Joer an der Oppositioun bleibt.

Nei un der heiteger CSV-LSAP-Koalition ass awer den Ofstand an der politescher Krafft vun den zwee Partner. Vun de 60 Sätz an déser Chamber huet d'CSV der 24, dat heesch 40% bei 37% vun de Stëmmen. D'LSAP huet der 14, dat heesch 23,3% bei 26,2% vun de Stëmmen. Dësen Écart huet d'CSV dozou verleet ze behaapten, hir Politik wier vum Wieler konfirméiert ginn, an de Parteidresident vun der CSV huet gemengt, d'Koalition mat der LSAP géif der arithmetischer Vernunft entspriechen. Sous-entendu hinn Eenzelner gemengt, et bréicht een d'LSAP fir eng Majoritéit, mä soss kénnt alles esou weidergoe wéi bis elo.

De Wahlverléierer vum 13. Juni 2004, nämlech d'DP, huet an deemselwechte Senn gemengt, déi vergaange Koalition kénnt ei-gentlech weiderfueren, well déi Koalition insgesamt op déisel-selwecht Sétzzel wéi virun de Wahle kíim. Sécher ass et schwéier d'Wahlresultat vum 13. Juni zu interpretéieren. A jiddferee mécht dat jo duerch sain eegene Partei-bréll. Ech sinn awer der Iwwerzeugung, dass de Létzebuerger Wieler e Wiessel wéllt, e Wiessel wéllt an der Kontinuitéit, well en d'CSV gestärkt huet, awer trotzdem ee Wiessel an der Létzebuerger Politik an de kommende Joren, well d'DP verluer huet an d'LSAP liicht gestärkt gouf. Dat an och de Succès vun de Gréngé weist an d'Richtung vun engem Reformwöl- len an der Létzebuerger Wieler-schaft, an der Létzebuerger Ge-sellschaft.

Dëse Wiessel muss dofir eng Reformbewegung op ville Pläng mat sech bréngen. Wéi all Gesellschaft ass och déi Létzebuerger am Wan-del. Et gétt keng definitiv Sécher-heet. De séchere Wee ass net de bekannte Pad, deen ee wéi émmer ronderém sain Duerf tréppelt. De séchere Wee ass dee vum Op-broch.

**(M. Niki Bettendorf prend la Pré-sidence)**

Alles muss andauernd nei gestalt ginn, well alles sech andauernd ännert. Nei Eraisfuerderungen, nationaler wéi europäischer oder globaler, stelle sech dem Stat an der Gesellschaft. Nu si Reformen an Upassungen an der Politik schwierig, well se u Besitzstänn rëselen, well se vun de Leit eppes méi verlaange wéi den deeglechen Train-train. Well se villes a Fro stel-

len, wat jorzéngtelaang allgemeng ugeholl gouf.

D'Natur vun onsem politesche System hei zu Lëtzebuerg bréngt et mat sech, dass et an der Politik vum Lëtzebuerg Land eigentlech ni oder bal ni e Broch gëtt. Mir hu vu Regierung zu Regierung oft méi Kontinuitéit wéi en neien Opbroch. Dat, well meeschters déiselwecht Partei, nämlech d'CSV, de Pivot vun der Regierung bilt, an dat dës Kéier méi wéi jee.

Dat gesäit een am Text - ech schwätzen hei vum Text, net vum Inhalt - vum Koalitionsprogramm, vu jiddfer Koalitionsprogramm, och an der Vergaangenheit. Dat ass jo e béssen ee kuriést Dokument, dës Kéier wéi all déi Kéiere virdrun, mat egal wat fir engem Koalitionspartner. Dái eenzel Regierungsdepartementer gi meeschters op eng héich diplomatesch Manéier beschriwwen. Engersäits gëtt d'Kontinuitéit ausgedréckt, well hir vergaange Ministeren nach émmer derbäi sinn an net wëllen désavouéiert oder kritiséiert ginn; anersäits soll Neies ugekénegt ginn, well jo eng nei Koalition entsteet.

Dat gesäit een och, wann et drém geet a Strukturfroe mat politescher Konsequenz Neies ze schafen, zum Beispill Wirtschaft a Classes moyennes, oder Schoul a schouleschen Encadrement, oder Waasser an Environnement an engem Ministère zesummenzeleeén. Dat selwecht gëllt an engem gewësse Mooss och fir d'Chamber - dat wëll ech hei nach eng Kéier énnersträichen -, däi hiert Selbstverständnis staark, ze staark a mengem Senn, vun der Exekutiv geprägt gëtt.

Här President, d'LSAP gesäit hir Roll an dëser Regierung fir Reformen an Opbroch ze konkretiséieren. Mir ginn an eng Regierung net némme fir ze verwalten, mir ginn an eng Regierung fir Reformen ze entwéckelen an duerchzézéien. Trotz dem Énnersched an der elektoraler Stäerk gi mer selbstbewosst an iwwerzeegt vun dëser Missioun an dës Regierung.

D'LSAP gesäit hir Roll an der Verdiitung vun onsem Sozialmodell fir de Schutz vun de Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffen. Si gesäit sech als opgeschlossen a modern Partei vu Gesellschafts- an Erziéungsreformen op allen Niveauen. Si gesäit sech als Partei vun der nohalteger Entwécklung an der rationeller a kohärenter Landesplanung. Si wéllt d'Wirtschafts- an d'Émweltpolitik on een Nenner bréngen, well et keng Kontradiktioù tésche Wirtschaftswesustum a Schutz vun der Émwelt däerf ginn.

Här President, dës Koalition stong wéinst engem Punkt direkt am Ufank énner Beschoß wéi kaum eng Regierung virdrun, an zwar a Saache „Forfait d'éducation“.

Kann ech drun erënneren, dass d'LSAP sengerzäit kritesch zur Mamerent stong, net well se dergéint war eppes fir d'Mammen ze maachen, mä well se dëse Forfait als sozial ongerechte émfonnt huet?

Dofir huet d'LSAP an hirem Programm gefrot, dass all Mammen de „Forfait d'éducation“ kréie sollen. Dést hu mer no laangen an zéie Verhandlungen deelweis erreich. Émmerhi kréien ém déi méi oder wéineger 2.000 Rentnerinnen an Zukunft eng Mamerent.

Wann ee weess, dass d'Bezuele vun der Mamerent iwwert d'Pensiounskeessen e Préalabel vun der CSV war fir iwwerhaapt a Koalitionsverhandlungen anzutrieden, a wann ee weess, dass d'CSV d'Mamerent op kee Fall wollt ausweiden, dann huet d'LSAP trotz allem eng respektabel Léisung am Interesse vun den äermste Rentnerinnen erreich.

Ech sinn iwwerzeegt, dass och d'DP dëse Préalabel geschléckt hätt, wann dat de Präs gewiescht wär, fir déi schwarz-blo Koalition weiderzeféieren. Oder muss ech

un déi selleche Verspriechen fir d'Fonction publique erënneren, déi d'DP 1999 integral fale gelooss huet, fir an d'Regierung ze kommen?

Mä zréck zur LSAP. Eisen Accord fir de „Forfait d'éducation“ iwwert d'Pensiounskeessen ze finanzéieren huet heftegst Protester vun de Gewerkschaften an dem Patronat ervibruecht - et ass scho gesot ginn. Och op onsem Kongress vum Freideg, den 30. Juli 2004, huet dës Oppositioù sech Kloer an däitlech artikuléiert. Vun 345 hunn 71 Deleguerte géint eng Regierungsbedeelegung - an der Haaptsaach wéinst dëser Fro - gestémmt. Et war den Haaptvirworf géint déi nach net gebuere Regierung.

Trotz där Oppositioù hunn 80% vun den Deleguerte vum LSAP-Kongress vu Beetebuerg e klore Vote fir d'Regierungsbedeelegung geholl. Si hunn de Regierungsprogramm insgesamt ofgewien a fir acceptabel fonnt.

Här President, d'LSAP geet mat rouegem Gewëssen an dës Regierung, well villes am Regierungsprogramm nahtlos ubënnnt un dat, wat mer an de leschte fennet Joer an der Oppositioù kritiséiert a gefuerert hunn. Dat gëllt fir d'Erzéitung, fir d'Wunnen, fir d'Fräieheiten, fir d'Gesellschaftsreformen, fir den öffentlechen Transport, fir Crèchen an Structures d'accueil, fir Aarbecht an esou weider, wou mer grouss Deeler vun onsem Programm am Koalitionsprogramm erémmfen. Doduerch gi wichteg Perspektive fir d'Zukunft opgeamaach.

Iwwregens huet de Premier géschter staark op d'Reforme gepocht; dat ass an onsen Aen och eng implizit Kritik un däi viregter Regierung, déi villes schleefe gelooss a verschlof huet an an der Haaptsaach verwalt huet.

Här President, alles, wat mat Bildung an Ausbildung zesummenhänkt, ass fundamental fir déi Weiderentwicklung vum Land, mä och a virun allem fir d'Gerechtegkeit an onser Gesellschaft.

Dái vireg Regierung war mat groussen Uspréch op deem Gebitt utgetratt. Et ass vu Bildungsoffensiv Rieds gaangen. Si hat domat d'Impressioun ginn, et kénnt ee mat e puer einfache Métellen alles an de Gréff kréien. Dass dat an der Erziéung net méiglech ass, huet sech schnell gewisen.

De Programm vun der neier Regierung enthält natierlech oder normalerweis keng grouss Strukturreformen wéi Gesamtschoul oder Tronc commun. Iwwregens hat d'LSAP och dovunner näischt an hirem Programm, obschonn ech perséinlech mengen, dass eng Iddi wéi den Tronc commun fir den Iwwergank tésche Primaire a Secondeira nach émmer hire Waert behält.

Chancéglächheet ass een Haaptzil. D'Regierung wéll alle Kanner eng Chance an der Schoul, am Beruff an domat am Liewe ginn. Anescht gesot: Den Échec an der Schoul ass meeschters och en Échec fir d'Liewe vun deem Eenzelnen, deen onbedéngt an absoluut ze bekämpfen ass.

D'Situatioun ass eescht. Virun allem kann een net méi jorelaang plangen an theoretesch diskutéieren, et muss eppes schnell konkret geschéien.

Den Échec vun engem Kand an der Schoul ass net onbedéngt émmer den Échec vun der Schoul. En ass oft eng Konsequenz vu sozialer Onglächheet. En ass scho ganz fréi virgezeechent do, wou d'Kanner net vu klengem u gefördert ginn, wou et keng Familljestruktur gëtt, wou se sozialiséiert ginn, wou et keng Bezuchspersonen a keng Hélfet gëtt. Mir däerfen d'Aen net zoumaache virun deinen enormen sozialen a geeschtegen Énnerscheeder téschen de Kanner vum Précoce a vum Préscolaire un.

Zu där sozialer Onglächheet kénnt de schwierege Sproochesystem zu Lëtzebuerg, deen indispensabel ass, awer zugläich eng Barrière fir vill Kanner duerstellt.

Et gëtt de kee Wonnermëttel. Sécher dréit de Précoce, deen obligatoresch soll gi fir d'Gemengen, net fir d'Kanner, zur sproochlecher Integratioun bai, well do d'Kanner all Lëtzebuergesch lérieren. Mä d'Lëtzebuergesch ass keng Garantie fir keen, dass ee Kand méi liicht Däitsch oder Franséisch lériert. Dofir muss ons Schoul méi flexibel a méi differenzieréit vis-à-vis vum Kand ginn. Fir et kuerz ze soen: Et däerf net sinn, dass ee Kand wéinst e puer Grammairesfeeler net Mécanicien oder Infirmer ka ginn.

**Une voix.** - Dat ass jo net de Fall.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Fir dat ze erreeche müssen d'Schüler am Mëttelpunkt stoen an net d'Schoul. Alles wat an der Schoul geschitt, dréit sech ém si. Dofir musse si an der Schoul an ausserhalb vun der Schoul encadréiert ginn.

Encadrement an der Schoul heescht déi differenzieréit Behandlung vun all Schüler. Dofir müssen d'Enseignanten fäeg gemaach ginn de Kanner hir Problemer mat Zäit ze erkennen an drop ze realéieren. Dozou gehéiert natierlech och d'Partnerschaft mat den Eltern.

Den Encadrement ausserhalb de Schoulstonnen muss de Kanner e Liewensraum bidden, an deem se sech entfale kënnen. Dozou gehéiert den Accueil moies, d'lesse méttes, Hélfel, Spill, Kultur, Sport dertéschen.

Dái zwee Aspekter stellen ee Ganzt duer. Dofir schwätze mer net némme vu Ganzdagsbetreibung, mä vu Ganzdagsschoul, well Betreibung a Schoul sech complétiéieren. Dofir hu mer ons fir ee Pilotprojekt vu Ganzdagsschoul agesat, net némmen an enger Klass, mä an enger Schoul, wou dat probéiert an evaluéiert soll ginn.

Zu engem kohärenten an effikasse Bildungssystem gehéiert och eng Universitéit. Si ass an all héich entwéckelt Land d'Plaz vu Reflexioun, vun Analys, vun intellektuelle Potenzial, deen noutwendeg ass fir Reformen auszeschaffen. Si ass den Nährbuedem vu gesellschaftlecher Erneierung a kriteschem Geescht.

D'Universitéit soll d'Ausbildung vum Léierpersonal verbesseren an entwéckelen. D'Erausforderungen un dat Léierpersonal sinn haut esou grouss, dass hir Ausbildung, onser Meenung no, op véier Joer ausgedehnt soll ginn.

D'Uni soll eng wissenschaftlech Roll an der Behandlung vun onser Dräisproochegkeet spille. Si soll och op anere Gebidder fir héichwáerteg Ausbildunge suergen, zum Beispill fir Educateurs gradués a fir d'Ingenieuren am IST - an ech erënneren an deem Zusammenhang och un déi Motioune, déi d'Chamber an der leschter Legislatur ugeholl huet fir de Passage vum Bachelor professionell op de Master, dat heescht den Ingénieur industriel, ze erméiglechen.

Mir brauchen d'Uni fir eng héich entwéckelt Fuerschung am Intérêt vun der gesellschaftlecher wirtschaftlecher Innovatioun a mir brauche se och fir d'Evaluatioun vum Schoulprojeten ze maachen, zum Beispill fir d'Orientatioun vun de Schüler vum sechste Schouljoer ze evaluéieren.

Wat d'Uni selwer ugeet, ass jo geoméngt ginn, si géif elo zurechtgestützt ginn. Ech constatéieren, dass mer ons am Kader vum Gezet fannen, dat dës Chamber bal-

eestëmmeg gestëmm huet an un deem einstweilen näischt geännert gëtt.

Et geet elo drém dëst Gesetz émzeseten, wat net einfach wäert sinn. Et geet drém der Uni dofir d'Mëttelen ze ginn an den Uspréch vu Qualitéit a Seriö ze entsprechen. Mir brauchen eng zentral Universitéitsbibliothéik a mir brauche Wunnenge fir d'Studenten. Mir brauchen och nei Profiler fir d'Ausbildung vun den Enseignanten, déi do forméiert ginn.

Et soll een dofir dat, wat an der Vergaangenheit gewuess ass, weider wuesse loessen. Do dernieft müssen natierlech nei Orientatiounen ausgeschafft an émgesat ginn.

Zweet Gebitt: Den Aménagement vum Land an de kommende Joren. Dee muss am Respekt vun der nohalteger Entwécklung als iewescht Gebot an engem Land geschéien, wat nach émmer Bevölkerung bakiert an och Wuesstum brauch. Fir dëst Konzept endlech an d'politisches Réalitéit émzeseten, müssen déi néideg Instrumenter geschaافت ginn. D'Indikatore vun der Nohaltegkeit, wéi se am Gesetz zréckbehale goufen, müssen an hirer Entwécklung wéssenschaftlech begleet ginn. Et muss dofir eng Fuerschungsstruktur geschaافت ginn, déi d'Kollekt an d'Interpretation vun deenen Donnéeé mécht. De Prinzip vun der nohalteger Entwécklung soll an d'Verfassung ageschriwwen ginn. Déi viregt Regierung hat Entwécklungen an d'Wéi geleet, déi musse weiderdrivewie ginn: D'Dezentralisatioun, d'Kohärenz vun de Regiounen wéi d'Landesplanung se virgesait, d'Zesummeschaffe vun de Gemengen an d'Promotioun vu weidere Gemengefusionen an natierlech d'Mobilitéit an de Regiounen, dat en fonction vun dem Opbau vun der Schoulverwaltungskultur a Wunninfrastruktur.

Insgesamt si mer eens als LSAP mat deenen Entwécklunge vun der viregter Regierung. D'Richtung ass ewech vum Individualtransport hin zum öffentlechen Transport an dobäi d'Erhalten, den Ausbau an d'Differenziere vun dem Transport op der Schinn, op d'traditionell Eisebunn, kombinéierten Zuch, Tram a Bus. Dobäi musse mer wëssen, dass d'Schinn émmer méi noutwendeg gëtt wat d'Distanzen och méi grouss ginn.

Mir schwätze vun der Groussregioun, déi zesummewisst, mat Distanz bis zu 100 Kilometer, vum Ubanne vu Lëtzebuerg u Bréissel a Stroossbuerg bis 200 Kilometer, a vu Paráis bis 350 Kilometer a jideree weess, dass den Zuch fir esou Distanzen dat bescht Méttel ass.

Et ass ganz kloer, dass domat de Personneverkéier vun der Eisebunn eng grouss Zukunft huet. Den anere Volet vum Wuertransport ass méi problematesch, wann een net wéllt risquéieren, dass ons national Eisebungsgesellschaft am Kader vun den europäesche Liberaliséierungspläng op der Streck bleift.

D'Landesplanung muss och kohärent Ensemblé vun Natur- an Erhuelungsgebidder téschen de Ballungsgebidder erhalten an dëst géint een iwwerdriwwend Zerschneiden duerch neie Stroossen verudeedegen. D'Instrumenter dofir sinn déi verschidde Plansectoriels, eventuell och Finanzhëlfie fir d'Gemengen aus engem Fonds de Développement régional. Mä virun allem bedéngt dat een Émdenken an Upassen un d'Richtlinie vun der Landesplanung an der Verdeelung vun de staatleche Subsidien un d'Gemengen an aner Entitéiten.

De Süden an d'Nordstad hu sech als éischt fonnt a sech als Regioun probéiert ze artikuléieren. Et ass ze hoffen, dass de Projet Esch-Belval züegel weidergeet. Dést ass ee Projet mat Modellcharakter, un deem mer gemooss ginn. Datsel-

wecht muss an den nächste Jore fir den Zentrum geschéien. Et ass kloer, dass d'Gemengen do gefuerert sinn. D'Autonomie vun de Gemengen däerf keen Hindernis fir eng kohärent regional Entwécklung sinn. Ganz besonnesch gëllt dat fir d'Ballungsgebitt ronderém d'Stad, wou verstäerkt e kohärent a gemengenwiergräifend d'Konzept vu Mobilitéit a Bebauung ausgehofft a duerchgesat muss ginn. Hei wéi beim Projet Esch-Belval geet et ém den öffentlechen Intérêt an dann eréischt ém dee vu Privat-promoteuren.

De Regierungsprogramm gesäit als eng wichteg Aarbecht vun der Landesplanung d'Rekonversioun vun Industriebrochen, an niewent deene vun Esch-Belval kommen elo derbäi déi vu Wolz, vun Diddeléng a vun Dummeldéng. Et däerf dobäi net zu engem Konkurrenz-kampf téschen de Regiounen kommen. D'Entwécklung vun Esch-Belval däerf zum Beispill net torpedéiert ginn duerch Privatprojeten am Süde vun der Stad. An deem Zesummenhang notéieren ech als interessant Ausso am Programm iwwert d'Uni, dass niewent der Cité des Sciences op Esch-Belval an der Stad all déi aner Fakultéiten zsummegeluecht solle ginn. Dat ass méttelfristeg héchstwahrcheinlech net um Lampertsbierg, dat schéngt mer selbstverständliche.

Fir d'Mobilitéit téschen de Regiounen muss an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg voll op den öffentlechen Personentransport gesat ginn. Als Stater freeén ech mech besonnesch, dass de Koalitionsprogramm d'Aarbechte fir d'Tramusbauung vun der Gare op de Kierchberg an de Findel direkt wéllt ufänken an dass am selwechten Otemzuch vun enger Ausdehnung vum Schinnennet an den Zentrum, de Westen an de Südweste vun der Stad Rieds geet. D'Zäit vun den Etuden ass eriwwer. Et ass d'Zäit vun de Realisatiounen. Domat ass de Sträit ém den Tram duerch d'Stad émgaang an einstweilen eriwwer. Den Tram fiert direkt vun der Gare op de Kierchberg ouni den Emwee iwwert de Findel an déi zukünftig Entwécklung vum Tram ass weider méiglech an néideg. Bussen eleng an der Stad an duerch d'Stad hunn hir Limiten erreicht.

Bekanntlech deet sech op der Cloche d'Or, um Houwald grad wéi am ganze Südweste vun der Stad ganz vill an de kommende Jore fir Wunnen a Schaffen. Et geet drém net alles ze verbauen an déi natierlech gewuesse Raim ze erhalten. Et geet och drém déi bestehend Uertschaften a Quartieren net ze erstécken. Mir brauchen e Regionalpark, Velosweeërs, zsummenhängend Naherholungsgebidder; d'Ausfere vun den Uertschaften ass ze verhénneren. Fir dass de Südwesten net am Verkéier erstéckt, muss och do un en Tram geduecht ginn.

Här President, ee vun den Haaptthème vun onser Wahlcampagne war d'Wunnen. Vill vun onsem Programm zum Wunnengsbau huet sain Nidderschlag am Regierungsprogramm font. Esou si mer ons mat der CSV eens ginn, fir d'Bekämpfung vun de vill ze héije Wunnengspräisser zu enger éischt Prioritéit ze maachen. Dofir gëtt d'Offer vu sozial erschwingleche Wunnengen drastesch an d'Luucht gesat, siegf dat iwwer Locatioun oder Vente. De steierlechen Avantage beim Verkaf vu Bauland gëtt bis Dezember 2007 weidergefouert. Duerno gëtt eng progressiv Baulandbesteierung agefouert, wa sech näischt sollt un der aktueller Präßissituatioun ändern. Et wäerten och da Mesuren ergraff ginn, fir eisdele Wunnengen op de Maart ze kréien. De Verkaf vu Bauland iwwer Emphytéosen an d'Schafe vu Baulandreserven duerch d'Gemenge sollen encouragéiert ginn.

D'LSAP huet sech och dofir agesat, dass jonk Leit an Zukunft méi liicht un eng Statsgarantie komme fir eng Wunneng ze kafen. Hei gouf

zum Beispill de Prinzip zréckbehalten, dass en Diplom, sief dat ee vun enger Héichschoul oder vum Handwierk, zu esou enger Garantie feiere kann. Och de Mietkauf soll studéiert an dann agefouert ginn.

Och op Demande vun der LSAP ass zréckbehale ginn, dass d'Loyersgesetz net esou gestëmmt gëtt, wéi et vun der viregter Regierung déposéiert gouf. Speziell wat d'Ouverture vun de Loyerë fir Wunnengen, déi virun 1944 gebaut goufen, ugeet, huet d'LSAP sech mat hirer Meenung duerchgesat, dass dës Ouverture nëmmen a Fro kéim, wann eng seriö Moderniséierung vun esou Wunnenge festzestellen ass. Ech mengen och, dass, wat d'Schafe vu Wunnengen ugeet, d'Gemengen eng grouss Roll ze spiller hunn. Vill vun hinne kénnen méi maachen, wa si besser vum Stat begleet ginn.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Här President, e weideren Ensembel vu Froe betréfft d'Wirtschaft an d'Aarbeitsplazien. Mat deem Froekomplex hänkt enk zesummen d'Émweltpolitik an d'Energiepolitik, d'Informatiséierung vum Land, d'Entwicklung vu performanten Infrastrukturen am Respekt vun der nohalteger Entwicklung. D'Émweltpolitik ass keen Unhängsel vun der Wirtschaftspolitik. Si ass awer staark domadder imbriquéiert. Esou gëtt ons Wirtschaft an de kommende Jore mat der Fro vun der Reduktioun vun den CO<sub>2</sub>-Emissioune konfrontéiert. D'Kyoto-Ziler sollen erreecht ginn, dobäi soll de Gebrauch vun de flexible Mechanismen op ee Minimum beschränkt bleiben an net einfach am Akafé vun Emissionsrechter bestoen. Et sollen dobäi d'Rechter vun der Émwelt grad wéi déi vun den Ursprungslänner respektéiert ginn. D'Projete vun de verschidde Miñistèrë mussen en fonction dovunner gekuckt ginn. D'Regierung wéll e Plang fir d'Reduktioun vun CO<sub>2</sub>-Emissioune festleeën.

Am Energie spueren an an der Förderung vun erneierbaren Energien ass zesumme mam Handwierk an de Clienten vill ze maachen. D'Regierung ass och weider negativ der Atomenergie géintiwer agestallt, wat mer begréissen. D'Émweltpolitik muss ophéieren onverbindlech ze sinn. Si muss erém méi normativ ginn. Den Émweltministère an d'Émweltverwaltung mussen esou reorganiséiert ginn, dass se als modernen öffentlechen Déngscht fir Betriber a Bierger fonctionnéieren.

Fir op d'Wirtschaftspolitik zréckkommen: Emmer erém gëtt vun de Betriber op den Ofbau vun der Bürokratie higewisen. Létzebuerg ass nach laang net émmer dat Land vun de kuerze Weeën an de schnelle Prozeduren. Fir deem ofzehéllefe sinn am Regierungsprogramm eng Partie Mesuré virgesi wéi zum Beispill de Guichet unique oder e Commissaire à la simplification administrative. Villes ass nach ze maachen.

Niewent der Sich no auslänneschen Investisseure muss onse Wuesstum och vu Létzebuerg Betriber kommen. Ganz offesichtlech sinn do innovativ Kleng- a Mëttelbetriber gefuerert. Dofir ass och de Kontakt téschtend de Centres de recherche publics an de Betriber, déi innovéieren, ze förderen. D'Instrument vun de Centres de recherche publics an neideréngs och d'Fuerschung op der Uni kénnen zu der Innovatioun an dem Transfert de technologies baidroen.

Mir müssen e wéssenschaftlecht an technologesch Émfeld schafen, an deem nei Betriber sech entfale kénnen. Dëse Prozess muss weidergefouert gi bis zur Ufankshélf fir sou genannt Start-ups, dat heesch innovativ Firmen, déi vun der Fuerschung op d'Applikatiounen iwwerginn.

Och déi traditionell Wirtschaftsseure bleiwe wichtig. Et ass ze be-

gréissen, dass d'Tourismuspolitik op Qualitéit éischter wéi op Mass setzt. Déi räichhalteg kulturell Offer, déi et zu Létzebuerg gëtt, ass sécher en Tromp fir esou en Tourismus. Si muss méi konsequent am Ausland bekannt gemaach ginn, an d'Kulturjoer 2007 kann do en neien Opschwonk bréngen, grad wéi dat 1995 de Fall war.

Zu de Secteuren, déi grouss wirtschaftlech, ekologesch a kulturell Bedeutung henn, gehéieren och d'Landwirtschaft an de Wäibau. Och déi zwee Secteure sti virun enormen Erausfuerderungen, sief et wat d'Liewensmëttelsécherheet ugeet, wat d'wirtschaftlech Iwwerliewe vun de Betriber ugeet oder och d'Qualitéit vun de Produkter. De Létzebuerger Wäibau produzéiert héichwäerteg Wäiner. Ech emfannen dat perséinlech net némmen als eng Fro vu Produktion, mä och als en Element vu Létzebuerger Eegenheet a Létzebuerger Kultur.

Et ass absolut noutwendeg dëse Wäibau ze erhalten a vis-à-vis vun der internationaler Konkurrenz ze stärken. Datselwecht gëllt fir d'Landwirtschaft mat hirer héichwäertege Liewensmëttelprodukte an hirer Roll als Landschaftsgestalter. D'Landwirtschaft ass mat de genmodifizierte Planze konfrontéiert. Fundamental si mer der Meenung, et sollt ee mat alle Mëttèle probéieren zu Létzebuerg e Moratoire fir genmodifizierte Planzen oprochtzeerhaleen an domat d'Vermëschung vun esou Planze mat net modifizierte Planzen op eisem klengen Territoire ze verhénneren. Hei, wéi och an anere Branchen, soll de Précautiounsprinzip zur Uwendung kommen.

Et gëtt vill vu Liewensmëttelsécherheet geschwat. Déi Skandaler, déi d'Landwirtschaft kann huet, an déi oft duerch en iwwerdriwwene Produktivismus erbäigefouert goufen, maachen et och zu Létzebuerg noutwendeg, dass d'Liewensmëttelsécherheet zu engem virrangege Zil erhuewe gëtt.

Dofir, sou seet de Programm, an ech begréissen dat ausdrécklech, soll studéiert ginn, fir eng Agence de Sécurité alimentaire als Etablissement public énnert der Tutelle vum Gesondheetsminister ze schafen, déi op eng onofhängeg Manéier d'Geforen an der Liewensmëttelketten énnersiche soll.

D'est wär sécher fir d'Létzebuerger Verbraucher eng wichtig Garantie. Schliesslech versprécht d'Regierung Konditiounen ze schafen, fir dass d'Finanzplaz sech weiderentwéckele kann. Och hei gëtt drop higewisen, dass déi reglementaresch Laascht muss ofgebaut ginn. D'Banke jéimere jo iwwert déi bürokratesch Oplagen zum Beispill am Kampf géint de Blanchiment, bei deem ee sech froe muss, ob den Opwand dann och wierklech effikass ass, fir en Zil ze erreechen, dat jiddferee natierlech approuvéiert.

D'Regierungsparteie si sech och dorriwwer eens ginn, d'Steieraascht fir d'Betriber wéi fir d'Privateit op engem méiglechst niddrengen Niveau ze halen. Bei de Betriber sollen eng Rei Upassunge kommen, fir énnert d'Grenz vun 30% ze kommen. De Barème vun der Privateit soll periodesch un den Index ugepasst ginn.

En anert Feld ass dat vun der Aarbecht. Et ass e Kärschéck vun enger Politik, déi de Ménschen Aarbecht bréngt soll a se zugläich géint Ausbeutung a Profit schütze soll. Et ass kloer, dass de Sozialdialog derbäi eng wichtig Roll ze spiller huet. Dësem Dialog hunn déi zwou Koalitiounsparteie sech sált laangem verschriwwen.

Et huet an der Wahlcampagne zu Létzebuerg keng vun deenen zwou Regierungsparteien eng allgemeng gesetzlech Reduktionsvun der Aarbechtszäit verlaangt. Dach seet de Regierungsprogramm, dass nei Aarbeitsmodeller méiglech bleiwe sollen, énnert anrem och punktuell Aarbechtszäitreduk-

tionen. D'Instrumenter vum Sozialdialog gi weider ausgebaut.

Wa muer d'europeesch Gesellschaft zu Létzebuerg émgesat gëtt, müssen och d'Implikatiounen op d'Arbeitnehmer a grenzüberschreidende Gesellschaften gekuckt ginn. Et däerf dobäi net zum Aushieleche vun der Matbestëmmung kommen. Am Senn vum Sozialdialog sollen och gewerkschaftlech Déngscher fir d'Arbeitnehmer énnertstëtz ginn. E Congé linguistique soll auslänneschen Arbeitnehmern erméiglichen, Létzebuergesch an ech mengen och aner Sprooche vun onsem Sprochesystem ze léieren.

D'Promotioun vun der Chancéglächheet vu Mann a Fra um Aarbechtsmaart geet net ouni weider Efforte fir Crèchen an Opfangstruktur fir Kanner. A wat de Projet iwwert de Chômage social an d'Be schäftigungsinitiativen ugeet, soll deen iwwerschafft ginn, an zwar fir de Kritiken an Initiative vun deene gerecht ze ginn, déi um Terrain schaffen an do gutt Aarbecht leeschten.

Här President, an der Gesondheetspolitik wéllt d'Regierung e wichtegen Akzent op d'Preventivmedezin leeeën. Dës Politik beschränkt sech net op Infrastrukturen. Eng Gesamtapproche muss Preventioun an Heelung an engem nationale Gesondheetsplang ze summeffassen. Dorriwwer eraus wéllt d'Regierung de gratis Accès fir jonk Leit zu diverse Verhütungsméttelen erméiglichen. Nieft enger ganzer Rei Initiativen am Kader vum Kampf géint den Drogekonsum développéiert d'Regierung e Projet fir staark ofhangege Leit e Minimum vun Drogen énnert medezinescher Opsicht zukommen ze loossen. Si musse lues a lues rezialiséiert ginn an esou eng nei Chance fir d'Zukunft kréien.

Alkopops ginn deemnächst méi héich taxéiert fir hire Succès bei Mannerjähregen ze bremsen. Parallel dozou wäert e Gesetz op den Instanzewee komme fir de Verkauf an de Konsum vum Alkohol u Männerjähreger staark anzeschränken. D'Promillgrenz fir Jeunes conducteurs, déi sech am Stage befannen, gëtt schliesslech op 0,0% gesat.

Am Kader vun der Uni Létzebuerg gëtt eng postuniversitär Formation fir Médecins généralistes agefouert. Ganz allgemeng gëtt an Zukunft souwuel vun den Doktere wéi och vum Fleegepersonal eng permanent berufflech Weiderbildung verlaangt.

Wat déi sou genannten net konventionell Medezin ugeet, si mer eis mat der CSV dorriwwer eens fir eng ganz Rei homöopathesch Medikamente erém vun der Krankekeess ze rembourséieren. Ausserdeem gi complémentaire medezinesch Leeschtunge wéi d'Akupunktur, d'Chiropraxie, d'Osteopathie an d'Homöopathie an Zukunft reglementéiert.

Am Kader vun der Moderniséierung vun eiser Spidolinfrastruktur gi Synergien a Fusioune vu Spideeler vum Stat encouragéiert. D'Psychiatrie gëtt weider dezentraliséiert an d'Reform vum Laboratoire national de Santé gëtt virudriwwen. Dorriwwer ewech wéllt d'Regierung en nationale Service fir Émweltmedezin schafen.

Am Beräich vun der Sécurité sociale ass d'Regierung sech bewosst, dass an enger éischter Phas eist Krankekeeswiesen erém op gesond Féiss gestallt muss ginn. Och hei muss ech aller déngs soen, huet d'DP grouss Téin gespaut, mä schlussendlech dach versot. Well, 1999 huet se sech fiercherlech opgereegt, well eng Milliard Defizit an de Krankekeese war. 2004 sinn et der ém déi véier Milliarden al Létzebuerger Frang.

D'Regierungsparteie si sech dorriwwer eens ginn, dass op däer enger Säit onnëtz Ausgaben an de Bedruch speziell mat de Krankeschäiner agedämmt muss ginn an op däer anerer Säit nei Finanzéierungsquelle musse geschaافت ginn. D'est muss awer wéinst de Lounnie-wekáschten eng neutral Aktioun bleiwen.

Schliesslech sief nach erwähnt, dass d'Regierung wéles huet d'Unfallversicherung op déi Leit auszedeihen, déi bénové tätég sinn. D'Individualisierung vun de Rechter am Rentewiese soll weidergedriwwen. Dofir soll e Gesetzesprojet déposéiert gi fir de sou genannte Splitting am Fall vun enger Scheedung anzeféieren an domat all Partner Recht op eegen Altersversuergung ze garantéieren.

Här President, Immigration an Asyl entwéckle sech émmer méi zu zentrale Froe vun allen héich entwéckelte Gesellschaften. Si stelle Froe vu Solidaritéit mat Leit aus aarme Länner, vun der ganzer Welt an aus Krichsgebidder. Si verlaange Méenschlechkeet an enger Welt vun Egoismus a kalem Calcul. Si konfrontéieren eis direkt mat méenschlechen Tragödien, mä och mat Kriminalitéit, déi um Buedem vun illegaler Immigration an Aarmut wiisst. Op däer anerer Säit stelle se Froe vu Sécherheet, vun Opfangstrukturen, vu Potenzial um Aarbechtsmaart.

Et ass kloer, dass an der Asyl- a Flüchtlingsproblematik d'Politik a ganz Europa virun der Eausfuerderung vun neie Flüchtlingsstréim steet. D'Länner vun der EU kénnen a sollen a müssen zesummen eng Asyl- a Flüchtlingspolitik opbauen.

D'LSAP hat an hirem Wahlprogramm eng zweit Regularisatioun vun Asylante respektiv ofgewisenen Asylante gefrot, déi länger Zait illegal zu Létzebuerg wunnen. Mir hunn dës zweit Regularisatioun net erreicht, well d'CSV sech an hirer Asylpolitik bestätigt gefillt huet. Et gëtt ons gesot, dass esou eng Regularisatioun en Appel d'air fir nei Asylante respektiv fréier Demandeurs d'asile aus dem Balkan a besonnesch aus dem Kosovo an dem Montenegro géif schafen. Et wär och eng Ongerechtegkeit vis-à-vis vun deene Familljen, déi an der Téschenzäit fräiwilleg oder gezwungen heemgaange sinn.

Mir kénnen dës Argumenter zum Deel novollzéien. Et kann och kee Land seng Grenzen einfach oploossen an eng onkontrolléiert Awanderung zoulloossen. Et bleibt awer, dass et Leit a besonnesch Famillje mat Kanner gëtt, déi jorelaang zu Létzebuerg wunnen, deenen hir Kanner hei gebuer oder opgewuiss sinn, intégriert sinn an och um Aarbechtsmaart gebraucht ginn. Hir Expultioun no all deene Joren ass émmer eng méenschlech Tragédie, déi ee muss verhénne.

Et muss also eppes geschéien. Dozou gehéiert ee vill méi zügegt Ofwéckele vun der Asylprozedur am Respekt vun der Genfer Konvention, fir dat mer ons och dann déi noutwendeg Mëttèle musse ginn.

Et bleibt awer och, dass Létzebuerg sech an der Behandlung vu Familljen, déi jorelaang hei gelieft henn, deenen hir Kanner hei gebuer an opgewuiss sinn, méi Flexibilitéit muss ginn.

A wat déi eigentlech Immigratioun ugeet, soll a muss et weider legal méiglech sinn aus engem Dréttland op Létzebuerg schaffen a wunnen ze kommen. D'est hänkt vum Aarbechtsmaart of. Sécher! Et muss och fir Studenten a Fuerischer aus Dréttländer méiglech sinn op d'Uni Létzebuerg studiéieren a schaffen ze kommen. D'Konditione dofir däerfen net prohibitiv sinn. Mir sinn ons och eens, dass d'Gesetz vun 1972 iwwert de Permis de travail iwwerkückt gëtt.

Här President, traditionell sinn a sou genannte Gesellschaftsfroen

d'LSAP an d'CSV wäit vuneneen. Eng vun deenen ass d'Trennung vu Kierch a Stat. D'Sozialiste wéllen en neutrale Stat a Reliounstroen am Respekt vun alle Meenungen a Glawen.

Mir hunn an dëse Koalitiounsgespräicher ausféierlech dorriwwer geschwat. Mir hunn zréckbehalten, dass d'Method vun de Konventionen déi richteg ass, fir d'Verhält-niss vun de Kierchen an dem Stat op eng transparent a kloer Basis opzebauen. Wann d'Konditiounen mam Islam ofgeschloss ginn, virausgesat de Stat huet dobäi en eenzege representativen a glaf-wierdegen Interlocuteur.

An deem Senn soll och d'Gesetz iwwert d'Kierchefabrike reforméiert ginn. Och gëtt dru geduecht den Artikel 106 vun der Verfassung iwwert de Finanzement vun de Culten am Kader vun enger Reform vum Artikel 22 ze ännere respektiv ofzeschafen.

Mir hunn och iwwert de Relioununterrecht an der Schoul geschwat. D'LSAP huet als ee Punkt an hirem Wahlprogramm d'Fuerderung - iwwregens sáit Jore schonn, net fir d'éischt dës Kéier - vun engem eenzege Moralcourse an der Schoul an deem d'Reliounen duer-geluecht ginn an déi allgemeng Wäerter vum Zesummeliewen an enger toleranter a pluralistescher Gesellschaft geléiert ginn. Ee Versuch dovunner soll an deem Ganzdagsschoulpilotprojekt gemaach ginn. Domat géif dat niefetene vu Reliounscours a Moralcourse opgehuwen. Et wär den Ufank vum Enn vun engem Zoustand aus dem 19. Jorhonnert.

D'LSAP geet dovunner aus, dass ons Gesellschaft émmer méi pluralistesch gëtt, dass an der Schoul Kanner vu ville Reliounen a Weltanschauungen zesummekommen an dass een dëse Kanner alleguer, am Interesse vun engem harmonischen Zesummeliewen, ee fir jid-dereen acceptabile Wäertunterrecht an eng Informatioun iwwert d'Reliounen an hir Geschicht soll ginn.

Fir d'Zesummeliewen an enger demokratescher Gesellschaft ass et och wichteg, dass d'Schoul sech fir d'politesch Liewe grad wéi fir d'Méenscherechter, interesséiert.

Aner gesellschaftspolitesch Froe goufen an de Verhandlungen intensiv an offen diskutéiert. Dat gëllt fir d'Fro vum Stierwen, wou zréckbeiale gouf, de Projet iwwert d'Palliativmedezin an d'Begleedung um Enn vum Liewen ze iwwerkucken.

Dat gëllt fir d'Zesummeliewe vun net bestuete Koppelen, ob hetero- oder homosexuell. Dat betreffend Gesetz soll a sengen Auswierkungen no dräi Joer evaluéiert ginn. Kuerzfristig sollen awer och eng Rei steierlech Mesuré geholl ginn, déi de sou genannte pacséierte Koppelen zegutt kommen. Mir müssen och wéissen, dass mer laantscht eng Unerkennung vun am Ausland gesetzméisseg ofgeschlossene Partnerschaften a Bestiednisser an deem Fall net derlaantscht kommen.

Och d'duebel Nationalitéit ass eng wichteg gesellschaftspolitesch Fro. Dat Instrument soll an onsen Aen dozou baidroen, dass Ausländer sech méi schnell zu Létzebuerg integréieren an um politesche Liewen deelhuele kénnen, well et keng gutt Situations ass, dass een an engem Land bal 40% Ausländer huet, déi vun deem politesche Liewen ausgeschloss sinn, an d'duebel Nationalitéit kann ee Wee zu der Partizipation un der Politik zu Létzebuerg sinn.

Dat gëllt och fir d'Fräieheiten an de Schutz vun de Rechter vum Eenzelnen. D'LSAP huet sech mat hirer Fuerderung d'Uerkerung d'Lex Greenpeace - géint déi och d'Gewerkschafte sech kloer ausgeschwat haten - an d'Gesetz iwwert déi anonym Zeienaussoen zréckgezunn respektiv zréckgestallt ginn. Dat gëllt fir d'Plaz vun

de Parteien, fir déi de Prinzip vun enger öffentlecher Hélfel zréckbeiale gouf. Dat gëllt fir d'Gläichheet vu Mann a Fra, déi an d'Vfassung ageschriwwie gétt, gläichzäiteg mat engem prezise Programm fir dést émzeseten.

Dat gëllt fir d'Rechter vun de Kanner an zesummen domat den Ausbau vu Servicer fir Kanner, déi a schwierege Verhältnisser lieuen. An dat gëllt fir den Numm vum Kand, wou eng grouss Flexibilitéit fir d'Elteren an d'Kanner zréckbeiale gouf.

An och de ganze Volet vun de Medien an der Kommunikatioun ass eigentlech Gesellschaftspolitik an deem Senn, dass se zu enger offener, pluralistescher a fráierer Gesellschaft báidroen. Ech halen zréck, dass den éischte Saz am Kapitel iwwert d'Medien op de Meenungspluralismus hiweist, also och op de weidere Bestand vu verschiddene Medien, ob audiovisuell oder geschriften, op d'Verhénnerre vu Monopolsituatiounen duerch iwwerdriwwer Konzentratziounen, op e Code de déontologie, besonnesch do, wou zu Létzeburg de facto eng Monopolsituatioun besteht, zum Beispill an der Televisiou.

A schliesslech gëllt dat och fir den Déiereschutz. D'Wuelbefanne vun den Déiere gétt zur éischter Konditioun, fir an de Genoss vu Subsidien am landwirtschaftliche Bereich ze kommen; an ausserdem gétt den Déiereschutz am Allgemeinen an d'Vfassung ageschriwwen.

Dat, Här President, sinn eng Partie vun deenen Neierunge respektiv Weiderentwécklungen, déi an deem Regierungsprogramm sinn an déi ech wollt ausféierlech duerleéen, well ech jo wosst, dass hei géif vun der Oppositoun behaapt ginn, et wär keen neien Opbroch dran.

Eng lescht Fro, Här President, betréfft Europa an d'Europäesch Unioun. Mir wëllen zu Létzeburg déi nei europäesch Vfassung iwwer Referendum ratifizéiere loosen.

Iwwert dës Vfassung gouf scho vill gesot. Guddes a Schlechtes. Falsches a Richteges. Déi mannt hu se gelies oder hir Entstoungsgeschicht verfollegt. Déi eng schwätze vu „Constitution Giscard“, déi aner vu neoliberaler Krichsmaschin, déi onst Land dem globale Kapitalismus mat Haut an Hoer ausliwwere wéll. Fir eng Partie Leit ass et eng gottlos Vfassung, well se keng Gottesreferenz enthält, fir eng aner Partie Leit ass et eng klerikal Vfassung, well se am Artikel 51 reliéis a philosophesch Gemeinschaften unerkennt. Fir déi eng ass et d'ENN vum europäesch Sozialmodell, fir déi aner ass et den Antrött an e gréissere Superstaat, wou ons Regierung zu Hampelmänner vun iwwermächtegen an onbekannten Dunkelmänner a -fraen degradéiert gétt.

Ech fir mäin Deel bleiwe bei der Meenung, dass dës Vfassung, trotz enger Partie Verschlechterungen an der Regierungskonferenz muss ee soen -, deen zum heitegen Zäitpunkt beschtméigleche Komproméiss énnert deene 25 Länner duerstellt.

Et geet an der Referendumscampagne drëm iwwert déi Vfassung mat de Bierger ze schwätzen. Iwwert déi Vfassung an némme iwwert déi Vfassung. Et gëllt villes riichtzebénen an ze verhénneren, dass eng Koalitioun vun Onwourechte sech géint dës Vfassung bilt.

Ech wichteg Fro derbäi ass déi vum europäesch Sozialmodell, deen an der Vfassung enthalten ass, deen awer mat konkreten In-

halter geféllt muss ginn. Et ass jo net esou, wéi wann all Land - och Létzeburg net - bereet wier, seng ganz Sozialpolitik als europäesch Kompetenz ofzeginn. All Land huet sain eegene gewuessene Sozialmodell a wéllt deen och erhalen an ausbauen. Wesentlech ass, dass de fráien europäesch Maart esou reguléiert bleibt, dass europäesch Sozialregeln an nationalen Sozialmodellen matenee wierke kënne.

Dozou gehéieren och öffentlech Dénsgchtleeschungen. Et war sécher richteg verstébstén öffentlech Monopoler ofzeschafen, méi Transparenz an d'staatlech Hélfelen ze bréngen, öffentlech Betriber ze dynamiséieren a méi no bei de Client ze bréngen.

Et kann een awer net d'Kand mam Bad ausschédieren an all öffentlech Dénsgchtleeschungen de Gesetzer vum Maart énnerwerfen. An der Gesondheet, der Bildung, der Kultur, de Medien, der sozialer Ofsécherung wéi der Altersversuerung, am Émweltberäich huet d'öffentlech Hand seng Verantwortung, déi de Maart net wéll a kann iwwerhuelen.

Dofir gehéieren zum europäesch Sozialmodell öffentlech Betriber, déi integréiert a kohärens sinn an dofir muss de Stat och dofir opkommen, fir d'Personal an d'Instalatiounen ze erhalten an auszubauen.

Wéini de Referendum stattfénnt, ass nach net kloer, et soll ee gemeinsamen Datum a ganz Europa dofir gesicht ginn.

D'DP huet jo eng Motioun dozou erabruucht, déi mer nach genee musse studéieren. Mä sécher si mer mat der DP eens, dass mer déi seriöe Campagne iwwert déi europäesch Vfassung zu Létzeburg musse maachen.

Här President, mir hunn och an de Koalitiounsverhandlungen iwwert

d'Europawahle geschwat. Émmer méi Leit réselen de Kapp iwwert d'Manéier, wéi ons Europadeputéierte gestémmt ginn.

Ech hat jo am Joor 2000 dozou e Gesetzesvorschlag erabruucht, deen awer a senger interner Logik bal vun alle Parteie refuséiert gouf - ech mengen, déi gréng Kollegen hate sech dofir ausgeschwat, all déi aner Parteie waren dogéint.

#### (Interruption)

An den ADR och, jo.

Elo si mer eis eens, dass mer d'Europaparlament jo als enorm wichteg fannen, dass mer also do e beschte Leit hischécke sollen, fir eis Interessen an déi vun Europa ze verdeedegen. Wéi mer dat am augenbléckleche Wahlsystem ronnkréien, ass net evident: e Wahlsystem, un deem awer onst Land innest hänkt.

Déi Léisung, déi mer zréckbehalten hunn, besteet doranner, duerch e politeschen Accord vun alle Parteien duebel Kandidaturen ze verhénneren, well mer se net per Gesetz verbidde können. Wann dann nach d'Parteien, duerch d'Indicatioun vu Spätzekandidaten zum Beispill, de Wieler en Hiweis ginn, wien da wierklech an d'Europaparlament geet, ka sécher eng gewésse Clarification kommen. Mir brauchen dann och némme méi sechs Kandidaten, well do jo net méi esou vill gewielte Kandidate sech zréckzéie müssen.

Här President, fir ofzeschléisse just déi hei Remarquen:

1. D'LSAP fénnt hire Wahlprogramm ganz däitlech an dësem Koalitiounsprogramm erém; si dréit also de Koalitiounsprogramm mat.
2. D'LSAP weess aus hirer Erfahrung, dass eng Koalitioun keen einfacht Geschäft ass. Si huet dofir gutt Leit an d'Regierung geschéckt, an déi se vollt Vertrauen huet.

Et muss an deene kommende fénnef Joer vill verhandelt an diskutéiert ginn; eng Koalitioun ass ee Mariage de raison vun zwee eegestännege Partner. Et ass e kloren Optrag op Zäit. Et ass eng Obligation Resultater um Enn virzeleeën an zum Schluss stet d'Sanctiou - ob negativ oder positiv.

An deem Geesch, Här President, dréckt d'LSAP der Regierung hiert Vertrauen aus a wénscht hir vill Erfolleg bei hirer schwéierer Aarbecht. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot.

Mir sinn domadder um Enn vun der Sitzung vun haut de Moien ukomm. Mir gesinn eis haut de Mëttég um hallwer dräi erém fir d'Interventiounen vun de Fraktionschefs vun deene Gréng a vum ADR ze héieren, duerno, denken ech, hëlt d'Regierung d'Wuert, dann diskutéiere mer a stëmmen of...

Une voix.- Dir musst de Mikro umaachen.

M. le Président.- De Mikro ass un.

#### (Brouhaha général)

Da gesi mer eis erém fir déi...

#### (Interruptions)

Jo, mä de Mikro ass awer un.

Da gesi mer eis erém, fir déi zwou Interventiounen ze héieren, duerno, denken ech, hëlt d'Regierung Stellung, dann diskutéiere mer a stëmmen of iwwert d'Motiounen, déi haut de Moien abruecht gi sinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.15 heures)

## Ordre du jour

1. Communication
2. Débat sur la déclaration gouvernementale (Suite - Motions - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'Etat.

#### (Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

#### (Négation)

Mir huelen Akt dovun, dass d'Regierung de Moment nach keng Kommunikatioun ze maachen huet.

#### 1. Communication

Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

Monsieur François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, a déposé au Greffe de la Chambre des Députés, en date du 5 août 2004, le projet de loi N° 5373 modifiant la loi du 27 juillet 1994 autorisant le Gouvernement à participer au financement d'une École de mu-

Wieler huet geschwat. En huet zolid geschwat, en huet net némme eng nei Chamber als solches konsolidéiert, mä en huet och nach dës Chamber zolidd geännert, esougutt wat déi personell Kompositioun ubelaangt wéi awer och wat dat politesch Kräfteverhältnis ubelaangt.

Inwiefern dem Wielerwelle Rechnung gedroe gétt, hänkt awer fir eis als Gréng net némme dovunner of, wéi déi nei Regierungsmajoritéit hei am Parlament ausgesait, mä och nach vun anere Saachen. Dir wéss, am Ausland, virun allem an den däitschsprooche Länner, do soe se no de Wahlen: „Mehrheit ist Mehrheit“, an deementspriebend wären no dëse Wahle bei 31 Sétzt bekanntlech méi Mehrheit méiglech gewiescht.

Eng sou genannte Mehrheit huet sech zesummefonnt, eng al bekannten, déi, déi téssent 1984 an 1999 15 Joer kontinuéerlech um Pouvoir war, déi schwarz-rout Majoritéit. A fir ze kucken oder festzstellen, wéi grouss eigentlech déi Legitimatioun no de Wahle vun 2004 vun dár Neioplak vun dár aler schwarz-rouder Koalitioun ass, geet et menge Meenung no net duer, fir némme d'Wahlresultater vun 2004 ze kucken, respektiv déi vun 2004 par rapport zu 1999, mä ech mengen et ass och emol interessant, d'Entwicklung vun deen zwou Parteien, réckwierkend vun 1984 bis haut, ze analyséieren.

1984 hat dës CSV-LSAP-Majoritéit 25 Sétzt fir d'CSV an 21 fir d'LSAP, dat heescht et ware 46 Sétzt - et muss een awer allerdéngs soen, et waren deemols 64 Sétzt.

#### (Interruptions diverses)

M. Henri Grethen (DP).- Här President!

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Oh, Här President, ech wär awer frô... Also ech hunn násicht géint Téscheriff, mä ech fanne, d'Kollege solle sech elo e bésse packen an awer vlâicht waarden, bis ech emol zu deene richtege Saachen eigentlech kommen, well hei ass nach násicht, hei ass némme e Virgespann vun deem wat elo kënnt.

#### (Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. Henri Grethen (DP).- Här President, kënne mer net e bésen...

M. le Président.- Här Bausch, den Här Grethen wéllt lech eng Fro stellen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Selbstverständlichkeit.

M. Henri Grethen (DP).- Neen, neen, ech wollt lech, Här President, eng Fro stellen: Kénnte mer net d'Sitzung e bésen énnerbriechen bis och d'sozialistescher Fraktioun, wéinstens en Deel, hei ass, net dass deen aarmen Här Asselborn dat eleng muss alles endroen.

#### (Hilarité)

Obschonn ech mer kéint virstellen, dass an enger Chamber némme méi ee Sozialist wär.

#### (Hilarité)

M. le Président.- Ech wéll lech soen, Här Grethen, dass d'sozialistescher Fraktioun matgedeelt kritt huet, dass d'Chamber haut de Mëttég um hallwer dräi ufánkt. Deementspriebend denken ech, wa si de Moment nach net hei sinn, dann ass dat hir Responsabilitéit. D'Chamber tagt an den Här Bausch huet elo d'Wuert an ech geïft lech bidden, hien net méi ze énnerbriechen.

Plusieurs voix.- Très bien!

#### (Interruptions diverses)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech mengen, d'sozialistescher Fraktioun huet vlâicht aner gutt Grénn firwat se am Moment nach net hei ass.

1984, wéi gesot, hat dës Majoritéit 46 vu 64 Sétzt. 1989, wéi mer op déi Kompositioun komm sinn, déi mer haut hu vun der Chamber, nämlech 60 Députéierten, hat d'CSV 22 Sétzt an d'LSAP der 18, dat heescht 40 vu 60 Sétzt. 1994 hat d'CSV 21 Sétzt an d'LSAP 17 Sétzt; 38 vu 60. An dunn, 1999, ass et bekanntlech jo esou gaang, dass d'CSV op 19 Sétzt erofgerutscht ass an d'LSAP op 13 Sétzt erofgerutscht ass, dat heescht nach 32 vu 60 Sétzt.

Wann ech elo d'Resultat vun 2004 kucken, da muss ech feststellen, dass déi nei al Oplag vun der schwarz-rouder Koalitioun 38 vu 60 Sétzt huet, dat heescht eigent-

lech net méi wéi dat, wat se 1994 haten, wéi se et fir d'leschte Kéier nach tout juste fäerdeg bruecht hunn, nodeem se du scho fir d'zweet hannerteneen eigentlech d'Wahle verluer haten, déi deemo-leg Konstellatioun weiderzefueren.

An dobai ass jo awer nach ze soen, dass d'CSV effektiv mat 24 Sétz - e Plus vu 5 - en historescht Resultat fäerdeg bruecht huet, wou ee muss virun 1984 kucke goen, fir dat zréckzefannen. Sou dass ee muss feststellen, dass et effektiv esou ass, dass déi Konstellatioun Schwaarz-Rout vun 2004 eigentlech némmen dank deem fulminante Score vun der CSV vu 24 Sétz zustane komm ass.

Den Här Grethen huet virdrun de Verglach nach gemaach an d'Europawahle mat báigezunn, an et kann een deem némmen zoustemmen. Effektiv, wann een de Koaliounspartner de Moment kuckt, da muss ee feststellen, dass de Koaliounspartner vun der CSV tout juste e wacklege Sétz am Süde báikritt huet, par contre awer e wáertvollen an Europa verluer huet an deementspreichend mat Sécherheit net zu de Gewënner vun dése Wahlen zielt an een eigentlech duerfir, wéi gesot, kann d'Fro stellen, inwiefern dass dat esou legitim ass, dass dat esou dem Wielerwéllen entsprach huet, wann déi Konstellatioun esou hei zustan komm ass wéi se zustan komm ass.

Den Här Biltgen huet no dem Ofschloss vun de Koaliounsvverhandlunge gesot, dat heite wár d'Koalioun vun der arithmetescher Vernunft. Wann een d'Koaliounsofkommes liest, da géing ech awer éischter soen, et ass d'Regierung vun der Kontinuitéit an der báaner Alldagsgestioun. Well bei alle rhetoresche Cabaretsstécker oder Konschtstécker, déi mer och géschter hei presentéiert kritt hunn, respektiv bei alle klengen Aussoen, Häppercher, déi mer schonn déi Woche virdru kritt hunn, respektiv och bei deem, wat de Moien hei vum Här Fayot versicht ginn ass opzezielen, muss ee feststellen, dass hei net ee Ruck duerch de Koaliounsofkommes gaangen ass an dass et eigentlech esou ass, dass déi Regierung hei iwver All-dagsgestioun, zumindest wéi et am Moment ausgesait, net wáert erauskommen.

Mä et ass elo eben esou an de Wieler huet geschwat an en huet jo awer net némmen déi nei Regierung gewielt, well bekanntlech wiele mer an eisem parlamentaresche System net eng Regierung, mä mir wielen e Parliament. A mir als Gréng sinn der Meenung, wann een dem Wielerwélle báil Rechnung droen, dann heescht dat deemno och onofhängig vun der Majoritéit, déi sech an engem Senn vun der arithmetescher Vernunft zesummefonnt huet, dass den neie politesche Kräfteverhältnisser an der Gesellschaft an am Land hätt misse Rechnung gedroe ginn.

Dat hätt zum Beispill bedeut, dass zumindestens vum Programmatesschen a vum Inhaltlechen hier fir dat, woufir meng Partei steeet, an deem Koaliounsofkommes do e gréissere Nidderschlag hätt misse fonnt ginn. Well - ech brauch lech et jo sécher net ze rappeléieren - déi Gréng si mat effektiv grouss Gewënner bei dése Wahlen. Mir sinn op 11,6% bei den nationale Wahlen am Duerchschnëtt eropkomm a mir si bei den Europawahle vun 10,5% 1999 op 15,02% gestiegen, dat heescht bei den Europawahle si mer souguer dréttstárkste Partei am Land ginn.

Vlächt eng kleng Parenthèse: Et gétt der jo vill, déi sech haut déi sechs Europadeputéierten oder d'Veteidegung dovun op de Fáandel schreiwen. Ech wéll awer drop hiweisen, dass et virun e puer Joer net immens rosege ausgesinn huet bei de Verhandlunge fir déi sechs Europadeputéierten an déi Gréng ganz vill Drock gemaach hunn, fir dass mer déi konnten halen. Dee-

mools hu mir énnestallt kritt, mir wäre jo némmen esou rebellesch an esou um qui-vive well mer géinge fäerten, mir géingen eisen Europasétz verléieren. Wéi Der konnt feststellen, hu mer eis net fir eisen Europasétz agesat, mä glécklecherweis hu mer Drock gemaach a mir konnten déi sechs halen, esou dass effektiv eng aner Partei dee Sétz behalen huet, dee se wahr-scheinlech soss verluer hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et misst awer eiser Meenung no, wéi gesot, a verstáerkt, wann een dem Wielerwélle báil Rechnung droen, zumindest Inhalter vun där Partei, déi och staark gewonnen huet, an dem Koaliounsofkommes Rechnung gedroe ginn, well et ass jo esou - effektiv huet de Premierminister dat och géschter hei beschriwwen: Eng Regierung oder iwverhaapt e Parliament steeet net am Déngscht vun engen oder zwou Parteien, mä steet am Déngscht vum Land, vun alle Biergerinnen a Bierger vum Land, an ech mengen, wann 11,6% bei den Nationalwahle respektiv 15,02% bei den Europawahlen dee Programm énnestetzt hunn, dee meng Partei vertrétt, da misst déi nei Majoritéit, egal wéi se ausgesait, et och fäerdeg bréngen, wa mir dann net an der Regierung sinn, mäi vun eisen Iddien afleissen ze loosse wéi dat bei déser Regierung - zumindest bei deem aktuell virlerende Koaliounsofkommes - de Fall ass.

Ech muss op alle Fall feststellen, Här President, dass deenen 11,6% vun deene Gréng an deene 15,02% bei den Europawahle Rechnung gedroe ginn ass, an ech wéll dat beleéén unhand vu siwe wichtige Schwéierpunkten, déi mir als Gréng als ganz wichtig ugesinn a wou mer der Meenung sinn, dass am Intérêt vun deene kommende Generatiounen hätt misse méi staark Gewiicht drop geluecht gi bei de Koaliounsvverhandlungen an och am Ofschloss bei déser Regierung.

Deen éischte Punkt ass dee vum wirtschaftleche Wuesstum am Respekt vun der Nohaltegekeet. Speitsens sait dem Virleie vun der BIT-Studie am Joer 2000 gétt hei am Land vill iwver méiglechen, nouwendegen, sénnvollen oder erreichbare wirtschaftleche Wuesstum diskutéiert oder philosophiéert. Am Joer 2000, um Hannengrond vun 9% Wuesstum vum PIB, hunn déi meesch Parteien an désem Parlament gemengt, alles wier méiglech. Et gouf awer och eng aner Partei am Joer 2000, déi gemengt huet, net alles wár méiglech, an et wár och an Zukunft esou, dass net alles sénnvoll wár an net méi alles finanzéierbar wár.

Mir Gréng sinn dárselwechter Meenung wéi mer am Joer 2000 waren, dass mer selbstverständlech e weitere wirtschaftleche Wuesstum brauchen hei am Land, mä dass mer endlech awer erém misse mat zwee Féiss op de Buedem zréckkommen, e Buedem, dee mer am Joer 2000 a virun allem an der ganzer Period téschent 1995 an 2000 eiser Meenung no komplett énnert de Féiss verluer haten.

Schonn am Joer 2000, Här President, wou anerer nach gegleeft hunn, dass hei am Land iwver 20, 30 a 40 Joer e permanente Wuesstum vu 4% an der Moyenne vum PIB méiglech wár, wou mir awer gemengt hunn, dass dat total onrealistesch wár, hu mir gesot, dass net méi alles machbar wár an net méi alles eleng finanzéierbar wár. Mä an där Záit si leider an der Euphorie an am Wuesstumsrausch vum Joer 2000 Décisioun geholl ginn, déi déi staatlech Finanzcapacitéit eiser Meenung no laangfristeg ze staark belaaschten.

Nozeliesen ass a menger Budgetsried vum Joer 2000 fir d'Joer 2001, dass déi nächst Regierung eis mat verschidene Géisskanemesuren, déi dat aalt Parliament net némme mat de Stémme vun der deemoleger CSV-DP-Majoritéit getraff huet,

mä déi och vun der deemoleger Oppositiounspartei an elo Regierungspartei, der LSAP, matgedroe gi sinn, op e geféierlech finanziell Minnefeld géing féieren, wou et ganz problematesch géing gi fir déi nächst Regierung, draus erauszekommen.

Duerfir müssen an deenen nächste Jore bei méi knappe Budgetsmételen - an do ass jo elo entre-temps anscheinend jiddferee der Meenung, dass se vill méi knapp sinn - Choix getraff ginn. Mir kénnen net gláichzäiteg behaapten, mir wéllte weider héich öffentlech Investitionsausgabe virhuelen, ouni dass mer soen, wou mer dat Geld wéllen hierhuelen, ausser mir gleewen drun - an ech hunn net d'Impressioun, dass de Männer druegleet -, dass de Wirtschaftswuessment relativ séier a Paragé kéim, dass d'Recetté vum Stat géinge massiv klammen.

Ech wéisst zum Beispill gär wéi et ausgesait mat de Recetté fir den ordinäre Budget fir 2004, wat dann déi genau Prognose si wou mer wáerte landen, respektiv wat virun allem d'Previsioune si fir 2005.

D'Sozialistesche Partei ass drái Woche virun de Wahlen an och nach bis kuerz virun de Wahlen net midd ginn, fir Pressekonferenzen a Communiqués ze maachen, wou se gesot huet, mir hätte gár emol déi richteg Zuelen op den Désch, well se gemengt huet, d'Land sténg kuerz virun engem finanzielle Ruin.

Mir waren deemoools als Gréng net där Meenung an dofir hu mer och net do matgesongen, dass d'Land virun engem finanzielle Ruin sténg, mä mir waren awer och émmer skeptesch, dass d'Recetté vum Stat esou gutt dóstengen, wéi dat oft no baussen duergestalt ginn ass.

Ech ginn elo dovun aus, dass de Kassensturz gemaach ginn ass während de Koaliounsvverhandlungen. Mech géing et emol interesséieren ze héieren, wat dann dobai erauskomm ass, ob d'Sozialistesche Partei an hire Kassandra-Riff vu virun de Wahle Recht kritt huet an ob de Budget fir 2004, wat d'Realitéit ubelaangt, wat bei de Recetté wierklech den 31. Dezember, wann ofgeschloss gétt, ze erwárden ass, deenen negativen Entwicklungen entsprechen, déi si émmer vermut hunn, respektiv ob fir 2005 d'Previsioune wierklech esou schlecht sinn.

Dat si wichtig Donnée! Wa mer wéllle verschidden Décisiounen jugéieren, déi am Koaliounsofkommes enthalte sinn, ob déi se finanzéiere sinn an den nächsten Jahren, dann ass et wichtig, dass mer Opschloss kréien. Mir hunn déi net kritt am Koaliounsofkommes an och net an de Rieden.

Här President, et ass fir eis als Gréng wichtig ze wéissen, a wat fir eng Richtung des Majoritéit wéllt goe wa se verschidde Projeten an deenen nächste Jore wéllt finanzéieren.

Et steeet zwar a verschidene Passagen, dass dés Regierung d'Statsschold wéllt weider esou niddreg halen. Dat ass sécherlech e gudde Virsaz an dat ass och einfach gesot. Sollten d'Recetté bei de Steieren awer weider net spruddelen an deenen nächste Jahren, da wáerte mir awer emol gespaant sinn, wéi verschidde Saachen, déi mer haut am ordinäre Budget stoen hunn, respektiv verschidde Saachen, déi mer décidéiert hunn am pluriannuellen Investitionsprogramm, wáerten ze finanzéiere sinn. Mir hu bis elo keng Kloer Aussoen dozou kritt.

Dés Regierung seet och net wat se da wierklech wéllt maachen, wa festgestallt gétt, dass d'Enner net méi beienee ginn, wa mer d'Statsschold wéllte weider niddreg halen. Wa mer awer zur gláicher Záit keng

Steiererhéijunge wélle virhuelen, souguer nach weider liicht Reduktiounen am Steiersystem wélle virhuelen, wa mer gláichzäiteg wéllen de Sozialéat am ordinäre Budget vum Stat esou héich hale wéi en haut ass - an ech brauch jo sécher kengem heibannen ze soe wéi héich en ass -, da muss een eis wann ech gelift soen, wou d'Regierung déi Gelder wéllt hierhuelen, fir dat alles ze finanzéieren. Keng Antwort hu mer bis elo kritt op déi dote Froen!

Et muss een och soen, dass et erstaunlech roueg ginn ass zénter dem 14. Juni am sozialistesche Lager, well téschent Januar 2004 an dem 13. Juni 2004 huet et geheesch, d'Land steeet virun der finanziellem Katastroph, de Chómage gétt onerdéiglech, d'Ekonome ass total agebrach, et muss e Ruck duerch d'Land goen an esou weider an esou fort. Ech kénnt hei eng endlos Panoplie vun Zitater weiderféieren. All déi dramatesch Beschreibunge schéng, esou wéi et ausgesait, net méi ze stémen.

Weder d'Regierungserklärung nach de Koaliounsofkomme maachen esou eng dramatesch Analyse. Och deen ominöse Sommet de la relance, dee jo direkt déi éischt sechs Méint no de Wahle sollt zu engen Mobilisierung vun wirtschaftlecher Phantasie a Kreativitéit feieren, ass an der Versenkung verschwommen. Dofir fanne mer awer an dem Koaliounsofkomme, wéi iwwregens an alle Koaliounsofkomme virdrun, vill gutt gemengten an awer wéineg konkret Allgemeinplätz zur wirtschaftlecher Diversifizierung.

Eis Economie muss och weiderwuessen an Zukunft, mä mir vermessen awer an désem Koaliounsofkomme dat, wat een hätt misse maachen, wann een engersáits net wéllt egal wéi wuessen, an anersáits déi Potenzialitéit wéllt detektéieren, déi fir eist Land erreichbar respektiv sénnvoll sinn. Eng genau Bestandsopnahm vun der aktueller Situations, eng seriö Bebeschreibung vun eise wirtschaftleche Stärkten a Schwächen, als Basis fir eng Strategie vun wirtschaftleche Promotioun an Diversifikatioun a Richtung vun deenen Zukunftsprodukter a Marchéen, dést ass d'Viraussetzung, fir dass désen Challenge och ka geléngent.

Mir hunn awer eescht Zweifel, ob d's Regierung dee Wee wéllt aschloen, well mer leider musse feststellen, dass hei am Land der Politik de Courage feelt, fir d'Schwäche vun eiser Economie sachlech ze diskutéieren, well wann een iwwert déi diskutéiert, da muss een och iwwer Feelentscheidungen aus der Vergaangenheit diskutéieren. Dat ass bedauerlech, well Feeler a Feelaschätzung mécht jiddferee. Dat ass menschlech, an et ass eiser Meenung no och guer keng Schan, politesch Feeler anzegestoen.

Au contraire, mir sinn als Gréng der Meenung, et éiert e Politiker oder eng Partei, wa se zur kritischen Hannerfrong an zur kritischen Bestandsopnahm fäeg sinn. Well awer wéineg Bereetschaft do ass fir d's kritesche Bestandsopnahm vun der wirtschaftlecher Entwicklung hei am Land ze maachen, huet d's Regierung décidéiert, an der Kontinuitéit vun deene virdrun, weider op d'banal All-dagsgestioun ze setzen anstatt op eng innovativ Opbauéstimmung.

Mir stellen eis och d'Fro, Här President, wéi et dann ass mat engem anere wichtegen, zumindest vun engen vun de Koaliounsparteie gemaachte Wahlkampftheima, námlech der Liberalisierung vun eiser Economie. Et héiert een net méi vill an et liest een och net ganz vill an désem Ofkommen wat dann déi genau Positioun ass vun déser Regierung zu der Liberalisierung. Wéi steeet d's Regierung zur Bolke-Direktiv zum Beispill?

An och, Dir Dammen an Dir Hären, de Lissabon-Prozess huet sécher eng ganz Rei interessant a positiv Usatz, mä en huet der och, déi et a sech hunn, am e beschreift och e ganzt Kapitel iwwert d'Liberalisierung vun der Ekonomie.

Wat heesch dat dann elo wa mer eis zum Zil setzen, am Kader vun der Létzebuerger Présidence zum Beispill, fir ze versichen e grouss Schwéierge wicht ze leeën, fir de Lissabon-Prozess weiderzedreien? Heesch dat, dass Létzebuerg versicht, némmen Deeler dovu weiderzedreien, oder och zum Beispill déi dote Punkten? Alles dat si Punkten op déi mir gáre prezis Antworten hätten, ier mer kennen en definitive Jugement offinn, bei deem bésse wat mer bis elo an deem Text hei stoen hunn, wéi mer des Regierung ze jugéieren hunn.

Zweete Punkt, Här President: d'ökologesch Modernisatioun. Déi ökologesch Fro ass an der Té schenzt eng Iwwerliewensfro fir d'Méenschheet ginn. De Schutz vum Klima, eng gesond Loft, proper Waasser fir ze lieuen, gesond Liewensmétellen, de spuersamen Émgank virun allem mat den net ernebaren natierleche Ressourcen, all dést sinn zentral Politikfelder vum 21. Jorhonnert!

Déi a sech banal kléngend Slogane vun de gréng Parteien aus dem Enn vun de 70er an dem Ufank vun den 80er Jore si méttler-weil bedrohlech konkret ginn. Dee vu Méenschenhand verursachte Klimawandel zum Beispill, dee fánke mer net némmen zolidd un ze spieren an en ass wéssenschaftlech kaum nach émstridden, mä en huet spéitstens no Kyoto och eng seriö wirtschaftspolitesch Dimension.

Wann hei gesot gétt, mir dierfen an der Zukunft, wa mer iwwert d'Émsetzung vum Kyoto-Protokoll diskutéieren, net némmen ausschliesslech op d'Fräikafen an d'Akafé vun Emissionsrechter setzen, dann ass dat eigentlech eng banal Feststellung, well mir wéssen allegueren, éischtens, dass de Kyoto-Prozess an de Kyoto-Protokoll némmen déi éischt Phas war vun dem CO<sub>2</sub>-Reduktionsprogramm, deen d'Méenschheet an deenen nächsten 50 Joer wáert erwárden. Déi nächst Etappe gi längst op internationalem Plang diskutéiert.

A wann ech gesot gétt, mir dierfen an der Zukunft, wa mer iwwert d'Émsetzung vum Kyoto-Protokoll diskutéieren, net némmen ausschliesslech op d'Fräikafen an d'Akafé vun Emissionsrechter setzen, dann ass dat eigentlech eng banal Feststellung, well mir wéssen allegueren, éischtens, dass de Kyoto-Prozess an de Kyoto-Protokoll némmen déi éischt Phas war vun dem CO<sub>2</sub>-Reduktionsprogramm, deen d'Méenschheet an deenen nächsten 50 Joer wáert erwárden. Déi nächst Etappe gi längst op internationalem Plang diskutéiert.

An da muss ee sech natierlech och do d'Fro stellen, onofhängig vum Fait, dass et quasi moralesch iwwerhaapt net méi ze vertrieben ass, dass e ráicht Land wéi Létzebuerg sech do dauernd fräikafen geet, dass dat och en zolite Nidderschlag wáert hunn op de Stats-budget! Da muss ee sech och do d'Fro stellen, wou een déi Sue wáert hierhuelen.

**Une voix.. Très bien.**

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Här President, déi Länger, déi hir Hausaufgabe konsequent maachen, déi leeschten net némmen e wichtige Beitrag fir de Klima, mä si bereeden hiren ekonomische Standort op d'Zukunft vir a verschafe sech doduerjer optimal wirtschaftlech Standortkonditiou-

nen. Déjeuneeg Länner, déi dat haut verkennen, déi maachen d'Rechnung - wéi een esou gutt op Lëtzebuergesch seet - ouni de Wiert an déi wäerten eng Kéier deier missen duerfir bezuelen!

Déi Länner awer, déi hir Hausaufgabe maache wäerten, déi wäerten an deem Ganzen do méttelfrissteg Wirtschaftsstandevertvirdeeler erausschloen a si wäerte laangfristeg gutt préparéiert sinn. Mä doriewer eraus gesinn, Här President, ass et fir eis als Gréng skandaléis, dass dee Sujet do nach émmer esou falsch ageschat gétt an esou op d'lucht Schéller geholl gétt, well am Endeffekt liewe mer souzesoe selbstgefälleg haut op Käschte vun der nächster Generatioun.

Lëtzebuerg huet bis haut leider zur zweeter Kategorie gehéiert, déi selbstgefälleg op Käschte vun der nächster Generatioun gelieft huet, Här President, an de Koalitionsprogramm vun der CSV-LSAP-Regierung léisst éischter befierchten, dass mer och an Zukunft weider zu dár Kategorie wäerte gehéieren. Mir sinn awer gar bereet, eis eppes Besseres beléieren ze loossen. Mir hoffen et och staark wann nach eppes sollt an deem dote Kontext nogereecht ginn. Mä mir sinn am Moment op alle Fall äusserst skeptesch.

Dés iwwerliewenswichteg Generatiounenaufgab wäert och an deenen nächste fennet Joer net konsequent eiser Meenung no ugepaakt ginn. Dass de Klima- an Energiewandel weltwäit och eng enorm ekonomesch Eraisfuerderung an awer och eng enorm Chance ka bedeiten, wann een et richteg upeekt, dat gétt nach émmer net richteg verstan. An dat wat mer am Moment jo virdemonstreert kréien am Energieberäich, dee jo en zentraal Element ass an der Diskusioun ronderém de Klimawandel, nämlech déi steigend Pétrolspräisser, dat ass fir eis eigentlech als Industrieniounen e Virgeschmaach op dat wat op eis zoukennet an 30 oder 40 Joer, wa mer et net färdeg bréngen, aus dár Ofhängegekeet vun deene fossilen Energieträger erauszkommen.

Haut sinn d'Uelechpräisser natierlech nach net esou héich, wéi wa schonn d'Vernappung esou kloer wär, dass mer - ech weess net - an 10 oder 15 Joer kee Pétrol méi hätten an doduerch de Práis géing klammen, mä et huet eng ganz Rei aner Grénn. Et huet awer och haut schonn e Grond vun der Demande, nämlech dee vum haapsächlech chineseschen an asiatesche Raum, dat wësse mer allegueren, well d'Demande däermoosse grouss ass do, a vu que dass d'Maartwirtschaft net méi esou fonctionnéiert wa vun engem Rohstoff d'Demande vill méi grouss ass wéi déi Offer, déi am Moment do ass, dann ass et kloer, da steigt de Práis an d'Onendlecht, da komme Spekulatiounselementer dran. Dat ass dat wat mer haut hunn.

Mä Dir kénnt awer dovunner ausgoen - all wéssenschaftlech Studien hunn awer längstens berechent wéini plus ou moins den Dag kénnt dass d'Reserven ufánken erschöpfzt ze ginn, an da kénnt Der lech virstellen, wa mer et bis dohinner net färdeg bréucht hunn - an dat ass net an 200 Joer, mä dat ass vill méi nobäi wéi mer dat mengen, a wahrscheinlich wann d'Entwicklung an deenen asiatesche Länner zum Beispill esou rasant wieder geet, wäert et nach vill méi séier nobäi kommen -, da kénnt Der lech drop gefaasst halen, wat dann an der europäischer oder der nordamerikanischer Ekonomie zum Beispill geschitt.

A wa mer duerfir deen Défi vun der Energieeffizienz oder fir d'Energieeffizienztechniken ze fördern net an deenen nächste Jore gelést kréien, da wäert et eis schlecht ergoen. Par contre wa mer en haut offensiv uginn, da wäerte mer zu deenen Industrielänner gehéieren, déi genau déi Technike wäerte kénnen entwéckelen an och mat

promovéieren an domadder och nei Exportmäert kénnen erreechen, déi souguer kénnen dann nach dozou báidroen, dass eis Wirtschaft dann an engem positive Sénn weiderwisst. Et sinn enorm wirtschaftslech Potenzialer an der Energieresolutioun dran enthalten. Bis elo hu mer se hei zu Lëtzebuerg an der Politik nach émmer net richteg entdeckt. Mir fannen dat méi wéi bedauerlech a mir hätten op jidde Fall, wa mir an eng Regierung komm wären, op deen dote Punkt ganz staark insistéiert.

Et ass och relativ onkloer wat déi Gesamtstrategie oder konkret Strategie vun der Regierung an deem dote Domän ass. An zum Beispill ee Strategieelement, dat dozou gehéiert, keen onwichtegt, wat bis elo en Acquis eigentlech war an der gesamter politescher Klass an deene leschte 15 Joer, dat ass elo mat engem Fiederstréch ganz vum Desch verschwonnen, nämlech dat vun der ökologescher Steierreform. Et gétt einfach net verstan hei an deem Land, dass éischtens emol d'ökologesch Steierreform wichteg ass fir den ökologesche Reconversionsprozess ze begleede vun eiser Ekonomie, mä dass och en enke Lien besteet téschent der ökologescher Steierreform zur Sozialpolitik, a virun allem och an Zukunft zur Finanzierung vum Sozialstat.

Zenter 1989, Här President, stoung an all Regierungsaaccord dran, dass eng ökologesch Steierreform sénnvoll a wichteg wär. 1989 bei der deemoleger CSV-LSAP-Regierung war et e wichteg Kapitel. Ech liesen dat elo net vir, well esou vill Zait hunn ech net. Ech hunn dat hei viru mer leie wat deemools den Här Santer gesot huet. Duerno ass dat émmer erém iwwerholl ginn.

Et ass och esou, dass och vum Premier- a Finanzminister méi wéi eng Kéier an deene leschte Joeren op dat wichteg Instrument do higewise ginn ass. En huet an engem Artikel am „Forum“ gesot, no de Wahle vun 1999, ech zitiéieren: „Unsere Politik ist und wird immer mehr sein, gegen den Widerstand breiter Bevölkerungskreise Energie stärker steuerlich zu belasten. Es gibt keinen anderen Weg. Arbeit ist rar und Energie wird zurzeit sehr vergeudeut.“ An dann, ech zitiéiere wieder: „Daraus resultiert für die Steuerpolitik der doppelte Imperativ, dass Arbeit entlastet und Energieverbrauch belastet werden muss.“

A kuerz duerno an engem Interview am „Télécran“ huet e souguer gesot: „Ich halte es nach wie vor für eine kollektive Fehlleistung der Regierung, dass wir an den Ökotaxen gescheitert sind.“ Dat sinn der elo némmen zweete. Ech hätt der kénnen eng ganz Serie eraushuelen, mä...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dat ass eng Koalitionsaccedi, Här Bausch!

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Géift?

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dat ass eng Koalitionsaccedi.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Déi hätte mer misse mol kucken, wéi mer déi énnerkritt hätten, jo!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- E bésse méi, da wier et gaang. D'nächste Kéier ginn ech bei lech mat, da geet et.

#### (Interruptions diverses)

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech men gen, déi vill Zitationen do, ech hätt der wéi gesot nach eng ganz Rei kénnen derbäi erauszéien, déi ech hei opgefouert hätt. Et sinn entre-temps och eng ganz Rei Studie bezuelt gi vum Stat, vun der Regierung respektiv vun deene

jeeweilege Majoritéite bestallt ginn an och émmer immens begréisst ginn. All déi Studien, eng rezent nach, kuerz virun de leschte Wahlen, och déi wäerten am nächsten Tirang an der Versenkung verschwanden.

2004 op alle Fall, Här President, fanne mer a kenger Zeil am Accord de coalition méi d'Méiglechkeet vun der ökologescher Steierreform erwähnt. An och do si mer der Meenung, dass et eng komplett Verkennung ass vu Méiglechkeiten a Potenzialitéiten, déi sech do hannendru verstopppt.

Drétté Punkt, Här President, Liewensqualitéit a Verbraucherschutz. Mai Kolleg Camille Gira huet géschter zu mer gesot, dass e sech nach kéint drun erënneren, dass eng vu sengen éischtchen parlamentareschen Aktiounen war, déi e gemaach hätt, wéi en 1994 an dës Chamber gewielt ginn ass, eng Motioun eranzbréngent, fir d'Regierung opzefuerderen, eppes ze maache géint déi onerdrágglech Belaaschtung duerch de Buedemozon. Wien déi lescht Deeg d'Zeitunge gelies huet, dee konnt feststellen, mir si jo elo zéng Joer duerno, dass d'Buedemozonbelaaschtung nach émmer déi nämlech Rékordhéichten erreichet. Déi Periode ginn och émmer méi laang. Si fannen och émmer méi fréi schonn un.

Den Énnerscheid téschent 2004 an 1994 ass deen, dass d'Regierung kaum nach Notiz vun dëser traureger Realitéit hält an dass ei-

gentlech higeholl gétt, dass dës besonnesch grave gesondheetsbelaaschtend Loftbelaaschtung einfach esou weidergeet. Weder déi al CSV-LSAP-Regierung noch d'CSV-DP-Regierung a scho guer net déi Neioplak vun der aler CSV-LSAP-Regierung huet e Konzept, wéi d'Qualitéit vu Loft, Waasser a Buedem soll verbessert ginn. Am Koalitionsaccedi stinn e puer Allgemeinplätze dran. Dat sinn déi Allgemeinplätze, déi mer bis elo émmer fonnt hunn an alle Koalitionsaccorden. Mir gleewen net dorunner, dass et färdeg bréucht gétt mat esou Allgemeinplätzen déi dote Problemer an den nächste Joeren an de Gréff ze kréien.

Au contraire, Här President, et gétt esouguer een Domän, do huet d'LSAP, zumindest wéi se an dës Koalition eragaangen ass, sech net némme missen op de Kéenn späize par rapport zu dem wat se déi lescht fennet Joer gesot huet, mä virun allem wat se nach virun dräi, véier oder fennet Woche virun de Wahle gesot huet, dat ass d'Waasser. Dir wésst alleguer, dass mer eng grouss Reform vun der Gestiou vum Waasser gemaach hunn an der leschter Legislaturperiode, an do war ee Punkt extrem stark contestéiert, dat ass dee vum Waasserwirtschaftsamt. Do huet d'LSAP sech zu Recht an der leschter Legislaturperiode ganz stark gemaach.

Den Här Bodry huet, ech ka mech nach erënneren, an der Conférence des Présidents hate mer laang Diskussionen doríwwer, ob mer déi Interpellatioun nach sollen unhuelen. D'LSAP huet zu Recht dorobber insistéiert, dass se ugeholl ginn ass, a mir hunn hei nach kuerz virun de Wahlen eng grouss Interpellatioun zousätzlech zu dem Gesetz diskutéiert, wou ee vun de Knackpunkten dee war, dass ei-gentlech den Émweltministère eng vu senge wichtegste Kompetenzen ewechgeholl kritt huet vun dëser Regierung, doduerch eigentlech immens geschwächt gi wär. Ech sinn och dovun ausgaangen, dass selbstverständlech bei dëser Regierung dat géing geännert ginn.

**(M. Laurent Mosar prend la Présidence)**

Wéi grouss war eist Erstaunen natierlech, mir hu laang emol gesicht an den Texter fir iwwerhaapt ze fannen, wou dat Ganz dann elo sollt

ugesiedelt gi sinn, a wéi mer du bis déi Annexen à la Déclaration gouvernementale kritt hunn, dunn hu mer misse gesinn, dass de Punkt 5, Gestion de l'eau, énnert dem Punkt 13, Ministère de l'Intérieur, stoung. Dat heescht, dat wat nach dräi Woche virun de Wahlen hei zu enger vehementer Diskussioun gefouert huet - ech hat mer d'Méi gemaach och do vill Saachen nozésische wat den Här Bodry alles hei opgezielt huet a senger Interpellatioun. Ech erspueren lech awer déi Detailer, ech soen lech just herno wat e gesot huet iwwert d'Demokratesch Partei, déi d'accord war fir dass dat deen deemoools esou géing gemaach ginn, well dat fannen ech ass derwáert, dass een dat zitéiert.

Also wéi gesot, alles dat wat hei opgezielt ginn ass, och sämtlech Émweltorganisatiounen sinn à témoin geholl ginn, war dräi Wochen duerno net méi richteg an et ass alles beim Ale bliwwé bei dëser Regierung. Och do, wéi gesot, kee Millimeter anescht. Deemoools huet den Här Bodry zum Ofschloss vun enger vu sengen zwou Rieden, déi en do gehalen huet, iwwert d'Véhale vun der Demokratesch Partei gesot: Op jidde Fall si si matgaangen a si wäerten och matgehaange ginn. Ech iwwerloossen der Chamber respektiv der LSAP de Jugement, wat dann no dëser Regierung mat der LSAP geschitt an deem dote Beräich.

Här President, et ass och esou, dass net némme wat elo Loft-, Buedem- a Waasserqualitéit oder de Schutz dovunner ueget wéineg oder keng Impulser komm si bei désem Koalitionsofkommes. Och bei engem aneren Domän, wou vill diskutéiert ginn ass an der leschter Legislaturperiod, wou leider och schonn erém eng Kéier vill ze vill Saachen an de Vergless gerode sinn, déi am Zesummenhang stimat der Liewensmëttelsécherheet, verschidde Krisen, déi mer haten, déi leider schonn erém verdrängt gi sinn, muss ee feststellen, dass net vill Konkretes an désem Koalitionsofkommes drasteet iwwert d'Liewensmëttelsécherheet, iwwert d'Liewensmëttelqualitéit.

Et gétt keng kloer Strategie. Och dee vu ville Säiten, och vun der LSAP, gefuerderte Verbraucherschutzministère ass net geschafé ginn, a mir mengen, dass dat dramesch Konsequenzen net némme fir d'Consommateuren huet, mä och fir déi puer national a regional Produzente vu qualitative Liewensmëttelen hei zu Lëtzebuerg, déi mer nach entre-temps hunn, déi iwwreg bleiwen.

An därselwechter Logik, Här President, géift natierlech och grad kee Lien gemaach téschent Émweltbelaaschtung, gesonder Ernährung zum Beispill a Preventivmedezin. Mir waren zu engem gewëssene Moment an eiser Fraktioun positiv iwwerhasscht, wéi mer éischt Signaler héieren hunn no engem Presserbriefing, dass dës Regierung géing e besonnescht Schwéierge wichtlee op d'Preventivmedezin. Wéi mer awer du gelies hunn, wat konkret am Koalitionsofkommes drasteet, dunn hu mer misse feststellen, dass och do eigentlech just némmen eng Fortférjung vun deem ass wat an dár viregter Regierung geschitt ass.

Preventiv Énnersichunge vu Kribskrankheete ginn ausgedehnt, et gétt och eng Rei nei Vaccinatiounen-programmer beschriwwen. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, dat wat mir énnier Preventioun verstinn, nämlech Preventioun am Sénn vu Verhënnerung vu Krankheeten duerch d'Bekämpfung vun den Ursachen vun de Krankheeten, ass och an deenen nächste fennet Joer fir dës Regierung keen Thema. An och dat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet net némme Konsequenzen, leider dramesch Konsequenzen fir d'Gesondheet vun eisem Vollek, mä och dramesch Konsequenzen fir d'Gesondheet vun deen, déi abezuelen, dramesch zugeholl huet.

Véierte Punkt, Här President, d'sozial Sécherheet erhalten. Och wann ech verschidde Leit vlächt op d'Nerve ginn, well d'BIT-Étud jo an der Téschenzäit an der Versenkung verschwommen ass, esou bleiwen déi Gréng awer der Meenung, dass mer eis eeschthaft Gedanke musse maachen iwwert déi laangfristeg Finanzierung vun eise gesamte Sozialversicherungssystemer an aise Pensioンssystemer am Besonneschen. An et ass relativ kloer: Déi Gréng wéllen, dass mer de Solidarmodell, wéi en haut be-steet, erhalten. Fir dass mer deen awer kénnen erhalten, musse mer iwwert d'Diskutéieren. Wa mer dat an deenen nächste Joren net maachen, da wäert dat zu desastréise Konsequenze féieren an iergend-wann eng Kéier zur Ofschafung dovu féieren, an da komme mer deen Leit entgéint, déi souwisou némmen dorobber aus sinn. Ech kommen nach dorobber ze schwätzen.

Mä ech menge wann een iwwert d'Problemer, déi sech stellen, schwätzt, dann ass et vlächt interessant awer och emol éischtens e mini-historesche Réckbléck ze maachen, wéi eis Sozialversicherungssystemer iwwerhaapt entstanne sinn, wou den Ursprung ass an och wéi se sech entwéckelt hunn, fir doraus erauszeelen, wat dann den eigentleche Problem ass, dee sech haut stellt, a fir duerno natierlech awer och zu enger Mesure ze kommen, déi dës Regierung tréfft, déi eiser Meenung no méi wéi fatal Konsequenzen huet.

Dir wésst et vlächt allegueren, ech soen lech do násicht Neies, hoffen ech zumindest, dass eis Sozialversicherungssystemer den Ursprung 1891 hu bei de Bismarck-Gesetzer an Däitschland. Dee ganzen Umlageverfahren, dee ganze solidaresche Modell ass do erfonnt ginn. Deemoools ass och déi Rentenaltersgrenz vu 65 Joer festgeschrifte ginn. Den Duerch-schnëttliewensalter 1891 war awer natierlech némme 45 Joer. Dat heescht et si rose wéineg Leit, déi vun deene Renten, déi deemoools bei deem System do agefouert gi sinn, profitéiert hunn. Mir haten also e Verhältnis bei den Anzuelungen zu de Leeschtungen, déi erausgezu gi sinn, dat méi wéi eendeiteg zu Gonschte vun den Anzuelunge war.

A wann een einfach emol géing plakativ dat Ganzt vun deemoools op haut iwwerdroen, wat natierlech falsch ass, mä einfach némme fir ze veranschaulechen, mengen ech, dass jidderee verstéet op wat ech wéll erauskomen, wou de Problem sech stellt. Dann ass et esou, dass mer jo haut eng Duerch-schnëttliewensalterwaardung hu vun 80 Joer, dat heescht bal dat Duebelt vun deemoools, a wa mer d'Situatioun duerfir vun 1891, dat heescht de System genauso wéi e fonctionnéiert huet 1891, op d'Situatioun vun haut géingen iwwerdroen, fir dat nämlech Resultat ze kréie bei de Recetten a bei den Dépenses, da missete mer de Rentenalter haut op 95 Joer eropsetzen.

Elo ass et natierlech esou, dass d'Renteleeschtungen haut vili méi héich si wéi deemoools nach derbäi, wat jo natierlech och erém anersäts d'Resultat ass vun enger wirtschaftlecher Entwicklung, vun enger Émverdeelung vum wirtschaftleche Räichtum, déi hir Be-rechtigung huet, mä eppes un dár Feststellung ass awer richteg, an dat ass eigentlech och dat Drama-tesch bei deem Ganzen, dat ass dass d'Leit net némme vili méi laang profitéiere vun deem Renten-alter, mä och nach de Rentenalter insgesamt wáit énnier 65 gefall ass, dat heescht dass d'Unzel vun de Rentner, dat heescht d'Unzel vun de Leeschtungsempfänger géignen vun deenen, déi abezuelen, dramesch zugeholl huet.

Mir hunn haut am EU-Duerch-schnëtt op ongefér 4,5 Leit, déi abezuelen, eng Persoun, déi Leeschtungen empfánkt. Et gétt

geschätzt - an dat si Schätzungen, déi vun Ekonomiste gemaach gi sinn a ganz Europa, déi baséieren op ganz reellen Zuelen -, dass ab 2013, dat heescht ab deem Datum, wou déi sou genannte Babyboomer wäerten an d'Pensioun goen, dat heescht déi, déi no 1947 gebuer gi sinn - dat si mir allegueren -, wann déi bis iwwer 65 Joer sinn, da wäert d'Resultat do sinn, Här President, dass ab 2030 op ongefährer 1,7 Leit, déi abezuelen, ee Rentner kënnt.

Dat heescht, déi Entwicklung do ass evident. Déi Alterspyramid ass amgaangen ze kippen, an déi wäert an deenen nächsten zwanzig Joer dramatesch kippen. Dommader riskéiert déi laangfristeg Finanzierung vum solidaresche Generatiounemodell a Fro gestallt a gefährdet ze ginn.

Léisungen, déi bis elo proposéiert gi sinn an deenen eenzelne Länner an Europa - zu Létzebuerg hunn ech nach iwwerhaapt keng héieren dofir -, dat si gréssstendeels farfeluér. Et gëtt elo an Dáitschland vill dorriwwer diskutéiert - wa se d'Suen hätten am Statsbudget, hätte se et och wahrscheinlech scho längst gemaach -, et misst méi e groußen Undeel vu Fiskalisierung kommen. Dee Modell hu mir zu Létzebuerg scho laang. Mir wësste jo, dass zu Létzebuerg haut schonn een Drëttel vun de Recetté bei de Pensiounskese fiskalisiert ass.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ah, bon?!

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Wat heescht hei „ah, bon“, Här Premierminister?

#### (Interruption)

Ech muss lech just soen, ech hu mer jo geduecht, dass Der géingt dorobber reagéieren.

#### (Interruption)

Dir hutt jo gesot, wann Ären eventuelle Koalitiounspartner net d'accord gewiescht wär, fir d'Finanzierung vun der Mamerent iwwert d'Rentekeesen ze bezuelen, dann hätten de Stat se vläicht selwer weider iwwerholl iwwert de fiskale Wee, mä dann hätten Der einfach de Beitrag vum Stat deementsprechend gekierz, deen de Stat gëtt bei de Cotisationen an d'Rentekeesen.

Ech muss lech soen, ech hätt lech „bonne chance“ gewünscht mat Ärem aktuelle Koalitiounspartner, esou eppes wéi dat doten auszehandelen, wann een den Historique vum Rentesystem kennt, wéi e sech entwickelt huet, a wann een och d'Logik versteet, firwat dass deen Drëttel do fiskalisiert ass.

Ech brauch jo keen heibannen ze erënneren - et sëtzet zwar een heibannen, dee sécherlech en historisch gutt Gedächtnis huet an dee weess, wat fir eng Streiker téschent 1970 a 74 waren, wou wichtig Décisioun geholl gi si fir de private Rentesystem, wat d'Finanzierung ubelangt. Ech hätt awer emol gär deejéinege gesinn, deen et fäerde bruecht hätt, fir de Modell, dee mer zu Létzebuerg vun der Finanzierung hunn, a Fro ze stellen.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Deen ass vun 1984 an net vun 1974. Dat war een éische Renthësch. Deen zweete kënnt nach.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dat war den éische Renthësch. Dir hutt Recht, et waren zwou Etappen, mä egal. Et ass historesch zu Létzebuerg gewuess, an Dir wësst och firwat.

Létzebuerg, Här President, huet also déi Spezifissitéit schonn, déi Verschiddener am Ausland eigentlech sech wënschen. Mir sinn och der Meenung, dass dat richteg esou ass, a mir fannen och, dass dat dobäi soll bleiben.

Mä et gëtt awer nach een anert Element, wat wichtig ass a wat eigentlech och beleet, firwat dass mer am Moment déi grouss Surplusen an eise Rentekeesen hunn, dat ass well den Emploi intérieur zénter 15 Joer zu Létzebuerg enorm ugestiegen ass, bai wäitem méi - et gëtt keen anert Land an Europa, wat dee Luxus hat wéi mir zu Létzebuerg, wou trotz steigende Chômagezuele permanent den Emploi intérieur gestiegen ass.

A wann hei gesot gëtt: Très bien, dann ass dat richteg a jiddfereen ass dorriwwer vläicht frou, mä déi Plus-value de Recetten, déi sech do eragespultt hunn an déi Pensiounskeses, do sti Leit hanndrun, déi eng Kéier wäerte verlaangen, dass och dofir Leeschung bezuelt ginn. An déi Leeschungen, déi se gären eng Kéier dofir hätten, dat sinn déi, déi se haut versprach kritt hunn. Si wëllen net, dass se wahrscheinlech an 20 oder an 30 Joer op eemol gesot kréien: Well iergendeng Regierung eng Kéier gewëssen Aktioune gemaach huet, ass et elo esou, dass gewësse Recetté feelen, déi Dir vläicht abezuelt hutt, an dofir kënne mer lech déi Renten net méi ausbezuelen. Déi Zéngdausende vu Beschaftigte wäerten an 20 oder an 30 Joer, wéi gesot, Leeschung verlaangen.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Wéi ass et dann elo fir d'Capitaldeckungsverfahren?

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech trieden net an... Ech kommen nach dozou, wann Dir lech e bësse gedëllekt.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Jo, dat ass esou schwéier!

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dat ass manner komplizéiert. Wann ee sech e bëssen domader auskennt, ass et manner komplizéiert, wéi een et mengt.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Loosst d'Renten a Rou.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, mir hunn dauernd iwwert d'Mooss en héijen Ustieg gehat vun eisem Emploi intérieur. Déi Verfälschung vun der Realitéit vun deem Problem do mécht, dass gemengt gëtt, et wäre wesentlech méi Gelder an de Keeßen, mir hätten einfach Gelder ze vill an de Pensiounskeses do leien. Dofir gëtt och oft gemengt, et kënnt een dann emol jee nodeem e klenge Grëff doranner maachen an do e bësse Geld eraushuelen, fir aner Saachen ze finanzieréieren.

Här President, mir sinn och der Meenung als Gréng, dass, wann et net fäerde bruecht gëtt an deenen nächste Joren e gesonden Equilibre hierzestellen téschent de Sozialausgaben, déi gemaach gi fir déi Tranche vu Leit, déi énnner 65 sinn, par rapport zu deenen, déi iwwer 65 sinn, da soe mer lech vorau - dat wäerte mir heibannen net méi materliwen -, mä da gëtt et eng Kéier eng Chamber an 20 oder an 30 Joer, déi wäert politesch Konflikter misse géréieren oder moderéieren, wou et ganz schwéier wäert sinn, draus erauszekommen.

Et ass esou, dass den öffentlech-rechtechen Umlageverfahre vun eisem Rentesystem an och den öffentlech-rechteche Kranksystem, deen op der Generatiounesolidaritéit opbaut, muss erhale bleiwen. Mä leider leeft alles drop eraus, wat d'lescht Regierung scho gemaach huet, mä och wat déi elo vi run allem mécht, dass se deenen an d'Gräpp spilt, déi souwisou eigentlech esou séier wéi méiglech am lëifste géingen deen öffentlech-rechteche Regime ofschafen an en eben duerch e privat Kapitaldeckungsverfahren ersetzen.

Mir müssen dofir, eiser Meenung no, den Dossier vun den öffentlech-rechteche Sozialversicherungssystemer upaken. Mir müssen hei sachlech diskutéieren a mir dierfen net dat maachen, wat dës Regierung hei mécht, andeem se e Grëff an déi Keess mécht, fir och nach Saachen dorauser ze finanzieréieren, déi domadder eigentlech náischt ze dinn hunn. An ech ka mech och némme wonnen, well 1999 huet de Statsminister hei an enger Deklaratioun gesot, an enem Saz, ech zitéieren: „Mir hu kee Recht d'Reserve vun de Pensiounskeses zu Laaschte vun den nokommende Generatiounen auszeraiberen.“

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Allerdéngs!

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dee Saz do, Här Premierminister an Här Finanzminister, kënne mir haut némmen nach och énnerschreiwen. Mir sinn der Meenung, dass déi Gelder do geduecht sinn, fir dat ze finanzieréiere fir wat ze geduecht sinn, an dass et net kann esou sinn, dass eng Majoritéit sech d'Liewe méi einfach mécht an einfach esou op Käschte vun enger nächster Generatioun sech hir Mesuré finanzieréiert, déi si iergendwann eng Kéier zu engem Zäitpunkt - zwee oder dräi Joer virdrun - agefouert huet.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Vive l'égoïsme!

**Une voix.**- Très bien!

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dat huet mat Egoismus náischt ze dinn, Här Premierminister. Ech wéll lech just eent soen...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dach! Mir wëlle se a mir kréie se.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Den Egoismus, zu Recht gëtt hei gesot, éischteins, den Egoismus ass émgedréint. Mä eent wéll ech lech just soen: Déi Mesure do ass jo och am ominöse Joer 2000 agefouert ginn. An et war jo némmen eng Partei der Meenung, dass een dat doten iwwert dee Wee esou soll maachen, wéi et elo duerchgezu gëtt, dat war År Partei.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Jo.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Dir hutt et deemoools an enger Nacht- und Nebelaktioun gemaach. An enger Motzaktioun hutt Der nom Rentendësch, wéi Dir lech an År Partei sech do net duerchgesat huet, an deenen zwee Deeg duerno gesot: Dann ass et egal, da finanzieréiere mir dat eben iwwert de Statsbudget. Dir konnt dat deemoools natierlech liichtfankéig maachen, well mer am Joer 2000 waren, wou sech 40 Milliarden al Létzebuerg Frange Plus-valueén ofgezeechent hunn, respektiv 9% Wuesssum vum PIB waren. Ech behaapten, wann et zwee Joer duerno gewiescht wär, hätt Dir déi Décisioun iwwerhaapt net ge holl.

**Une voix.**- Très bien.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dir plädéiert viru géint d'Mamment, dat ass Åert gutt Recht.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Also, wësst Dir, ech kommen elo direkt op dee Punkt, wat mir gemaach hätten. Well ech muss lech éierlech soen, et ass eng Frechheet, dat dote Rent ze nennen.

**(Interruption)**

Well, ech wéll lech just némme soen, Dir hutt jo do de Leit Sand an d'Ae gestreet, déi dovunner profitéieren. Enner enger Rent versti mir als Gréng e Salaire oder e Revenu, deen et enger Persoun erlaabt, dezent am Liewensalter ze lieuen. Mä Dir wäert mer dach net wëllen verzien...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Wann eng Aarbecht net bezuelt gëtt, dann ass se fir lech náischt wäert. Sot dat.

#### (Interruptions diverses)

Déi, déi náischt hunn, sollen náischt kréien. Maacht et méi einfach an haalt keng laang Rieden.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Neen, mir wëlle gär hunn, dass mer zu enger Situations kommen, Här President, an och wann den Här Premierminister dat net wéll verstoen, well e weess hoergenee, wat ech mengen, ech hunn et scho mindestens 20 Mol hei erklärt...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech hunn lech och schonn 30 Mol geäntwert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- An ech schätzen en och als lucide genuch an, dass en et versteht.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech lech och.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech weess och, firwat en et hei net wéll verstoen. Mir hätten de Wee ageschloen, an dat hu mer um Rentendësch deemoools gesot, fir Léisungen ze sichen, dass herno all Persoun, ob Mann oder Fra, ob se geschafft huet oder net, e reellen Usproch op eng dezent Rent kritt. Dat heescht, mir hätten e System opgebaut, wou herno jiddfereen eng Eegeleeschtung huet. An als Iwwergankssituatioun hätte mer eis duerchweegs verschidde Sozialmesuré kënne virstellen.

Da wéll ech lech just eent soen - an dann halen ech awer mat deem Sujet op: Wann Dir schonn eppes wéll maache just fir déi, oder wann Dir elo gesot hätt, mir wëllen eppes maache just fir déi, déi et wierklech brauchen, dann hätte mir sécherlech nach gesot: Okay, dat ass an der Rei. Mä hei hutt Dir dat jo net gemaach. Dir hutt jo hei onnuanciéiert mat der Géisskan verdeelt. Dir hutt jo hei keng Bestandsopnahm gemaach a gekuckt, ob déi Persounen, déi dat dote kréien, et och wierklech brauchen. Hei ginn déi Sue wahllos verdeelt, egal ob do d'Verméigenssituatioun vun enger Famill ass, wou ee Millionär hannendru stécht, oder eng aarm Arbeiterfrau, déi sech hiert ganzt Liewe geplot huet.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Dat ass bei der punktueller Rentenopbesserung genau d'selwecht.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Jo, mä Dir hutt jo awer émmer gesot, dat hei géing net goen ém eng generell Rentenopbesserung, et géing drëms goen deejéinegen ze hellefen, deenen et an eiser Gesellschaft schlecht géing goen.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Neen, neen, neen! Et geet ém d'gläichberechtegt Unerkennung vun Aarbecht.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, mir kréien am Hierscht nach Geleeënheit genuch, wann dat ominéist Gesetz kënnt, dorriwwer ze schwätzen.

Ech kommen dann zum fénnete Punkt, dat sinn d'Infrastrukturen a Landesplanung. D'Émsetzung vum IVL muss d'Kársteck gi vun all zukünftiger Entwicklung hei am

Land, ass gemengt ginn am Regierungsaccord. Mir kënnten dat selbstverständlech als Gréng ném men énnerschreiwen, mä mir hunn awer och e puer grouss Fragezeichen, wéi dat da soll an der Praxis vir sech goen. Op alle Fall huet d'Koalitiounskommes par rapport zu deem, wat den Innenminister Wolter eis virdru schonn émmer presentéiert huet, eis net immens vill weiderbruecht.

Souguer am Géigendeel, de fréieren Innenminister huet eiser Meenung no zu Recht émmer gemengt, Létzebuerg hätt öffentlech Strukturen, déi eigentlech éischter un de Postkutschenzäitalter géingen erënneren. A well dat alles émmer virdrun zu Recht esou beschriwwen ginn ass, hu mer eis als Gréng zu mindest erwaart, dass bei der Neigestaltung vun déser Regierung dem IVL géing Rechnung gedroe ginn an dass d'Kompetenze vun de Ministère esou géinge reorganiséiert ginn, dass all déi Elementer, déi fir den IVL wichteg sinn, iergendwéi reggruppéiert ginn.

Mä wat stelle mer fest? Wat ass bei déser Regierung geschitt? Et ass alles quasi beim Ale bliwwen an och d'Ressorté si weider wéi virdrun op dräi Ministere verdeelt: een Innen- an ee Landesplanungs minister, een Transport- an Émwelt minister an ee Bauteminister. Mir hunn also eescht Zweifelen dorun ob d'Regierung de Wëllen huet, fir d'Strukturen, d'Methoden an d'Verwaltung definitiv aus deem sou genantene Postkutschenzäitalter erauszeféieren.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Och wat de Verkéier ubelaangt, wat hei geschriwwen steet, hu mer méi Fragezeichen um Blat stoen, wéi mer eis konkret kënnen Äntverte ginn. Wou leien dann elo déi eigentlech Prioritéiten? Et gëtt gesot Iwwert d'mobilitéit.lu: Mir brauchen net bei null unzefänken, dat gëtt weiderentwéckelt. Ech muss soen, dat wär jo och de Clou gewiescht, wa mer och do elo erém eng Kéier alles frésch a Fro gestallt hätten an erém bei null ugefaangen hätten. Dat kann ee jo net als Acquis verkafen, dat si Projeten, déi scho vun der Chamber hei gestëmmet si ginn.

Mä par conter si bei enger Rei vun anere Projeten, déi nach net gestëmmet gi sinn, mä déi zumindest awer am Kontext vu mobilitéit.lu schonn emol relativ kloer virgesi waren, Fragezeichen hanndrunt: déi nei Eisebunnsstreck Esch-Létzebuerg mat Verbindung zu de Frichen. Wou ass se dann? Mir hunn hei an den Texter versicht se ze fannen, dass dat eng Prioritéit war, mä mir hu se net fonnt. Ech hätt gären dorriwwer Kloerheet, wat dann do geschitt.

Dann d'Ubanne vum Zentrum vun der Haaptstad. Et ass natierlech lóbblech, dass hei drasteet, dass géing versicht ginn do eppes ze maachen. Mä wéi? Ech géing net hei erwaarden, dass hei misstrasten, wat soll geschéien, mä zumindest wéi et soll geschéien; dat hätt ech mer awer erwaart, dass dat hei géing drastoe kommen.

Och am Süden, wat déi transversal Schinnelinn ubelaangt fir d'Mobilitéitsbesoinen och am Süden ze befriddegen, geet keng Rieds dran. Et gëtt souguer momenterweis op eemol vun engem klassesch Tram am Text geschwatt - do hunn ech mer natierlech e Risetfragezeichen hannendru gemaach, wat dat elo erém soll bedeuten, ob mer elo nach en zousätzlech Verkéiersmëttel aféieren. Iwwert d'Zukunft vun der Eisebunng gi mer kee Komma méi gewuer wéi dat, wat mer souwisou woussten, an et gëtt einfach verwisen op déi Eisebunnsstripartite, déi elo soll am Hierscht aberuff ginn.

der Regierung gewuer ze ginn, mat wat fir engem Geesch a mat wat fir enger Strategie dann dës Regierung an déi Tripartite wëllt eragoen. An ech fannen awer och, dass dést Parlament e Recht huet agebonnen ze ginn an déi Diskussiouen, well do geet et jo awer och éischtens net némmen ém budgetär Mëttelen, mä do geet et ém villes wat eist Land betrëfft.

A vu que dass mer iwwerhaapt net fir fénnef Su Kloerheet de Moment hunn, wat dann d'genau d'Strategie vun der Regierung ass mat dár se wëllt an déi Verhandlungen eraugen, wëll ech hei, Här President, direkt eng Interpellatioun dépôsieren, déi gemaach gétt vu menge Fraktionskolleg Felix Braz, wou et ém d'Létzebuerger Eisebunn geet, wou mer direkt wëllen d'Regierung interpelléieren, dass se eis emol hei Opschloss am Hierscht gétt, a wéi eng Richtung dass se da wëllt an dár Tripartite do verhandelen.

An dann, Här President, froe mer eis och: Wat ass mat deem sou genannten RGTP-Gesetz, wat mer an der Chamber - mir zwar net, mä zu mindest d'Majoritéit vun der leschter Chamber - nach gestëmmt hunn? Hei war jo e regelrechten Opstand virun der Chamber, dat Gesetz misst zréckgezu ginn. Also do war awer kee gutt Hoer drubliwen, wann ech déi Rieden hei noliesen. Ech sinn dovunner ausgaangen oder ech hunn zumindest geduecht, och wann et net ganz zréckgezu gétt, da géing hei awer mindestens dostoent, op wat fir enge Punkten a wou genau dann elo dat Gesetz verännert gétt. Náisch!

Wat geschitt dann och elo zum Beispill mat der Proposition de loi vum leider vill ze vill fréi verstuerwene Kolleeg, dem Marc Zanussi, deen eng Géigeproposition de loi gemaach huet zu dem Här Grethen sengem Projet vun deemools, wou ganz interessant Saachen drastongen? Do stoung zum Beispill - ech wëll dat némmen erauszehuelen - een Artikel dran, dee seet, dass an Zukunft keen op dem Létzebuerger Schinnennetz dierft fueren, deen net deen heitege Statut, dee bei der Létzebuerger Eisebunn applicabel ass op d'Personal, géing applizéieren.

Wann ech awer elo anerersäits kucken, a wat fir eng Richtung dass ugefaange gétt ze diskutéiere bei der Eisebunn, da stellen ech mir d'Fro iwwert déi Proposition de loi, wat mat dár elo ass. Ech hu mer awer soe gelooss oder ech hunn esou d'Gefill, dass do och aner Handschrëfte mat um Wierk ware bei der Formulatioun vun dár Proposition de loi, an ech hunn och do e bëssen d'Gefill, dass eng Handschrëft entre-temps an der Chamber hei vertrueden ass. Ech sinn dann emol gespaant, wéi déi Diskussiouen wäert weidergoen.

Sechste Punkt, Här President, d'Schoulpolitik. Mir mengen als Gréng, dass een eng Schoul brauch, déi net ausgrenzt. Mir sinn effektiv der Meenung, dass do bausseen zu Recht d'Schoulreform dat Thema ass, dat de Leit, de Biergerinnen a Bierger am meeschten uewe läit, a mir haten eis awer erwaart, dass och - no-deem wat mer verschiddelech do gelies hunn - dës Majoritéit e bësse méi couragéiert un déi Saache géing erugoen.

Mir stellen awer fest, dass amplaz eng Schoulreform unzegoen, den autoritären däitsche Schoulmodell-system, dee mer hei zu Létzebuerg hunn, éischtter gefestegt gétt, wéi dass mer en opbriechen zu Gon-schte vun engem méi oppenen a méi innovative skandinavesche Modell. De System zum Beispill vun de Filièrë gétt net a Fro gestallt am Koalitiounsofkommes. D'Be-wäertungskrätre bauen och weider gross modò nach émmer op arbitràr Mechanismen op an d'Sétze-bleiwe kritt weider Virrang par rapport zum kreative Matduerchzéien.

Alles dat, Här President, si Saachen iwwert déi Schoulreform, déi

eis net immens erfreelech stëmmen an net immens hoffnungsvoll maachen. Och de Pilotprojet fir eng Ganzdagsschoul, dee virgesinn ass, fankt hannen amplaz vir un, eiser Meenung no, an en ass och vill ze vill laangfristeg ugesat, an e respektéiert virun allem d'Masse critique net, déi ee fir esou e Pilotprojet brauch.

An da froe mer eis eben, dat hu mer am Koalitiounsofkommes net erausfonnt: Wu soll dee Pilotprojet genau ugesiedelt ginn? Gétt en némmen an engem klassesche Lycee ugesiedelt oder gétt en am Klasseschen an am Techneschen oder némmen am Techneschen ugesiedelt? Dat fënnt een net eraus, a mir wäre frau, wa mer och do zumindest esou séier wéi méiglech Kloerheet kriten.

Siwente Punkt, Här President, mir brauchen eng Gesellschaft, déi integréiert statt ausgrenzt. A mir begriissen et jo selbstverständliche, dass d'duebel Nationalitéit elo vun déser Regierung agefouert gétt, mä mir müssen awer soen, dass, wann hei vun der Létzebuerger Sprooch geschwat gétt an d'Létzebuerger Sprooch zu Recht duer-gestallt gétt als e wichtegt Element fir eng gelongen Integratioun ze kréien hei zu Létzebuerg, dat dann awer net némmen e Corollaire zur duebler Nationalitéit huet.

Mir müssen et dach färdeg bréngen an dësem Land eng Kéier esou wält ze kommen, dass mer Létzebuerger Sproochecourses net némmen attraktiv maache fir déi, déi elo eventuell optéiere fir d'duebel Nationalitéit, mä och fir all aner Leit, déi hei am Land lieuen a schaffen, déi net d'Létzebuerger Nationalitéit hunn oder d'Létzebuerger Sprooch net kennen.

A wann dann esou séier gesot gétt: „Mir wäerten elo Sproochecourses aféieren an da léiert jiddferee Létzebuergersch“, da wéiss ech awer gár wéi d'Konzept soll ausgesinn, well eises Wéssens ass et esou, dass mer haut, wa mer dat esou einfach wéilten dekretéieren an aféieren, iwwerhaapt net genuch Enseignanten hätten, fir d'Létzebuerger Sprooch ze léieren, fir dat einfach esou missten ze organiséieren. Also do feelt et u Konzept! Dat steet emol hei um Pabeier, et ass och e gudden Usaz, mä et feelt um Detail.

Mir sinn och der Meenung, dass ee misst iwwer staatlech finanziell Énnerstëtzung fir d'Betriber zum Beispill diskutéieren, déi haapsächlech net Létzebuerger astellen, fir dass déi och kenne méi verstäert hire Leit Coursen ubidden an dann och kucken, dass déi Leit kenne fräigestallt ginn, fir zum Beispill während der Aarbechtszäit déi Létzebuerger Sproochecourses ze beleéen. Alles dat sinn Elementer, déi eiser Meenung no net genuch berücksichtegt gi sinn, an et gétt sech hei an deem dote Beräich ze vill vun ze wéineg ver-sprach.

An dann d'Asyl- an d'Flüchtlings-fro. Niewent deene gesetzgebere-schen Ännernungen, déi virgeschloe sinn, sinn eng ganz Rei aner Saachen nach émmer net gekläert a wou mer och keng Änt-wert kritt hunn am Regierungsof-komme. Wéi steet et zum Beispill mam Premier accueil? Wéi organiséiere mer deen an Zukunft? Baue mer eng grouss Hal oder méi Ha-len oder wéi oder wat? Wéi soll dat an Zukunft vir sech goen? Keng Änt-wort am Text.

Och den Encadrement vum Premier accueil ass net gekläert. Dir wéssst, dass haapsächlech déi ONGen, déi vill mat Flüchtlingen ze dinn hunn, dat émmer als e ganz wichtige Punkt ugesinn hunn, dass den Encadrement misst bes-ser klappen. Och den „Accès de travail pendant la procédure“ ass net gekläert. Alles dat si Froen, déi nach opstinn, a wou mer gespaant sinn drop, wat dës Regierung wäert an Zukunft maachen.

Här President, ech mengen ech iwwerzéien e bëssen, mä Dir musst mech entschliegen. Dat huet domaderre ze di well meng Auer hei bei 41 Minuten an 53 Sekonnen stoe bliwwen ass, an dunn hunn ech geduecht, ech hätt nach méi Zait, ech hunn der awer manner.

**M. le Président.-** Ech mengen och, Här Bausch.

#### (Hilarité)

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).-** Ech wäert mer awer elo Méi gi méi séier zu engem Enn ze kommen.

D'Gesellschaftspolitik insgesamt, Här President, kénnt souwisou relativ kuerz am Accord de coalition. Och zum Beispill wat deen ominöse Punkt ubelaangt vun der Abe-zéitung vun der Zivilgesellschaft. Do geet et jo schlussendlech net némmen ém de Referendum. De Referendum ass fir eis némmen d'Enn vun engen ganzer Panoplie vun Instrumenter, déi ee sech soll ginn, fir Biergerbedeelegung an d'Abe-zéitung vun der Zivilgesell-schaft eescht zu huelen.

Biergerbedeelegung am Alldag, dat ass net de Referendum, mä dat si ganz aner Saachen. Da muss een de Leit d'Méiglechkeiten an d'Moyené ginn, fir déi kenne wouerzehuelen. Et muss ee ronn Déscher organiséieren, an dat heescht et misst ee sech eng Stratégie ginn, och als Législateur, wéi een do kann a Kader schafen, fir dass d'Biergerbedeelegung am Alldag och fonctionnéiert.

Aner gesellschaftspolitisches Themen, Här President, déi si quasi emol net erwähnt am Koalitiounsof-komme. Ech wéll se némme just mat Stéchwieder elo opzielen. Dat ass d'Fro vun der Stierhëllef, d'Drogepolitik - ech mengen, déi sinn och scho vun aneren hei opgezielt ginn, dofir, well meng Zait mer och forteeft, kann ech net méi am Detail dorobber agoen.

Een Punkt, Här President, als Of-schloss, wëll ech awer nach hei erauszitieren. Dat ass eppes, wat eis bei der Reorganisatioun vun de Ministérien an och vun der Besetzung vun de Ministère relativ Kapp-zerbrieches mécht. Dat ass déi Ze-summeleung vun de Kompetenze vun der Justiz engersäits a vum repressiven Apparat anerersäits.

Ech wéll och direkt hei soen, net dass hei falsch verstanne gétt: Dat huet náischt mat deem Minister ze dinn, deen elo déi Fonctioun inne-huet. Mä dat huet eppes dermat ze dinn, dass mir wierklech grouss Bedenken hunn, dass deen Appar- at vum Stat, deen eigentlech zoustänNEG ass fir de Bierger zu sengem Recht ze verhéllesen, ver-schmolzt gétt quasi mam repressiven Apparat. Dat ass eng ongesond Situationsmatenee vermësch, wat eiser Meenung no extrem ongesond ass.

Mir wéssen och allegueren, dass dat ka ganz séier zu Situationen féieren, dass de repressiven Appar- at, vu que dass e verschmolzt ass mat deem aneren, deen en natier- lechen Hang huet fir émmer méi Moyené ze kréien, riskéiert émmer méi Droch ze maachen, fir dass déi Moyené méi grouss ginn. Wann déi Verschmelzung do esou kloer ass wéi dat heiten, dat heescht, d'Rechter vun de Bierger net getrennt bewahrt gi par rapport zum Justizapparat, kann dat zu Dérivé féieren. Mir sinn dofir der Meenung, dass esou eng Ver-schmelzung net gutt ass, an déi hätt een net solle maachen. Mä wéi gesot, dat huet náischt mam zoustänNEG Minister ze dinn, dat ass eng politesch Approche, déi mir vertrieden a wou mer och mengen, dass vill Leit hei am Land an och am Ausland éischtter eiser Meenung sinn.

#### (Interruption)

Als Konklusioun, Här President, wëll ech soen, dass dëse Koali-tiounsof-komme, dee mer hei virleien hunn, dach wierklech net alles gewiescht ka sinn, wat d'CSV an d'LSAP an deene leschte véier Wo-chens an onzileige Sätzungen an Aarbechtsgruppen zesummege-stallt hunn. Hei muss dach nach en zweeten Accord am Tirang leien, well soss kann een de Code de la route, deen do heescht Modernisa-tion, Integratioun, Transforma-tion an Innovatioun, verkierzen op Gestiou a Stagnatioun.

Dést wär eiser Meenung no, uge-süüts den Erausfuerderunge fir eist Land, sécherlech net gutt. Do fir hoffe mer och, dass dës Regie-rung et färdeg bréngt, dësendürftege Pabeier an deenen nächste Méint duerch e regiesungsinterne Sommet de la relance mat Inhalt ze fëllen.

Mir op alle Fall, Här President, sou-laang wéi mer net méi Inhalt kréie wéi dat, wat se eis hauft präsentéiert hunn, können eis natierlech net mat dár do Regierungskonstella-tioun zefridde ginn. Dofir verstitt Der och, dass et bis auf weideres fir eis net méiglech wäert sinn, fir esou eng Motioun ze stëmmen, wéi d'Motioun 1, déi mer haut am Numm vun de Majoritéitsparteien hei virgeluecht kréien.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Ech soen dem Fraktionschef vun deen Gréng, dem Här Bausch, merci fir seng Interventioun a ginn d'Wuert weider un de Fraktionschef vum ADR, den Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, eng Demokratie, déi zeechent sech virun allem duerch fräi a geheim Wahlen aus, wou den eenzelnen, souveräne Bierger dár Persoun oder deene Persounen an dár Partei seng Stëmm gétt, esou wéi hien et fir richteg a fir gutt befénnt. E weide-ren Ausdruck vun engere Demokratie ass, datt all Partei, all Politiker an all Persoun de Verdikt vum Wieler respektéiert. Dat ass hei zu Létzebuerg de Fall.

D'Regierung, déi hei ugétratt ass fir d'Geschécker vum Land an deenen nächste Joren ze leeden, entsprécht der Majoritéit vum Wielerwëllen. D'CSV an d'LSAP hu mat 38 Mandater hei an der Chamber eng confortabel Majoritéit. Et ass un hinnen ze bewisen, datt déi Hoffnungen an Erwaardungen, déi d'Leit a si gesat hinn, verwierk-licht ginn. Et ass un der Opposi-tion fir d'Kontrollfunktioun ze iwwerhuelen, alternativ Propositiounen virzeleéen a fir de politeschen Equiliber an der Diskussioune zu suergen.

De Wieler huet décidiert, datt némme méi fénnef Parteien - alle-guer mat Fraktionsstäärt - hei am Parlament vertrudeen sinn, wat eng gutt Viraussetzung fir ons Aarbecht ass. Dës Wahle waren och e Succès fir d'Demokratie: D'Participa-tion louch mat 91,92% vun den ageschriwwene Wieler däitlech iwwert dár vun 1999, wou se némme 86,5% war. Deemools waren zwar 4.000 Wieler méi ageschriwwen, mat 221.000, mä manner hu vun hi-rem Stëmmrecht Gebrauch ge-maach. An engem System mat Wahlflicht muss dat engem ze denke ginn. Dës Kéier waren 217.000 Wieler ageschriwwen, an eppes iwwer 200.000 hunn hirer Stëmm och en Ausdruck ginn. Eng positiv Entwickelung!

Wéi keng aner Chamberwahle vir-dru goufen awer dës Wahle perso-naliséiert. Duerch eng Partei, d'Jean-Claude Juncker. D'CSV huet de Juncker richteg agesat. An all aner Parteien hätten et och esou ge-maach, wa se esou ee Joker, esou ee Jean-Claude Juncker gehat hätten.

Eng Wahl personaliséieren heescht an eisem Wahlsystem quasi auto-matesch de Panachage ze erhéi-jen. 1999 hunn 41% vun de Leit pa-nachéiert. 2004, dës Kéier, iwwer 50%. Ee Phenomeen, dee vu klenge Parteien, besonnesch an der Opposi-tion mat manner bekann-ten oder an der Öffentlechkeet stehende Kandidaten, kaum ze konte-ren ass. Den entspriechende Ver-lochs vu Léschtestëmme kont beim ADR op alle Fall net duerch de Gewënn vu perséinleche Stëmme wettgemaach ginn. Esou ass déi stärkste Partei nach méi dominant ginn, an et ass ze fäerten, datt se an Zukunft och méi iwwerhief-lech gétt.

En éischten Androck dovunner kont ee gewinnen, wann een dës Koalitiounsverhandlunge suivéiert huet. D'LSAP huet misse paréieren a schlécken, wat d'CSV virgesat huet. Den ADR kann, nodeems en dräiom zu de Wahlgewinner ge-héiert huet - 1989 mat 7,3%; 1994 mat 8,17%; 1999 mat 11,31% -, sech 2004 mat 9,95% eng véierte Kéier net zu de Gewënnner zielen. D'prozentual Perte ass zwar mat 1,36% minime, mä eise Wahlsys-tem ass awer wéi en ass, an d'Perte vun zwee Sëtz stëmmt bestëmmt kee vrou. Och wann 10% vun de Wielerstëmme...

#### (Interruption)

Déi, déi et tréfft!

#### (Hilarité)

Deenen zwee, déi et tréfft, deet et nach méi wéi.

Och wann 10% vun de Wielerstëmme sechs Mandater ausmaachen, sou huet de System eis awer némme fénnef Sëtzer zoukomme ge-looss.

#### (Interruption)

Als Partei freet et een awer bei der Wahlanalys ze gesinn, datt den ADR eng Stammwieler vu bal 80% huet an eng gewuessen a sta-bil Memberschaft vun iwwer 2.000 Persounen. An deem Sénn gouf den ADR och an déser véiler Wahl, un dár mir als jéngste Frak-tioun hebanne participéiert hunn, bestätigt a mat 10% definitiv an der Létzebuerger politescher Landschaft verankert.

Den Här Statsminister huet gésch-ter hei gemengt ze soen, d'Zuel vun deen, déi net besser si wéi déi aner awer dofir mordicus wél- len anescht si wéi déi aner, héilt of. Dat ass och eng gutt Entwickelung. Ech weess net, ob en domadder eis gemengt huet, datt eis Leit oder eis Wieler aneschers wiere wéi déi aner. Et schéngt mir, datt eis Wieler net besser an net schlechter si wéi d'Wieler vun all deenen anere Par-teien. An de Respekt, mengen ech, vis-à-vis vum Wieler, vu jidderen-gem, misst gläich sinn, egal vu wat fir engere Partei déi Leit kommen.

Den Här Juncker hat sech viru Joren zum Zil gesat, den ADR vun der politescher Bildfläch ver-schwannen ze loessen. Dat ass him net gegleckt, an ech mengen den Här Juncker misst och eng Kéier sech dermat offannten, datt den ADR eng Realitéit hei an der Létzebuerger politescher Landschaft ass an datt en 10% vun de Wieler vertrëtt an émmerhin tè-schent 30 a 35.000 Leit hir Stëmm op ons Léschten ofginn hinn.

Den ADR wäert op jidde Fall sen-gem Wieleroptrag nokomme mat enger konsequent kritescher, kons-truktiver a fairer Opposi-tion. Iwwerall do, wou de Regierungspro-gramm sech mam ADR-Programm iwwerdekk, énnerstëtzte mir d'Regierung. Fir déi aner Punkte vertrie-be mir eise Wahlprogramm.

Eis Aarbecht fankt bekanntlech u mat der Regierungserklärung. Wann een, Här President, d'Regierungsverhandlunge verfollegt huet, sou ware se dës Kéier extrem roueg. Et huet geschéngt, wéi wa se méi wéi gelangweilt wieren an datt se am Ministère géife sätzen a kucke fir d'Zait erémezkreien.

D'LSAP, déi an der Oppositioun an am Wahlkampf en haarden Toun gefouert huet, ass wéi de Saulus zum Paulus ginn. D'Opdeelung vun de Regierungsmandater: néng op sechs vun der CSV an der d'LSAP. A wann een dann d'Ressorté kuckt, wou d'Verhältnis nach méi disproportionaleéiert ass an dorriwwer eraus och d'CSV de Chambersprezident huet, de Kommissär zu Bréissel, de Member an der Cour des Comptes vun der Europäischer Unioun an am Virfeld schonn den Ombudsmann kritt huet, wann een dat e bësse global kuckt, da wierkt et nach méi disproportionaleéiert.

An dem Koalitionsprogramm, wann een deen esou duerchliest, fénnt een näisch Richteges wou ee kénnt soen: Hei, dat doen dréit d'Handschréft vun de Sozialisten. Esou eng richteg sozialistesch Politik fénnt een a kengem Artikel erém. Et huet éischter geschéngt bei de sozialistesche Kolleggen, datt „dabei sein ist alles“ de Motto war. D'Sozialisten dinn engem scho bal Leed, wann een dat Resultat kuckt. Normalerweis gratuléiert een engem, wann een an d'Regierung kénnt. Wann een dat awer elo géif bei de Sozialiste maachen, géif dat scho bal u Sadismus grenzen. Dés Kéier wier dofir éischter en häerzlecht Bäileed ubruecht.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Här Gibéryen, Dir hutt mir och ni félicitéiert wann ech an d'Regierung komm sinn an ech si jo awer net bei de Sozialisten!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Ech si jo nach net fäerdegt.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Dat verdrot Der net gutt!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Oh, ech sinn awer relativ haart a mëll gewiint.

D'CSV an den Här Jean-Claude Juncker...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Ganz gutt!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** ...hunn d'LSAP dés Kéier iwwert den Dësch gezu wéi nach ni.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Also dat fannen ech awer heikel!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Den Här Juncker ass natierlech clever genuch, fir dat net ze weisen a scho guer net ze soen. D'Regierung war gëschter e bësse méi iwwerflächlech gehalen an d'Formuléieren an d'Rhetorik ware wéi émmer brillant, awer inhaltlech op grosse Flächen iwwerflächlech bliwwen. Et huet esou geschéngt, wéi wann hie keng Loscht hätt. En hat den Androck d'Flemm ze hunn ier et iwverhaapt mat där heiter Regierung ugeet.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Dat hutt Der déi leschte Kéier och scho gesot.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Et ass sech gehale ginn u Modernisatioun, Innovatioun, Transformatioun an Integratioun, bal keng prezis Aussoen a Propositiounen.

D'Regierungserklärung vum Statsminister vun 1999 hat 38 Säiten, déi vun 2004 15 Säiten. D'Säitenzuel seet bekanntlech net alles aus. Awer wann een déi vun 1999 noliest, fénnt een awer vill konkret Aussoen an der Regierungserklärung erém, wouwun e gudden Deel gemaach ginn ass an een Deel och net gemaach ginn ass an een een Deel erém an dëser Regierungserklärung erémfénnt.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Hutt Der dann och Å Ried dee-

mools gelies op déi Regierungs-erklärung?

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Selbstverständlech, Här Statsminister.

Dass d'Regierungserklärung esou allgemeng an iwwerflächlech gehale gétt ass awer keen Zoufall. Beim Jean-Claude Juncker gétt et keen esou en Zoufall. Alles huet sain Zweck. Alles huet sain Zil. Hie wollt hei net direkt d'Kaz aus dem Sak loessen:

1. hie wollt d'Sozialiste net direkt virféieren, mà se awer lues a sécher an d'Messer lafe loessen;

2. well opgrond vun der finanzieller Situations vum Stat dés Regierung net de Courage an d'Éierlechkeet huet, an enger Regierungserklärung dem Land an de Leit d'Wourecht ganz an direkt ze soen; wourobber et duerno ukéent.

A wa mer gëschter hei d'Chamberreglement geännert hunn, Här President, an ech och gëschter net wollt hei, well et déi éischter Sitzung war, eng gréisser Diskussioun do-robbert lancéieren, si mer dach der Meenung, datt d'Vorkierzung a virun allem d'Nohannerécke vun der Prozedur fir d'Budgetsdebatten och mat der Finanzsituatioun vum Stat ze dinn huet, well wat ee méi laang waart, wat ee méi kloer Chiferen huet.

An eisen Nopeschlänner ginn déi Budgete schonn e puer Méint méi fréi gestéemmt wéi hei. A wann een eng gutt Finanzsituatioun huet, huet een och kee Problem, fir e Budget méi fréi ze stëmmen. Da kann een ebe genuch Kreditter aseten, fir allen Eventualitéite Rechnung ze droen. Mä mir hunn och gëschter hei bei der Erklärung kee Bilan gemaach kritt iwwert d'Finanzsituatioun vum Stat. Et ass gesot ginn, et wier e Kassensturz gemaach ginn an de Regierungserhandlungen, mà et ass hei mat kengem Wuert gesot ginn, wéi d'Situatioun vum Land dann awer am Moment ass.

Et ass ze fäerten, datt d'Finanzsituatioun net esou ass, wéi se émmer duergestallt ginn ass, an et si jo och scho verschidde Moossnamen, déi an déi Richtung hindeitten. Et ass ze fäerten, datt e sozialen Ofbau op eis zoukéent, well och do kréie mer an dësem Koalitionsaccord keng Accorden. An et ass ze fäerten, datt den internationalen Drock, dee sech ronderém eist Land beweegt, an d'Émfeld, wou émmer no énne revidéiert gétt, sozial ofgebaut gétt, wou d'grouss multinational Konzerner émmer méi Drock op d'Regierunge maachen, sech och kénnt op Lëtzebuerg nidderschloen. An Däitschland ass eng rout-gréng Regierung haut schonn esou wält, datt d'Spuerlicher vun de Kanner mat berücksichtegt ginn, ob d'Elteren eng Sozialhëlfekréien oder net.

A wann ech soen, datt ee fäert de sozialen Ofbau géif kommen, dann ass direkt ee Punkt, deen ech wéll virhuelen: d'Mammerent, ee vun deenen Zeechen, déi an déi Richtung ginn. Et ass fir eis e wichtige Punkt an et ass och dofir an eiser Wahlcampagne mat der Mammerent ganz vill Campagne gemaach ginn. Et ass zréckzeféieren op de Rentendësch, wou de 16. Juli 2001 déi Décisioun geholl ginn ass, an de 5. Juli 2002 huet d'Chamber hei dést Gesetz gestéemmt.

Zu deem Zäitpunkt hu mir schonn hei an der Chamber drop higewisen an Amendementer erabreucht, datt dat Gesetz, wann et esou géif an där Form gestéemmt ginn, fir eng Rei vu Fraen net a Fro géif kommen, an datt virun allem déi mat deene klengste Pensiounen an déi, déi RMG-Bezéier sinn, géifen eidel ausgoen. Mir hunn Amendementer erabreucht. Leider sinn déi Amendementer net vun der Chamber ugeholl ginn, mà d'Realitéit huet duerno bewisen, datt doduerch awer e puer dausend Fraen hei am Land sinn, déi keng Mammerent konnte kréien.

A mir hate permanent Ausenanersetzunge mat eiser Familljeministesch, der Madame Jacobs, déi dunn den 19. Februar dést Joer hei an der Chamber op eng Fro vum Här Jaerling geäntwert huet. Ech wéll just alles dat, wat émmer geschriwwen a gesot gétt iwwert d'Ongerechtegkeit, widerleeén: Et gétt kee Gesetz - an elo soen ech dat fir d'siwent hei -, dat méi gerecht ass, wéi dat doen.

Wann dat Gesetz do esou gerecht ass an et gétt kee méi gerecht Gesetz wéi dat doen, da froe mer eis, firwat datt d'Regierung awer elo an hirem Koalitionsaccord dat Gesetz ännert an och elo, wann och némmen unzuchsweis, versicht deene Mammen, déi d'Mammerent net kritt hunn, een Deel vun der Mammerent zukommen ze loessen, an zwar 70% vun dem Forfait d'éducation fir déi, déi énnert dem soziale Mindestloun leien, an 130% bei enger Koppel vum soziale Mindestloun.

Den Här Fayot huet de Moien hei bestätigt, datt déi doen Erneierung géint de Welle vun der CSV durchgesat ginn ass. Mä déi Neierung, déi elo an deem Koalitionsprogramm hei steet, beweist awer éischters, datt d'Gesetz, sou wéi et de 5. Juli 2002 gestéemmt ginn ass, net dat gerechtste Gesetz war, soss breicht et net amendiert ze ginn, an zweetens, datt trotz deenen Änderungen, déi elo vírausgeschéckt kenne ginn, nach weider Ongerechtegkeit bestoe bleiwen an nach émmer Fraen oder Mammen do sinn, déi net an de Rentegenoss kommen, virun allem déi mat deene klengste Revenuen hei am Land. An duerch déi Moossnam vun deenen 130% gétt och bewisen, datt et hei eng familiépolitesch Moossnam ass, well dat gemengt ass fir eng Koppel.

De finanziellen Deel vun der Mammerent ass an deene leschten Deeg ganz hefteg diskutéiert ginn. De Rentendësch hat festgehalten „sous condition que le forfait d'éducation soit assumé par le budget de l'Etat“. All Parteien um Rentendësch hunn deen Accord énnerschriwwen. Och d'CSV huet deen Accord énnerschriwwen an och d'CSV huet dat Gesetz hei matgestéemmt. Just de Statsminister, den Här Juncker, war deen Zenzegen, deen am Fong vun Ufank u sech géint dee Finanzéierungsmodus do opposéiert huet. An och de Kolleg Lucien Lux, deen haut an der Regierung ass, huet eng Proposition de loi de 4. Dezember 2001 hei eraginn, wou e schreift: „Le forfait d'éducation est à charge du budget des recettes et des dépenses de l'Etat.“

D'Finanzéierung vun der Mammerent - an dat ass wesentlech - war och an der Wahlcampane keen Thema. An dofir war ee méi iwwerascht, datt elo am Koalitionsaccord op eemol dat zu engem Haaptthema ginn ass. An et huet een och dofir net brauchen iwwerascht ze sinn, datt eng gewëssen, wéi soll ech soen, national Opposition géint déi Usiicht hei vun der neier Regierung operstanen ass. Nach ni huet eng Regierung, ier se am Amt war, esou eng massiv Opposition quesch duerch d'Bevölkerung kritt.

A gëschter war ech och iwwerascht, datt den Här Statsminister net de Courage hat fir kloer ze soen, wéi et am Koalitionsaccord steet, nämlech datt d'Mammerent iwwert d'Pensiounen géif finanzéiert ginn. Hien huet sech gëschter hei méi vag ausgedréckt. Hien huet gesot: „D'Mammerent, déi an Zukunft no enger anerer Systematik finanzéiert gétt.“

Den OGB-L huet an engem Communiqué matgedeelt, datt, wann dat dote géif a Krafft trieden, ongeférer an deenen nächste fénnef Joer 370 Milliouren Euro aus de

Pensiounskeséé gëifen erausgeholl ginn. Wat bedeit dat, wann dat dote géif kommen?

Éischters, e Wielerbedruck. D'CSV hat an hirem Wahlprogramm 2004 stoen: „Langfristig stellt sich die Frage der Finanzierung unserer Renten, nur wächst die Zahl der Empfänger schneller als die Zahl der Beitragsszahler. So führt diese Verschiebung zu einer wesentlichen Mehrbelastung unserer Rentensysteme. Um diese Mehrbelastung abzufedern, werden wir die angelegten Reserven brauchen. Unverantwortlich gegenüber den kommenden Generationen wäre es, das angesparte Geld für nicht finanzierte Leistungsverbesserungen aufzubrauchen.“ Dat steet am Wahlprogramm vun der CSV fir dës Wahlen.

An d'Sozialisten haten drastoen: „Die Sozialisten werden für eine bessere und ertragreichere Verwaltung der Rücklagen der Rentenkassen sorgen, um die Belastung der zukünftigen Generationen nicht zu erhöhen und den Generationsvertrag vor Spannungen zu bewahren.“

D'Ännérung vun der Finanzéierung vun der Mammerent steet also a kengem Wahlprogramm. Et ass also domadder e klore Wielerbedruck, wann dat gemaach gétt.

Zweetens ass et e Renteklau. Den Aarbeitsplatzofbau bei der ARBED an elo bei der Arcelor hu mer schonn iwwert d'Pensiounskeséé bezuelt. Mir hunn d'lescht Joer d'Sanéierung vun de Krankeesen iwwert d'Pensiounskeséé bezuelt, wou eis Kolleggen aus der sozialistescher Fraktion deemoos eng gelunge Meenung haten. Esou huet den Här Asselborn sech heibanne géint deen Transfert ausgeschwat, den Här Castegnaro war an der Tripartite dofir an den Här Di Bartolomeo huet vun engem eemolegen Trick geschwat. Här Di Bartolomeo, mä elo bei der Mammerent gétt et och an eemolegen Trick, awer leider, wann Der dat dopte maacht, e permanenten eemolegen Trick, dee wäert deier ze stoe kommen.

Drëttens, d'Rentemauer: Bei der Erhéitung vun de Pensiounen am Privatsektor hat den Här Statsminister eng Rentemauer gesinn. Et war awer bis haut nach keng do. D'Reserve sinn esou héich wéi nach ni. A well den Här Juncker émmer vun enger Rentemauer geschwat huet a keng do war, baut e sech elo mat Hélfel vun de Sozialiste selwer eng, an zwar eng, déi esou héich gétt, datt net némmen hien, mä och déi zukünftig Generationen net méi wäerten driwwer kommen.

An an deem Zesummenhang wéll ech och nach eng Kéier den Här Juncker zitéieren, de 17. Mäerz 2001, um CSV-Kongress: „Erhöhungen werden“ - ech mengen de Kolleg Bausch hat en och schonn zitéiert - „dort erfolgen, wo es mit dem Ziel von mehr Rentengerechtigkeit notwendig wird. Es wird mit der CSV in der Regelung jedoch zu keinem Reserveklau kommen.“

Véiertens: Duerch de Renteklau gi Renteverbesserungen an Zukunft méi schwéier, wann net souguer onmégliche gemaach.

#### (Interruption)

Do soen ech awer bestéemmt näisch Neies, Här Juncker, voilà. Ech mengen, Dir wësst scho genau wat Der...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Ech si frou, dass Der un d'Rentemauer denkt, well ech verstinn net wéi eng Mauer ka méi no kommen, déi et net gétt.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Ma Dir sidd jo elo amgaangen eng ze bauen.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Ah, a virdrun?

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Virdrun hu mir nach keng begéént!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Ah, bon!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Dir och nach net!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** An engem Dag eng Mauer gebaut, dat hat bis haut eréischt ee fäerdegt bruecht.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Jo, jo, mä Dir sidd dann eben deen Zweeten.

#### (Hilarité)

Zukünfte Generatiounen. D'CSV ass an d'Wahle gaangen an huet gesot: Jonk wielt Juncker!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Neen, dat war d'CSJ, mä esou eppes hutt Dir net.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Mir hu keng CSJ, do hutt Der och Recht.

#### (Hilarité)

Jonk wielt Juncker, stoung an der CSV hiren Déplianten ze liesen.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Der CSJ hiren.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** An der Regierungserklärung vum 12. August 1999, viru fénnef Joer, huet den Här Juncker hei gesot: „Mir hu kee Recht, d'Reserve vun de Pensiounskeséen zu Laaschte vun den nokommende Generationen auszeraiberen.“

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Voilà!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Dat war dat wat den Här Bausch virdrun och gesot huet. Den Här Juncker ass awer mat där doter Politik elo amgaange se auszeraiberen, an zwar d'Pensioun vun deene Leit, déi haut schaffen, a vun deene Jonken - Déi Jonk wielt Juncker - haut schonn auszeginn.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Mä déi Al wielen net méi ADR. Dat ass gutt!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Da sollt Der esou fair sinn an deene Jonken och soen: Wielt de Juncker, Jonker, well dat ass deen, deen elo schonn År Pensioun vun an 20, 30, 40 Joer ausgëtt. Da wiert Der fair gewiescht. Dofir musse mir et soen, well Dir et vergiess hutt ze soen.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Dir sidd jo némmen rosen, dass déi Al lech fortläfen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Wann déi Jonk vun haut an 30, 40 Joer a Pensioun ginn, da feele mat deem dote System 100 Milliarden aler Frangen an eise Reserven, wou mer haut iwwer 200 Milliarde Reserven hunn.

Sechstens: Wann dat do gemaach gétt, dann ass dat eng Zwecktfremdung vu Gelder, vu Cotsatiounen, déi Leit a Pensiounskeséé bezuelt hunn a sech domadder e Recht erakaft hunn, fir och spéider hin eng Pensioun ze kréien. Eminent Juristen hu sech an deene leschten Deeg jo och an där doter Fro zu Wuert gemellt.

Siwentens: Mir schafen, wa mer dat dote maachen, en neien Zwekklassesystem hei am Land. An zwar géifen déi Leit aus dem Privatsektor, déi jo dann d'Mammerent aus de Pensioun

heesch also, déi géifen iwwert de Wee vun de Steiere vun der Allgemeenfinanzierung ginn.

Aachtens ass awer de richtegen Hannergedanken, firwat datt dat dote gemaach géit, d'finanziell Situation vum Stat. Déi Moosnam hei ass de Bewäis, datt d'Finanzen beim Stat vill méi schlecht si wéi d'Regierung et virun de Wahlen an och elo nach no de Wahle wéllt zouginn. Heimaddar gétt versicht, d'Finanzpolitik vum Stat an d'Keesen ze sanéieren, ouni datt d'Regierung hir Aarbecht mécht, a versicht, hir Finanzsituation an d'Rei ze bréngen, ouni mussen e Gréff an d'Pensiounseese vum Privatsektor ze maachen.

An dofir kann hei och némmen d'Äntwert sinn, datt all déi betraffe Leit, an dat sinn der vill, sech manifestéieren, datt se op d'Strooss ginn, eng Manifestation maachen, oder datt se eng Petition maachen, déi elo schonn ugelaß ass an déi énnerstétz. Hei muss d'ganz Land solidaresch sinn a sech manifestéieren. Dat do dierf énner kengen Émstánn duerchgoen!

An nach, Här President, muss een oppassen op eng Doppelzünggekeet, déi gäre bei Majoritéitsparteie gemaach gétt, virun allem dann, wa se eng relativ confortabel Majoritéit hunn, well se dann ebe kénnen higoen an zu verschiddene vun hire Leit soen: Ma gutt, da stëmm du alt dergéint, da behåls du däi Gesicht, an dann ass et awer duerch. Herno bei de Wahle kréie mer souguer vláicht nach d'Stëmme vun deenen zwou Kategorien, vun deenen, déi dergéint waren, a vun deenen, déi derfir waren.

#### (Interruptions diverses)

Ech si laang genuch am Geschäft an ech hu laang genuch Ár Methoden observéiert, fir datt ech weess, wéi dat gehandhaabt gétt. Den OGB-L huet geschriwwen, datt dat heite méttelfristig den Ausverkauf vun eise Pensiounseese wier. Den LCGB ass skandaliséiert iwwert déi Moosnam, déi hei gemaach gétt.

D'FEDIL schreift, datt dat géint d'Décisione vum Rentendësch géif goen an datt dat net dierft zu de Laaschte vun de Pensiounseese sinn.

D'Chambre de Commerce ass entsat driwwer. D'Fédération syndicale ass entsat driwwer. Also, all Gewerkschaften aus dem Privatsektor, Salarariat a Patronat si géint déi dote Propositioun.

Här President, meng eenzeg Hoffnung ass, well mer an dést Parlament awer dës Kéier vill an eminent Gewerkschaftler eragewielt kritt hunn - ech denken do un den Här Spautz, den Här Glesener, den Här Castegnaro, d'Madame Spautz, den Här Lucien Thiel vun de Patronen -, déi allegueren dat dote mat ausgeschafft hunn, datt déi och elo hir Fra an hire Mann hei am Parlament stellen. Ech kénnt mer op jidde Fall net virstellen, datt déi géifen hei am Parlament de Contraire vun deem maachen, wat se jorelaang, jorzéngtelaang geprídegt hunn, a wat hir Gewerkschaften, wou se Funktiounen dran hunn, verlaangen. Dat wier e Schlag an d'Gesicht vun hire Gewerkschaften, an ech halen déi Leit awer fir méi honorabel, esou datt ech dovun iwwerzeegt sinn, datt se dat net maachen a mat eis am Parlament wäerten hellefen, dat doten ze verhénneren.

An dofir, Här President, den Här Grethen huet haut schonn eng Motiou eraginn, duebel genéit hält besser. Mir ginn och eng Motiou an deem Sénn eran. Et ass senn-geméiss datselwecht wéi dat, wat d'Kollege vun der Demokratescher Partei eraginn hunn. Mir wéllen engem Maximum d'Geleehheet ginn, fir hei Faarf ze bekennen. Mä et ass nun eben eemol esou, datt all Fraktioun dat heibanne mécht...

Neen, domadder hu mir kee Problem.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Dat géing mech awer wonnere beim Här Grethen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** Mir können dem Här Grethen seng Motiou mat zwou Hannen énnerschreiwen an den Här Grethen kann eis énnerschreiwen, well et ass zweemol datselwecht.

**M. Henri Grethen (DP).** Emmer rechts énnerschreiwen!

**M. Gast Gibéryen (ADR).** Voilà! Da sätze mir jo an dësem Fall gutt.

#### (Hilarité)

#### Motion 5

*La Chambre des Députés,*

- considérant l'accord de coalition prévoyant la prise en charge du forfait d'éducation „par le régime général d'assurance pension, à l'exception de celui qui se rapporte aux forfaits d'éducation versés aux bénéficiaires de pension d'un régime spécial de pension du secteur public, qui restera à charge de l'Etat“;

- rappelant la déclaration finale du „Rentendësch“ du 16 juillet 2001 relative aux mesures en faveur des femmes se consacrant à l'éducation de leurs enfants: „Le Rentendësch peut se rallier aux mesures proposées suivantes, sous condition qu'elles soient assumées par le budget de l'Etat“;

*Extension des baby years pour les naissances antérieures au 1<sup>er</sup> janvier 1988;*

*Introduction d'un forfait d'éducation d'un ordre de grandeur de 3.000.- francs par mois et enfant accordé aux femmes qui n'ont pu bénéficier des baby years.“;*

*invite le Gouvernement*

- à respecter la déclaration finale du „Rentendësch“ notamment en ce qui concerne sa condition quant au financement du forfait d'éducation.

(s.) Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaelring, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Chômage ass eent vun de wichtigste Kapitelen, déi och dës Regierung muss an Ugréff huelen. An der Regierungserklärung vun 1999 huet den Här Statsminister hei gesot: D'Aarbecht ass rar ginn an Europa an d'Aarbeitslosegkeit ass deementspreichend grouss. Zu Létzebuerg hu mer nach Aarbecht genuch an ass d'Aarbeitslosegkeit deementspreichend kleng. Dat soll sech an Europa ännern, zu Létzebuerg net. Dat war gesot viru fennet Joer.

Wa mer awer d'Zuele kucken da gesi mer, datt d'Regierung oder de Statsminister sech viru fennet Joer geiert huet, well d'Chômagezuelen an deene fennet Joer vu 7.100 op iwwer 11.000, also iwwer 50% geklomme sinn. Och wann elo an dëse leschte Wochen a Méint d'Zuele falen, esou ass dat eng saisondéngten, regelméisseg Tendenz, déi mer ém dës Zäit hunn, a mir wéisse ganz genau, datt se, no-deem d'Schoul elo aus ass, den Hierscht erém wäerten an d'Luucht goen.

Mir hu virun dräi Joer hei gesot, datt mer géife fäerten, datt hei zu Létzebuerg de Chômage géif lues awer sécher op 20.000 eropgoen. Haut fäerte mer, datt mer leider Recht behale wäerten. A mir waren duerfir iwwertrascht fir ze kucke wat an dësem Koalitionsprogramm géif stoen, virun allem wou eis sozialistesche Kollege grouss Plakaten am Land opgehaangen hu wou dropstoung: Mir paken et uni! Si sinn awer scho méi virsiichteg ginn an deenen Erwaardungen, wéi se du geschriwwen hunn, si géifen no de Wahlen e Sommet de la relance maachen.

Mir hate gemengt eng Partei, wéi déi meescht Parteien, déi géifen an hirem Wahlprogramm Iddien développéieren, wéi se de Chômage géife bekämpfen. D'Sozialisten hu sech begnugt andeem se gesot hunn: Mir maachen no de Wahlen esou e Sommet. Elo sinn d'Wahlen erém a mir stelle fest, datt och keen esou e Sommet ka kommen. An dem Koalitionsprogramm gesait een hei och náisch Konkretes wéi dës Regierung de Chômage wéllt bekämpfen. Am Fong alles wat besteet gétt iwwerkuckt a gétt weidergefouert.

Wann d'CSV-LSAP-Regierung awer mengt, mat der Solidarwirtschaft kënne de Problem ze léisen, da läit se falsch, an dat ass am Fong dat Eenzegt wat konkret an dem Regierungsprogramm steet, datt se deene wéllen e Cadre légal ginn. Wou mer net dergéint sinn, well d'Situatioun, esou wéi se elo ass, ass am Fong illegal an duerfir muss se geregelt ginn. Mä mir hunn awer als ADR émmer kloer gesot, datt ee mat enger Solidarwirtschaft net d'Problemer vum Chômage geléist kritt. Et mécht een do meeschte Plazen, déi keng dauerhaft Plaze sinn, an och déi wéinegst Leit vun deene kommen iwwer dee Wee op eng permanent Plaz. Déi meesch, wa mer et géifen applizéieren, géife sech no zwee Joer erém am Chômage zréckfannen.

Et ass eng Konkurrenz fir eis Méttelbetriben, a wann een och de finanzielle Volet kuckt, deen insgesamt, net némmen de Stat, mä deen insgesamt an déi Politik do eraffléiss, da gi ganz vill Steiergelder doranner. Wann een déi géif huelen a Betriben Aarbechter fir dat Geld géif ginn, kénnt ee sécherlech eng ganz Rei vun dauerhaften a permanenten Aarbeitsplazschafen.

En anert Problem wou mer fäerten, datt och d'Regierung eis bis elo nach net gesot huet wat ass, sinn d'Krankeeesen. Mä an dem Koalitionsaccord, Här President, gétt awer schonn eng Tendenz uwéissen. Do steet námlech dran: „Dès lors le Gouvernement n'exclut pas a priori ni une adaptation des ressources financières, qui doivent cependant s'inscrire dans le contexte économique général, ni des ajustements du niveau de remboursement.“

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Do gesait een also, datt och do schonn e gewéssene sozialen Ofbau programméiert ass. Mir wéissen, datt den Defizit do ass, a mir wéissen och, vu datt den neie Ge-sondheetsminister jo gesot huet, dat wier en eemolegen Trick gewiescht an d'Pensiounseesen, datt mer also net méi kénnen dohinner goen, datt musse Moosnamen hei ergraft ginn.

Mir haten als ADR e Siwepunkte-Programm proposéiert, wou mer gesot hunn: systematesch Förde-rung vun der Preventivmedezin, verstärkt Responsabilitéit vun den Acteuren, d'Generalisatioun vum Tiers payant, d'Schafe vun enger Akafszentral fir all Kliniken am Land, d'Aféierung vun engem Ge-sondheetsspass, d'Fusioun vun de Krankeeesen, d'Aféierung vun enger Cotisation Santé op erwiseremoosse gesondheetsschiedleche Produkten, déi de Krankeese sollen zoukommen. Frou si mer an deem doten Domän awer, datt eise Kolleg Jean Colombera spéit Satisfaktioun kritt duerch de Remboursement vun homeopathesche Medikamenter an d'Aféierung vu Fréierkennungsprogrammer vun Daarm- a Prostatakrebs an d'Uner-kennung vun der Alternativmede-zin.

An der Gesellschaftspolitik, Här President, hat ee gemengt, wéi mer

bei der leschter Regierung an dee-ne leschte Méint hei déi Gesetzer diskutéiert a gestëmmt hunn, déi vun der CSV-DP-Regierung era-komm sinn, a wéi een hei eis sozialistesche Kolleegen an Aktioun gesinn huet, deene sinn déi Gesetzer bai wáitem net wáit genuch gaangen. Duerfir hat ech Angsch, muss ech éierlech soen, datt an dësem Koalitionsprogramm elo géifen nei Etappe gemaach ginn a ver-schidde Richtungen, déi mir net onbedéngt géifen deelen. Mä mir stellen awer fest, datt am Fong an-deem Domän bei der neier Regierung guer keng nei Akzenter gesat ginn.

D'Adoptioun: Mir hinn eis als ADR émmer kloer dergéint ausgeschwat, datt homosexuellen Koppen däerfer Kanner adoptéieren. D'Sozialisten haten dat an hirem Wahlprogramm stoen. Mir si frou, datt dat net hei am Regierungspro-gramm zréckbehale ginn ass. Mir setzen d'Kand an de Mëttelpunkt vun eisen Iwwerleeuungen, an et huet sech just op ee Saz reduziert: „Une réflexion sur cette question de société“ gétt gemaach.

Wat d'Euthanasie betréfft hu mer an deem leschte Parlament, an der Spezialkommissioun, vill geschafft a mir hinn och eng relativ gutt Aarbecht deemoos konnte maachen a

mir sinn do zu bal engem Konsens komm, dee mer nach net ganz an d'legislative Texter émgesat kritt hunn. Och elo gétt d'Euthanasie net agefouert. Mir als ADR sinn och derfir agetratt, datt ee soll flächendeckend d'Palliativmedezin ausbauen, datt en awer soll en Testament de vie afeieren, wou all Mensch awer kénnt seng Wénsch, wann et eng Kéier zu däri Situationskéim, aschreien, wat émmerhin dann eng Hélfel wier fir de behandelnden Dokter respéktiv fir d'Famill.

D'Trennung vu Kierch a Stat: Dat ass bei de Sozialisten émmer en Thema wa se an der Oppositioun sinn, an esou séier wéi se d'Thema all Kéiers erém opfréische wa se an d'Oppositioun ginn, esou séier verléiere se et och émmer erém wa se mat der CSV an d'Majoritéit ginn. Mir hinn als ADR vun Ufank u gesot: Mir si fir eng Trennung vu Kierch a Stat. Mir bedaueren, datt d'Sozialisten all Kéiers dann - den Här Fayot huet de Mëttég gesot, si wieren émmer némme fennet Joer an der Oppositioun -, et ass all Kéiers némmen dann déi fennet Joer wou se derfir sinn, an durno dréine se dann erém esou wéi dat an der Vergaangenheit de Fall war.

Et wichtegt Thema ass awer och de Wunningsmaart, Här President. An deene leschte fennet, sechs, siwe Joer hinn d'Präisser sech um Wunningsmaart verdräifacht.

Wunnen ass hei zu Létzebuerg leider e Luxus ginn. Normalstierflecher kénne sech hei zu Létzebuerg keng Wunneng méi leeschten. Létzebuerg, wa mer esou weiderfue-ren, ass herno e Land wou némme méi eng speziell Kategorie vu Leit, déi finanziell besser dostinn, sech kénnen eng Wunneng leeschten. Dái aner Leit müssen dann an d'Grenzregioun wunnen goen. A wann een och elo emol géif eng Etüd maachen, wéi vill Leit an deene leschte Méint schonn an d'Grenzregioun gaange sinn, a wann ee gesait, wat an der Grenzregioun vu Lotissement entstinn, da gesait een, datt do Létzebuerg fir een Deel vun eiser Bevölkerung en Auswanderland gétt.

D'Gesetz vum 30. Juni 2002 ass hei gestëmmt gi fir eng Rei vu steierlechen a subventionellen Erliichterunge mat sech ze bréngen. Dái Subventione komme sécherlech deene Leit, déi déi kréien, ze-gutt, mä et ass awer sécher, datt déi Subventione kee Baulandschafen, an d'Subventionen hate menger Meenung no och zur Konklusioun, datt am Fong d'Baupräis-ser doduerch an d'Luucht gaange sinn awer kee Bauland weider erschloss ginn ass.

Mat Ausnahm vun enger Moosnam, an zwar déi, wou mer am Fong higinn an den Taux op de Plus-valué bis den 31. Dezember dést Joer staark erofgesat hinn. Dat schéngt mir eng Moosnam ze sinn, déi wierlech um Terrain ge-graff huet, a vill vun heibannen, déi um Kommunalplang aktiv sinn, wäerten an de leschte Méint festgestallt hinn, datt vill Leit opgrond vun dár doter Moosnam elo drop dränge fir Terrainen ze verkafen, fir virum 31. Dezember ze verkafen, fir nach an de Genoss vun dár do ter Moosnam ze kommen, wat dann och méi Bauland fräigétt.

D'Regierung huet an hirem Accord stoen: „Seront maintenant en vigueur jusqu'au 31 décembre 2007“ all déi Moosnamen. Et kann een iwwert déi dote Moosname schwätzen ob ee se soll verlängeren. Mä ob et richteg ass, datt ee se elo automatesch iwwert den 31. Dezember verlängert, ass fraglech, well och domadder de Risiko besteebt, datt déi Leit, déi elo énnert deem Drock vun deem Datum wollten Terrainen verkafen, vláicht dann erém denken: Ma dann hu mer jo erém dräi Joer Zäit, da waarde mer nach. D'Präisser ginn nach vláicht an d'Luucht, da kenne mer nach méi verdéngéen an nach manner Steieren och do bezuelen.

Et wier vláicht besser gewiescht, et hätt een den Dag oflafé gelooss an et hätt een duerno nach eng Kéier fir eng bestëmmt Zäit opge-maach. Ech fäerte ganz, datt dat doten dee gudden Erfolleg, deen, mengen ech, an dár doter Moosnam elo läit, doduerch ka schwächech. Et ass eiser Meenung no op jidde Fall besser, Leit ze encoura-giere fir Bauland ze verkafen iwwer esou Moosnamen, wéi Leit ze strofen, déi Bauland wéllen zréckhalen.

An och beim Wunningsbauproblem ass et enorm wichteg, datt d'Gemengen - an doriwver steet och net vill am Koalitionsaccord - déi finanziell Moyené kréie fir en intensive Wunnengsbau, an och kénne Moyené kréie fir d'Nofolge-káschten un Infrastrukturen - schoulecher, kultureller, sport-lecher -, fir dann och do de Besoiné vun der Bevölkerung kennen nozekommen.

An der Asylpolitik, Här President, huet eiser Meenung no déi leschte CSV-DP-Regierung hir Aarbecht net gemaach. Schonn an der Régierungserklärung vum 12. August 1999 huet den Här Juncker deklariert: „D'Gesetz iwwert d'Asylprozedur gétt am Respekt vun der Genfer Konventioun vun 1951 reforméiert, fir d'Délaien, déi mat engem Antrag op Asyl zesum-menhänken, ze verkierzen.“ Náisch ass awer an dár Richtung geschitt.

De 17. Februar 2004 huet mä Fraktionskolleg Jacques-Yves Henckes eng Proposition de loi déponéiert an d'Regierung huet véier Méint duerno och eng deponéiert, déi awer nach net hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Batter néideg ass et awer, datt mer doranner légiféréieren, well mer an Europa dat Land sinn, wat an den Demandé vum Asyl all Rekorder brécht. Esou ass d'Demande op Asyl hei zu Létzebuerg vun 2001 op 2003 ém 124% an d'Luucht gaangen. Am gláichen Zäitraum ass se am europäeschen Duerch-schnétt ém 23% gefall. An der Belsch ass se 31% erofgaangen, an Holland 59%, an Dáitschland 43%, a Portugal 52%, an Dáne-mark 64%. A géschter sinn an Dáitschland Chiffre veröffentlicht ginn, wou se gesot hinn, datt am Vergleich an deene sechs éisiche Méint vun dësem Joer mat deene sechs Méint vum leschte Joer d'Demanden nach eng Kéier ém 30% an Dáitschland zréckgaange sinn.

Létzebuerg ass also europäesche Spätzereider. Och wann ee pro dausend kuckt, sinn hei zu Létzebuerg 3,5% Demandeuren, an der Belsch 1,64; a Frankräich 0,86; an

Holland 0,83; an Däitschland 0,61 op dausend Bierger. Et ass dat en Zeechen, datt hei zu Lëtzebuerg d'Demandeurs d'asile net esou schlecht behandelt ginn, wéi verschidde Leit an Organisatiounen dat versichen duerzestellen.

Mir mussen an désem Punkt lëgifererien. Mir hätten dofir gär als ADR, datt dat Gesetz, fir d'Asylprozeduren ze verkierzen, muss prioritär émgesat ginn, an zweetens d'Verwaltungen och déi néideg Moyenns a Personal kreie fir hirer Aufgab gerecht ze ginn.

Drättens, déboutéiert Asylantendemandeurë mussen och an Zukunft ausgewise ginn. Véiertens, Famillje mat Kanner, déi duerch schleefend Prozedure sech scho bei eis intégriert hunn, solle vu Fall zu Fall gepréift ginn an, eiser Meenung no, regulariséiert ginn.

Fénnftens soe mer awer muss knallhaart duerchgegraff gi vis-à-vis vun den illegalen Awanderer. In akzeptabel ass et, wann eis Sécherheitskräfte quasi musse kapituliéieren par rapport zu illegalen Asyldemandeuren, déi hei kriminellem Aktivitéiten noginn. Ech schwätzen hei zum Beispill vun der Drogemafia hei zu Lëtzebuerg an der Stad op der Gare. Hei ass d'Regierung gefuerert, an d'Leit am Land verlaangen och, datt d'Regierung hei direkt agéiert an hir Aarbecht mécht. An der Regierungserklärung hei sinn eng Rei vu gudden Usätz an dem Text dran. Mir hoffen, datt se och émgesat ginn, esou wéi se dodranner stinn.

E weidere Punkt ass fir eis wichteg: d'duebel Nationalitéit. D'CSV, d'LSAP, d'DP an déi Gréng hunn d'duebel Nationalitéit an hire Wahlprogrammer stoe gehat; d'LSAP scho bei de viregte Wahlen. Déi Gréng och. D'CSV huet sech eréisch um Enn vun der leschter Legislaturperiod gedréint. 1999 bei der Regierungserklärung huet den Här Juncker nach heilanne gesot: „Anstatt eng Debatt iwwert d'duebel Nationalitéit lasszetryden, déi mer eis aus ville Grénn erspuere sollen, welle mir d'Konditiounen, fir Lëtzebuerg ze ginn, erlichteren.“

An déser Fro geet et fir eis als ADR ém Grondsätzleches, ém d'Form vum Statwiesen, ém d'Definitioune vun der Zesummesetzung vum Volk - deenen, déi hei décideerien. Ass et eng ethnesch-kulturell? Ass et e Stat vu Lëtzebuerg oder ass et eng reng administrativ Form? Sinn elektoral Hannergedanken derbäi? D'Integratioun gëtt duerch dés Mesuren, eiser Meenung no, net onbedéngt gefuerert. Ass et richteg, wann ee sech net méi kloer fir e Land oder eng Nationalitéit muss entscheiden?

Den entspreechende Passage am Koalitiounsaccord beweist, datt déi, déi fir d'duebel Nationalitéit sinn, selwer net un eent vun hiren Haaptargumenter gleewen, well et steet dran: „Afin d'assurer l'intégration des immigrés postulants pour la nationalité luxembourgeoise, des cours de langue luxembourgeoise, de culture et d'instruction civique seront mis en place et rendus obligatoires pour les candidats à la naturalisation.“ Mir kënnen dat deelen, mir verlaangen dat och. Mä et ass awer en Zeechen, datt ee seet, eleng duerch d'duebel Nationalitéit gëtt eng Integratioun net realiséiert. Et ass méi wéi d'Nationalitéit.

Et ass och Quatsch, wa verschidde Leit hei mam Argument opfueren, d'Leit missten op hir ugestaamte Kultur verzichten, wa se hir Nationalitéit géifen opginn. Dat huet nach ni ee musse maachen, dat mécht och keen an dat kann och keen, dat huet een a sech an dat behält een. Et muss een och oppassen, datt mer net mat der duebler Nationalitéit eng Manéier, eng Mentalitéit schafen, wou ee kéint unhuelen, datt et eng Profétiermentalitéit ass. Wann ee fir déi Lëtzebuerg Nationalitéit net méi brauch op seng Nationalitéit ze verzichten - wéllt a brauch -, firwat wéllt een dann iwwerhaapt Lëtze-

buerger ginn, wann et net vlächt aus materiellen Interessen oder Kommoditéit ass? Wat ass mat deem néidege Solidaritéits- an Zougehéieregkeetsgefill?

Eng ganz Rëtsch onnéideg juristesch an administrativ Problemer gi geschaافت. Aus gudde Grénn war bis elo ee vun de Statsprinzipien d'Vermeide vun de Plurinationalitéiten. D'duebel Nationalitéit erzwéngt eng ganz Rëtsch vu legislative Moosnamen. Iwwerall wäert sech konsequent d'Fro musse gestallt ginn: Wéi engem Stat sing Législatioun gëllt grad? E puer Standardbeispiller: Den dueble Militärdéngscht, Ausweisungsrecht, Finanzlégislatioun, Steierpolitik, politesch Rechter - Wou wielt een, wou wielt een net? - a vill aner Problémer. De Rapport vun de Professeen Delpérée a Verwilghen zielt se op x Säiten op. A ville Fäll misst all Kéier vu Fall zu Fall an der administrativer Praxis tranchéiert ginn.

E besonnescht Problem ass d'geometresch Progressioun vun den Nationalitéiten. E binationaler Mann bestuet sech mat enger binationaler Fra, hiert Kand kann dräi oder véier Nationalitéite revendiquéieren. Bannen e puer Generatiounen gëinge sech d'Fäll multiplizéiere vu Leit, déi véier, aacht oder méi Nationalitéite kenne kreien. D'Gefor vun enger Zwekklassagesellschaft kënnnt doduerch entstoen.

Eis Gesellschaft gëtt sech duedurch net méi eens, andeems mer einfach méi Ausländer iwwert deen date Wee zu Lëtzebuerg maachen. Duerch d'Méiglechkeet vum zousätzleche Pass gëtt d'Gesellschaft éischter gedeelt an „némme Lëtzebuerg“ an „och Lëtzebuerg“. Esou entsteet och een Zwekklasserecht, andeems déi eng hir jeeweileg Statsbierger-schaft esou notze kënnen, wéi dat hinnen am beschte passt, an déi aner net.

Déi negativ Erfahrungen a Länner, déi do scho méi progressiv virgaange sinn, ginn doduerch bewisen, datt déi no e puer Joer Erfahrung elo erém versichen zréckzrudderen. Do verbreet sech émmer méi d'Meening, datt et am Intérêt vun der Integratioun net aneschters geet, wéi vun de Leit de Choix ze verlaangen.

Falls d'Regierung awer an déi Richtung geet oder sollt goen, fuerdere mir als ADR éischters, datt d'Gesetzgebung garantéiert, datt all Lëtzebuerg, dat heescht mat enger oder méi Nationalitéiten, gläch behandel gëtt.

Zweetens, de strikte Respekt vun de Konditioun fir Lëtzebuerg ze ginn, besonnesch durch Sproochkritären, Konditiounen, déi - drättens - och kompletteiert mussen gi mat obligatoreschen Integratiounscoursen.

Véiertens, némme fir Leit, déi all Kritären erfëllen an net hei gebuer sinn. Mir kënnen net verstoen, datt Leit, déi an enger zweeter an drëtter Generatioun hei gebuer sinn, iwwert de Wee vun der duebler Nationalitéit kéinten déi Lëtzebuerg kreien. Hei si mer der Meenung, datt déi missten iwwert déi Wee goen, déi bestinn. Mä bei Leit, déi am Ausland gebuer sinn an hei an d'Land kommen an d'Konditiounen erfëllen, do kënnnt mer als eng Bréck, eng Barrière verstoen, fir a Richtung duebel Nationalitéit ze goen.

**Une voix.- Eng Bréck oder eng Barrière?**

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** Eng Bréck fir iwwert d'Barrière ze kommen.

**Une voix.- Awer!**

#### (Interruption et hilarité)

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** .... datt d'Regierung sech fir déiselwecht Rechter fir d'Lëtzebuerg, och an deenen anere Staten, asezet.

#### (Brouaha général)

D'Regierung gesäit och vir, de Statsrot ze reforméieren an d'Zuel vun 21 op 27 eropzeseten. Mir si mat däri Proposition averstanen, wa mer awer och kucken, datt de Statsrot an Zukunft d'politesch Spigelbild hei an eisem Land widerspigel.

Bis elo war et émmer esou, datt verschidde Parteie sech hei d'Mandater am Statsrot verdeelt hinn. An eis gréng Kolleegen hu virun dräi Joer, mengen ech, och ee Mandat am Statsrot kritt. Mir waren do an der Positioun, datt mer siwen Deputéierten haten, si haten der fénnef. Dunn hu mir gesot, mir wäre méi staark wéi si. Deemoos huet vun der Regierungssait aus d'Argument gezielt, mä si wierte méi laang an der Chamber wéi mir an dofir hätte si de Virtrött. Ech hoffen, wa mer elo déi nächste Kéier kommen, datt dann net erém d'Argument émgedréint gëtt an datt da gesot gëtt: Elo sidd Dir awer erém méi schwaach wéi déi Gréng, elo zielt dat heiten. Ech mengen...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.-** Dir kritt der zwee an de Statsrot fir dräi Deputéierten!

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** .... hei soll versicht ginn, datt de Statsrot e Spigelbild gëtt vun der politescher Landschaft.

Mä wichtig ass och, datt de Statsrot reforméiert gëtt. An ech mengen, an de leschte Joren hu mer jo schonn Efforté gemaach, d'Gesetz ass schonn eng Kéier reforméiert ginn, mä op däri anerer Sait stelle mer awer och fest, datt de Statsrot ganz dacks der politescher Majoritéit an d'Hand spilli. Ganz dacks kreie mer Avisé ganz séier, wann d'Majoritéit se brauch, a wa se net esou bequem sinn, dann dauert et ganz dacks och ganz laang bis déi Avisé kommen. A wann et ganz séier muss goen, dann ass den Avis schonn do - wéi mer dat kierzlich elo haten - ier de Projet de loi am Fong geholl offiziell hei an der Chamber deponéiert war.

Den Transport ass e Punkt, deen och muss hei diskutéiert ginn. Fir den ADR ass den öffentlechen Transport eng absolut Prioritéit. Mir hinn an deene leschte Méint hei am Parlament d'Debatt iwwert den IVL, iwwert d'Landesplanung gehat, wou am Fong all Parteie sech positiv an déi Richtung ausgeschwatz hinn an dat e bëssen als de Leitfuedem ugesinn hu fir eis gesamtpolitesch Orientatioun an deenen næchste Joren, dofir ass och den öffentlechen Transport ee wichtige Punkt, wou déi leschte Régierung jo eng ganz Rei vu Projete stëmme gelooss huet - ech menge fir iwwer 50 Milliarde Frang sinn der fäerdegt votéiert ginn -, esou dass se am Fong vun déser Régierung elo némme méi brächte realiséiert ze ginn.

Mir wëssen awer alleguer, datt am Fonds du rail net allze vill Geld méi ass, wann dést Joer erém ass, an d'Regierung huet jo och dofir an der Regierungserklärung stoen, datt se ebe bereet wier, Emprunten opzehuele fir déi Investitiounen ze maachen, wat och vun eiser Sait aus d'Zoustëmmung fënnt. De Projet Schummer ass awer deen, deen ech eigentlech wéll nach hei ernimmen, an dee mir als ADR nach émmer als deen effikasse Projet fannen, well deen énnert der Stad erduerch geet a well deen déi verschidde Schinnennetzer matenee verbënnt, ouni datt ee muss émkammen, esou datt ee ka mat engem Material do fueren; et brächte ee keng zweet Eisebunnsbréck ze bauen an et brächte een net duerch d'Stad ze fueren. Et wier also vill méi en effikasst Transportsystem, wéi mer dat an dem anere Modell elo virleien hinn, a

mir maachen eis dofir och nach staark, datt d'Regierung sech déi Iddi do nach eng Kéier duerch de Kapp goe losse soll; nach ass Zait, well wa mer eng Kéier bis dat doten décidiéiert oder realiséiert hinn, ass wierklich keen Émschwong méi méiglech.

Mir sinn als ADR och fir de Gratistransport. Mir hñten dat schonn an eisem Wahlprogramm 1999 stoen a mir hñnn och den 12. Mäerz 2003 hei an der Chamber eng deementsprechend Motioun erabreucht, déi allerdréngs deemoos vun der LSAP ofgeleht ginn ass. Duerno huet d'LSAP awer op eemol de Gratistransport entdeckt. An esou geet et mat der Zait, fir d'éischt lehne se de Gratistransport of, dann op eemol maache se sech staark derfir, da maache si en an hire Wahlprogramm an da komme se an d'Regierung an da realiséiere si en net, da schwätzte se erém net méi vum Gratistransport. Dat ass déi sozialistesch Gradlinnegkeet, wéi mer se aus der Erfahrung scho laang kennen.

**Une voix.- Très bien.**

**M. Gast Gibéryen (ADR).-** En anere Punkt ass awer d'Liberalisatioun vun der Eisebunn. Mir wëssen, datt den 3. Mäerz dést Joer den drëtte Paquet émgesat ginn ass vun der europäescher Kommissioun, deen eng Liberalisierung vun der Eisebunn am Joer 2010 virgesait a vill Leit rege sech elo iwwer Bréissel op. Ech mengen, dat ass virun allem dee wichtige Punkt, wa mer iwwert d'Europapolitik schwätzten a wa mer och iwwert d'europäesch Verfassung schwätzten, wou jo och de Prinzip vun der Subsidiaritéit dra festgehalte ginn ass, wou déi national Parlementer vun Ufank u kenne mat un esou Direktiven oder Projete matdiskutéieren, datt ee sech muss virdrun ausenaner setzen, wat ee wéllt an net et fir d'éischt zu Bréissel akzeptéieren a sech herno iwwer Bréissel opreegen. Bréissel mécht náischt, wou et net fir d'éischt vun den Nationalstaten iergendwann eng Kéier de Pouvoir kritt huet. An dofir ass et besser, wa mer an Zukunft versiche méi fréi déi Debatt ze féieren, da brauche mer eis net herno ze vill opzeregen. A vill Politiker, virun allem Ministeren, verstoppe sech dann hanner Bréissel, vergiessen awer ze soen, datt et d'Regierungen oder d'Parlementer waren, déi am Virfond déi Transferten dohinner gemaach hinn.

Et ass eng Realitéit, datt dat dote kënnnt. D'Sozialisten hñnn an hrem Wahlprogramm, an och an engem Bou, deen de Landesverband erausginn huet, geschriwwen, si géife fir d'Bäibehale vum Statut vum Personal, fir dat aktuell wéi och fir dat zukünftigt, antriédien. D'CSV huet geschriwwen, datt se fir déi Aktuell wier, fir déi déi am Déngscht wieren a fir déi aner misst ee kucken. Mir als ADR hñnn och geschriwwen, et misst ee fir d'Bäibehale si vun dem Statut fir dat aktuell Personal an et misst ee fir déi Leit, déi duerno, wann eng nei Gesellschaft gegrënnt gëtt, kucken, datt déi énnert dem Privatbeamtestatut géif astellen.

D'Regierungserklärung schwätzzt sech iwwert deen do wichtige Punkt awer net aus, mä si geet an eng Tripartite eran - wéi déi Kolleg Bausch et och elo scho virdru gesot huet -, wou d'Parlement awer nach náischt dervu gewuer gëtt. A mir mengen awer ganz, datt dat heite just eng Déviation ass, fir de Sozialisten d'Méiglechkeet ze gi fir Zait ze gewannen, fir d'Kéier ze kréien, well um Schluss wäert dat schonn erauskommen, wat ebe vun der CFL-Direktioun a wat an deene leschte Wochen a Méint an der Diskusioun war. An ech si gespaant, wéi verschidde Leit, déi mer jo och elo hei an der Chamber sätzen hñnn - ech mengen ee vun de Kolleegen ass souguer President vun der Transportkommissioun ginn -, dat da realiséieren, fir datt mer déi sozialistesch Fuerde-

itung, fir datt och déi Zukünfteg hire Statut kënnen erhalten, realiséiert kreien. Ech fäerte ganz, datt net némmer énnert déser Regierung déi Zukünfteg hire Statut net behalen - dat fäerten ech net, well dat kënnnt - mä ech fäerten dorriwwer eraus, datt déi Aktuell, déi bei der Eisebunn schaffen, och hir Carrièren net wäerte ganz behalen.

D'Zait leeft mer fort, Här President.

Zu der Éducation dann, wéll ech da méi séier driwwer goen. De Précoce gëtt generaliséiert. Bis 2009 sollen all d'Gemengen am Land de Précoce ubidden. Dat ass eng gutt Saach, well mam Précoce huet sech erwisen, do wou en ass, datt et virun allem fir d'Integratioun vun eise Kanner, vun eisen auslännesche Matbierger, dat wierkungsvoll Instrument ass fir d'Kanner fit ze maache fir eise Schoulsystem. Well wa se an de Précoce an an de Préscolaire ginn, schwätzten déi Kanner alleguer perfekt eis Sprooch an et ass dofir och en Avantage fir si, wa se an d'Primärschoul kommen, fir dann do besser mat duerch de Schoulsystem ze goen.

De Cours Morale laïque a Relioun gëtt versuchsweis zesummege-luecht a mir hñnn als ADR schonn 1998, wéi mer hei iwwert d'Konvention mat verschidde Reliounen geschwätz hñnn, gesot, datt mir derfir wieren, datt een an alle staatliche Schoule eben déi Courses sollt zesummeleeén. Mir bedauer, datt dat hei elo némme versuchsweis an enger Schoul gemaach gëtt an datt net hei de Courage opbruecht ginn ass, fir eben hinzegeen an dat direkt an alle Lyceeën hei am Land flächendeckend ulafen ze loessen - d'Ganzdagsschoul stoung iwwregens och schonn an deem ale Wahlprogramm.

Mir sinn der Meenung, datt een déi och sollt méi breit gefächert ubidden an awer net némme am Postprimär, mä datt een dat och sollt versuchsweis am Primär maachen an deene Gemengen, déi wéllen an déi Richtung goen, wou och de Stat finanziel héllefe soll, fir datt se déi néideg Infrastrukture kreie fir eben och eppes mat deene Bezooken, déi vun de Leit do un d'Gemenge gestallt ginn, kënnen op deem Niveau mat der Ganzdagsschoul fakultativ unzefänken.

An Zukunft ginn och Tester weidergemaach vum Schoulsystem, vun de Studenten an och vun den Enseignanten. Mir hñnn émmer bedauer, datt d'Lëtzebuerg Regierung de PITA-Test net matgemaach huet, dat wier och schonn eng gutt Léisung gewiescht.

De Referendum, Här President, do si mer frô, datt deen am Fong an déser Regierungserklärung steet, mä ech wéll awer soen, datt och schonn an der Regierungserklärung vun 1999 drastoung, datt e Referendum géif kommen. Mir hñnn an der Tëschenzäit eng Proposition de loi kritt, déi scho vu virun der nächster Regierung war vun 1998 vu mengem Fraktionskolleg Roby Mehlen, an et ass och den 20. Mee 2003 vun der Regierung e Projet de loi deponéiert ginn, fir de Referendum ze maachen, deen awer och nach net Ge-setzeskraft huet.

Et ass wichtig, datt mer de Referendum hei zu Lëtzebuerg aféieren, fir eben do eng partizipativ Demokratie hei zu Lëtzebuerg ze stärken, fir de Bierger och d'Méiglechkeet ze ginn, fir téschent de Wahlen iwwert dee Wee, wa si et wéllen, an alle Proposition-de-loi sinn d'Kritäre jo relativ héichgehalen, esou datt mer net all Sonndeg e Referendum kréien, mä wa wierklich et eng kruzial Fro ass, wou vill Leit dat welle kréien, datt een da kann e Referendum maachen.

Mir sinn eis heibannen an der Chamber eens gewiescht, partiiwwergräifend, datt mer e Referendum géife maache fir den europäesche Verfassungsvertrag, wou haut dann och eng Motioun

hei deponéiert ginn ass. Ech géif éischter dofir plädéieren a menger Meenung no wier dat méi richteg, wann e Referendum wier, datt en dann an all deene Länner an der Europäescher Unioun, déi e Referendum maachen, zum gläichen Zäitpunkt, deeselwechten Dag wier, datt am Fong net ee Land de Vote vun deem anere Land géif beaflossen. Dofir géif ech et besser fannen, wann um europäesch Niveau en Datum géif fixéiert ginn an da gesot gétt, déi Länner, déi e Referendum maachen, maachen en alleguer deeselwechten Dag.

Här President, den Déiereschutz soll an d'Verfassung kommen. Dat begréisse mer. Et ass eng laang-jähreg Fuerderung vun eis. Mir sinn awer och der Meenung - an ech wéll dat nach eng Kéier hei erhielen -, datt een niewent dem Déiereschutz och misst eis National-sprooch an d'Verfassung aschreien.

D'Parteiefinanzierung, kuerz zum Schluss, soll och kommen. Och hei sollen d'Parteien een Accord fannen. Mir hunn als ADR de 26. Januar 1998 eng Proposition de loi gemaach, well mer deemools schonn der Meenung waren, datt et e Parteiefinanzierungsgesetz muss ginn, wat strikte Kritären énnerläit, wat och transparent ass, wat enger öffentlecher Kontroll énnerläit a wou d'Parteien dann net müssen an en Ofhänggekeetsverhältnis kommen a mengen oder misste Sue vu Betriber ze kréien, mä eng Demokratie brauch nun eemol ebe Parteien an da soll och eng Demokratie dee finanzielle Vole opbréngen, fir hir Parteien ze finanzieren, fir datt se da können a voller Onofhänggekeit hirer Missionen no goeno. Den ADR begréisst dès Initiativ an hofft, datt sech och e Konsens énnert de Parteie fénnt.

Leider ass meng Zäit ofgela. Ech wéll just nach soen, Här President, datt ech bedaueren, datt ech net nach konnt iwwert d'Agrar- an d'Wäibaupolitik diskutéieren, wou mer haut eng Situations hunn, déi zréckzeféieren ass op eng Politik, déi iwwer Jorzéngte gemaach ginn ass a mir fäerten, datt mer no fénnef Joer erém eng Kéier bei därselwechter Situation ukomm sinn, well och an dëser Regierungserklärung keng grouss Propositionen an déi Richtung gemaach gi sinn.

Och iwwert d'Gemengen, déi eng wichteg Roll an eiser Gesellschaft spiller, fénnt ee keng Léisungen, wéi een deen Déséquilibre téshent de Finanzen, déi de Stat huet engersäits an déi d'Gemengen anerersäits hunn, kénnt réajustéieren, wéssend, datt de Stat an deene leschten zéng, fofzéng Joer enorm Reserve konnt uleeën, d'Gemengen op dár anerer Sait am selwechten Zäitraum awer grouss Scholden hu misse maachen. Hei muss virun allem dru geduecht ginn, wa mer wéllen den IVL, wa mer wéllen eng intensiv Wunningsbaupolitik maachen, da müssen d'Gemengen och dat Geld kréien, wéi ech virdru scho gesot hunn, fir d'Konsequenze vun deem intensive Wunningsbau kennen ze meeschteren.

Mir hunn elo véier ehemoleg Buergermeeschteren nei an d'Regierung kritt: Den Här Di Bartolomeo, den Här Lux, den Här Asselborn an den Här Halsdorf; een dovunner, eisen neien Innenminister, ass esouguer Generalsekretär vum Syvicol gewiescht. Den Här Di Bartolomeo an den Här Lux ware Comitésmembere vum Syvicol, esou datt mer do am Fong keng Baang méi ass, datt elo op Regierungsniveau d'Interesse vun de Gemenge wéierte wierkungsvoll vertrueden ginn an datt mer déi Problemer, wou mer elo scho jorelaang am Syvicol streiden a jéimeren a quasi heesche musse goen, datt déi dann elo endlech wéierte gelést ginn. Ech gesinn, den Här Statsminister wénkt scho virreidend jo mam Kapp, datt déi Problemer...

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Ech froe mech, ob ech net soll déi nächste Kéier Generalsekretär vum Syvicol ginn. Dat hätt Der bestémmt léiwer.

#### (Hilarité)

Da géif den Här Bartolomeo sech méi liicht duerchgesat kréien.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wie weess, wat gutt wier?

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Jo, fir den Här Di Bartolomeo wier dat ganz gutt.

#### (Hilarité)

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, et wier nach sécherlich villes ze soen zu der Regierungserklärung, mä am Respekt vuru menge Kollege maachen ech dat dann eng aner Kéier. Mir kréie jo och alleguer elo geschwenn d'Geleeéhheet bei de Budgetsdebatte.

Datt mir dëser Regierung d'Vetrauen net aussprechen, versteet jiddereen. Trotzdem wénsche mer der neier Regierung am Interesse vum Land an alle Leit, déi hei schaffen a wunnen, vill Erfolleg.

Merci.

**M. le Président.**- Ech soen dem Fraktionschef vum ADR merci fir seng Interventioun. Domadder ass d'Léscht vun de Riedner vun den Députéierten erschöft an ech géif d'Regierung froen, ob se inspiriert ass opgrond vun deenen Interventiounen fir Stellung ze huelen.

#### (Assentiment)

Här Statsminister, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dár Erklärung, déi ech géschter hei virgeluecht hunn, déi net si eleng de Regierungsprogramm ass, deen ergétt sech nämlech, wéi kaum nach een erwähnt huet, aus der Ried an aus dem Koalitionsaccord, deen dár Ried báilouch, hu mer haut eng parlementaresch Aussprooch, haupsächlich iwwert d'Ried an net iwwert de Regierungsprogramm, dee setzt sech nämlech zusummen aus de Rieden aus dem Koalitionsprogramm, dee báilouch, héieren an ech wollt merci soe fir alleguer déi, déi der Regierung hei d'Vetrauen ausgeschwat hunn an och fir déi, déi all Guddes gewénscht hunn.

Den Här Gibéryen sétzt ewell lénks vum President. Dat ass eng erstaunlech parlamentaresch Verierung, déi hei sétzplazeméissig stattfénnt. Déi Gréng sétzt riets, den ADR sétzt lénks, mä ech hu mech ni esou gutt gespürt wéi iergendwou an der Mëtt.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Ech fannen, datt mer endlech richteg sétzt.

#### (Hilarité)

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Här Jaerling, et ass mir egal wou Der sétzt, d'Haaptsaach ass Dir sétzt zu émmer manner hei. Dat ass dat eenzegt wat mech intereséiert.

#### (Hilarité)

Ech hu jo elo grad gesot, ech géif mech prett hale fir eng kommunalpolitesch Carrière unzefánken, Här Gibéryen. Dat heescht elo net, datt Dir eng aner ufánkt.

Onofhängeg dovu wollt ech soen, datt ech fonnt hunn, datt déi Aussprooch hei erfréschend war, wann och net an allen hiren Deeler Kenntnis vermehrend, well trotz ville richtege Saachen, déi gesot gi sinn, dat zeechent d'Riede vu géschter a vun haut aus, war dat heiten d'Fortsetzung vum Wahlkampf mat postelektorale Mëttelen. An de Problem ass, d'Chance och, datt den 13. Juni Wahle waren. An

deen Eenzegen, deen dat am volen Émfang hei richteg genoss huet, dat war de Fraktionschef vun der CSV, hunn ech fonnt. Déi aner maachen esou wéi wa keng Wahle gewiescht wieren a wéi wann een erém kénnt do virfuere wou een opgehalen huet. Den 13. Juni sinn d'Létzebuerger wiele gaangen. Et wier gutt, wann och dëst Haus an all senge Compananten dat emol géif zur Kenntnis huelen. Et ass jo net meng Schold, dass d'CSV esou vill gewonnen huet.

**Plusieurs voix.**- Dach!

#### (Hilarité)

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Da sot der CSV, dass dat meng Schold ass. Déi Eenzeg, déi dat nach esou richteg genéissen, dat ass den Här Grethen. Sot der CSV dat dauernd an émmer erém.

**M. Henri Grethen (DP).**- All Dag!

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Den éische Saz vun Ärer Ried, Här Grethen, war dee Beschten, deen hei an der ganzer Debatt gesot ginn ass, mä e war net ganz richteg.

**M. Henri Grethen (DP).**- Dach.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Här Grethen, ech ginn op kengem Punkt léiwer widdersprach wéi op deem Punkt.

**M. Henri Grethen (DP).**- Jo, ech weess.

#### (Hilarité)

Repetitio est mater studiorum.

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Den Här Grethen ass klassesch gebilt an e wollt soen, ...

#### (Hilarité)

...eng dauernd Widderhuelung, dat ass d'Mamm vun der Wessenschaff, an et gétt Quartéieren hei am Haus, do muss een dat méi oft widderhuele wéi an aneren.

Dat Zweet wat ech wollt soen ass, datt et natierlech net méiglech ass, à moins datt de Wonsch besteet, datt een op alles ageet wat elo hei gesot ginn ass, well et ass hei vermëschte ginn Athmosphäresches, Ambitionelles, Praktesches, Pragmaticsches an deemächst funktionell ze Gestaltendes. Entweider diskutéiere mer dat intensiv a breet elo a mir kucken dat au fur et à mesure wéi dee Regierungsprogramm sech evolutiv entwéckelt, an dann huet een normalerweis méi Geleeéhheit, méi Riedezäit an och méi argumentativ Zäit a Platz an deenen zoustännege Chamberskommissioune fir dat kennen ze maachen, wéi dass een dat elo hei mécht mat séiere Sätz a mat halfe färdegen Iwwerleeungen, well een e puer Etappe muss iwersprange fir direkt zur Konklusioun ze kommen. Et huet ee beser et mécht een dat am normale parlamentareschen Oflaf.

Ech géif duerfir just gäre soen, dass een op alle Pläng an iwwerall Konsequenzen aus de Wahle muss zéien. Ech hunn et e bësse gelunge fonnt, mä ech hu jo hei net am Numm vun enger Partei ze schwätzen, dass sech doríwwer opgereett gétt, dass och Elementer vum CSV-Denken am Regierungsprogramm sinn. Et hätt och nach just gefeelt, dass dat net geschitt wier! Ech wär vrou wann d'Leit heibannen d'Meening vun de Létzebuerger e bësse méi géife respektéiere wa se wiele ginn. Déi hu jo gewielt! Et wier gutt wann dat géif zur Kenntnis geholl ginn.

Dat Zweet, déi verschidde Motiounen, déi hei abruecht gi sinn, beschäftige sech mat désem a mat deem, an d'Rieden, déi se ageleet hunn, hu sech - wéi dat üblech ass - mat der Aart a Weis beschäftegt wéi d'Wahle verlauf sinn, ouni dass d'Resultat besonnesch Würdigung fonnt huet, a mat der Aart a Weis wéi d'Koalitionsgeprücher verlauf sinn. Elo ginn ech scho lues a lues en ale Mensch, obschonn déi Weisheet, déi normalerweis mat deem Prozess parallel muss goen, sech nach net esou richteg astellt, an elo sinn ech zénter 1984 a Koalitionsverhandlungen derbäi. A gelungenerweis, egal wat an deene Koalitionsverhandlungen war an egal wéi dat do gaangen ass, egal wéi do diskutéiert ginn ass, egal wéi do procès-verbaliséiert ginn ass, d'Riede vun den Oppositionschee sinn eigentlech émmer därselwecht.

D'Riede vun de Fraktionschefs vun där Partei, déi an d'Regierung kénnt, déi suivéieren och déi Schnouer, déi do gezunn ass, an ech hunn net fonnt, dass dat dës Kéier wesentlech anescht an der Tonalitéit war wéi soss, obschonn ech dem Henri Grethen muss soen, dass ech selbstverständliche déi Mixtur aus Detachement, aus Humor an aus feinfühliger Ironie ge noss hunn. Vun alle Choixen, déi en hat, huet en dee gemaach, deen am beschten zu him gepasst huet, an dat war - souguer fir d'Sozialistesche Partei hunn ech fonnt, mä Dir musst dat selwer jugéieren - ganz erträglech, wat en do gesot huet. Well wann een eng Zäit laang an der Regierung war, selwer, mat aneren, weess een, dass dat anescht ass wéi heibannen an dann dréckt ee sech och deemsprechend aus.

Déi, déi nei erakommen, maachen déi Erfahrung och ganz séier. Net némme bei der Sozialistescher Partei. Ech gesinn och esou vill Newcomer do bei der CSV, deene geet et ganz genau d'selwecht. Alles ass anescht deen Dag wou ee bis an der Regierung ass an et huet mat deem ganze Rescht wat virdru war net méi ganz vill ze dinn, dat muss jiddferee wéssen. Eng Regierung setzt sech formal aus zwou Parteien zusummen. Eng Regierung ass do fir d'Land ze regieren. D'Parteizougeheirégée spillet eng énnergeuerdhet Roll wann eng Regierung soll richteg fonctionnéieren. Esou hu mer dat an der leschter Regierung gehal, esou wëlle mer dat och an dëser Regierung halen.

Den Henri Grethen huet eng Motiouen abruecht hei iwwert de Referendum. Ech huellen dat eescht, wat an dár Motiouen gesot gétt. An dár steet, dass de Referendum begréissétt gétt, dat soen all Fraktionschefs hei am Haus, an et steet dran, dass mer sollen eng national Debatt maachen. Dat mengen ech och, dass déi an aller Breet an an aller Déift muss gefouert ginn. Ech géif déi Motiouen am Numm vun der Regierung unhuele wann d'Demokratesche Partei, déi liberal Kollegen dermat d'accord wieren op déi apodiktesch Formuléierung ze verzichten, déi géif wëllen, dass dee Referendum virum Enn vum Joer muss stattfannen.

Dat ass eng Méiglechkeet, mir hunn déi laang diskutéiert, och während der Regierungsbildung. De Vertrag gétt Enn Oktober énner schriwwen. Da geet en an de Statsrot. Da kénnt en erém. Dee muss aviséiert ginn, dee muss diskutéiert gi vum Parlament. D'Parlament muss een éische Vote maachen, well d'Leit hunn e Recht ze wéssen wéi d'Parteien zu deem Vertrag stinn, an da kann een décemment érischt ufánker eng Campagne mat Pro a mat Kontra am Land an och soss doruechter an de Medien ze organiséieren. Ech gesi ganz schlecht wéi mer dat zäitlech virum Enn vum Joer géifen hikréien.

Fir dat während der Presidentschaft ze maachen, do gesinn ech gréisser Schwierigkeiten, obschonn ech och Avantages derbäi gesinn, well un esou enger Referendumscampagne géif een nawell net ongär deelhuelen. Mä ech fäerte ganz, dass dat zäitlech schwierig ass, a mir hate gemeint, och no engem éische Gespräch am Krees vun de Regierungschee vun der Europäescher Unioun, dass mer emol solle kucken ob mer et net fäerdege bréngen, dat op een Datum oder wéinstens op 14 Deeg gruppéiert ze kréien, all déi Refrenden do an Europa.

Duerfir wollt ech déi liberal Kollege froen ob se op déi, wéi ech gesot hunn, apodiktesch Formuléierung do net kénne verzichten a vläicht kénnte soen, dass d'Regierung an d'Chamber zusummen een Datum solle festleeb bis zu deem dee Referendum soll sinn, nodeem d'Regierung kónnt hei am Parlement oder an der Kommission doriwwer berichten, wéi déi allgemein Aschätzung vun dár Fro bei deenen anere Regierungen an Europa ass. Mä dat kénne mer vläicht herno an der Diskussion kucken.

Da freet den Här Grethen, esou wéi déi leschte Kéier anerer dat gefrot haten, fir d'Procès-verbaux vun de Koalitionsverhandlungen ze publizéieren. Wat nei ass, dat ass, dass en de Statsminister als Krounzie béméit fir dat ze maachen, an deen en an der Motiouen schreift, de Statsminister hätt déi leschte Kéier gesot an deem Punkt: „Dér nächste Kéier sollen d'Parteien direkt décideeren, wa se ufánker ze négociéieren, hir Procès-verbalé public ze maachen.“ Si hunn et net décideert, Här Grethen. Si hunn et net direkt décideert, an elo ass et ze spéit fir dat ze maachen.

**M. Henri Grethen (DP).**- Domm gaang!

#### (Hilarité)

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Mä wann d'CSV bis eng Kéier net méi an der Regierung ass, wat jo hei relativ okumenesche Wonsch ass, dee sech och schlecht verstoppet kritt huet an deene verschidde Einlassen, y compris vum Här Fayot, deen awer nach zou sech kénnt op deem Punkt, ...

**Une voix.**- En huet fénnef Joer Zäit!

#### (Hilarité)

**M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- ...da kénnt Der dat jo eng Kéier maachen. Dir kénnt dat jo eng Kéier maache wann d'CSV net derbäi ass. Ech schloen lech vir, dass Der am Juli 2019 déi éische Kéier de Versuch énnerhuelt fir d'Procès-verbaux dann ze publizéieren, dann diskutéiere mer ganz gäre mat.

D'Motiouen 4 vum Henri Grethen betréfft d'Mammerent. Do huet een och zwou Méiglechkeiten. Entweider diskutéiert een de Fong vun dár Thematik direkt oder et diskutéiert een de Fong vun dár Thematik wann den zoustännege Minister mat sengem Gesetzesprojet, deen aus e puer Deeler besteht, hei an d'Chamber kénnt. Ech hu jo géischter eng Ried gehalen iwwer Moderniséierung, iwwer Mentalitéitswiesel, iwwer Émstellen, an ech hu jo haut déi éische ängschlech Reaktionen hei cumuléiert déferléiere gesinn, an doríwwer muss een dann eng Kéier an aller Rou schwätzen. Ech wéll elo wierklech de Fong net arboréieren, mä et huet een esou vill Argumenter op dár enger wéi op dár anerer Sait, fir et esou ze finanzieren oder fir et anescht ze finanzieren.

Déi eng soen esou an déi aner soen esou. Dat muss een an aller Rou diskutéieren. D'Regierung schwätzen selbstverständlich och mat de Sozialpartner nach eng Kéier doríwwer, mat de Patronen, mat de Gewerkschaften, wat ganz normal ass wann ee substanziel Neierunge mécht am Beräich vun der Sécurité sociale a vun der Finanzierung. Dat kann een net im-

poséieren. Dat muss ee jo och net négociéieren, mä et muss ee jiddefalls diskutéieren, fir dass ee sech deem anre géintiwwer ka méi verständlech maachen.

Déi ganz Diskussiou ass jo net némme mat Bléck op eis Systematik vu Rentefinanzéierung ze féieren, mä huet sech anzestellen op ee Gesamtkontext dee sech aus ganz villen Elementer zesummesetzt, esou wéi mer dat och an deene leschten Tripartitesronne gemaach hunn, wéi mer dat a Relation gesinn hu mat enger richteg Lecture am Ausland vun dem globalen Anhale vun de létzebuer-gesche Stabilitéitskritären, déi mer aus dem Pakt müssen ofleeden, wou mer net a Gefor sinn, mä wou Getässels am noble Senn vum Wuert esou oder esou ka ginn an aner Lecturen och fir zukünftig Investisseuren zu Létzebuerg.

Doriwwer schwätze mer selbst-verständlech nach eng Kéier mat de Gewerkschaften a mat de Patronen. Si kënnen och do uknäppen un dat wat se an deene leschten Tripartitesronnen zu deem Thema gesot hunn, wéi alleguer déi, déi an der leschter Tripartitesronn an dëser oder an där Funktioun derbäi waren. A well ee jo eng gewëssen Zäit brauch fir erém Uschluss dorun ze fannen, well jo och münches vläicht nach an de Stabilitéitspaktészungen zu Bréssel sech kann entwéckelen, fannen ech eigentlech, déi Motioun vu mengem Frénd Henri Grethen wier verfréit. En hält ee Punkt aus dem Regierungsprogramm eraus. Nodem bedauert ginn ass, alles dat wier zimlech ondäitlech, wat do steet, gefäßt d'Regierungspolitik net richteg, wa se däitlech ass. Mä och iwwert dat, wat däitlech ass, muss ee selbstverständlech mat deenen, déi nach Verantwortung hei am Land droen, diskutéieren. Dofir géif ech mengen, dass et méi richteg wier, wann d'Chamber op déi Motioun géing zréckkommen an deem Moment, wou d'Fro sech stellt.

Mir hunn eng Regierungsklärung, mir féiere Gespréicher mat déesen a mat deenen. Jiddengem ass bekannt, wie wat fir eng Meenung huet. An engem ziviliséierte Land, och an enger ziviliséérter Sozialuerndung, muss ee kenne mateneen diskutéieren, an dee Moment, mengen ech, wier de Moment komm, fir doriwwer ofzestëmmen an net dat verfréit ze maachen.

Dat wier och de Beweis dofir, datt ech mech géiert hunn op engem Punkt. Nämlech wéi ech am Ufank vu menger Antwort gesot hunn, dat hei wier d'Fortsetzung vum Wahlkampf mat postelektorale Mëttelen. Mir ginn elo an eng legislativ Prozedur, mir sollen dat mat legislative Mëttelen no Gespréicher mat den Interesséierte klären.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ech soen dem Statsminister merci fir sing Interventioun, an dann huet de Vize-premier, den Här Asselborn, d'Wuert gefrot. Den Här Vizepremier an Ausseminister huet d'Wuert.

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech war 20 Joer hei am Parlament. Ech si lo net befall vu parlamentareschen Zuckungen, fir mech müssen hei elo ze défouléieren. Ech wéll awer, an ech men-gen, dat verstitt Dir, am Numm vun där Partei, déi och an der Regierung ass, dem Här Henri Grethen als Spriecher hei vun där gréisster Oppositounspartheid aver e puer Minutte widmen, a mech virun allem mat deem ausenaner setzen, wat hie gesot huet.

Den Här Grethen huet hei eng profund Analys jo gemaach vun der Létzebuerger Politik, haut am August 2004. E fundamentale Re-

proche ass ze notéieren, nämlech en huet ee graven Iwwerflächlechkeetsfeeler gemaach a sengen Discours, deen d'Glaafwierdegkeet och vun deem Discours a Fro stellt, nämlech hien huet verpasst d'Analys ze maachen, firwat dass oder wat d'Ursaach ass, dass d'Demokratesch Partei een Dréttel vun hire Sétzt - fénnef vu fofzéng - verluer huet den 13. Juni 2004.

Ass dat well de Wieler náischt verstanen huet? Oder ass dat vläicht un éischter Plaz, well d'Demokratesch Partei neie Wand gepriedegt huet 1999 an och nach e puer Méint duerno mat Offensive vun Transparency, vun Dialog a vu Stil, an en fait dést awer alles, fir de Wieler op alle Fall, e Schiet an der Tüt war.

Dem Här Grethen a senger Partei géif ech wéllen an aller Frénd-schaft - hien huet dat jo och ganz fréndschaflech hei vis-à-vis vun eis gemaach - un d'Häerz leeén, vläicht am Summer ze profitéieren an eng kleng Summeruniversitéit ze organiséieren, fir iwwert déi Fro do ze schwätzen, an den Här Thorn - dat ass de Létzebuerger Eierestatsminister -, ee vun hinnek, als intellektuelle Guide fir d'Universitéit vläicht froen.

#### (Hilarité)

Och da géif d'Demokratesch Partei mengen ech gutt verstoën, dass d'Mëllechmänner keng Hännesse si beim Rechnen.

Här President, ech ginn zou, dass et eng Grétz subtil ass. Mä ech mengen awer, den Här Grethen huet den Effort mol guer net versicht ze maachen, fir den atmosphäresche Ruck, deen an der Regierungserklärung vum Här Juncker géschter hei virgedroe ginn ass, och richteg ze interpretéieren.

D'CSV an d'LSAP sinn zwou Parteien, déi sech kennen. Si hunn, mengen ech, Kenntnis vun hirem Dehnungspotenzial, wat eng där anerer kénnt zoutrauen, och vun híre Limiten.

#### (Hilarité et interruptions diverses)

De Ben Fayot huet de Moie gesot...

**M. Jean-Claude Juncker,** Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Kéent Dir dat do nach eng Kéier soen?

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Vu 60 Joer, sot de Ben Fayot de Moien, waren déi zwou Parteien 30 Joer mateneen an der Regierung, an, Dir Dammen an Dir Häre vun der Demokratescher Partei an déi, déi elo esou gejaut hunn: Dat huet dem Land nach ni geschuet. Nach ni!

D'CSV an d'LSAP ginn net zesummen elo an e fénnefjährege Krich, mä ganz einfach hu se als zwou Koalitiounsparteien zesummen, gemeinsam a solidaresch a geschlossen dem Land ze dénge fir d'Land virunzebréngen. Dat ass eng Aufgab, eng nobel Aufgab, an et ass net méi an et ass net manner. An ech soen dat och hei bewosst no enger CSV-DP-Regierungsperiod, wou jo och kee behaapt huet, wéinstens net an eise Reien, dass de Plaffong op de Kapp vum Land gefall wier, mä a munche Gebidder si Verbesserunge méiglech an der Politik. De Wéllen ze reforméieren muss vill méi ausgeprägt ginn. Et muss méi intensiv och gekuckt ginn, dass déi Chimie an der Koalitioun besser stëmmt, a mir sinn iwwerzeeght - dat huet d'Geschicht och gewissen -, dass schwarz-rout och an der Chimie besser a méi produktiv ass wéi ebe schwarz-blo.

An deem Senn, Här President, wéll ech hei ganz kloer soen, fir dem Henri Grethen ze ántwerpen, dass et keng einfach Ministèrë gétt an och keng schwéier Ministèrë an enger Koalitioun. D'Schoul, d'Ekonome, d'Sécurité sociale, d'Santé, den Environnement, den Transport,

d'Aussepolitik an d'Immigratioun si mat enger Ausnahm, Här Grethen, déi Ministèrë, déi d'Demokratesch Partei zénter 1999 och ze betreien hat. Dat - kann ech mech erënneren - waren an der Zait, wéi Dir uegetruede sidd, blo Reformplattformen, a wann haut da Leit, déi net an Árer Partei sinn, do gefuerert sinn, da sinn et op eemol Cadeaux empoisonnés. Och dat versteet de Wieler net, an do quitscht et e wéineg an der Logik.

Zu Immigratioun an Asyl wéll ech Kloer hei soen, dass dat eng schwéier Aufgab ass, héchstwahr-scheinlech souguer déi schwéierst Aufgab, déi eng Regierung huet, well et jo hei ém Mensche geet an ém mënschlech Schicksaler. De Rechtsstat an d'Mënschlechkeet praffen hei openaner.

Mä ech wéll hei och kloer soen, Här President, d'Demokratesch Partei an deene leschte fénnef Joer war bei deem Théma absent. Et huet een náischt héieren an et huet een náischt gesinn. An déser Regierung gétt elo dat gemaach, wat mengen ech néideg ass, fir dass een och der Verantwortung bewossst ass. Et gétt „burden sharing“ gemaach. D'Immigratioun am Ausseministère, de Logement vun de Réfugiéen a vun deene Leit, déi Asyl sichen, am Familljeministère, a Selbstverständlech ass de Justizminister responsabel fir déi Immigration illégale.

De JAI, och do braucht der lech guer keng Suergen ze maachen, dat hu mer énnert de Kolleegen of geschwat, dat mécht den delegiéierte Minister am Ausseministère, den Här Nicolas Schmit, an dat ass och alles ofgeschwat mam Justizminister.

Also, d'Immigratioun ass fir eis LSAP-Politiker keng Strof. Et ass eng Frausfuérderung. Also géif ech och mengen däerfen hei ze soen, Dir Dammen an Dir Häre vun der Demokratescher Partei a vun aneren, déi dat jo och hei ugedeit hunn, dass esou Schueberfouerterminologie, wéi kuschen oder diktéieren oder notéieren...

#### (Interruptions diverses)

**M. Henri Grethen (DP).**- Dat ass aus Árer Zeitung. Do sidd Dir Aktionär.

#### (Hilarité)

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Oh, Här Grethen! All déi Terme vum Kuschen, vum Notéieren a vum Diktéieren, hunn ech gesot, losse mech kal, an ech Hoffen, dass d'Demokratesch Partei mat esou Slogane hire Profil ka schärfen an dann och hire Frust ofbaue kann.

Also, egal vu wiem se kommen, Här Grethen, mat deenen Termen do iwwerzeeght Dir net d'Wieler, fir d'nächst Kéier d'Demokratesch Partei ze stëmmen.

#### (Hilarité)

D'Basis, fir dat och ze soen, d'Basis vun der LSAP huet zu 80% an engem geheime Vote de leschte Freideg...

#### (Interruption)

Wéini hat d'Demokratesch Partei jee eng Kéier e geheime Vote op engem Kongress? Ech ka mech un náischt esou erënneren. Ech hunn ni esou eppes gelies.

#### (Interruption)

...huet d'LSAP sech an engem geheime Vote zu 80% fir d's Koalitioun ausgeschwat.

De Premier Minister huet géschter hei gesot: „Net all Komproméss gefält mer.“ Selbstverständlech soen ech dat och. Mä et gétt eng radikal Regierungsform - eng radikal -, wou Komproméss ausge-

schloss sinn; dat ass d'Diktatur. Eis Partei ass eng Partei, déi Komproméss dann akzeptéiert, wa se an déi richteg Richtung ginn.

D'Mammerent: Do ass e Komproméss fonnt ginn. Mat der Demokratescher Partei wier um Finanzierungsmodell datselech Resultat erauskomm wéi mat eis, mat enger Ausnahm, a mat enger wichtiger Ausnahm. Fir d'Demokratesch Partei ass et négligeabel, dass vill kleng Rentebézéier, ongefier 2.000 un der Zuel...

#### (Interruptions diverses)

...2.000 un der Zuel och vun der Mammerent profitéiere können.

#### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

**M. Henri Grethen (DP).**- Den Här Asselborn, dee kaum an der Regierung ass, kann dach elo net ufánken hei esou Onwourechten ze soen.

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Da loosst mech dach just fäerde maachen, da ként Der jo soe wat Der wéllt.

Fir d'Demokratescher Partei ass et och négligeabel - wann ech den Här Grethen héieren hunn -, dass am Létzebuerger Schoulwiesen déi éischte Kéier een eenzege Cours iwwer Wärter agefouert géett, d'Geschicht vun de Reliounen an och d'Weltanschauungen.

1994 hunn d'CSV an d'LSAP eng Koalitioun ausgehandelt. An dä Koalitioun ass de Moral- a Sozialunterrecht an alle Primairesklassen am Land verallgemengert ginn; dat war eng sozial-liberal Reform. Dës Koalitioun feiert de Wäertecours an der Ganzdagsschoul an; och dat ass eng sozial-liberal Reform. An zweemol war d'Demokratescher Partei net do derbäi. D'Demokratescher Partei hat téschent 1999 an 2004 aner Objektiver, déi an déi falsch Richtung gaange sinn.

**Mme Anne Brasseur (DP).**- Wat Dir sot ass alles falsch! An Dir sidd Chef vun der Diplomatie, schummt lech!

**M. le Président.**- Madame Brasseur, wann Der wéllt dem Här Asselborn eng Fro stellen, da stellt se, mä énnerbriechet net déi ganzen Zäit. Hie wéllt jo elo zum Schluss kommen.

#### (Hilarité et interruptions diverses)

**Mme Anne Brasseur (DP).**- Loosst mech énnerbriechen, wann ech gelift!

**Une voix.**- Mä wann en elo ophält, énnerbriechen mer en net!

**Mme Anne Brasseur (DP).**- Op kee Fall! Hoffentlech hält e geschwenn op!

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- Jo, dat gleewen ech!

**Une voix.**- Als éischten Oprétt vun engem Vize-Premier ass dat do liicht lamentabel.

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.- A wéini ech zum Schluss kommen, Här President, dat décidéieren ech nach émmer.

**Hilarité**

An der Aussepolitik, Här President, huet den Här Grethen vu fénnef Ministré geschwat; wat falsch ass, Här Grethen, Dir hutt lech verzilt. An der jézeger Regierung gétt et 14 Ministeren an eng Statssekretarin, déi sech mat Aussepolitik a mat europäesche Fro beschäftegen. An als Ausseminister ass mer keen Zack, Här Grethen, aus der Kroon gefall, dass de Commerce extérieur bei d'Economie kénnt, fir d'Prospectioun, fir d'Diversificatioun virunzebréngen am Intérêt vun eiser Wirtschaft a fir domadder och dem Wirtschaftsminister en Instrument ze ginn, fir kenne besser se agéieren am Senn vun der Vollbeschäftigung, fir déi kenne unzepeilen an de Chômage erofzeszen. Gesitt Der, dat ass e wéineg de klengen Énnerscheid téscht dä Astellung, déi Dir hutt an enger Regierung, an eiser.

Iwwert den öffentlechen Transport just nach zwee Sätz. Wann an désem Domän, Här Grethen, Här President, d'Demokratesch Partei net hir éischt Aufgab am Studéieren, am Notéieren, am Réexaminiéieren an am Recaléiere gesinn hätt, dann hätt se keng fénnef Sétz verluer. Des Koalitioun waert heiranner décidéieren a réaliséieren an d'DP wäert notéieren. Ech soen lech, a Saachen Train-Tram kénnt déi éischt Phas zur Verwierklechung an da kénnt Der dorriwwer Gedichter an Aufsätz schreiwen, wéi dat méiglech ass.

#### (Interruption)

Et ass och keng Schan, Här President, dass a Saache Kompetitivitéit vun der Eisebunn, speziell wat d'Liberaliséierung vum Fret ugeet, gekuckt gëtt, am Kader vun enger grousser Eisebunnstripartite, dése Problem unzegoen, d'Problemer och ze analyséieren an déi richteg Léisungen ze fannen.

#### (Interruption)

Op jidde Fall, Här President, ass dat besser a vill méi effikass, wéi dee Sträit, deen elo während Jore bestanen huet téscht dem Ministère an der Direktioun vun der Eisebunn an dem Ministère an de Gewerkschaften.

**Une voix.** - Do war ni Sträit!

**M. Jean Asselborn,** Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration. - Bei de Krankeesken, Här President, wéll ech soen, dass mer en Defizit am Joer 2004 notéieren - Dir hutt dat Wuert jo esou gären -, deen trotz dem Wahlprogramm vun der DP véiermol esou grouss ass wéi dee vun 1999. Dës Regierung kritt deen Defizit an de Gréff, ...

#### (Interruption et hilarité)

...un der Wuerzel an net un der Iwwerfläch, wéi Dir et gemaach hutt, Här Wagner.

Den Här Goerens huet bei Kyoto - dat soen ech hei ganz éierlech - eng zolidd Viraarbecht geleesch. Dat hu mer, Här President, vun der Fraktioun notéiert. Den Här Grethen stellt awer hei an der Debatt ganz dubios Froen, notamment déi, ob dés Regierung den Tanktourismus wéllt ofschafen. Bei Kyoto geet et, wéi mer alleguerte wëssen, net ém méi an och net ém manner, wéi d'Erhale vun enger Émwelt, déi d'Liewen um Globus an désem ganze Jorhonner soll garantéieren. Net méi, net manner. Dee ganze Problem elo op déi kuerziichteg Tanktourismusrecetté setzen ass falsch. Och mir hei zu Léizebuerg hunn an deem ganze Komplex émzeddenken, anstatt hei bëlle Populismus ze maachen.

Här President, ech kommen zum Schluss. D'Demokratesch Partei huet bei désem Start vun enger neier Regierung décidéiert - dat huet se de Mueren hei zouginn -, dass parteipolitesch, strategesch, taktesch hir Zukunft an der Vergaangenheit läit. D'DP huet sech hei duergestalt als Retropartei, als Partei, déi just Vergaangenheitsbewältigung mécht. D'LSAP peilt an déser CSV-LSAP-Koalitioun d'Zukunft un - dat ass dee klengen Ennerscheed, Här Grethen, deen ze notéieren ass.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Ech soen dem Här Vizepremier merci fir seng Ausféierungen. Domat ass d'Generaldebatt vun der Regierungserklärung ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen, déi während der Debatt déposéiert goufen. Ech denken, dass mer net méi brauchen op d'Diskusioun vun deene Motiounen zréckzukommen, well déi eenzel Gruppen hunn am Kader vun hire Stellungnahme schonn heirobber reagiert; à moins datt een d'Wuert freet, da soll e sech melden.

Fir d'éischt d'Motioun 1 vum Här Michel Wolter, duerch déi d'Chamber der Regierung hiert Vertrauen aussprieche soll.

#### Motion 1

Wa kee méi dozou d'Wuert freet, fénnef mer mam Vote un.

#### Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 1 vum Här Michel Wolter ass mat 38 Jo- an 22 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Patrick Santer), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).*

*Ont voté non: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Da stëmme mer of iwwert d'Motioun 2 vum Här Henri Grethen iwwert d'eupræesch Verfassung.

**M. Henri Grethen (DP).** - Här President, wann ech gelift.

**M. le Président.** - Jo, Här Grethen.

**M. Henri Grethen (DP).** - Den Här Statsminister huet do eng Propositioun gemaach fir de Wording ze ännernen, fir dass e seng Zoustëmmung kénnt ginn. Dofir géif ech de Statsminister da bieben eis ze soen, wat fir ee Wording him da genehm ass.

**Une voix.** - Dat ass awer ganz fein.

**M. Jean-Claude Juncker,** Premier Ministre, Ministre d'État. - Här President, et géif mer am Dram net afalen ee Wording ze proposéieren, deen némme mir genehm wier. Ech hätt gären een, deen och dem Här Grethen genehm wier als Auteur vun der Motioun. An opgrond vun deem Wéssensstand, dee mer haut hunn, wou mer net genau gesinn, wéini dass eis Nopeschlännere an déi aner Länner an der Unioun dee Referendum maachen, an opgrond vun Interventiounen, déi mer och am Conseil européen gemaach hunn, fir ze kucken ob mer dat net an enger gewëssener Zäit kénnten zesummebréngen, a well mer souwisou als Regierung der Meenung sinn, dass d'Chamber och muss mat iwwert den Datum befannen, dass dat net eleng eng Regierungsaach ass, géif ech proposéieren ze soen: „invite le Gouvernement à fixer de commun accord avec la Chambre le délai endéans lequel la Constitution européenne pourra être adoptée par voie de référendum“.

**M. le Président.** - Sidd Der d'accord mat deem, wat de Statsminister proposéiert huet?

**M. Henri Grethen (DP).** - A Betruacht zéien!

**M. Jean-Claude Juncker,** Premier Ministre, Ministre d'État. - Merci.

#### Motion 2 modifiée

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la signature du Traité instituant une Constitution pour l'Europe le 29 octobre 2004 à Rome;*

*- soutenant la décision du Gouvernement d'organiser un référendum, permettant aux citoyens de se prononcer sur cette question de fond pour l'avenir des pays membres et de l'Europe;*

*- estimant que le Luxembourg, alors qu'il assurera la présidence du Conseil de l'Union Européenne durant la première moitié de l'année 2005 et en sa qualité de pays fondateur de l'Union européenne, doit impérativement figurer parmi le peloton de tête des pays membres ratifiant la Constitution européenne;*

*- consciente de ce que d'autres pays membres ont déjà annoncé vouloir ratifier le texte constitutionnel avant la fin de l'année 2004; invite le Gouvernement*

*- à se doter des moyens nécessaires pour organiser ensemble avec tous les partis politiques et forces vives de la nation un large débat politique sur la Constitution européenne;*

*- à fixer de commun accord avec la Chambre le délai endéans lequel la Constitution européenne pourra être adoptée par voie de référendum.*

*(s.) Henri Grethen, Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Colette Flesch, Carlo Wagner.*

**M. le Président.** - Da bréngé mer deen zur Ofstëmmung...

**Plusieurs voix.** - Par main levée.

**M. le Président.** -...par main levée.

#### Vote par main levée

Wien dofir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewan.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domat ass d'Motion 2 modifiée dann no där modifizéierter Fassung ugeholl.

Här Statsminister.

**M. Jean-Claude Juncker,** Premier Ministre, Ministre d'État. - Zu där Motioun géif ech just gäre soen, well mer se elo gemeinsam ugeholl hunn, dass mer eis wierlech müssen eeschhaft bewosst sinn, dass mer eng grouss Aufgab hunn, Parlament a Regierung ze summen, mä awer och d'Parlament selwer, déi Debatt gréndlech virzebereeden an esou vill Leit mat an d'Chamber anzeschléissé wéi et némme geet. Organisatiounen, och Net-Regierungsorganisatiounen, Sozialpartner, och net némme Sozialpartner, d'Leit am Land, an dofir wier ech ganz vrou, ech weess och dass dat notamment dem sozialistesche Fraktiounsresident ganz um Häerz läit, dass ee relativ fréi am September, ob d'Aarbechte vum Parlament schonn ugefaangen hunn oder net, sech an Ärem Haus géif Gedanken dorriwwer machen, wéi een esou eng Debatt gutt strukturéiert ka féieren. Keng Propagandadebatt fir Europa, mä en eescht Gespréich mat de Léizebuerguer iwwer Europa.

**M. le Président.** - D'Chamber wärt deem Wonsch vum Statsminister an der Regierung nokommen an esou séier wéi méiglech...

**M. Henri Grethen (DP).** - A Betruacht zéien!

#### (Hilarité)

**M. le Président.** - Da kíeme mer zur Motioun 3 vum Här Henri Grethen iwwert d'Publikatioun vun de Procès-verbalen aus de Koaliatiounenverhandlungen.

#### Motion 3

Kénne mer do par main levée ofstëmmen?

#### (Négation)

De Vote électronique ass verlangt, da maache mer deen.

#### Vote

Déi fir d'Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 38 Nee- géint 22 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali KAES, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Patrick Santer), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).*

Da komme mer zur Motioun 4 vum Här Henri Grethen iwwert d'Finanzéierung vun der Mamerent. Ech hat gemengt erauszehéieren, datt d'Regierung der Meenung wär, et wär vläicht e bësse verfreit fir déi dote Motioun ofzestëmmen. Wat ass d'Haltung vum Auteur vun där Motioun dozou?

**M. Henri Grethen (DP).** - Här President, ech muss insistéieren, dass dés Motioun zur Ofstëmmung kénnt, esou gären och wéi ech dem Statsminister e Gefale géif maachen, mä hei ass et mer wierlech, wéi soll ech soen, en Uleies, dass mer esou séier wéi méiglech wësse wéi eenzel Kolleegen heibannen dorriwwer denken, an dofir gesusse mer heiriwwer ofstëmmen.

**M. Jean-Claude Juncker,** Premier Ministre, Ministre d'État. - Ech weess aus Erfahrung, Här Grethen - mir hunn eenzel esou Erfahrung jo gemeinsam gemaach -, dass d'Denke par essence evolutiv ass an alle Quartéiere vun der Léizebuerguer Gesellschaft, awer notammt op däri Fro just heiansdo e bëssen duercheneen ass. Also d'Regierung géif gäre mat de Sozialpartner a mat aneren dorriwwer schwätzen. Dofir welle mer eis elo net vum Här Grethen déi Affär hei einfach esou an d'Dreckskësch geheie loessen.

**M. le Président.** - Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt am Numm vun onser Fraktioun hei ganz kloer soen, dass mir déi Motioun do net akzeptéieren. Ech mengen am Kader vum Regierungsprogramm, dee vun engem Kongress vun der LSAP ugeholl ginn ass, ass dat hei net zréckbehale ginn an dofir welle mer ech hei ganz kloer soen, dass d'LSAP-Fraktioun géint dës Motioun wäert stëmmen.

#### (Interruption)

**M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, ech wollt am Numm vu menger Fraktioun soen, dass mir mat den Ausféierunge vum Premierminister ganz zefridde sinn. Mir sinn der Meenung, dass ee mat de Sozialpartner nach eng Kéier soll diskutéieren an dass mer dann am Hierscht iwwert den Detail an och iwwert den Inhalt vun deene ganze Propositiounen hei an der Chamber wäerten diskutéieren.

#### (Interruptions diverses)

**M. le Président.** - Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum Ofschloss vun der Debatt. Ech stelle just fest, dass

d'Motioun 4 vum Här Grethen vu ville Säiten hei ganz umworben ass.

**Motion 4**

Mat den Häre Bausch a Gibéryen dréit déi Motioun elo fénnef Énner-schréften. Mir kommen elo zum Vote vun déser Motioun.

**Vote**

Déi fir déi Motioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si ent-hale sech.

D'Motioun 4 ass mat 37 Nee- géint 23 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

**(Interruptions diverses)**

Da musse mer dat vérifiéiere wa mer d'Léscht hei eroftkréien. Den Här Schneider notéiere mer mat „non“ an den Här Haupert och. Mir vérifiéiere dat an da gëtt d'Léscht vun de Voten ausgedeelt.

*Ont voté oui:* M. John Castegnaro;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

*Ont voté non:* Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullén, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François

Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santen, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par M. Patrick Santen), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot).

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer nach zur Motioun 5 vum Här Gibéryen. Déi ass zréck-

gezu ginn an domat si mer um Enn ukomm vun de Voten. D'Motioun sinn allegueren ofgestëmmt a mir sinn domat dann och um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Ech soen lech merci fir Äert ganz disziplinéiert Verhalen de ganzen Dag iwwer an ech wénschen lech allegueren zesummen eng schéi Vakanz, och dår neier Regierung eng schéi Vakanz. Mir gesinn eis hei erém den zweeten Dënschdeg am Oktober, esou wéi eis Verfas-sung dat virgesäit.

Ech géif lech allegueren invitée-ren op e Patt, dee mer gemeinsam do énnen um Rez-de-chaussée vun der Chamber drénken.

Domat ass d'Sitzung opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.22 heures)**

## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

## Sommaire des séances publiques

Ouverture de la 1 <sup>re</sup> session extraordinaire 2004	page 1
Hommage à la mémoire de M. le Député Marc Zanussi	page 1
Hommage à la mémoire de M. Paul Beghin, ancien Député	page 1
Vérification des pouvoirs	pages 1-2
Procédure d'assermentation	pages 2-3
Allocution de M. Jean Asselborn, Doyen	page 3
Élection du Bureau et renouvellement de la nomination du Secrétaire général	page 3
Validation des élections européennes	pages 3-4
Clôture de la 1 <sup>re</sup> session extraordinaire 2004 et ouverture de la 2 <sup>e</sup> session extraordinaire 2004	page 4
Prestation de serment de cinq élus	page 4
Vérification des pouvoirs et prestation de serment des suppléants	pages 4-5
Élection du Bureau	page 5
Allocution du Président élu	pages 5-6
Constitution des groupes politiques	page 6
Institution de la Conférence des Présidents	page 6
Constitution des Commissions parlementaires réglementaires et permanentes	page 6
Renouvellement de la nomination du Secrétaire général	page 6
Assemblées parlementaires internationales	pages 6-7
Déclaration de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, concernant le programme gouvernemental	pages 7-9
Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre	page 9
Accord de coalition	pages 10-25
5368 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés	page 25
Communications	pages 25-26
Débat sur la déclaration gouvernementale	pages 26-44
Communication	page 33



d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

**www.chd.lu**

mat de Rubriken

Composition

& Organisation

Séances publiques  
& Commissions

Hôtel de la Chambre

Portail documentaire

Web TV live